Le projet de lois sous rubrique a pour objet de mettre en application le Règlement (UE) n°650/2012 du Parlement européen et du Conseil relatif à la compétence, la loi applicable, la reconnaissance et l'exécution des décisions, et l'acceptation et l'exécution des actes authentiques en matière de successions et à la création d'un certificat successoral européen. Le projet de loi modifie encore la loi modifiée du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers et le Nouveau Code de procédure civile.

Le règlement n°650/2012 a été adopté le 4 juillet 2012 et a pour objectif de simplifier et d'accélérer le règlement des successions transfrontalières européennes et d'en réduire, si possible, les coûts. Un grand nombre de personnes est aujourd'hui confronté à des difficultés pour faire valoir leurs droits dans le contexte d'une succession ayant des incidences transfrontalières.

Afin de supprimer ces entraves à la libre circulation des personnes, ledit règlement contient des dispositions sur la compétence, la loi applicable, la reconnaissance, la force exécutoire et l'exécution des décisions, des actes authentiques et des transactions judiciaires ainsi que sur la création d'un certificat successoral européen qui vise à faciliter à un héritier ou à un légataire de prouver sa qualité d'héritier ou de légataire au sein de l'Union européenne.

Alors que le règlement (UE) n°650/2012 est d'application directe pour les successions qui

s'ouvrent à partir du 17 août 2015 et n'impliquent donc pas de transposition en droit national, l'article 31 dudit règlement relatif à l'adaptation des droits réels étrangers au droit réel national équivalent le plus proche nécessite une mesure de transposition nationale qui consiste à désigner l'autorité compétente et à déterminer les conditions dans lesquelles cette autorité intervient. Le projet de loi sous rubrique vise à désigner le notaire comme autorité compétente luxembourgeoise.

Ledit article stipule que «lorsqu'une personne fait valoir un droit réel auquel elle peut prétendre en vertu de la loi applicable à la succession et que la loi de l'État membre dans lequel le droit est invoqué ne connaît pas le droit réel en question, ce droit est, si nécessaire et dans la mesure du possible, adapté au droit réel équivalent le plus proche en vertu de la loi de cet État en tenant compte des objectifs et des intérêts poursuivis par le droit réel en question et des effets qui y sont liés».

Les dispositions dudit règlement s'inscrivent dans le cadre de la coopération judiciaire dans les matières civiles ayant une incidence transfrontalière de l'Union européenne, conformément à l'objectif de l'Union européenne de maintenir et de développer un espace de liberté, de sécurité et de justice, à l'article 81, paragraphe 2, point c), du traité sur le fonctionnement de l'Union européenne et à la décision du Conseil européen, réuni à Tampere, d'approuver le principe de reconnaissance mutuelle des jugements et des autres décisions émanant des autorités judiciaires en tant que pierre angulaire de la coopération judiciaire en matière civile.

Le règlement n°650/2012 s'applique à tous les aspects de droit civil d'une succession à cause de mort. Les questions fiscales et les questions administratives relevant du droit public sont exclues du champ d'application dudit règlement.

Conformément aux articles 1^{er} et 2 du protocole n°21 et aux articles 1^{er} et 2 du protocole n°22 annexés au traité sur l'Union européenne et au traité sur le fonctionnement de l'Union européenne, le Royaume-Uni, l'Irlande et le Danemark ne sont pas liés par le règlement n°650/2012 ni soumis à son application.

Dépôt par M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 03.12.2014
Rapporteur: M. Guy Arendt

Travaux de la Commission juridique

(Présidente: Mme Viviane Loschetter):

22.04.2015 Désignation d'un rapporteur


Présentation et examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

13.05.2015 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 20.05.2015

Loi du 14 juin 2015

Mémorial A: 2015, n°128, page 2



Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser
 - M. Fernand Kartheiser
- 6564 - Projet de loi modifiant la loi du 25 novembre 1982 réglant le prélèvement de substances d'origine humaine
 - Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: Mme Cécile Hemmen
 - Discussion générale: Mme Martine Mergen, M. Alexander Krieps, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser
 - Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6578 - Projet de loi portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant
 - le Code de la sécurité sociale;
 - la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical;
 - la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles, b) de la prestation temporaire de service
 - Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel
 - Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval (dépôt d'une motion), M. Georges Engel (M. Serge Urbany intervient), M. Edy Mertens (Mme Sylvie Andrich-Duval pose une question), Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany
 - Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Fernand Kartheiser, M. Georges Engel, Mme Josée Lorsché, M. Eugène Berger, M. Serge Urbany
 - Vote sur la motion 1 (rejetée)
- 6726 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République des Philippines, d'autre part, signé à Phnom Penh (Cambodge) le 11 juillet 2012

6727 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République socialiste du Viêt Nam, d'autre part, signé à Bruxelles le 27 juin 2012

6728 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Mongolie, d'autre part, signé à Oulan-Bator (Mongolie) le 30 avril 2013

6729 - Projet de loi portant approbation de l'accord de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de l'Iraq, d'autre part, signé à Bruxelles le 11 mai 2012

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur les projets de loi n°6726, n°6727 et n°6728: M. Marc Angel

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur le projet de loi n°6729: M. Gusty Graas

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner, M. Gusty Graas, M. Marc Angel

- Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé, Ministre de l'Égalité des chances

- Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel

- 6752 - Projet de loi relatif à la mise en application du Règlement (UE) n°650/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 relatif à la compétence, la loi applicable, la reconnaissance et l'exécution des décisions, et l'acceptation et l'exécution des actes authentiques en matière de successions et à la création d'un certificat successoral européen et modifiant

a) la loi modifiée du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers et

b) le Nouveau Code de procédure civil

- Rapport de la Commission juridique: M. Guy Arendt

- Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Claude Haagen, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding

- Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Félix Braz et Mme Lydia Mutsch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech maachen d'Sézung op.

Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Här Justizminister. Dat ass also net de Fall.

Ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Kartheiser.

2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, ech wollt lech bieden, mer d'Wuert ze ginn, fir den Dépot vun enger Proposition de loi ze maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi ech elo heimadder wëll ennerbreeden, betrëfft déi Lëtzebuurger Nationalitéit. Am Joer 2003 ass déi Méiglechkeet ageféiert ginn, deemools vum Här Minister Goerens duerch e Règlement grand-ducal, fir datt auslännesch EU-Bierger kënnen e Militärdéngscht an der Lëtzebuurger Arméi maachen. Et wor awer net virgesinn, datt doduerch d'Konditiounen fir d'Accessioun un d'Lëtzebuurger Nationalitéit erlichtert gi wären.

Mir als ADR considérieren, datt déi Leit, an et sinn der ongeféier 300, déi e Militärdéngscht an der Lëtzebuurger Arméi gemaach hunn, oni déi Lëtzebuurger Nationalitéit ze hunn, awer et géife verdéngen, fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit méi liicht ze kréien. Mir proposéiere mat deser Proposition de loi, datt en EU-

Bierger, deen an der Lëtzebuurger Arméi déngt, no engem Joer scho kann d'Lëtzebuurger Nationalitéit froen. Dat géif dann heeschen, well e muss dräi Joer virdrun am Land gelieft hunn, datt dann esou e Bierger no véier Joer kéint d'Lëtzebuurger Nationalitéit kréien, par rapport zu deene siwe Joer, déi aner Leit mussen hei wunnen.

Ech soen lech Merci.

6822 - Proposition de loi modifiant la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise afin de faciliter l'accès à la nationalité aux soldats volontaires de l'Armée

Wann ech gelift, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Kartheiser.

Da géife mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut iwwergoen. Et handelt sech ëm de Projet de loi 6564 an e betrëfft d'Entnahm vu mënschleche Substanzen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

D'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madame Cécile Hemmen.

3. 6564 - Projet de loi modifiant la loi du 25 novembre 1982 réglant le prélèvement de substances d'origine humaine

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6564 gouf de 16. Abrëll 2013 vum deemolege Gesondheitsminister déposiert an ännert d'Gesetz vum 25. November 1982 iwwert de sougenannten „prélèvement de substances d'origine humaine“ ëm. Am Dezember 2014 sinn d'Aarbechte vun der jëtzege Kommissioun opgeholl ginn an ech gouf zur Rapportrice ernannt.

Dëse Projet de loi verfollegt eigentlech en dubelt Zil: Zum enge sollen eng Rei vu Bestëmmungen aus der Oviedo-Konventioun ëmgeseit ginn, ebe just wat de Prélèvement de substances d'origine humaine ugeet, an zum anere sollen awer och zwou europäesch Direktiven ëmgeseit ginn, eng iwwert d'Qualitéit an d'Sécherheetsnorme fir mënschlech Organer, déi fir

d'Transplantatioun geduecht sinn, an déi aner, d'Directive d'exécution iwwert d'Informationsprozedur fir den Austausch tëschent de Memberstaaten a Bezuch op mënschlech Organer, déi fir d'Transplantatioun bestëmmt sinn.

E puer Wuert zu der Oviedo-Konventioun an hire Protokoller: Déi setzt en internationalen an och ganz strenge Kader, fir d'Mënsche géint de Mëssbrauch vu biologeschen a medezineschen Techniken ze schützen. De Projet de loi 5528 iwwert d'Oviedo-Konventioun gouf schonns am Joer 2006 déposiert an de Statsrot, deen hat deemools derfir plädéiert, fir an enger éischer Phas just nëmmen d'Gesetz iwwert de Prélèvement de substances d'origine humaine ofzënnere, fir et esou konform zu der Oviedo-Konventioun ze maachen; an dann eréischt an enger zweeter Phas d'Oviedo-Konventioun zesumme mat engem Gesetz iwwer Genetik, Biomedezin an d'Procréation médicalement assistée.

(Coups de cloche de la présidence)

D'Regierung hat sech awer zu deem Ament derfir ausgeschwat, fir dat awer net ze maachen, mä fir awer esou séier wéi méiglech d'Oviedo-Konventioun ze ratifizéieren. D'Aarbechten dofir haten am Mäerz 2009 ugefaangen, sinn dunn awer erëm eng Keier ënnerbrach ginn, an an der Tëschenzäit ass déi europäesch Direktiv vun 2010 grad ewéi d'Directive d'exécution vun 2012 publizéiert ginn, déi et dann elo géllt ëmzesetzen.

Hei just e puer vun deene villen Dispositiounen aus der Oviedo-Konventioun, déi dann elo an deemem Projet de loi ofgedeckt ginn.

An éischer Linn geet et drëms, fir souwuel de Spender wéi och de Receveur vun enger Organspende ze schützen, well et dréit sech hei net nëmmen ëm de Prélèvement vun Organer bei Verstuerwenen, mä awer och bei liewege Spender. Grad an deem Cas de figure ass et extrem wichteg, fir ganz kloer an och streng Regele festzeleeën, enner wéi enge Konditiounen dat kann an daerf geschéien.

Et gétt festgehale, dass och kee Mannerjährege méi en Organ spende kann. Definéiert gétt och, wou a wien e Prélèvement ka virhuelen, wéi dee Service muss equipéiert sinn, wéi eng Sécherheetsvirschreft mussen erfëllt sinn. Am Kader vun de genannten Direktive ginn dann och Regele festgehale fir d'Charakterisa-

tioun an och d'Traçabilitéit vun den Organer, grad ewéi fir d'Informatiounen, am Fall wou et Tëscheffäll oder awer ongewollte Reaktiounen géife gi bei oder awer no enger Transplantatioun.

Et gétt och en nationale Service geschafe fir d'Koordinatioun vun de Prélèvementter, der Charakterisatioun, dem Transport an der Transplantatioun vun den Organer. Un deem Service ass et och, fir sech ëm e gerechten Zougang vun de Patienten zu de Servicer an d'Attributioun vun den Organer no transparente Regelen ze këmmere, grad ewéi fir d'Traçabilitéit an den Informatiounsaustausch ze garantéieren.

De Conseil d'État huet enner anerem bemierkt, dass soll en effikasse Kader geschafe ginn, fir d'Qualitéit an och d'Sécherheet vum Don bis bei d'Transplantatioun ze garantéieren, dee souwuel d'Gesondheetspersonal, d'Organisatioun, d'Lokaler, d'Equipement, d'Material, d'Dokumenter an och d'Späichere vun den Donnéeën soll mat abegraifen.

Des Weideren ass och proposéiert ginn, dass den neie Service de coordination sech sollt ëm d'Tissuen an d'Cellules këmmere. D'Chamberskommissioun ass awer dunn net mat op dee Wee gaangen, well zum engen d'Tissuen an d'Cellullen iwwer eng aner Direktiv geregelt ginn, déi duerch d'Gesetz vum 1. August 2007 ëmgeseit gouf. An zum anere si beim Don vun Organer ganz aner Oploen, déi sech imposéieren, wéi bei den Tissuen an de Cellullen, eleng schonns, well mer keng illimitéiert Zuel vun Organer hunn an dat domadder och e ganz aneren Agrëff bedeit.

Den Don an och d'Transplantatioun vun Organer muss dofir onbedéngt volontaire an och altruistescht sinn. D'Koordinatioun an d'Ausféierung dierfer doduerch nëmmen engem effentleche Service ennerleien, an net enger privater Entreprise.

De Statsrot huet awer och eng Opposition formelle ausgeschwat, wou et ëm den Artikel 11 Paragraf 5 vun der Constitutioun gong an d'Obligatioun, fir am Gesetz e legale Kader ofzestieche fir dat, wat da per Règlement grand-ducal am Detail geregelt gétt. D'Chamberskommissioun huet dat selbstverständlech berücksichtig.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamberskommissioun huet sech laang mat

deem flotten Thema vun der Organspend befaasst. Wann ech soen „flott“, dann ass dat en Thema, wat eigentlech eis allegueren eppes ugeet. An den Austausch, dee mer an der Kommissioun haten, war wierklech op ganz héijem Niveau an et ass och ganz respektvoll mat deem Thema émgänge ginn.

Zu Lëtzebuerg ass et jo esou an der Theorie, dass jiddwereen, dee sech net explizitt dergéint ausgeschwat huet, eigentlech no sengem Doud potenziellen Organspender ass. An der Praxis ass dat awer allerdéngs an de meeschte Fäll net esou einfach: Do gétt kee Prélèvement gemaach ouni eng gréisser Enquête, fir och sécherzestellen, dass dee Betreffene sech net an néierens ausgeschwat huet do dergéint. Reng juristesches gesinn ass dat wuel net erfuorderlech, mä et gétt awer eng gréisser Sécherheet an och eng Legitimitatioun.

Meeschtens ass et och esou, dass d'Famill net ëmmer ganz positiv agestallt ass, well den Doud oder awer den imminente Doud vun engem Mënsch, deen engem nostoung, natierlech en delikaten an emotiounsgeluedene Moment ass.

Fakt ass, dass mer net genuch Organspender hunn. An et fält op, dass all Kéiers, wann nees eng Sensibiliséierungscampagne lancéiert gétt, d'Bereitschaft, fir Organspender ze ginn, signifikativ an d'Luucht geet. An no all Skandal am noen oder am wäiten Ausland hält se dann nees drastesch of. Do dertëscht mécht sech dann och erëm éischer en Desinteressi breet, deen der ganzer Saach natierlech och net weiderhëlft.

Op alle Fall wier et ganz positiv, wann d'Leit sech explizitt kéinten derfir ausschwatzen, fir wëllen Organspender ze ginn, an dat dann och iergendwou repertoriéiert wier fir de Fall, wou et néideg wier. An deem Kontext ass de geplangten Dossier de soins partagé e ganz interessanten Outil. An deem elektronischen Dossier kann de Patient dat festhalen, soudass et am Noutfall fir d'Gesondheetspersonal zougänglich wier. An dat géif et der Famill méi einfach maachen, den zoustännege Servicer natierlech och, an och de Leit, déi dréngend op eng Organspend ugewise sinn.

Bleif nach ze soen, dass zu Lëtzebuerg déi konventionéiert Associatioun Luxembourg-Transplant, déi iwwregens och Member ass vun der Organisatioun Eurotransplant, sech ëm d'Organisatioun vun den Organspenden an den Transplantatiounen këmmere wäert, wougéint d'Associatioun Protransplant sech ganz aktiv fir den Don d'organe asetzt a fir déi domat verbonne Sensibilisatiounsaarbecht um Terrain.

Här President, ech erlabe mer hei eng kleng perséinlech Remarque zu deene Leit, déi do um Terrain schaffen: Déi maachen eng extrem gutt Aarbecht an ech wollt mäin déiwe Respekt all deene Bénévollén ausdrécken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, dese Projet de loi 6564, deen de Prélèvement vun de Substances d'origine humaine regelt, war d'Geleehheit fir d'Kommissioun an awer och fir mech als Rapportrice, fir eemol méi drun ze erënneren an ze betounen, wéi wichteg dass den Don d'organe ass, an och en Appell ze maachen un d'Bereitschaft vun enger breeder Populatioun, fir Spender ze ginn. D'Organspend ka Liewe retten. A mir all, een oder deen anere vun eis kann eventuell an de Fall kommen, wou en drop ugewise ass a wou säi Liewen dovunner ofhänkt.

An deem Sënn kënnen mer all Initiativ an all Campagne nëmmen ënnerstëtzen, déi do-robber ofziilt an d'Situatioun an deem Sënn hëlleft ze verbesseren.

Här President, ech ginn heimadder dann och d'Approbatoun vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet an ech soe villmoos Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Rapportrice. An éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Martine Mergen.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Madame Rapportrice an hirem ausféierleche schréfftlechen a mëndleche Rapport erkläert huet, setzt dëst Gesetz zwou europäesch Direktiven iwwert d'Sécherheet an d'Traçabilitéit bei der Transplantatioun vu mënschlechen Organer ëm. Mat deem Gesetz gétt awer och erëm en Deel vun der Oviedo-Konventioun mat hiren additionnelle Protokoller an nationaal Recht émgasat - mir maachen dat mat der Salamitechnik -, déi Konventioun, déi säit 2006 an onsen Tiräng läit an där hire wichtigste Deel, nämlech iwwert déi spezifesch Dispositiounen bei der Recherche biomédicale, iwwert den Émgang mam mënschleche Genom an

iwwert d'medezinesch assistéiert Fortplanzung weiderhin um Leesch bleift. Mä dat ass haut net onse Sujet.

Ech wëll gläich zu Ufank virewechhuelen, dass d'CSV-Fraktioun dëst Gesetz matdréit, grad esou wéi se d'Positioun vun der Regierung ënnerstëtzt, dass mer an deem Gesetz d'Veerarbechtung vu mënschlechem Gewebe an Zellen net mat eranhuelen. Dëse Volet ass schon am Gesetz vum August 2007 behandelt. Et gétt och hei e wesentlechen Ennerscheed - d'Madame Mergen huet et scho gesot - zu der Organtransplantatioun: Bei Tissu- an Zellbehandlung kënnen och kommerziell Gesellschaften implizéiert sinn. Dat ass bei der Organtransplantatioun ausgeschloss an där kloor ausgeschloss bliwen.

Mir kennen all Horrorgeschichten aus anere Länner, wou et méiglech ass, dass Aarmer hir Organer kënnen verkafen oder dass et souguer forcéiert Prélèvement gëtt. Un der Spëtzt vun dese Länner steet ganz sécher China, wou all Joer eng honnerttausend Organer transplantiert ginn, bei enger ganz klenger Léschvun offizielle Spender. De chineesche Gesondheitsministère seet, des Organer kéime vun zum Doud veruerteelte Kriminellen, mä et gétt och aner Meenungen dozou. Den nobelpräisnominéierten David Matas huet dëst Phänomen während Jore studéiert an huet seng Zweifel. An Dir kennt och allegueren d'Uschëllegung vun de Falun Gong iwwer forcéiert Prélèvement bei hire Leit.

Mat deem Gesetz stelle mer ons also weider op d'Säit vun den europäesche Länner, déi esou Praktiken grondsätzlech veruerteelen.

Wéi steet et awer an der Praxis bei ons mat der Organtransplantatioun? Mir mengen: guer net gutt! A mir hunn dat och an de leschte Jore e puermol op deser Tribün zum Ausdrock bruecht. Mir stelle fest, d'Situatioun huet sech an deene leschte Jore net verbessert, mä verschlechtert. Wa Lëtzebuerg esou weiderfiert wéi bis elo, an do wäert d'Gesetz selwer wéineg drun änneren, da si mer deemnächst erf vum europäesche Radar vun der Transplantatioun, an déi verzweifelt Krank, déi op en Organ waarden, wäerten net méi vun onsen Nopeschlänner berücksichtegt ginn.

D'Zuel vun de Prélèvementen op Lëtzebuerg Patient huet d'Tendenz no ënnen. Dat huet sécher näischt mat der juristescher Situatioun hei bei ons ze dinn, mir hu jo nämlech e Gesetz, dat et erlaabt, Organer ze prélevéieren, wa sech den Donneur zu Liefzäiten net dergéint ausgeschwat huet. Dat gétt awer an der Praxis net esou gehandhabt an et gétt ëmmer Rücksicht geholl op den Entourage an op d'Familljen.

Mir soen net, dass dat falsch ass. Mir mengen awer, dass erëm vill ze laang Zäit vergaangen ass, fir eng Campagne ze maachen, fir d'Leit opzeruffen, eng Spenderkaart bei sech ze droen. Dat ass dee Moyer, dee mer nämlech elo schon hunn. D'Erfahrung weist, dass ëmmer erëm no esou enger Campagne d'Zuel vun de Spender an d'Luucht gaangen ass.

Mir mengen awer och, dass eng méi staark positiv Ausso zur Transplantatioun muss hier, mat där sech ons Populatioun zu Liefzäite fir e Prélèvement vun hiren Organer kann ausschwatzen. Mir deelen op d'mannst momentan net den Optimismus, deen an der Kommissioun verbreet gouf, dass dat an noer Zukunft wäert iwwert den Dossier de soins partagé kënnen geleist ginn.

Dat ass mat der aktueller Gesetzeslag e fromme Wonsch. Momentan huet laut Artikel 60ter a quater vum Code des assurances sociales just de Médecin référent an de Médecin traitant Zougrieff op desen Dossier, wann en dann eemol fäerdeg ass. De Médecin référent befreit och nëmmen eng 30.000 Patienten hei am Land. Et ass also nom Dateschutz kengem ausser deene Genannten erlaabt, Abléck ze huelen an desen Dossier. Dat heescht, am Fall vun enger Urgence oder vun engem Accident kéint déi Equipe, déi dee Patient en charge hält, guer keen Abléck an den Dossier de soins partagé huelen.

Mat de Problemer, déi de Volet vum Médecin référent de Moment kennt - des Problemer sinn am Moment an der Verhandlung -, gesi mir net, ob a wéi den Dossier de soins partagé an deenen nächste Jore e Bäitrag kéint bréngen zur Léisung vum Mangel u potenziellen Donneuren, soudass mer och an Zukunft an onsen Nopeschlänner wäerte schmarotzen.

En anere Problem ass ganz sécher deen, dass mer säit der Pensionéierung vun Dokter Lamy, deen d'Luxtransplant während Jore quasi an enger Persoun duergestallt huet, kee Service hei zu Lëtzebuerg hunn, deen d'materiell a personell Méiglechkeeten hätt, fir d'Prélèvementen ze koordinéieren a virzehuelen. Déi Leit, déi dat de Moment mat hiren Equipe maachen, deene si mer Bewonnerung schëlleg, wéi

d'Madame Mergen och scho sot. Si si méi oder manner fräiwëlleg derbäi, si sinn Dag an Nuecht engagéiert, fir Luxtransplant mat de Moyens du bord um Liewen ze halen.

Zesumme mat deem Gesetz soll dann e Règlement grand-ducal a Kraaft trieden, deen engem Service national de coordination soll en Agrément ginn. Mir hunn desen Text zur Kenntnis geholl a mir sinn och d'accord, dass dat e Fortschritt bedeit.

Wat mir brauchen, ass eng Equipe Doktere mat hiren Equippen, déi 24 Stonnen op 24 amstand sinn, Prélèvementen ze maachen iwwerall am Land, soss gi mir kee gläichwäertege Partner méi bei Eurotransplant. Mir hoffen, dass d'Efforte vun deeng Leit, déi de Moment probéieren, esou eng Equipe op d'Been ze setzen, duer wäerte goen, fir Lëtzebuerg erëm op d'Landkaart vun den Transplantatiounen ze setzen. Mir mussen ons bewosst sinn, dass dat net zum Nulltariff ze kréie wäert sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-Fraktioun stëmmt dëst Gesetz mat, bréngt awer kloor zum Ausdrock, dass d'Gesetz selwer d'Situatioun vun der Organtransplantatioun bei ons net wäert wesentlech verbessern. Hei sinn déi verantwortlech Ministère weiderhi gefuerdert, fir Neel mat Käpp ze maachen!

Ech bréngen lech zum Schluss den Accord vun onser Fraktioun. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Mergen, mat der Bitt, déi nächste Kéier e bësse besser op de Chrono opzepasst. Merci! Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alexander Krieps.

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei ass e ganz gutt Gesetz, wat an der Ligné vun deem 1982er Gesetz ass. An ech hu mer geschter Owend Méi ginn, dat erauszedrecken. Dat war deemools eng onheemlech Diskussioun. Do sinn eng Hicheck Leit gefrot ginn, souguer d'Krankekeess, déi deemools wollt d'Fiche financière vun Donneur net iwwerhuelen. Dat muss ee sech och virstellen! Also, mir hunn awer a 35 Joer vill Fortschritter gemaach.

Also d'Coüten, déi den Donneur huet missen exposéieren, sinn deemools..., do war eng grouss Debatt, do huet de Stat et iwwerholl. Ass dat nach ëmmer esou? Ech weess et net.

Mir haten och de 5. Juli 2007 op deser Tribün en Débat iwwert den Don d'organes.

Mä wat interessant ass, dat ass déi Konventioun vun Oviedo - de 4. Abrëll '97, dat ass also net virgeschter gewiescht -, an do huet Lëtzebuerg vun all deenen Artikelen quasi näischt global ratifizéiert, mir hunn et „sacrissonnéiert“ abruecht a verschidde Gesetzestexten. Do wär et och eng Kéier ubruecht, fir eng synthetesch Vue ze kréie vun deene fënnf Sujete vun der Oviedo-Konventioun, déi iwwert d'Mënscherechter, d'Biomedezin gaange sinn déi eng Säit, déi aner Säit iwwert de Clonage d'êtres humains, wou mir ganz séier ënnerschriwwen haten, '98 an 2002. Och iwwert d'Transplantatioun hate mer ënnerschriwwen 2005, dat integréiere mer haut zum Deel. An dann d'Recherche biomédicale, do ware mer och zimlech séier, net am Ennerschriwwen, mä an de geneschen Tester. Do hu mer ënnerschriwwen 2008.

Also, et wär net schlecht, wa mer eng Kéier dat kéinte kréien. Wéi et och net schlecht wär, eng Kéier e Gesamtgesetz ze kréien iwwert d'Biomedezin an d'Bioethik zugläich.

Aner Dénger, wat mer hei op deser Tribün gesot hunn, aner Saachen, dat war 2007: Dir wësst, an de Südlänner, Portugal, Spuenien, Italien, sinn d'Donen am héchsten an Europa. An da freet ee sech, wann een onse soziale Background kuckt, Migrantebgroun, wou mer der jo vill aus deene Länner hunn, haapt-sächlech aus Italien a Portugal: Verléieren déi Leit dann natierlech den Don, wa se op Lëtzebuerg kommen? Huet dat eppes mat sozioekonomeschem Status ze dinn oder net? Dat weess ech net.

Ech ginn awer natierlech beilewen net gäre schlecht verstanen, dass ech heimadder soe wéilt, dass se net nëmmen heihinner schaffe solle kommen, mä hir Organer och nach heilloosen. Dat fuerdere mer jo natierlech net! Mä et ass awer en interessanten Dëngen an et wär eng Studie wäert, fir dat ze kucken.

Déi Carte-donneuren, dat ass en éiwege Problem. Ech hunn nach versicht, de Moien op menger Gemeng unzeruffen, wéi wäit se wäeren, mä do huet um Véierel vir zwielef kee méi den Telefon opgehuewen.

(Hilarité)

Ech soen dat hei, da kréie se dat och mat.

(Hilarité)

Mä ech mengen, et wär net schlecht, et an de Führerschäin ze schreiwen, obschonns, den Don d'organes ass net méi reservéiert op ex-

trem jonk Leit, mä déi Altersgrenze ginn ëmmer méi an d'Luucht gehuewen. Dat heescht, de Permés européien, dee kéint jo 2032, da schreiw mer et dee Moment dodran. Dat dauert jo och nach eng Hicheckt Jore.

Dat gesot, wéll ech hei natierlech den Accord bréngen vu menger Fraktioun zu deem Gesetz. An ech hoffen, et sinn et puer Passagen, Artikelen nach an deem Gesetz, wou een am Fong den zukünftigen Donneur rode kann, dass se dat an hirt Testament de vie schreiwen, dass se Donneur sinn. Well ech ka mer guer net virstellen, een, dee mam Kapp an e Bam geet, deen ass dann total irresponsabel oder net méi zourechnungsfäeg, wéi dee säin Accord nach kéint ginn. An déi Artikele 15, 16 an deem Gesetz hei maachen dat dann dee Moment onméiglech, och wann d'Famill seet: E wollt Donneur sinn. Mä dat sinn esou elastesch Saachen.

Mir wësse jo, an deem leschte Gesetz vun '82 war jiddwereen Donneur, à moins dass en de Géigendeel ausgedréckt huet zu senger Liefzäiten. Déi Regel ass zwar hei zu Lëtzebuerg net duergesat gi gewéinlech - glécklecherweis, dat ass e bëssen autoritär -, mä de Problem ass, dass mer téschent véier an acht Donneuren d'Joer hunn, dass mer jorelaang hu missen op d'Ausland zréckgräifen. Dat ass och e bëssen eng egoistesche Attitud.

Ech wär ganz frou, Madame Minister, wann Der géift d'Propaganda fir den Don d'organes kënnen och starten.

An da ginn ech lech domadder, nodeem dass ech der Rapportrice Merci soe fir hir exzellente mëndlech wéi schréfflech Aarbecht, natierlech den Accord vun onser demokratescher Fraktioun.

Merci villmoos.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Krieps. An nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut geet et, wéi jo scho gesot, dréms, eis national Gesetzgebung iwwert d'Organspend un europäesch Bestëmmungen unzepasst an enzel Punkten aus der Oviedo-Konventioun ëmzesetzen. D'Madame Mergen ass an hirem Rapport drop agaangen, dofir hir e grouss Merci fir hir Aarbecht!

Als ee vu ville Beräicher aus där Konventioun suert d'Organtransplantatioun regelméisseg fir Schlagzeilen, allerdéngs net am positive Sënn, net nëmmen, well vill Leit ouni Erfolleg jorelaang op eng Organspend waarden, mä virun allem och, well den illegalen Handel mat Organer dramatesch Ausmoossen unhëlt. Ech schwätzen net vu Lëtzebuerg, zum Gléck ass eist Land bis elo verschont bliwwe vun esou Skandalen.

Trotz alle legalen a moraleschen Awänn, déi géint desen Handel erhuewe ginn, gétt et nämlech ëmmer méi einfach, weltwäit, sech als gutt gestallte Bierger eng Nier, en Häerz, eng Long, esouguer e Stéck Liewer un internationalen Organmarkt ze kafen, mat China un der Spëtzt. An den Nopeschlänner ginn esouguer Stëmme haart, déi fuerderen, de kommerziellen Handel mat Organer ze erlaben, fir dem Problem vum Mangel an Enn ze setzen.

Well des Haltung all ethesch Prinzipien iwwer Bord gehäit, kënnen mir des Fuerderung kengesfalls ënnerstëtzen. Fir eis gétt et eigentlech nëmmen e Wee, fir méi Liewen ze retten, an zwar deen, méi Leit dozou ze motivéieren, Spender ze ginn. Och wa laut dem Prinzip vum Consentement présumé, iwwert dee jo och scho geschwat ginn ass, jiddweree per Gesetz Donateur ass, ausser, en hätt sech zu Liefzäite schréfflech dergéint ausgeschwat, gesäit d'Realitéit anescht aus. Och dat ass scho gesot ginn.

An der Praxis ass et esou, dass d'Famill vun Verstuerwenen hiren Accord muss ginn, déi en Organ fir Transplantatiounszwecker därer genotzt ginn. An der Moyenne verweigere 45% vun de Familljen deen Accord, wat sech negativ op d'Waardelëschten auswirkt. Mir mengen awer, dass esou Décisiounen solle respektéiert ginn, well et sech, wéi gesot, ëm ganz delikat Momenter vum Liewen handelt. Fir eis ass et virun allem wichtig, senger eegener Famill des schwierere Décisiounen vun Ufank un ze erspueren, an zwar doduerch, dass ee sech ebe just zu Liefzäiten e Spenderpass uelet.

Leider gétt et awer, wéi gesot, net genuch Leit, déi dat maachen. An dat huet seng Ursachen. Eng vun den Ursachen läit ganz kloor am Informatiounsdefizit, deen trotz de Campagnen, déi schonn an der Vergaangenheet stattfont hunn, awer nach ëmmer grouss ass.

Eng aner Ursach gesi mer natierlech och doran, datt nëmmen déi wéinegst Leit sech mam Tabuthema vun hirem eegenen Doud ausereesetze wëllen. Dobäi stellt sech dann och déi fundamental Fro, wéi wäit e Mënsch iwwerhaapt bereet ass, säi Kierper fir Reparationszwecker vun anere Kierperen zur Verfügung ze stellen. Wéi grouss dës Bereitschaft zu Lëtzebuerg ass, geet aus dem Eurobarometer vun 2013 ervir. Déi Noriicht ass positiv, d'Beereitschaft vun de Lëtzebuerg ass grouss. Si ass iwwerduerschnëttlech grouss par rapport zu aneren europäesche Bierger.

Et läit also bei eis weder un der Astellung vun der Bevëlkerung nach un eiser Gesetzgebung, datt mir e groussen Deel vun Potenzial, Liewen ze retten, net notzen. De Problem läit, wéi d'Madame Mergen och gesot huet, eenzeg an eleng bei der praktescher Ausféierung um Terrain.

D'Gemenge spillen eng grouss Roll. Do gesi mir e groussen Nohuel- an Informationsbedarf. Beispillsweis kënnen d'Gemengen oder sollen d'Gemenge esouguer zesumme mat der Carte d'identité e Formulaire aushändegen, op deem de Bierger sech kann als Spender deklaréieren. Ech froe mech, wéi vill Gemengen dat maachen. Och Apdikten an Doktere sinn an deem Kontext gefuerdert.

Nei Perspektive gesi mer och am Dossier de soins partagé, quitte datt dës System nach net flächendeckend funktionéiert an, wéi gesot, och Froe vum Dateschutz wäert opwerfen. Den Testament de vie ass eng aner Spur, déi muss verfolgt ginn.

Ech kommen zum Schluss, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Fir eis ass eppes kloer: Wat d'Transplantationsmedezin méi performant gëtt, wat de Bedarf un Organer an domat och de relative Mangel un Organer wäert wuessen. Emsou méi wichteg a méi grouss gëtt domat och d'Roll vun der Politik a vun der Justiz. Engersäits muss mer gutt Gesetzer hunn, esou wéi haut, déi fir Qualitéit a Sécherheet, mä och fir Dignitéit an Transparenz an der Transplantationsmedezin suergen. Anerersäits muss awer och all Land säin Deel dozou bäidroen, fir de weltwäiten Organhandel ze bekämpfen, well net nëmme China oder Afrika, mä och Lëtzebuerg fréier oder spéider dovou beträff ka ginn.

Wéi eng skurrill Form de Verkauf vun Organer kann unhuelen, weist de Fall vun engem chineesche Jugendlechen, dee seng Nier, seng eegen Nier, fir 2.700 Euro verkaaft huet, fir sech en iPad kënnen ze leeschten. An Däitschland huet de Journalist Willi Germund sech an engem Buch - säi Buch heescht: „Niere gegen Geld“ - effentlech dozou bekannt, an Afrika gereest ze sinn, fir sech eng Nier ze kafen. D'Justiz an Däitschland huet net dodrop reagiert. De Problem vum Organhandel ass also scho virun eiser Dier ukomm. An dat gëtt ze denken!

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi, natierlech an der Hoffnung, datt mer op d'Oviedo-Konventioun zréckkommen a se net nëmme brochstückhaft ëmsetzen, mä an hirer Integralitéit. Et bleiwen nach e puer Punkten ze klären an ech wär frou, wann d'Madame Minister eis dozou kéint e puer Wuert erzielen.

lech soen ech alleguer villmools Merci fir d'Noleschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraaktion.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Lorsché, mat darselwechter Bitt, nom Chrono ze kucken. Merci villmools! An d'Wuert huet den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President! Dir Dammen an Dir Hären, och e grouse Merci un de Rapporteur, d'Madame Hemmen, déi eis hei e ganz interessanten a komplette Rapport ginn huet. Och mir ënnersträchen natierlech d'Wichtegkeet vun der Méiglechkeet vun den Organtransplantatiounen a gesécherte rechtliche Konditiounen. Dofir begreisse mer och dëst Gesetz a stëmmen et natierlech och gär mat.

E puer Bemierkungen awer och vun eiser Säit.

Dat Éischt ass och: D'Oviedo-Konventioun - dat, wat den Här Dokter Krieps och schonn hei gesot hat - ass eng zentral Fro. Mir kënnen net hei dee Saucissonnage maachen. Mir müssen e Gesamt-iwwerbléck hunn, an zwar all ethesch Kritäre respektéieren. Et ass jo net esou, datt zu Lëtzebuerg op deem do Gebitt näischt géif geschéien. Mir hunn eng Recherche médicale, mir hunn eng Biobank, mir hunn eng ganz Rei vun Aktivitéiten och a Kliniken, déi müssen ethesch iwwerwaacht ginn an e gesetzleche Kader brauchen, a mir müssen op deem Gebitt Fortschreitter maachen.

Mir begreissen et och als ADR - an et ass ganz interessant, dat och am aktuelle politesche Kontext ze kucken -, datt mer hei e Gesetz stëmmen, wat eigentlech seet, datt Mannerjäreger keng Décisioun kënnen huelen, dat hinne verbitt, datt se kënnen en Organ spenden. Dat ass ganz interessant, well mer jo hei alt erëm eng Kéier de politesche Wëlle kloer dokumentéieren, datt Mannerjäreger ebe kënnen gewësse Pressiounen ausgesat ginn an datt mer hei dat legal wëlle weider aschränken an et verbidden. Dofir ass dat och eppes, wat mer hei ënnersträchen.

Mir begreissen et och, datt mir eis als Lëtzebuerg Capacitéite ginn, fir selwer kënnen operativ an deem heite Gebitt tätég ze ginn an Organer kënnen ze prélevéieren.

Dann och, an dat hate mer och an der Kommission gesot, ënnersträche mer d'Wichtegkeet vun engem fachmännesch zuverlässige Feststelle vum Doud. Dat ass och eng Saach, wou mer jo an deem Règlement grand-ducal kloer Regeln hunn, souwuel wat den Häerzstillstand ugeet, wou jo gesot gëtt, et muss ëmmer en Anästhesist oder e Kardiolog dat certifiéieren niewent engem aneren Dokter, a beim Gehirndoud och, datt en Neurolog oder en Neurochirurg muss bei deenen zwee Doktere sinn, déi dat constatéieren. Dat ass wichteg, well mer leider an Europa och ëmmer erëm Fäll hunn, wou en Doud constatéiert gëtt, dee kee richtegen ass. A mir müssen eis géint all Méiglechkeet wieren, datt eng Chasse à l'organe gemaach gëtt oder eng Chasse au donneur, heiansdo mat Mëttelen, déi einfach ethesch net akzeptabel sinn.

Dëst Gesetz bréngt méi Rechtssécherheet. Awer mir hunn nach ëmmer de Problem, datt mer musse kloer kënnen dokumentéieren, wann e Mënsch säi Wëllen huet, wann en dee kloer seet, fir kënnen en Organ ze ginn, datt dat kloer ka matgedeelt ginn an datt et dann och respektéiert gëtt, wann ee wierklech säi Wonsch an déi eng oder an déi aner Richtung kloermécht, datt e wëllt oder net wëllt Organspender sinn.

An deem Fall, wou e wëllt a wou dat kloer dokumentéiert ass, ass et an eisen Aen dann net méi néideg, drétt Persounen ze froen. Dat géif natierlech de Problem schonn zum Deel vläicht hëllef léisen. A mir wäeren och net dergéint, datt mer op dem Führerschäin oder souguer op enger Carte d'identité fakultativ eng Rubrik kéinten aféieren, wou och kéint gesot ginn, wéi gesot fakultativ, ob ee wëllt oder net wëllt Organspender sinn.

Dann, d'Regele vum Organhandel hätten an eisen Ae kënnen méi staark nach gefaasst ginn. Et hätt een och kënnen explizit soen, niewent dem Racolage, dee jo hei elo couvriert ass, datt och en Dokter, deen hëllef mat sengem Wëssen, wann e weess, datt et sech ëm Organhandel handelt, deen do awer mathëllef, esou eng Transplantatioun ze maachen, och deen hätt missen explizit opgezielt ginn hei an eisen Aen, datt e muss bestrooft ginn.

Privat Partner leeschten hei am Land eng ausgezechent Aarbecht. Ech mengen, déi si schonn e puermol hei ernimmt ginn, a mat Recht. Mir wëllen awer allgemeng drop opmierksam maachen, datt bei private Partner, wann déi eng Funktioun kréie wéi e Service national de coordination, datt awer och muss op den Dateschutz opgepasst ginn, datt och do muss eng Kontroll existéieren an datt de Stat et sech net däreer ze vill einfach maachen, fir sech einfach enger Verantwortung ze entleedegen oder se ze delegéieren ouni Kontroll an allen Aspekter.

Da maache mir als ADR drop opmierksam op eng Saach, déi eis ganz besonnesch beschäftegt an eis ganz vill Suerge mécht: Dat ass, datt nach ëmmer eng Base commerciale méiglech ass an deem Beräich, wou et ëm «tissus et cellules d'origine humaine aux fins de réimplantation» geet, ënner anerem och ëm Gamèten. An do hu mer jo nach ëmmer eng Praxis hei am Land, déi nach net legislativ geregelt ass. Dat ass déi vun enger PMA aus net therapeutische Methoden (veuillez lire: net therapeutischen Ursachen). An ech wollt dofir nach eng Kéier rappéléieren, datt d'ADR eng Proposition de loi gemaach huet viru Kuerzem, fir och an deem Beräich ganz kloer Regeln anzeféieren, déi an eisen Aen onerlässlech si fir en etheschen Émgang mat der Biomedezin hei am Land.

Dat gesot, wéi gesot, begreisse mer dëst Gesetz. Mir fannen et e wichtege Progrès. Awer mir soen dättelech nach eng Kéier: Alles an deem do Beräich muss sech no deenen héchsten ethesche Kritäre regelen an net no kommerzielle Kritären.

Villmools Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet direkt d'Madame Gesondheestsministesch.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Ech ka kuerz sinn, well mer iwwert de ganz ausféierlechen an interessante Rapport vun der Rapportrice all Elementer mat op de Wee kritt hunn, a well Dir alleguerten an Are Riedebäitrag d'Bedeutung vun deem heite Gesetz ervirgestrach hutt.

Ech wëll awer nach eng Kéier rappéléieren, dass mer wierklech deemools vu wäit komm sinn, wéi mer déi éischt legislativ Mesurë geholl hunn am Zesammenhang mat den Organspenden, an dass et haut wéi eng Selbstverständlechkeet klénge, dass mer haut d'Patienten esou ofsécheren, wéi mer se ofsécheren, dass mer déi Qualitätsnormen hunn, wéi mer se kennen, an dass mer déi Sécherheitsbestimmungen esou tranchéiert hunn, wéi mer se tranchéiert hunn.

Well et ass nach laang keng Selbstverständlechkeet an alle Länner, och net an Europa, dass mat Organer kee Commerce bedriwwen gëtt! An ech sinn dofir wierklech ganz stolz op eist Land, dass mir hei maximal Bestimmungen hunn, déi duerch dëst Gesetz nach weider compléiert ginn.

D'Stéchwierder sinn hei genannt ginn:

- d'Verhënnere vum Handel mat Organer,

- Qualitéit, Sécherheet, déi am Mëttelpunkt stinn,

- och d'Charakteristiken, déi ee muss erfüllen, fir als Spidol zougelooss ze sinn, an d'Servicer an d'Equipementer, déi ee muss kënnen hunn, fir am Kader vun den Transplantatiounen vun Organer eng Roll dierfen ze spillen,

- d'Formatioun vun deene verschiddenen Akteuren, déi a mengen Aen och ganz wichteg ass,

- d'Koordinatiounsstell, déi mer schafen an déi och zoustänneg ass derfir,

- dass d'Organer selwer och musse bestëmmte Konditiounen erfüllen, fir iwwerhaapt kënnen transplantéiert ze ginn,

- dass mer elementar Regeln akzeptéieren, wat d'Traçabilitéit ugeet, a se och wierklech an der Praxis uwenden,

- dass de sécheren Transport ofgedeckt ass,

- dass d'Kollaboratioun mat deenen internationale Gremie muss klappen,

- dass och Tëschefäll, déi virkommen - well dat ka jo ëmmer geschéien -, dass déi propper enregistriert sinn an och retraçabel sinn,

- oder och, wat ech schonn aganks gesot hunn, dass mer awer wierklech ganz vill Barrière virgesinn hunn, dass den Don d'organes net mat Commerce ka verbonne sinn.

Ech deelen deen Optimismus, deen hei vun deene meeschte Virriedner ausgedréckt ginn ass, dass den elektronische Patientendossier eis e wichteg Instrument wäert bidden, fir d'Zuel vun den Donneurs d'organes an d'Luucht ze setzen. Ech si wierklech iwwerzeegt dovun, dass d'Tatsaach, fir dat an der Zukunft a sengem elektronische Patientendossier als Patient selwer kënnen anzeschreiwen, eventuell souguer a Kombinatioun mat sengem Testament de vie oder mat deene Modalitéiten, déi ee wëllt mat op de Wee gi fir de Fall, wou een en Accident huet, ech erwaarde mer ganz vill dovunner. An ech deelen net d'Meenung vun deenen, déi soen, dass dat eis Situatioun hei zu Lëtzebuerg net wäert verbesseren. Et wäert de Fall sinn.

Et ass och net richtig, dass mer an deene vergaangene Joren en dätteleche Réckschritt haten. Wat awer leider richtig ass, dat ass, dass d'Zuel vun de gespente Organer immense Variatiounen ausgesat war: Ee Joer sinn et der zéng, da sinn et der erëm véier an da sinn et der erëm néng an da sinn et der erëm sechs. Dat heescht, mir hunn do kee kontinuierlecht Usteige vun der Bereitschaft, fir Donneur d'organes ze ginn, wat eis als Situatioun och net honnertprozenteg gefält, mä wat awer net gläichbedeutend ass mat enger Degradatioun, wéi se hei ee Moment duergestallt ginn ass.

Tatsaach ass leider och, dass mer, wa mer Campagnen hunn, ëmmer d'Zuel vun den Donneurs d'organes an d'Luucht setzen, a wa mer dann e puer Joer erëm keng Incitatiounen méi maachen, dass d'Leit dann erëm vergiessen, wéi wichteg et ass, dass ee seng Bereitschaft dokumentéiert, fir Donneur d'organes ze sinn.

Mir wäerten also an der Zukunft weider Campagnen maachen. Mä mir wäerten awer och wierklech d'Instrument vun elektronische Patientendossier notzen, fir en Opruff un d'Leit ze maachen, fir dat ze notzen a fir hir Bereitschaft ze dokumentéieren, wat dann och heiansdo laangwierig Pourparler mat der Famill am Fall vun engem Stierfall wäert net méi noutwendeg maachen.

Ech deelen och honnertprozenteg déi beluewend Wierder, déi Dir alleguerte fonnt hutt fir d'Associatiounen, déi um Terrain sech mat der Organtransplantatioun beschäftegen. Si leeschte wierklech eng formidabel Aarbecht, net nëmmen hei am Land, mä och am Verbond mat den auslänneschen Organismen, déi sech ëm Organspende këmmen.

Bon, mir hu jo mat dësem Gesetz souwuel Elementer aus der Oviedo-Konventioun afléisse gelooss wéi och Elementer aus der europäescher Richtlinn iwwer Qualitäts- a Sécherheitsnormen am Beräich vun den Organspenden. Vill vun lech hunn an hiren Interventiounen drop higewisen, dass et wierklech noutwendeg ass, och déi aner Elementer, déi nach net an e Gesetz agefloss sinn, ëmsetzen am Zesammenhang mat der Biomedezin.

Ech ka mech nach gutt aus mengem fréiere Liewen erënneren als Presidentin vun der Gesondheetskommision, dass et wierklech eise Wonsch war, fir net just eng einfach Kaderkonventioun ze stëmmen, mä fir wierklech awer déi Konventioun bei hirer Ëmsetzung mat Liewen ze erfüllen, och am Beräich vun der Biomedezin. An ech kann lech hei d'Informatioun ginn, dass mir ganz aktiv sinn als Gesondheestsministère, fir zesumme mam Ministère de la Recherche all déi Elementer mat eranzehuelen, déi dozou gehéieren, fir e Gesetz ze bréngen, wou net nëmmen d'Oviedo-Konventioun dran ass mat deene Modalitéiten, déi wichteg sinn, mä och e Biomedezingesetz op den Instanzewege ze bréngen, wat e Land wéi Lëtzebuerg, wat wierklech an deem Beräich massiv investéiert, och verdéngt huet.

Ech wëll ofschrëffend all deene Merci soen, déi hei intervenéiert sinn, och fir déi Encouragement, déi mer mat op de Wee kritt hunn als Ministère, fir hei eng propper Aarbecht ze leeschten am Beräich vun der gesetzlecher Reglementatioun. An ech wëll da mat lech zesumme menger Hoffnung Ausdruck ginn, dass mer weider d'Leit kënnen encouragéieren, fir zum Organspender ze ginn an dozou bäizetroen, dass Mënschen, déi wierklech déi Spend do batter néideg hunn a se brauchen, fir e Liewen an Dignitéit kënnen ze féieren..., fir si weider ze encouragéieren, fir dat ze maachen a fir op dee Wee ze goen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Gesondheestsministesch.

Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6564 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6564 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Huet eppes net fonctionnéiert? Okay, gutt.

58 Deputéiert hunn direkt oder indirekt um Vote deelgeholl. 58 hu sech mat Jo ausgedréckt an domat ass de Projet unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6564 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An d'Fro bleift: Sidd Der bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Ech soen lech Merci.

Mir géifen dann zum Projet de loi 6578 iwwergoen, e Projet, deen de Beruff vum Psychothe-

rapeut regelt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Goerges Engel.

4. 6578 - Projet de loi portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant

1) le Code de la sécurité sociale;

2) la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical;

3) la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles, b) de la prestation temporaire de service

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), rapporteur.- Kolleejinnen a Kolleeegen, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi portant création de la profession de psychothérapeute, iwwert dee mer haut diskutéieren, geet et em eng komplex a komplizéiert Matière, bei där dacks den Däiwel am Detail stécht.

Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet sech an net manner wéi zwielef Reunione mat dem Projet beschäftegt. Mir hunn dräi Serie vum Amendement gemaach, véier Avis vum Statsrot an eng Hällewull vu Positionspabeieren iwwert de Projet de loi analyséiert a verschafft. An dobäi war den Text schon am Virfeld als Avant-projet de loi mat de verschiddeenen Associatiounen a Organisatiounen aus dem Milieu diskutéiert, verhandelt an och adaptéiert ginn.

Bei eiser parlamentarescher Aarbecht hu mer eis permanent an engem Spannungsfeld tëschent zwee Extremere beweege: éischten, also engersäits dem Wëllen, fir Standarden a Kritäre festzeleeën an esou de Patienten eng adequat Qualitéit a Leeschtung ze garantéieren, an anersäits der Beméiung, fir verstänneg a pragmatesch Iwwergangsbestëmmunge virzugesinn, fir net ze riskéieren, dass Professioneller an d'Illegalitéit gedréckt ginn, déi haut schon eng exzellente Aarbecht maachen, mä aus diverse Grënn net kënnen all d'Kritären erfëllen, déi dëst Gesetz hei nei aféiert.

Den Ursprung vun dësem Projet de loi geet zréck op d'Diskussioun iwwert déi alternativ an net konventionell Disziplinne vun der Medezin virun zéng bis fofzég Joer. No enger intensiver Viraarbecht an der zoustänneger Chamberskommissioun huet d'Chamber sech den 29. Januar 2004 an enger Orientationsdebatte mam Thema beschäftegt an eng Motioun ugeholl, déi d'Regierung opfuert, am Beräich vun den net konventionellen an alternative Medezindisziplinne ze reglementéieren, an Besonneschen déi néideg Formatioun a Qualifikatioun vun de Prestatairen.

Dat war dunn och esou am Regierungsprogramm vun 2009 virgesinn. Am Enn vun där Legislatuur an no enger ausféierlecher Virlaf-a-Preparatiounszäit gouf dunn e Projet de loi 6578 deponéiert. An no de Wahlen vum 20. Oktober 2013 huet déi nei Regierung de Projet a senger grouse Linnen dunn och confirméiert.

Zum Kontext: De Projet de loi iwwert de Psychotherapeut schafft e legale Kader fir dee Beruff, andeems en ënner anerem d'Konditioun festsetzt, fir dierfen den Titel vum Psychotherapeut ze droen. E leet d'Prozedur fest, fir d'Autorisatioun ze kréien, fir dierfen de Beruff auszéieren, op Basis vun enger strukturierter a reglementierter Formatioun.

Effektiv ass et esou, dass der Weltgesundheitsorganisatioun no ëmmer méi Leit froen, fir eng Prise en charge weinst psycheschen oder psychiatresche Problemer ze kréien. Eng vu véier Persounen, esou d'OMS, kéint op d'mannst eemol an hirem Liewe mat esou Problemer konfrontéiert ginn. Émsou méi wichteg ass et, fir den Titel an d'Ausübe vum Beruff ze regelen, d'Konditioun festzesetzen, fir d'Qualitéit vun der Prise en charge kënnen esou ze garantéieren.

Iwwregens gëtt et am internationale Kontext eng ganz Partie vun Deklaratiounen, déi och an déi Richtung do ginn, ënner anerem d'Deklaratioun vum Europarat vun 1990. An dëser Deklaratioun ass zréckbehale ginn, dass d'Formatioun vum Psychotherapeut en «niveau élevé de qualification théorique et clinique» exigéiert. Genausou huet d'Kommissioun et och gesinn an huet dat zu enger absolutter Konditioun gemaach, fir dëst Gesetz hei auszuschaffen. Mëttlerweil sinn an der EU méi wéi zéng Länner, déi den Accès zum Beruff vum Psychotherapeut reglementéiert hunn; e Wee, op dee Lëtzebuerg dann och elo geet.

Inhaltlech ass ze soen, dass d'Psychotherapie am Projet de loi définéiert gëtt als eng therapeutesch Method, déi exklusiv op unerkannte psychologesch Moyenen zréckgräift, fir Troubles mentaux ze behandle beim Erwuesenen, dem Jugendlechen an dem Kand. Iwwert déi „exklusiv“ psychologesch Moyenen ass méi laang diskutéiert ginn. D'Santéskommissioun huet awer un där Formulierung festgehalten, well d'Psychotherapie genee dat soll sinn: eng therapeutesch Method, déi ouni Medikatioun auskomme soll. Dat verhënnert awer net, dass d'Psychiatere, déi jo och eng Formation médicale de base hunn, eng kombinéiert Therapie mat och Medikamenter kënnen veruerdnen, wann dat a spezifesch Fäll néideg sollt sinn.

Vum Projet de loi betraff si verschidde Formen vu Psychotherapie, déi allerdéngs net explizit erimmt an opgezielt ginn. Et ass um Conseil scientifique de psychologie, dee mat dësem Gesetz dann och geschaf gëtt, fir iwwert d'Unerkennung vun de verschiddeenen Methoden ze befannen. Dat erlaabt et och, fir méi séier a flexibel op déi op neien Erkenntnisser basierend Entwécklung an dësem Beräich anzugeen, ze reagéieren, ouni all Kéiers mussen d'Gesetz dann ze änneren.

D'Autorisation d'exercer fir de Beruff vum Psychotherapeut ënnerläit der Autorisatioun vum Minister, dee fir d'Gesondheet zoustänneg ass. Dobäi mussen eng Partie Konditiounen erfëllt ginn. De Projet de loi gesäit en duebelen Zougang vir, fir zougelooss ze gi fir d'Formatioun vum Psychotherapeut. Zougelooss sinn zum enge déi Leit, déi e Master en psychologie clinique hunn oder en Diplom an der Psychologie, deen als equivalent ugesi gëtt, zum aneren déi, déi en Titre de formation als Dokter hunn, mat Formation médicale de base.

Déi zweet Etapp ass dann d'Formatioun vun der Psychotherapie. De Projet de loi schreift den Inhalt an de Volume vun där Formatioun am Artikel 4 vir, souwuel wat dat Theoretischt wéi och de praktesche Volet ugeet. Dobäi baséiert de Projet de loi sech op de Bologna-Prozess. Do niewendrun ass natierlech och verlaangt, dass een déi néideg gesondheetlech Bedéngungen erfëllt, gradesou wéi d'Bedéngungen a Saachen Honorabilitéit a Moralitéit.

D'Médecins-psychiatres, déi en unerkannten Titre de formation an der Psychotherapie hunn, falen net ënner dëst Gesetz. Si kënnen, wéi bis elo, och ganz legal Psychotherapie weider ausüben an hirer Qualitéit als Dokter. An déi gëtt deen Ament och scho vun der Assurance maladie-maternité en charge geholl.

Iwwert de Projet de loi gëtt, wéi gesot, och e Conseil scientifique de psychologie geschaf. Zu deem sengen Aufgabe gehéiert d'Unerkennung vun de psychotherapeutesch Methoden, mä och d'Matschaffen, fir eng psychotherapeutesch Formatioun zu Lëtzebuerg op d'Been ze setzen.

De Beruff vum Psychotherapeut wäert och un de Collège médical gebonne ginn, deen, opgrond vun engem Avis vum Conseil scientifique, en Deontologiekodex fir Psychotherapeute soll festhalen. De Beruff vum Psychotherapeut gëtt och ageschriwwen op d'Lëscht vun de Professionsreglementéierten am Kader vun der europäescher Direktiv 2005/36/CE iwwert d'Unerkennung vun den Diplomer. An Zukunft dierf sech also just dee Psychotherapeut nennen, deen och d'Konditiounen erfëllt.

D'Sécherheet fir eis Bierger stoung hei ëmmer un éischte Plang. An de Scharlatane vun deene kleng wäissen Ziedelen an der Boîte, déi mengen, si wäere Psychotherapeut, ouni awer déi geréngsten Ausbildung ze hunn, soll heimaddeger och dann d'Handwierk geluecht ginn.

D'Iwwergangsbestëmmunge gesinn eng Iwwergangspass vun dräi Joer vir, wou déi Professionell, déi den Ament Psychotherapie praktizéieren an awer net ganz de Konditiounen entsprechen, kënnen ënner enger Partie Konditiounen och hir Acquisen unerkannt kréien an eventuell eng Zousatzformatioun maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi schon ufanks gesot, ass dat heiten e Projet de loi, an dee vill Aarbecht a vill Zäit investéiert gouf, dat souwuel beim Ausschaffen a virum eigentlechen Dépôt wéi och duerno an der Chamberskommissioun.

Et war u sech e ganz gutt Beispill vun enger effikasser parlamentarescher Aarbecht, wou gutt an zilorientéiert diskutéiert ginn ass, wou mer eis mat de sëlleschen Avisen a Positionspabeiere befasst hunn, Vertrieeder vun enger ganzer Rei vun Organisatiounen aus deem Beräich empfaangen hunn an doropshin och eng Partie Annerunge virgeholl hunn, awer ouni d'Iddi an d'Essenz vum Text ze verwässeren oder vu Grond op ze änneren. Ech géif dierfir och jiddwerengem aus der Kommissioun Merci soe fir déi gutt an effektiv Zesummenaarbecht, déi mer hei haten.

Ech ginn an deem Sënn net op déi eenzel Positiounen an Avisen an - de Resümee, dee kënn Der gären a mengem ausféierleche schrëftleche Rapport noliesen -, mä ech wëllt awer dierfir op d'Haaptknackpunkten hei agoen, em déi d'Diskussiounen ëmmer nees gedréit hunn.

Do wier fir d'Éischt emol dee ganz grouse Volet vun der Definitioun vun der Psychotherapie an dem Champ d'application vun dësem Gesetz. Et gouf festgehalten, wéi scho gesot, dass d'Psychotherapie exklusiv op unerkannt psychologesch Méttelen zréckgräift, fir d'Troubles mentaux ze behandelen, an dat beim Erwuesenen, dem Jugendlechen an dem Kand. Et gouf deemno drop verzicht, fir méi spezifesch Bestëmmungen anzeféieren fir d'Kanner- an d'Jugendpsychotherapie.

Op där anerer Säit gëtt awer betount, dass e Psychotherapeut gehalen ass, d'Hëllef oder d'Assistenz vun engem anere kompetente Prestataire ze froen oder de Patient ze iwwerweisen, wa sech bei enger psychotherapeutischer Prise en charge erausstellt, dass sän eegene Kompetenzberäich iwwerschritt gëtt.

Ee ganz wichtige Punkt war, ze definéieren, wat Psychotherapie ass, an dat virun allem, fir festzehalen, wou de Beräich ugeet an ophält, deen hei gesetzlech geregelt gëtt. Wat sinn déi psychotherapeutesch Aktivitéiten, fir déi een déi verlaangte Basisformatioun an och déi spezifesch psychotherapeutesch Formatioun muss hunn?

D'Kommissioun hat iwwert deen Aspekt vill a ganz laang Diskussiounen, well et engersäits dréms goug, fir den Titel an d'Aktivitéiten esou gutt wéi méiglech ze regelen, virun allem fir de Patienten eng gutt Qualitéit ze garantéieren a se an deem Sënn ze schützen. Et war dëst eist Hauptleies an all den Diskussiounen. An op där anerer Säit muss ee gesinn, dass et eng ganz Partie Aktivitéite gëtt, déi och psychotherapeutesch Elementer benotzen, ouni awer carrement eng Psychotherapie ze sinn.

Dat ass ënner anerem och de Fall vun enger ganzer Partie staatlech konventionéierte Berodungsstellen, déi ebe gréisstendeels Berodung oder Begleedung maachen. Si maachen duerch d'Bank eng gutt a sennvoll Aarbecht a sollen natierlech weider esou wéi bis elo kënnen schaffen an net an eng juristeschen Grozon falen, déi hir Aarbecht géif onméiglech maachen an esou hir ganz Aktivitéit och géif a Fro stellen.

D'Kommissioun huet sech dierfir majoritär op eng Léisung geeenegt, déi där duebeler Ufuhrerung vu Qualitéit an Ouverture gerecht gëtt. Zum enge präziséiert den Text, dass d'Psychotherapie méi ass wéi en «accompagnement sous forme d'aide psychologique visant à faire face aux difficultés courantes» an och méi ass wéi eng Berodung oder Ennerstëtzung. Gläichzäitig gouf och am Artikel 3 den Ausdruck «même accessoirement ou occasionnellement» erausgeholl, soudass een och accessoirement an occasionnellement dierf psychotherapeutesch Méttelen asetzen, ouni déi streng Kritäre zum zukünftege Gesetz dann awer ze erfëllen.

D'Propos, fir an den Text vum Projet de loi dranzeschreiwen, wéi eng Forme vu Psychotherapie oder vun aneren Therapien dann elo ënner d'Gesetz falen a wéi eng net, wéi zum Beispill d'Psychoanalyse, ass net ugeholl ginn. Ob an no wéi enge Kritären eng Method soll unerkannt ginn, dat soll an Zukunft ënner de Kompetenzberäich vum Conseil scientifique falen. Dierfir sinn och keng aner Forme vun Therapie drageholl ginn, wéi Gestalttherapie, d'Cosmo-biodynamesch Therapie, d'Hypnothérapie, d'Musicothérapie, d'Traumatheapie an nach ganz vill anerer méi.

D'Gesetz limitéiert sech awer op alle Fall op déi psychopathologesch Traitementer, also do, wou et em d'Behandlung geet vun engem Trouble mental, vu Perturbations comportementales oder allen anere Problemer, déi eng Souffrance oder eng Détresse psychologique mat sech bréngen.

Refuséiert gouf och de Virschlag, fir nëmmen den Titel, net awer den Exercice vum Beruff vum Psychotherapeut ze regelen. An dat alt erëm aus deem ganz gudden Grond, well et hei dréms geet, fir d'Patienten ze schützen an hinnen eng beschtméiglech Qualitéit vun der Behandlung ze garantéieren.

Ee weideren, ganz wichtige Punkt, iwwert dee vill geschwat gouf a wou och eng Partie Upassung vum Text gemaach goufen, sinn d'Iwwergangsbestëmmungen. Och an dësem Zesammenhang goug et dréms, fir eng pragmatesch Léisung ze fannen, déi trotzdeem d'Qualitéit sécherstellt.

Iwwregens huet och de Statsrot, grad wéi eng ganz Rei vu professionellen Organisatiounen, do insistéiert, fir Léisungen ze sichen. An dat hu mer och gemaach. D'Kommissioun war nämlech och där Meenung, dass d'Gesetz och mist d'Situatioun vun deene Persounen regelen,

déi den Ament Psychotherapie praktizéieren an déi awer net d'Kritären erfëllen, déi an Zukunft mat dësem neie Gesetz wäerte gëllen. Dat net, well se net kompetent wäeren, mä well se zum Beispill virum Bologna-Prozess studéiert hunn a forméiert goufen.

De Conseil d'État hat nämlech d'Fro gestallt, ob een net sollt op de Wee vun enger Unerkennung en fonction vun der Pratique psychothérapeutique goen, also eng Aart Acquis de l'expérience professionnelle. D'Kommissioun huet an deem Sënn d'Iwwergangsbestëmmungen dunn och erlichtert.

An deenen éischten dräi Joer, nodeems d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, gëtt et eng Ouverture bei der Formation de base. Do ass gefrot, entweder en Diplom an der Psychologie clinique oder en Diplom an der Psychologie, den als equivalent unerkannt ass, oder awer ee vun den Titres de formation de médecine mat Formation médicale de base ze hunn, oder awer een aneren Titel, Zertifikat oder Diplom, deen als equivalent unerkannt ass, ze hunn. Fir déi psychotherapeutesch Formatioun muss een entweder eng spezifesch Formatioun vun op d'mannst 450 Stonne virweisen oder eng psychotherapeutesch Praxis vun op d'mannst fënf Joer hunn, déi da vun dem Collège médical unerkannt gëtt.

A well an anere Länner den Zougang zu der Formatioun vum Psychotherapeut manner enk geregelt ass, wäerten d'Autoritéite wuel an Zukunft no der Iwwergangszäit mat Demandé befaast ginn, fir Diplomer unzërkennen, wou d'Leit net all deene Kritären entsprechen, déi hei elo mat dësem Gesetz agefouert ginn, virun allem wat d'Formation de base ugeet. Dee Moment ass et um Minister, opgrond vum Avis vum Conseil scientifique, fir sech mat deenen Demanden ze beschäftegen, opgrond vun der genannter Direktiv.

Ee leschten interessanten, awer absolutt net onwichtige Punkt ass dee vun der Prise en charge vun der Psychotherapie duerch d'Gesondheetskeess. Dat ass allerdéngs elo eng Saach vun der Gesondheetskeess, déi mat de Psychotherapeuten eng Konventioun muss aushandelen. Uuschléissend muss dann do festgehale ginn, wéi eng Akten a wéi enger Frequenz an a wéi engem Ausmooss, ënner wéi enge Konditiounen wéi rembourséiert ginn. Do ass nach genuch Aarbecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeegen, dëse Projet de loi, d'Diskussiounen haut an zum Enn de Vote heiriwwer bréngen ee laangjährege Projet en déckert Stéck virun. D'Psychotherapie, déi mëttlerweil mat all hire Facetten eng ganz breet Unerkennung huet, déi vun ëmmer méi Leit benotzt gëtt a scho ville konnt hëllef, gëtt elo och gesetzlech geregelt. Et ass wichtig, dass d'Leit, déi an enger psychescher Noutlag sinn, kënnen sécher sinn, eng gutt Behandlung ze kréien, wa se vun engem Psychotherapeut behandelt ginn.

Déi nächst Etappe ginn net manner spannend. Eng Konventioun mat der CNS, eng Nomenclature fir déi psychotherapeutesch Akten a Modalitéite vun enger eventueller Prise en charge, woubäi et och do gëllt, fir zwee entgéintgesaten Intérëten op een Nenner ze bréngen. Natierlech muss een oppassen, dass d'Gesondheetskeess net ze vill belaaucht gëtt. Op där anerer Säit ass et awer extrem wichtig, dass och Leit mat manner Ressourcë kënnen psychotherapeutesch Hëllef an Usproch huelen, wa si se brauchen.

Heimaddeger stëmme mer ee gutt Gesetz, wat fir Qualitéit a Sécherheet steet. Ech ginn heimat den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt déi éischt ageschriwwen Riednerin, d'Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleejinnen a Kolleeegen, un éischter Stell dem Rapporteur en häerzleche Merci fir sän detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Dëse Projet ass eng eemoleg Chance, endlech och hei zu Lëtzebuerg en neie Gesondheetsberuff, de Beruff vum Psychotherapeut anzeféieren. An am Numm vun der CSV begrëssen ech, dass et zu dëser gesetzlecher Regelung kënn. Awer och als diploméiert klinesch Psychologin, déi praktesch 15 Joer laang um Terrain geschaff huet, drécken ech meng perséinlech Satisfaktioun aus.

En absolutt wichteg Gesetz, well grad Persounen mat psychesche Krankheete méi vulnerabel sinn an och net siele marginaliséiert sinn. An hirer oft verzweifelter Sich no Hëllef fale se gäre guttgleeweg op onprofessionell an onseriéis Naischnotzen eran. An elo si se besser geschützt.

Net nëmmen d'Qualitéit vun der Behandlung vu psychesch kranke Leit gëtt verbessert, mä et soll zu enger, hoffen ech, diversifiéierter Offer vu Behandlung fir hir Stéierung kommen. En absolutt néidegt Gesetz am Beräich vun der effentelecher Gesondheetsversuergung, fir d'Gesondheet vum Bierger ze verbesseren.

A wann et da bis gräift, wäerten insgesamt manner Käschten op d'effentelech Gesondheitswiesen duerkommen: manner Spidolopenthalter, manner Medikamentverschreibungen an aner medezinesch Käschten, manner Krankeschäiner, manner Rechten, manner fréizäitig Pensionéierungen, manner Chômage. D'Entlaaschtung vun de Psychiatere wäert och méi eng schnell Prise en charge erméiglechen.

Dass d'Gesondheitskeess verschidde Leeschtungen vun de Psychotherapeute rembourséiere soll, soll e gläichen Accès fir all Betreffende garantéieren a seng Rechter domat stäerker. D'gesellschaftlech Entwécklung an de sozioekonomesche Kontext bréngen et effektiv mat sech, dass ëmmer méi Leit psychesch Problemer a Krankheete kréien. Oft kommen zousätzlech Facteuren derbäi, aner Gesondheitsproblemer oder och sozial Problemer.

Laut de Global Health Estimates 2014 vun der Weltgesundheitsorganisatioun OMS erginn déi gemeinsam statistesch Erhiewungen an den EU-Länner, Island, Norwegen an der Schwäiz, dass 27%, also bal een Drëttel vun der erwuesener Bevëlkerung, op d'mannst en enger oder un enger Rei psychesche Stéierungen am leschte Joer gelidden hunn. An de Länner mat héijem Akommes fannen 90% vun de Suiciden hiren Ursprung a psychesche Krankheete wéi Depressiounen oder Psychosen, Schizophrenie. Eleng 12% sinn op den Alkohol zréckzeféieren. De fréizäitige Stierfrisiko läit bei 40 bis 60% méi héich bei dese Persounen.

D'Konsequenze vun de psychesche Krankheete sinn enorm, net nëmme fir all betraffe Famill, wann dann iwwerhaupt eng do ass, mä och de wirtschaftlechen Aspekt ass immens grouss, zum Beispill Laangzäitkrankeschäiner hu mer 23% hei zu Lëtzebuerg aus deenen Ursaachen. D'OMS schwätzt vun engem wirtschaftleche Produktiounsausfall vu 16.300 Milliarden US-Dollar tëschent 2011 an 2013. Dat wiere bal 14.500 Milliarden Euro! 20% vun de Kanner a Jugendleche weltwäit leiden ënner psychesche Stéierungen oder Problemer. An a 50% vun de Fäll brieden déi psychesch Stéierung viru 14 Joer aus.

vläicht misst eis Gesellschaft sech och eemol heizou Froe stellen. Muss den Drock an der Aarbechtswelt, an der Schoul oder an der Famill ëmmer esou grouss sinn?

Nach ze vill dacks kréie Persounen mat schwéiere psychesche Krankheeten net déi néideg Behandlung a sinn oft net genuch informéiert, wou se Hëllef kënnen kréien. Et ginn also zu Lëtzebuerg onbedéngt méi qualifizéiert Leit gebraucht, fir dës Behandlungen, och net medikamentös Therapien, durchzeféieren. Dofir ass dat Gesetz och iwwerfällg.

D'Generaliste stinn un éischer Front a mussen an hirer wichteger Roll gestärkt ginn. Et sinn der eng ganz Rei vun hinnen, déi elo schonn oder och weiderhi wëlle psychotherapeutesch schaffen. Nieft hinne stinn och divers psychosozial Servicer, d'Schoul, d'Aarbechtswelt an der éischer Linn. Wichtig ass et, dass si sensibiliséiert ginn, fir dat mat Zäit ze détectéieren an d'Leit virunzuleeden.

Ech verweisen och op d'Diskussionen, déi mer haten hei an der Chamber, zu dem nationale Suicide-Preventionsplang d'lescht Joer. A just e Rappel, dass een de Moment muss zwou Woche bis véier Méint waarden, fir eng Behandlung oder eng Berodung ze kréie bei engem Psychiatere, Psychotherapeut oder Psycholog. - Esou wäit zum Kontext.

Vu dass de Rapporteur vum Gesetzesprojet och schonn am Detail op all d'Punkten agaan ass a virgestallt huet, beschränken ech mech, Här President, wäert Kolleginnen a Kollegen, op e puer allgemeng Remarquen an och verschidde Schwéierpunkten.

Allgemeng gesi war et effektiv net esou einfach, bis mer dese Gesetzesprojet hei virleien haten. Ech erënnere drun, dass et och schonn en éischen Ulaf ginn ass an den 90er Joren. An

du kouw et zu engem zweeten Ulaf 2013, wou dann en Aarbechtsgrupp den Text iwwerschafft huet, op Initiativ hi vun der Psychologie-Sektioun vun der Uni Lëtzebuerg, déi zesumme mat der Lëtzeburger Gesellschaft fir Psychologie, SLP, a mat Ennerstëtzung vum Collège médical d'Verdëngschter drun hunn.

Mä esou wéi den initialen Text vum Gesetzesprojet verfaasst war, wier d'Gesetz awer net praktikabel gewiescht. Trotz Avise vu verschidde ausgewielte professionellen Associatiounen an Instanzen am Virfeld, niewebäi och op enger aner Textvirlag wéi déi, déi déposéiert gouf, war de Projet net genuch duerchduecht, an déi jeeweileg Gesondheitsministere hunn déi politesch Envergure vum Gesetz total ënnerschätzt.

Net nëmmen d'CSV huet zu engem fréien Zäitpunkt fonnt, dass den Text d'Strooss net géif halen, mä och de Statsrot huet eng sëllegen Opposition-formellen ausgesprach wéinst inhaltlechen Inkohärenzen, juristeschen Onsécherheeten a Netkonformitéit zum EU-Recht, nieft enger ganzer Rëtsch vun anere Remarquen.

Och wa jiddweree sech eens war, et wier eng gutt Saach, fir de Beruff vun Psychotherapeut ze regelen, kouw et dunn zu enger Protestwell vu verschidde anere Berufsassociatiounen a Gesellschaften, déi net am Virfeld ëm hir Meenung gefrot gi waren. Dat huet dann zu enger Rei Presseartikel gefouert, wéi zum Beispill „Regelung der Psychotherapieausübung - Arbeit im stillen Kämmerlein?“, oder „Der Text, von dem noch immer niemand spricht“ respektiv „Qu'un débat ait enfin lieu!“.

Déi betreffen Associatiounen a Sociéiteiten hunn dunn op eege Fauscht d'Chamber saisiéiert a wollten och gehéiert ginn. Mä hei huet wéi laang kee Wille bestane vun der Majoritéit, fir dat ze maachen. Et sollt just de Rapporteur mat hinne Récksprouch halen am Ufank. Den Text sollt einfach durchgeboxt ginn, an dat an enger blo-rout-grénger Majoritéit, déi sech Transparenz an Dialog als iwescht Prioritéit op den Hutt schreift!

D'CSV huet sech awer dergéint gewiert. Mir betriede jo schlussendlech hei Neiland bei där Schafung vun engem neie Berufsstand, an do muss een d'Leit och vum Terrain mat abannen. Eréischt wéi den Drock ëmmer méi grouss gouf an och de Statsrot déiselwecht Froestellungen opgeworf huet, ass et schlussendlech zu enger Rei Entrevüer mat deene Betreffende komm, wat mir als CSV wärmstens begreißt hunn.

Allerdéngs ass de Collège médical trotz Ufro net invitéiert ginn an d'Stëmm vun de Patienten-associatiounen respektiv vun hire Famillje feelt ganz am Dossier. Och huet déi interministeriell Concertatioun ze wënschen iwwreg gelooss.

D'CSV bedauert ausserdeem dee knappen Exposé des motifs: just e puer Wieder iwwert d'Problematik vun de psychesche Problemer mat engem Renvoi op al international Donnéeën; keng Donnéeën iwwert de genaue Stand vun der Santé mentale hei zu Lëtzebuerg, ob Erwuesener oder virun allem Kanner a Jugendleche, ganz einfach well mer keng hunn oder se sinn net prett; keen Iwwerbléck, emol net schätzungsweis, iwwert déi Professionell, déi vun dem Gesetz betraff sinn, a kee Wuert iwwert déi aktuell therapeutesch Offer.

De Gesetzesprojet orientéiert sech haaptsächlech um däitsche Modell, engem vun deene restriktivsten an Europa a geet souguer deelweis nach driwwer eraus. D'CSV steet och fir eng héich Qualitéit am Sënn vum Patient, mä et hätt nach méi konsequent kënnen e Verglach mat deenen anere Länner gemaach ginn, seet iwwregens och de Statsrot.

Verstitt mech net falsch, Dir Dammen an Dir Hären: D'CSV-Fraktioun begreißt, dass endlech gehandelt gëtt an de Beruff vum Psychotherapeut soll unerkannt ginn! Mir hunn eis och vum Ufank an aktiv a konstruktiv un den Aarbechte bedeelegt an och eng Hällewull Onkloerheeten hannerfrot.

D'Haltung vun der Majoritéit war oft: „Mir maachen elo emol de Contenu vum Gesetz an da kucke mer duerno.“ Dat war besonnesch de Fall, wéi et iwwert de Remboursement vun der Psychotherapie iwwert d'Gesondheitskeess hiergaangen ass. Ofgesi vun der Wichtigkeet vum Projet fir d'Verbesserung vun eiser Gesondheetsversuergung fanne mir als CSV, dass d'Chamber an hirer Roll ass, Gesetzter ze stëmmen, déi och praktikabel sinn, an net eréischt nom Vote ze kucken, wat net klappt. An deem Sënn hat d'CSV och zum Beispill en Amendement ausgeschafft, deen awer leider vun der Majoritéit verworf gouf. Dozou spéider.

D'Diskussionen waren dann och deemno lieweg, a souguer d'Majoritéit war sech net ëmmer eens, an et huet een heiansdo gemengt, d'Kollegen aus der DP géifen zur Oppositioun gehéieren.

(Brouhaha)

Ech woen ze behaupten, dass den Text och dank den Interventiounen vun der CSV also e Stéck besser wéi virdru ginn ass, mä awer nach net gutt genuch. Trotz dräi Serien Amendementer werft de virleiden Text och elo nach Froen op.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Beruff vun Psychotherapeut ass e Beruff mat héijen Uspréich, vu déi grouss Responsabilitéit, déi hien huet vis-à-vis vun där Persoun, déi hie mat hirem Accord mat exklusiv psychologeschen an unerkannte Methode behandelt.

An der Kommissioun kouw eng Diskussioun op, ob dat Wuert „exclusivement“ soll drastoe bleiwen, well et gi jo awer och Fäll vu kombinéierten Therapien, wou Medikamenter a Psychotherapie am effikaste wierke fir de Patient, woubäi jo kloer ass, dass de Psychotherapeut, insofern en net Psychiatere ass, awer keng Medikamenter där verschreiwen. Mir als CSV hunn och op des Problematik higewisen an eis gefrot, ob et net besser gewiescht wier, de Statsrot ze suivéieren an dat Wuert ze sträichen.

Déi nächst Diskussionen koumen op bei enger ganz breeder Definitioun vun der Psychotherapie, déi, esou den initialen Text, psychesch Stéierungen, Verhalensstéierungen oder all aner Problemer, déi e psychesche Leidensdruck oder Nout mat sech bréngen, psychologesch behandelte soll. Deem géintwärtig stoung, dass de Beruff vun Psychotherapeut awer ganz restriktiv definéiert war a keen aneren där Psychotherapie als Haaptaktivitéit, Niewenaktivitéit oder geleeentlech ausüben an och den Titel vun Psychotherapeut droen, ausser den autoriséierte Psychiatere, déi jo net ënner dem Gesetz falen.

A scho ganz fréi, an zwar an der Sitzung vum 8. Juli, huet d'CSV an der Kommissioun op Problemer higewisen, déi domat kéinte bei Professioneller entwisen, déi eng ähnlech Tätigkeet géifen ausüben, wéi eng psychologesch Begleitung oder Psychoanalyse. Déi hätte riskéiert, esou wéi den initialen Text formuléiert war, an d'Illegalitéit ze falen. Betraff gewiescht wier praktesch de ganze konventionéierte Secteur, deen am Kader vun der sougenannter ASFT-Gesetzgebung agreéiert ass, an och verschidde aner staatlech Instruktiounen a Servicer an d'Leit mat enger eegener Berodungspraxis.

Et war am Virfeld net gekläert, wat fir eng Répercussiounen dat hei Gesetz op d'Gesetz vum 2008 vun der Kanner- a Familljenhëllef hätt. Dorënner fält nämlech och den ONE, den Office national de l'enfance, deen d'Missioun huet, déi psychosozial Hëllefsmoosname fir Kanner a Familljen ze koordinéieren, dorënner och psychotherapeutesch Behandlungen.

Hei hunn d'Vertrieder vum Ministère gemengt, wat de Volet ONE géif ugoen, wier an alle concernéierte Strukturen op d'mannst ee Psychotherapeut. Ofgesinn dovunner ass awer och d'Qualifikatioun vun dem Psychotherapeut do anescht definéiert, well an deem Gesetz fir eng psychotherapeutesch Berodung sinn do Leit zougelooss mat engem Master an der Psychologie, der Pädagogie oder der Medezin, wa se eng Zousazausbildung an der Psychotherapie hunn oder an der psychoaffektiver Berodung vun op d'mannst 300 Stonnen.

An och Psychoanalytiker wiere mam initialen Text, wéi gesot, an d'Illegalitéit gefall. Deemno wier e groussen Deel vu wäertvoller a scho méi preventiver Aarbecht am Beräich vun der psychoaffektiver Gesondheet, déi am Secteur gemaach gouf vu Leit, déi gutt forméiert waren, net méi méiglech gewiescht.

A genau aus deem Grund hu mir als CSV dunn en Amendement am Artikel 3 ausgeschafft an an der Kommissioun de 16. Juli presentéiert. Do war explizitt virgesinn, dass déi psychologesch Begleitungsaktivitéiten an d'Psychoanalyse net géifen an de Champ d'application vum Gesetz iwwert d'Psychotherapie falen. D'Belsch huet dat och esou fir d'Psychoanalyse geregelt. Mir mengen, dass eng ganz Rei Therapien misse kënnen legal bleiwen, och wa se net rembourséiert ginn, an och wann déi Leit den Titel vun Psychotherapeut net droen, wat se iwwregens och ni gefrot hunn. Dës Propose goufen awer vun der Majoritéit ofgeblockt.

Am Hierscht kouw dunn op Drock vun einzelnen Associatiounen an enger pertinenter Remarque vum Statsrot dach nach Bewegung an d'Saach. D'Majoritéit huet dunn den Text proposéiert, deen den Här Rapporteur elo just virgestallt huet a wou am Fong definéiert ass, wat d'Psychotherapie net ass. An d'Propos vun der CSV, fir deen Ausdrock nach e bësselche méi ze preziséieren, ënner anerem „difficultés courantes“, fir dat net ze vill ze banaliséieren an duerch den Term „difficultés affectives et relationnelles“ ze ersetzen, gouf och net ugeholl.

An am Artikel 3 huet dunn och d'Majoritéit

proposéiert, de Passus jo „même accessoirement ou occasionnellement“ ze sträichen, fir dann domadder déi genannten Akteuren net an d'Illegalitéit ze setzen, well déi net haaptberufflech psychotherapeutesch géife schaffen.

D'CSV huet begreißt, dass d'Regierungspartei méi asiichteg gi sinn, mä mir sinn awer allerdéngs nach wie vor der Meenung, an dat gëtt och vun enger Rei Leit vum Terrain gedeelt, dass eisen Amendementstext méi kloer gewiescht wier a méi eng grouss Rechtssécherheet bruecht hätt.

Maache mer hei net eng geféierlech Hannerdier op fir méiglech Abuse vu Leit, déi kee Minimum vu Formatioun hunn an déi okkasionell oder geleeentlech accessoire déi do Aktivitéit géifen ubidden?

An Däitschland ass dee Problem zum Beispill do geléist ginn. Ech verweisen do op dat Heilpraktikergesetz, wou et erlaabt ass, als „Heilpraktiker für Psychotherapie“ ënner gewesse Konditiounen ze praktizéieren, mä si dierfen awer an deem Fall den Titel vun Psychotherapeut jo och mat Recht net droen.

Déi psychoanalytesch Gesellschaft vu Lëtzebuerg fährt awer weider, dass d'Psychoanalyse géif an d'Illegalitéit falen an hire Stellewäert hei géif verléieren. Hir Situatioun ass och méi komplex, well fir hir Formatioun ass keng Ausbildungsvirbedéngung gefrot.

E weidere Problem besteet och wuel doranner, dass déi meescht Institutere, déi eng Psychoanalytische Formatioun ubidden, keng Diplome ausstellen, mä eben och déi Leit duerno dann einfach an hiren Annuaire vun hirer Schoul ophuelen.

Dofir huet d'CSV och nach eng Kéier virun dem Ofschluss vun de parlamentareschen Aarbechte proposéiert, fir am Gesetz festzehalen, dass d'Psychoanalyse an den Titel vun Psychoanalytiker net betraff wieren. Ennerstézt gouf deesen Amendement iwwregens vun Ufank u vun der politescher Sensibilitéit vun déi Lénk. Merci do derfir.

D'Majoritéit huet dës nees verworf, an no laangen Diskussionen huet de Rapporteur dunn awer e Passage bäigesat mat Referenz op dat belsch Gesetz, wéi et elo am Rapport steet, an dass also och, wann déi Leit d'Konditiounen net géifen erfëllen iwwert d'Iwwergangsbedéngungen, se dann awer kéinte weider als Psychoanalytiker ausüben an och deen Titel droen. Mir hoffen, dass dat hinnen elo genuch Rechtssécherheet gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Zouloosungskonditiounen sinn natierlech de Schlüsselpunkt vun deem neie Beruff vum Psychotherapeut. Den Text gesäit jo vir, dass een entweder Psycholog oder Dokter muss sinn, fir no enger psychotherapeutescher Ausbildung och als Psychotherapeut kënnen ze schaffen.

De Schwéierpunkt beim Psycholog läit bei der klinscher Psychologie. Klinscher Psychologie heescht awer net, dass se an der Klinik stattfënt, mä dat wëllt soen, si huet eng Approche, wou se kuckt a probéiert, virun allem de Mënsch ze verstoen an de Sënn vun dem psychesche Problem oder Konflikt, deen e mat sech dréit. De klinsche Psycholog weist och zolidd Kenntniser op iwwer psychesch Krankheetsbiller an ass och forméiert, fir psychologesch Problemer ze diagnostizéieren. Dofir ass et och wichteg, dass déi verschidde aner Psychologiesdiplome, déi sollen unerkannt ginn, och genuch Formatiounsinhalte an der klinscher Psychologie virweisen.

Den Dokter, deen de Beruff vun Psychotherapeut wielt, huet och e Bagage, fir medezinesch Diagnosen ze stellen. An hie verzicht jo domadder och wuelverstanen, fir och als Dokter ze praktizéieren.

Fir eng richtig Diagnos ze stellen, si seriö Kompetenzen an Zäit gefrot. De Psychotherapeut muss d'Stéierung, déi d'Ursaach vun der Berodung ass, duerch eng Anamnes, also duerch eng Analys vun der Liewensgeschicht vum Patient, an dee richtege Kontext setzen. Déi zougeloosse Beruffer bréngen jiddefalls déi néideg Basisvoraussetzungen mat sech, fir sech als Psychotherapeut ze spezialiséieren. Historesch ass et jiddefalls, dass éischtmoleg hei zu Lëtzebuerg offiziell eng Therapie dierf vun engem anere Beruff ausgeübt ginn, wéi vun engem Dokter.

D'CSV begreißt ausdrécklech d'Ouverture, fir och engem anere Berufsstand wéi den Dokteren d'Méiglechkeet ze ginn, fir als Psychotherapeut tätig ze sinn, eng Valorisiatioun also fir deen nach relativ jonke Beruff vun Psycholog. An net nëmmen de Beruff vun Psycholog huet e wäite Wee gemaach hei zu Lëtzebuerg an all deene Joren, mä och d'Psychologie. An et sief och kuerz erënnert un d'Pionéier vun der Psychologie hei zu Lëtzebuerg, d'Professere-Psychologen, den Dokter Gaston Schaber, den Dokter Paul Dickes an den Dokter Bib Even wéi

och den Neuropsychiater Fernand Hastert.

Haut ass de Beruff vum Psycholog enorm diversifizéiert: am Enseignement, am Santéberäich, am Familljeberäich, an der Justice, der Police, der Arméi, an der Protection civile, der Wirtschaft, der Aarbechtswelt, a méi rezent och an der Verkéiers- a Mobilitéitspsychologie. An och d'Zuel vun de Psychologen, déi agreéiert sinn, fir eng eege psychologisch Praxis ze bedreiwen, geet an d'Luucht.

Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, ech hoffen, Dir hutt Verständnis fir mäi klengen Exkurs hei an d'Welt vun der Psychologie. Et sollt en Hommage sinn un d'Pionéier vun der Psychologie hei zu Lëtzebuerg.

Op jidde Fall sinn d'Psychologie an d'Psychologen net méi hei aus eiser Gesellschaft ewechzedenken. A grad si ass vu vireran interdisziplinär ausgerichtet an huet eng Kultur entwéckelt och vu multidisziplinärer Approche an Zesummenaarbecht innerhalb vun deem ganzen Hëllefssystem ronderëm de Mënsch.

D'Gesetz verlaangt e Mindestsockel vu Kenntnissen a Kompetenzen, déi déi Interesséiert mussen no hirem Basisdiplom an hiren psychotherapeutischer Zousausbildung virweise kënnen.

Et vun de grouse Kritikpunkte bleift - dat seet och d'SLP, also d'Sociétéit vun de Psychologen -, dass de Kursus vun de Studien an ECTS-Kreditter ausgedréckt ass, dat heescht als „European Credits Transfer System“ am Kader vum Bologna-Prozess, an net a Stonnen. Den Text gesäit also keen Emrechnungsschlüssel vir, wéi vill Stonnen déi 70 ECTSe géifen ausmaachen. Dat wier also de facto e Monopol fir d'Unisausbildung.

Domat awer wieren d'office all Persounen ausgeschloss, an dat sinn der vill, déi hir psychotherapeutesch Ausbildung an engem net universitären Institut gemaach hunn. An dës Institute sinn awer laut EU-Richtlinien net autoriséiert, fir ECTSen ze akkreditéieren a kënnen legal gesinn nëmme Stonnenzuele certifiéieren. An Däitschland ass dat kee Problem, well do d'Méiglechkeet besteet, als Ausbildungsinstitut carrément uerkannt ze ginn.

Et ass gewosst, dass d'Uni Lëtzebuerg schonn am Virfeld vun deem Gesetz zënter Hierscht 2013 e Master an der Psychotherapie ubitt an domat elo scho vu virera gewëss Standarder festgeluecht huet. Déi Formation ass zwar vill sproocheg, mä vläicht net esou villsäiteg, wéi dat wünschenswäert wier. Si ass nämlech besonnesch op verhaltenstherapeutesch Therapie achséiert.

An hei en Appell säitens der CSV, fir d'Uni mat anzubezelen, fir d'Formation vum Master verstärkt ze dévoppéieren a Richtung vun engem Enseignement duerch, wa méiglech, Professere-Psychotherapeuten vun nach méi verschiddene psychotherapeutesch Methoden, déi kënnen enseignéiert ginn, achséiert op verschiddene Alterskategorien an Typen vu psychesche Stéierungen, wéi dat och an der Praxis de Fall ass. An des Weidere wier och nach d'Recherche ze féerden.

Nach eng Remarque zu der Supervisioun vum praktesche Stage, deen de Student muss während senger Formation maachen. Hei huet d'CSV insistéiert, dass de Stage net exklusiv am Spidolsmilieu daerf stattfannen.

Den Text schwätzt och vun enger Formation continue vun de Psychotherapeuten. Do gëtt awer net drop agaangen, wéi dee Suivi soll sinn, ob se kontrolléiert gëtt. Mä wa mer awer hei vun esou enger héijer Qualitéit schwätzen, wéi dat soll zu Lëtzebuerg de Fall sinn, misst awer och d'Weiterbildung e bësselche méi preziséiert ginn - eppes, wat mir hei als CSV am Text vermessen.

D'CSV hat sech och staarkgemaach fir gutt Sproochekenntnisse vum Psychotherapeut, well d'Sprooch ass d'Aarbechtsinstrument, woumat en de Patient behandelt. De Psychotherapeut muss an enger Sprooch schwätzen, déi de Patient versteet, wat besonnesch wichteg ass am Fall vun enger psychologescher Krisis, wéi bei Selbstmordgefor.

D'Regelung ass elo déiselwech wéi déi fir d'Dokteren, a laut EU-Virgabe kënnen mer net méi froen. D'CSV féert awer, dass dat net duergeet fir dësen Typ vun Aktivitéit, well ech gesinn et awer nun emol schlecht, dass en Dolmetscher an enger psychotherapeutischer Sitzung niewendruséiert, an ech féierte ganz, déi géif hir therapeutesch Wierkung verfeelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e ganz grouse Punkt ass d'Unerkennungsprozedur vun der psychotherapeutischer Formation, déi no der Basisausbildung gemaach gëtt. En attendant, dass vläicht eng kéier eng harmoniséiert europäesch Regelung vun Beruff vum Psychotherapeut kennt, gëtt d'Gesetz vun 2009, dat d'EU-Direktiv vun der reglementéierter Beruffer ëmsetzt, em de Beruff vum Psychothe-

rapeut erweidert a läit also an der Kompetenz vun Héichschoulminister. De Rapporteur huet et och gesot.

D'Angscht vu ville Professionellen, déi elo um Terrain als Psychotherapeut schaffen an elo amgaang sinn ze studéieren oder déi sech wëlen als Psychotherapeut ausbilde loosse, ass, wéi eng Diplomer an Titelen aus dem Ausland uerkannt ginn. Onkloer ass, wéi eng Zousatzformation respektiv Kompensatiounsmaassnahmen ënner Ëmstänn mussen nogemaach ginn. Hei dierf keen Arbitraire opkommen. Hei mussen transparent an objektiv Kritären opgestallt ginn.

An ech verweisen och do op d'Stellungnahm vun der Regierung zur Motioun vum 18. Dezember 2014 vu menger Fraktiounskolleegin Martine Hansen, wou se d'Regierung opfuert, d'Unerkennungsprozedur bei de Gesondheets- a Sozialberuffer ze evaluéieren an ze verbessere. An d'Gesetz muss effektiv ugepasst ginn, well eng nei Versioun vun der EU-Direktiv virgesäit, fir d'Prozedur ze vereinfachen, a virun allem souwuel de Refus wéi déi sougenannte Kompensatiounsmaassnahmen obligatoresch justifiéiert ginn.

Et wier jiddefalls all Concernéierte wärmstens unzeroden, sech säin auslännesche Psychotherapeutendiplom oder Certificat offiziell a sengem Studiendiplom fir d'Éischt uerkennen ze loosse, ier e seng Demande zu Lëtzebuerg erarecht. Potenziell, schätzen ech, kéinten tëschen 600 bis 700 Psychologen a Generaliste plus e bësse méi wéi eng 1.500 Studente vu béiden Zorte betraff sinn.

Begrëssenswäert ass jiddefalls an den Ae vun der CSV, dass d'Iwwergangbestëmmungen nodréiglech opgelockert goufen. Sou kréien och déi Professionell mat enger anerer Basisausbildung nach während dräi Joer jo d'Méiglechkeet, uerkannt ze ginn, wa se en anereren Diplom hunn oder Titel oder Certificat, wa se mindestens 450 Stonne speziell Formation a Weiterbildung an der Psychotherapie hunn oder mindestens fënnf Joer psychotherapeutesch Praxis kënnen virweisen. Déi hätten och soss riskéiert, an d'Illegalitéit ze falen. Mir wëssen awer leider net, wéi vill dass do där sinn.

Hei stelle mer awer och nach d'Fro, firwat de Collège médical eleng an d'Spill kënn, fir de Volet vun der Psychotherapie unzëerkennen, an de Conseil scientifique just en Avis gëtt. De Collège médical bestëmmt iwwregens och d'Psychologevertrieber an deem Conseil. Jiddefalls kréien de Collège médical an de Minister hei en enorme Pouvoir, fir an cas par cas ze decidéieren, ob den Zertifikat oder Diplom, dee se hunn, als equivalent uerkannt gëtt.

D'CSV hätt kloer an transparent Regele virgezunn a fënnt et net gutt, fir vill Leit am Onkloeren ze loosse. Ech wëll dat net weider kommentéieren, mä ech wëll drop hiweisen, dass an Däitschland zum Beispill och Pädagoge kënnen Psychotherapeut ginn, wann déi Schoul, op där se d'Formation maachen, dat zouléisst. Dat ass de Fall zum Beispill bei de Kanner- a Jugendpsychotherapeuten, déi souguer deelweis als Facharzt uerkannt sinn. A bei eis ass déi Dier elo zou. Dat ass am Fong just nach an den Dispositions transitoires vum Projet de loi virgesinn.

Mä wat maachen déi, déi ënnerwee sinn, déi innerhalb vun deenen nächsten dräi Joer net fäerdig sinn? Well dat ass eng ganz laang Dauer vu Studien an deem dote Fall. An an deem Fall hate se hir Studien ugefaang, wéi d'Konditiounen vun der Stee nach net bekannt waren!

An dann och nach d'Fro un d'Regierung: Wat fir eng Ressourcë gedenkt se anzusetzen, fir deen initialen Ustuerm vum Zouloosungsmandé fir d'Diplomuerkennungen an och fir d'Formationsuerkennungen, d'Autorisations d'exercer an engem rasonablen Delai ze bewältegen?

De wëssenschaftleche Bäirov vun der Psychotherapie huet ausserdeem e Wiertche matzschwätze beim Curriculum an decidéiert iwwer déi zougeloossen Therapiemethoden. A mir wëilten och opruffen, dass déi Komposition, déi zwar bekannt ass, opgrond vun engem Kandidaturpruff soll gemaach ginn, an dass déi Komposition soll multidisziplinär a polyvalent gemaach ginn. An et ass och wichteg, dass dee Conseil scientifique ëmmer um aktuellste Wëssensstand ass, fir ze wëssen, wat fir eng nei Methode kënnen zougelooss ginn.

Ech ruffen och hei d'Deklaratioun vu Stroosbuerg zur Psychotherapie an Erënnerung, déi awer, dat huet de Rapporteur net gesot, och festgehalen huet, dass d'Diversitéit vun de psychotherapeutesch Methode muss assuréiert a garantéiert ginn. An d'CSV ënnerstëtzt dat.

Mir plädéieren dofir, dass an deem interne Reglement vun deem Bäirov dofir och methodesch Kritäre festgeluecht ginn, déi och

d'Pluralitéit vun deene Methode kënnen festhalen. An am Kontext vun der Beruffsregelung insgesamt verweisen ech och op déi international Richtlinie vun der Europäescher Association vun de Psychotherapeuten, déi Member si vum Weltrot vun der Psychotherapie, a selbstverständlech och vun der Europäescher Federatioun vun de Psychologieassociatiounen.

Et muss ee sech bewosst sinn, dass vill Leit dobaussen net kënnen den Ënnerschied maachen tëschen engem Psycholog, engem Psychanalyt, engem Psychiater, engem Psychotherapeut oder soss engem psychopädagogeschen a soziale Beruff. Dem Client, oder besser dem Patient, deem ass et am Fong wichteg, dass e gehollef kritt. A bei deen ee passt besser déi eng Approche, bei deen anere besser déi aner.

Mä op jidde Fall muss mir als Politik de Kader sécherstellen, dass do, wou Psychotherapeut dropsteet, och Psychotherapeut dran ass. D'Patiente muss viru Scharlatane geschützt ginn! Et riskéiert awer eng Veronsécherung bei de Leit ze bleiwen, well eben eng ganz Rei Professionellen, déi zwar hir Preuve um Terrain gemaach hunn, hei zu Lëtzebuerg net reglementéiert sinn, dorënner schonn de Psychanalyt, zum Beispill de systemesche Familjetherapeut, de Musicothérapeute, de Konschttherapeut, fir nëmme déi puer ze nennen. Dat wier sécherlech eng Aufgab fir d'Zukunft.

A besonnesch ass et wichteg, de Public, virun allem déi betraffe Leit, déi Professionell, déi an der éischter Linn schaffen, gutt ze informéieren an opzklären, eng nei Kultur ronderëm de Wuertgebrauch vun der Therapie ze schafen a vläicht méi virsichteg domat ëmzagoen. A firwat net dat an eng Preventiounscampagne fir déi psychesche Gesondheet an déi fréi Détection vun de psychesche Stéierungen apaken? Do missten och d'Medie mat agebonne ginn. A firwat och net en userfrëndleche Guichet unique „santé mentale“ schafen?

E puer Remarques nach zum Beruffsstand. Zu den deontologesche Regelen: Déi si weder Neiland fir d'Dokteren nach fir d'Psychologen, well zum Beispill déi Lëtzebuurger Gesellschaft fir Psychologie, déi huet sech schonn 2001 e Code de déontologie ginn.

Zwu Froen nach un d'Madame Minister zum Collège médical, zu deem dee Beruffsstand zougeuerdnet ass. De Beruff vun Psychotherapeut ass jo en autonome Beruff. An Däitschland gëtt et zum Beispill eng eege Psychotherapeutekammer nief der Ärztekammer. Duerfir meng Fro: Wéini soll déi Reorganisatioun vum Collège médical, déi am Fong am Tirang läit, am Sënn vun enger méi grousser Onofhängegkeet vun deenen diversen Ordres sinn, déi an deem Collège médical Member sinn?

An eng weider Fro, ob Iwwerschneidunge besti vun deem Informatiouns- a Mediationservice aus dem Patientengesetz par rapport zu der Schlichtungsfunctioun vum President vum Collège médical am Fall vu Litigen.

Mä leschte Schwéierpunkt, Dir Dammen an Dir Hären, geet em d'Plaz vun der Psychotherapie an eisem Gesondheetssystem. E Gesondheetssystem, dee sech modern a performant wëllt ginn, muss hautdesdaags och d'Psychotherapie virgesinn an och a kloer definiéierte Fäll no transparente Regele rembourséieren. Dofir ass et fir mech onverständlech, firwat de Gesondheitsministère net parallel d'Preparative vun der Prozedur lancéiert huet bei der Nomenclatures-Kommissioun, wou d'Akten definiéiert gi fir de Remboursement vun der Gesondheetskeess, quitte dass deen neie Gruppement vun de Psychotherapeuten als de Verhandlungspartner muss gegrennt ginn.

Mä ech fuerderen heimat awer och d'Regierung op, fir dës Grënnung proaktiv mat ze begleeden an och d'Prozedur vun der CNS, wou jo och d'Berechnung vun Käschtpunkt gemaach ginn, esou schnell wéi méiglech unzuekuelen. Mä dofir misst een och op där anerer Säit emol wëssen, wéi vill eis d'psychesch Problemer de Moment insgesamt och wirtschaftlech kaschten. Firwat och net hei auslännesch Experte mat bäizéien?

D'Patiente stinn um Spill a si mussen de Moment scho laang Waardezäiten a Kaf huelen. An hei ass, an den Ae vun der CSV, kostbar Zäit verluer gaang. D'CSV huet och déi Fro do e puermol opgeworf, mä do ass gesot ginn: Fir d'Éischt den Inhalt vum Gesetz an duerno kucke mer.

D'CSV huet och d'Fro opgeworf vum internationalen Referenzkader, deen déi psychesch Krankheeten definéiert. D'Majoritéit wëllt dat awer net an de Gesetzestext mat aflësse loosse aus Flexibilitäitsgrënn. Genannt gouf jo do déi zéngt Versioun vun den internationale Krankheeteklassifizéierung vum der Weltgesondheitsorganisatioun. An d'Interpretatioun ass awer net ëmmer evident.

(Coup de cloche de la présidence)

Jo, Här President, ech kommen - nach e puer Sätz, wann Der erlaabt - zum Schluss.

Wat ass nämlech eng psychesch Krankheet? Wat ass en Trouble mental? Wéi preventiv wëlle mer virgoen? Ass et net besser, déi psychesch Problemer am Ufank ze traitéieren, ier se zu Krankheete gi sinn, an dass domadder de Käschtpunkt reduzéiert gëtt? Well och d'Krankheess huet an hirem Avis dorobber higewisen, dass et ganz schwéier wier, dat doten ze definéieren an ausenanzehalen, an ob mer hei net mangels onklorer Definitiounen vläicht kënnen och e Risiko vun engem méi grouse Contentieux an deene Saache kréien. Wëlle mer wierklech déi psychesch Problemer medicaliséieren? Déi politesch Diskussioun, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, hu mer nach net gefouert.

Op jidde Fall, Här President, ech kommen zum Schuss a wëll domadder soen, dass de Psychotherapeuteberuff net an engem loftleere Raum hänt. A mir hunn natierlech an der Santékommissioun déi Froen all opgeworf, kruten awer net op alle Punkte Satisfaktioun. Mir wëilten eis dofir och beim Gesetz enthalten. An dofir kommen ech och zu enger Motioun, Här President, déi ech hei wëll ofginn. Wann ech gelift!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- saluant la réglementation de la nouvelle profession de santé de psychothérapeute;

- considérant la complexité de la mise en œuvre de la nouvelle loi;

- rappelant le Plan d'Action pour la Santé Mentale 2013-2020 de l'Organisation mondiale de la Santé (OMS);

- renvoyant au «European Pact for Mental Health and Well-being», 2008;

- considérant le rapport d'expertise CRP-Santé «La réforme de la psychiatrie et politique de santé mentale», septembre 2013, Grand-Duché de Luxembourg;

- se référant à la déclaration européenne relative à la psychothérapie, dite «Déclaration de Strasbourg» de 1990 du Conseil de l'Europe;

- en l'absence d'une harmonisation, au niveau européen, de la formation et de l'exercice de la profession de psychothérapeute;

- se rapportant aux lignes directrices de l'Association Européenne de Psychothérapie (AEP);

- se référant aux lignes directrices de la Fédération Européenne des Associations de Psychologie (FEAP);

- considérant que l'Université du Luxembourg offre une formation de Master en psychothérapie depuis 2013, partant en amont de l'adoption d'une législation en la matière;

- prenant note que l'actuel texte de loi n'intègre aucun équivalent horaire pour les 70 crédits ECTS (European Credit Transfer System), par référence au processus de Bologne, que doit compter le cursus des études de psychothérapie, les formations universitaires constituent de fait la seule et unique référence et excluent d'office toutes les personnes ayant fait leur formation en dehors de l'Université, comme les instituts de formation non universitaires qui, selon les directives européennes, ne sont pas autorisés à accréditer des ECTS et ne peuvent donc légalement que certifier les présences en termes d'heures de formation;

- considérant la loi du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient, portant création d'un service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé;

- vu l'article 62 alinéa (1) du Code de la Sécurité sociale, définissant les critères de représentativité des groupements professionnels qui concluent des conventions avec la Caisse nationale de Santé (CNS);

- vu les articles 65 et 65bis du Code de la Sécurité sociale, le règlement grand-ducal du 30 juillet 2011 relatif au fonctionnement de la Commission de nomenclature des actes et services pris en charge par l'assurance maladie ainsi que le règlement grand-ducal du 26 octobre 2011 instituant un Conseil scientifique du domaine de la santé;

- vu la nomenclature des actes et services des médecins en vigueur en matière de neurologie, psychiatrie et gériatrie;

- vu la Convention entre l'Union des caisses de maladie et l'Entente des gestionnaires des structures complémentaires et extra-hospitalières en psychiatrie a.s.b.l. (EGSP), entrée en vigueur le 1^{er} janvier 2008;

- vu les règlements grand-ducaux pris en exécution

tion de la loi modifiée du 16 décembre 2008 relative à l'aide à l'enfance et à la famille;

- soucieuse des longs délais d'attente actuels en matière de prise en charge psychiatrique, psychologique et psychothérapeutique;

- craignant que le grand public et surtout les personnes-cibles de la présente loi resteront exposés sur le marché à toute une gamme de prestations non réglementées offertes par divers acteurs;

invite le Gouvernement:

- à prendre dans les meilleurs délais et de manière coordonnée toutes les mesures nécessaires en vue de l'application de la présente loi en concertation et en dialogue avec tous les acteurs impliqués;

- à libérer les ressources nécessaires afin de garantir le traitement, dans un délai raisonnable, de l'afflux initial prévisible de demandes de reconnaissance des diplômes, certificats ou autres titres étrangers et de demandes d'autorisation d'exercer;

- à se faire accompagner dans le cadre de la mise en application par un «steering group» auquel sont associés des experts externes;

- à nommer les membres du futur Conseil scientifique de psychothérapie sur base d'un appel aux candidatures tout en veillant à leur multidisciplinarité et à ce que le règlement interne y relatif, incluant des critères méthodiques, s'oriente aux dispositions et recommandations ci-avant afin que la pluralité des méthodes psychothérapeutiques soit assurée et garantie;

- à inciter de manière proactive la création d'un groupement luxembourgeois représentatif des psychothérapeutes aux fins de la négociation d'une convention avec l'Union des Caisses de Maladie, réglant la prise en charge des actes et services professionnels dispensés par les psychothérapeutes;

- à saisir la Commission de nomenclature afin de démarrer dans les meilleurs délais la procédure de la définition des actes et services professionnels dispensés par les psychothérapeutes et, le cas échéant, afin de conclure un partenariat avec un service spécialisé international ou de s'adjoindre un expert international;

- à faire avancer la réorganisation planifiée du Collège médical dans le sens d'une plus grande autonomie des différents ordres y regroupés;

- à impliquer l'Université du Luxembourg dans la mise en application de la présente loi aux fins d'une adaptation de la formation de Master en psychothérapie se rapprochant de la pratique dans le sens d'un enseignement d'une pluralité des méthodes psychothérapeutiques applicables à diverses catégories d'âge et de troubles mentaux des patients;

- à créer ou renforcer les conditions organisationnelles et financières promouvant la recherche évaluative dans le domaine de la psychothérapie;

- à lancer une large campagne d'information et de prévention permettant d'éclairer le public sur les différents types de prestations et prestataires officiellement reconnus, de prévenir les troubles mentaux, d'en améliorer le dépistage précoce et de promouvoir la santé mentale;

- à créer un guichet unique «santé mentale» garantissant l'accès égalitaire et facile de toutes les personnes concernées aux informations et aux soins;

- à procéder à une évaluation et un bilan de la mise en œuvre de la présente loi intégrant l'appréciation par les patients concernés, l'évolution de la législation européenne en la matière et l'évolution des troubles mentaux dans notre société.

(s.) Sylvie Andrich-Duval.

An déi ech nach an zwee Wieder brauch eigentlech just ze kommentéieren, well all dat, wat an där Motioun steet, hunn ech a menger Ried agepaakt, wou ech am Fong d'Regierung opfuere, fir déi Schwaachpunkten, déi am Gesetz nach sinn, unzuegoen, fir och en „steering group“ zum Beispill nach anzusetzen a fir eng Evaluatioun maachen ze loosse vum Gesetz, wou och d'Patiente mat abezu ginn an och déi europäesch Gesetzgebung am Ae gehale gëtt an och d'Evolution vum de psychesche Stéierungen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass ech e bësse Support kréie fir déi Motioun hei vun de Kolleegen an der Chamber. D'CSV-Fraktioun steet jiddefalls hannendrun. A mir wäerten eis, wéi gesot, beim Gesetzesprojekt hei enthalen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Andrich. Wann Der erlaabt, ech wollt just der Madame Andrich soen, dass de fréiere Gesondheitsminister mech gebieden

huet, hir ze rappeliéieren, dass hie séngerzäit de Projet de loi am Numm a mam Accord vun der gesamter Regierung deponéiert huet.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hunn där Bitte dann heimadder Genüge gedoen an d'Madame Andrich doriwwer informéiert, wat de fréiere Gesondheitsminister mer an d'Ouer geflüstert huet.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Här President, dierf ech nach dozou eppes soen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Selbstverständlich!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Merci, Här President. Dat ass mer ganz kloer bewosst. Zu deem Zäitpunkt war awer och den Avis vum Statsrot nach net do, wéll ech rappeliéieren. Well d'CSV dréit jo awer dee Projet, wat d'Objektiver ubelaangt. An ech wéll och rappeliéieren, dass den Däiwel am Detail läit. De Rapporteur sot et och schonn. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ma ganz gär geschitt. Dann huet d'Wuert den Här Goerges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Spriecher vun der LSAP wéilt ech zu e puer Saachen awer hei Stellung huelen. Fir d'Éischt wéilt ech soen, dass dat, wat den Här President elo grad gesot huet, dass dese Gesetzestext...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Muss net d'Riednerléschcht agehale ginn, Här President?

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Wat gelift?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et ass fir d'LSAP.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Ah sou, pardon.

(**Brouhaha**)

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Ech hu mer d'Wuert net geholl, ech hunn d'Wuert vum President kritt. An ech stinn hei als Vertrieeder...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Urbany!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Voilà. Fir d'Éischt wéilt ech soen, dat, wat de President och gesot huet, dass hei de Gesetzesprojekt déposéiert gouf de 6. Juni 2013 vun der Majoritéit CSV/LSAP, dass dat gemaach gouf vum deemolege Gesondheitsminister, dem Mars Di Bartolomeo, an dat am Numm vun der ganzer Regierung. Deen Text ass also vun der CSV dee Moment gedroe ginn.

Ech muss och soen, dass am Kader vun dem Speech vun der Madame Andrich, mengen ech, dat Wuert, wat am meeschte gesot ginn ass, dat war d'Wuert „CSV“. Et gouf ëmmer erëm gesot, wat d'CSV an deem Projet esou Guddes an esou villes Exzellentes gemaach hätt. Wann Der an de Sitzung mat derbäi gewiescht wäert, an Dir konnt dat an de Rapporte jo alleguerten noliesen, dann hätt Der awer dee Schlaangewee vun der CSV an deem Dossier kënnen novollzéien, well et war net ganz evident, erauszufannen, wéi dann elo d'Positioun vun der CSV wier.

Virun de Wahlen, nodeems de Projet fir d'Éischte Kéier de 4. Juli 2013 an der Kommissioun beschwat gouf, wou d'Vertrieeder vun der CSV an der Kommissioun - d'Madame Andrich, d'Madame Arendt, den Här Oberweis, den Här Meyers an d'Madame Frank - gesot hunn, dass dese Projet e gudder Projet wär, si am grouse Ganzen dee Projet hei och matgedroen hunn, och eng ganz Rei vu Saache mat ënnerstëtzt hunn, déi och déi deemoleg Majoritéit mat ënnerstëtzt huet, war dann op eemol de 17. Juni 2014...

(**Brouhaha**)

...de 17. Juni 2014, ee Joer duerno,...

(**Brouhaha**)

...war awer e Revirement vun der CSV ze gesinn, dee bal net méi auszehale war,...

(**Interruptions diverses**)

...wou Leit aus der Kommissioun, déi viru mat Jo geäntwert hunn, dann op eemol sech hu missen enthalen op Drock vun anere Leit aus der Kommissioun, déi du sech do an Zeen gesat hunn a gesot hunn, dass se net méi domadder d'accord wäeren an dass d'Positioun vun der CSV am Laf vun engem Joer radikal geännert hätt. Dat ass et ginn an deemem Projet.

(**Brouhaha**)

Dat huet natierlech och mat sech bruecht, dass eng Rei vun Diskussiounen méi laang gedauert hunn, dass dat och méi extensiv gefouert ginn ass. An duerfir hu mer och zwielef Sitzunge gebraucht, fir den Text do ze finaliséieren.

Wann elo gesot gëtt, et wär de Wëlle vun der Majoritéit gewiescht, fir den Text hei duerchzeboxen, da kënt Der sécher sinn, dass mer keng zwielef Sitzunge gebraucht hätten, fir den Text hei ze finaliséieren! Mir hätten eis mat véier Sitzunge kënnen begnügen an da wär alles un an aus gewiescht. Mir wöllten eis absollutt net virwerfe loosse, dass mer den Text hei wéilt duerchboxen. An duerfir hu mer dann tous les détails, an ech mengen, mat der CSV, e ganz gudder Projet hei op den Dësch geluecht, dee wierklech all deenen Detailfroen esou gutt wéi méiglech Rechnung gedroen huet.

An Dir hutt et selwer gesot, Madame Andrich: Et war net einfach, hei alleguer déi Linne beineenzekeieren, déi an deem Dossier matgeschwat hunn. Dat war eng Sisyphusaarbecht. An ech mengen, dass mer hei awer e ganz gutt Gesetz duerfir gemaach hunn.

Duerfir verstinn ech och net, wann Der sot, dass d'Majoritéit gesot hätt, mir maache fir d'Éischt de Contenu vum Gesetz an de Rescht duerno. Majo, et geet em de Contenu vun deemem Gesetz. An et ass jo kloer, dass d'Majoritéit sech fir d'Éischt em de Contenu vun deem Gesetz këmmert, ier se vläicht accessoire Froen hei wéilt traitéieren.

Duerfir wéilt ech nach eng Kéier soen, dass dat heiten e Gesetz ass, wat d'vollst Vertraue vun der LSAP-Fraktioun huet. Wou mer mat de Leit aus der Kommissioun, awer och mat de Leit vum Ministère konnten hei e Gesetz maachen, wat d'Linn hält a wat virun allem den Objektiver vum Gesetz nach ëmmer Rechnung dréit, nämlech der Qualitéit, souwuel vun der Formatioun vun deenen, déi herno Psychotherapeut sinn, wéi dann awer och der Sécherheet vun deene Leit, déi kënnen vun deene Serviceer vum Psychotherapeut da profitéieren. Nämlech dass d'Patienten ënner uerdentleche Konditiounen kënnen vun deene Leit traitéiert ginn an dann och wëssen, dass se do eng Behandlung kréien, déi Kapp a Fouss huet an déi gepréift ass, souwuel vun der Formatioun vun de Psychotherapeute wéi awer och vum Ministère.

Sou, dat gesot, ginn ech nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun der LSAP.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nächsten geschriwwene Riedner ass den Här Edy Mertens.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass wichteg, dass mer an eiser Gesondheitspolitik de Fokus net nëmmen op déi physisch, dat heescht kierperlech, mä natierlech och op déi psychesch Gesondheet leeën. Och psychesch krank Leit brauchen eng adequat medezinesch respektiv therapeutesch Versuergung. Si brauchen, niewent der Behandlung vun deenen akute Symptomer, och Hëllef, fir hiert Liewe mat hirer Krankheet kënnen ze meeschteren, gradesou wéi Moosnamen, déi eng Verschlëmmung vun där Krankheet verhënnere.

Mir liewen an enger Gesellschaft, an Dir hutt et sécher alleguerten och ewell matgemaach, an där natierlech Hektik am Alldag, Stress, Leeschungsdruck op der Aarbecht, an der Schoul quasi zu engem alldeegleche Phenomeen gi sinn. Vill Leit kënnen gutt domat emgoen, awer och ëmmer méi Leit kréien do grouse Problemer. Déi Wieder, déi mer alleguerten kennen, déi fréier kee Mënsch kann huet, dat ass dat „Ge-burn-outs“ oder d'Depressioun, déi sinn natierlech un der Dagesuerdnung. Wann e puer Leit an der Grousgaass beieneestinn, da geet et lass. Soss hu se geschwat: Wou hues de déi schéi Posch kaaft? Élo geet et: Ech si gestrest. Ech hunn Depressiounen. Ech hunn e Burn-out. Et schéngt also eppes sech ze änneren, geännert ze hunn.

Och wa psychesch Krankheeten dann ëmmer méi dacks och medial thematiséiert ginn, esou bleift dach awer nach vill, vill Oplärungsarbecht ze leeschten, fir datt des Krankheeten natierlech aus dem Eck vum Tabu erausgeholl ginn. Des Diskussioun géif allerdéngs sécher hei de Kader sprengen, d'Riedezäit wäit iwwerschreiden. An ech kann lech just soen aus 32-jähriger Erfahrung als Hausdokter, dass awer déi dote Problemer, géif ech soen, wéi och viru d'Statistik genannt gouf, esou 25% bis 30% vun der Aarbecht vun engem Praktiker ausmaachen.

Här President, dat virleidend Gesetz huet eng ganz laang Virlafzäit. Am Fong geholl huet et säin Ursprung an enger Motioun, déi d'Chamber den 29. Januar 2004 am Kader vun engem Débat iwwert d'Reglementatioun vu verschiddeenen Disziplinen vun der net konventioneller Medezin ugeholl huet. Deemools gouf d'Psychotherapie als eng vun de fënnf Branchen identifizéiert, bei där gesetzlechen Handlungsbedarf géif bestoen.

An haut, méi wéi zéng Joer duerno, gëtt mat deemem Text de Beruff vum Psychotherapeut zu

Lëtzebuerg reglementéiert. Reglementéieren, dat heescht an eisen Aen awer och, dass e Kader geschaf gëtt, fir déi Disziplin ze akzeptéieren als Profession de santé. Dat wéll ech nach eng Kéier hei betounen: Dat ass eng Profession de santé an net eng Profession médicale!

Reglementéieren heescht virun allem awer och, déi noutwendeg Formatiounen an Ausbildung definéieren. Reglementéieren, dat bedeit awer och, an net zulescht, kontrolléieren, Kontrollmechanismen opstellen, fir déi an de Grëff ze kréien, déi dorëmmer ënner engem aneren, falsche Fändel segelen an déi sech ënner dem Deckmäntelche vun der Komplementarmedezin probéieren, breetzemaachen, Geld ze verdéngen, Scharlatanerei ze bedriewen a ganz villes zum Onwee ze maachen.

Ier een als Législateur awer eppes ka reglementéieren, muss een natierlech wëssen, vu wat ee schwätzt respektiv et muss ee sech eens sinn iwwert d'Definitioun vun deem, wat soll do reglementéiert ginn.

Ech wéll net nach eng Kéier op den Detail vun den Diskussiounen an der Kommissioun agoen. Ech wéll awer soen, Madame Andrich: Mir souze beieneen an der Kommissioun, ech wor an där selwechter Kommissioun wéi Dir, et kann een awer net soen, dass mir kee gelauschert hätten!

Mir woren nämlech déi, de Kolleeg Dokter Krieps an ech, déi gesot haten, mat lech zesammen, et misst een awer nach vläicht deen een oder aneren dohinnerbestellen an driwwer diskutéieren, soudatt mer gelauschert hunn.

Ech muss lech awer soen, wéi mer dat dunn e puermol gemaach hunn, krut ech awer iergendwéi a mengem Bannendran e komescht Gefill, dass ech gemengt hunn: „Et wäert jo net esou viruueen, well dann ass dat Gesetz, da bass du ewell, ech weess net wou, begruewen, dann ass et nach ëmmer net fäerdeg“, well do koumen op eemol déi komeschste Saachen zur Diskussioun!

An ech, ech als Dokter an als een, deen awer och iergendwéi op enger Universitét wor, hat ni eng Schwieregkeet, mech un iergendeppes ze halen. Ech hat zwar verstanen dee grouse Problem, deen Der hat, wou vun ech och net esou vill kennen, mat deenen, déi an de konventionéierte Betriber schaffen, eng ganz gutt Aarbecht do leeschten an esou, mä ech wéll nëmme just soen: Fir mech wor awer kloer, an ech hu mam Rapporteur dat e puermol diskutéiert: Hei schafe mir e Kader, mir schafen e Kader, wou s de erapass a wou Bedéngungen do sinn, déi ee muss erfëllen, fir herno, no enger dräijähriger Ausbildung, déi een dann och ka maachen, wou jo d'Méiglechkeet ass, se nozemaachen, fir en Titel droen ze kënnen. Deen Titel ass „Psychotherapeute“ an erlaabt engem, Psychotherapie auszeüben.

Ech kann dozou nëmme soen: Domat hate mir ni e Problem. Den Dokter Krieps och net. Also, vun der DP aus kann een net soen, dass mer do geklongen hu wéi an der Opposition! Also, ech fannen dat iergendwéi net richtig, well mir sinn eis scho bewosst, dass een e Beruff nëmme kann ausüben, wann een déi Formatioun huet.

Ech kann lech och folgend Beispill soen: Als Hausdokter an der Wüst an am Land douewen hunn ech deslescht nach engem d'Zänn gerappt, wéi am ganze Land keen Zännndokter ze fanne wor. An do hunn ech deem d'Zänn gerappt an ech hunn em eng Rechnung geschriwwen. An ech hätt jo do vläicht kënnen dropschreiwen „Service de nuit“, iergendeppes. Neen, eierlech wéi ech sinn, hunn ech gekuckt bei den Dentisten a schreiwen dann Extraction dentaire, mat dem Tarif drop, dee si kréien. Ech wouss dunn och, firwat datt den Zännndokter keen Déngscht mécht, well datt ass esou weéne, datt s de bal e Laachkrämpche kriss. Also...

(**Hilarité**)

...beim Coiffeur kritt Der méi.

Mä du krut dee gudden Här, deem ech déi Zänn gerappt hunn, dat zréckgeschéckt vun der Krankeess an do stoung drop: „Wennt lech nach eng Kéier un Ären Dokter, well Ären Dokter ass net Zännndokter.“ An du wor ech mer bewosst, dass ech vläicht awer wahrscheinlech ewell 200 Zänn gerappt hunn zu Clierf.

Mä ech si keen Zännndokter, ech behaupten net, dass ech Zännndokter wier. An ech soen zu mengem Zännndokterkollegen: Ech hunn lech eigentlech nëmme gehollef, well ech net wouss, dee wor wierklech total ratschfaul oder d'Wuerzel souz dran, an ech hu se erausgeholl, a well ech dat geléiert hunn op der Schoul - mir hunn dat missen an eiser Ausbildung nach maachen, „Zännndokter“, téschent dausend Gänseféisercher -, hunn ech se gerappt. Also, wat ech net sinn, an en Titel, deen ech net hunn, datt ginn ech och net reklaméieren, och wann ech gutt Aarbecht gemaach hunn!



A wann ee Psychotherapie mécht, da kann ech soen: Do muss mer e groussen, groussen Ennerscheid maachen. Also, ech behaupten ëmmer, ech kenne wierklech vun der Psychologie a vu Psychotherapie näischt. Mä ech behaupten, datt ech an 32 Joer als Landdokter, esou kënn mir ëmmer vir, Psychologie a Psychotherapie exercéiert hunn, a ganz dacks: Bei Stierfäll, bei Krankheet, bei schwéierste Stroossenaccidenter mat zwee doudege Kanner, déi platt woren, bei all Méiglechkeet hunn ech mäi Mann gestallt. Ech hunn awer keen Titel „Psychotherapeut“. An ech verzichten drop. A wann ech e gären hätt, da ginn ech déi Formatioun maachen.

Dofir wor fir mech kloer, wat de Kollege Engel gesot huet: Dat hei ass e Rahmen, do muss mir elo déi dramaachen a mir wellen dee Beruff sécheren. An dat ass jo och ganz gutt esou. Ech wëll just soen, datt all déi Leit, déi dobaussen eng Aarbecht leeschten, sief et bei der Kannerbetreuung oder soss eppes, datt déi eng ganz wichteg Aarbecht maachen, eng therapeutesch wichteg Aarbecht. Si sinn awer vläicht net Therapeut. Wa se also elo an der Iwwergangphas Bestëmmungen erfüllen, déi do virgesi sinn, kënnen se dat jo nomaachen, wa se onbedéngt den Titel wellen droen.

Ech géif awer mengen, mir sollen et net esou dramatesch gesinn, well ech ka mer net virstellen, datt mer déi dowéinst géifen entloossen. Also, dat kënn jo net in die Tüte! Déi Leit hunn eng Aarbecht gemaach, déi exzellente ass, an déi sollen dat och virumaachen, mä vläicht dann net ënnert dem Numm: „Ech sinn de Psychotherapeut.“

Dofir, mengen ech, hätte mir eis an där Kommissioun awer masseng an intensiv domat befaasst. An ech sot nach an där leschter Sitzung, déi mer haten: Elo wäert et jo eriwwe sinn. Elo hu mer e Rahmen, ech mengen, mat deem jiddweree kann eens ginn. An ech mengen, meng Fraktioun mengt och, datt mer op jidde Fall, dat ass eis Meenung, e gudde Kompromëss elo fonnt hunn, mat deem all Akteure kéinten zefridde sinn.

Erlaabt mer awer, datt ech nach e puer méi generell Aussoen iwwer de Stellewäert vun der Psychotherapie an hiren Notzen och fir déi betraffte Patiente maachen. D'Psychotherapie ass net, wéi dacks behaupt gëtt, nëmmen eppes fir Mënsche mat enger psychescher Stéierung.

Och wann d'Akzeptanz vun der Psychotherapie an der Gesellschaft an deene leschte Jore gewuess ass, esou fäerten dach nach immens vill Leit dobaussen, driwwer ze schwätzen, datt si bei ee Psychotherapeut ginn. Wat ech iwwerens schonn eng Kéier gesot hunn hei an enger Ried iwwer d'Psychiatere, genau esou.

Ganz vill Leit verwiesselen dann och de Psychotherapeut mat engem Psychiater. Dat sinn awer zwou komplett verschidde Saachen, obshonn de Psychiater och Psychotherapie ka maachen. Mä de Psychiater ass e medezineschen Dokter, deen also eng Basisformatioun als Dokter huet an duerno, ech mengen, et ass elo iwwerall d'selwecht an der EU, sechs Joer Formatioun muss maachen als Spezialist an der Psychiatrie.

Firwat ass dat esou? An Dir wäert och gesinn, herno, an deem Saz, deen ech nach wäert soen, firwat datt dat esou immens wichteg ass. Dat ass jiddwerengem bewosst, dee weess, wat de Psychiater ass a wat bei e kënn. An do wëll ech elo net direkt, datt een dofir als éischten Uspriechpartner selwer, ouni ee gesinn ze hunn, bei de Psychotherapeut kënn. An dee weess dat och.

Ech ginn lech e Beispill: De Psychiater behandelt, dat wësst Der all, Depressiounen - endogener, exogener -, Manien. Et gëtt forensesch Psychiatrie, et gëtt Kannerpsychiatrie, Adolescenten. Zum Beispill hunn ech deslescht een an de Prisong..., ech hunn en net an de Prisong gesat, mä ech hu mussen e Certificat schreiwen, datt e fir eng Detentiuon capabel wier, an dat wor e jonke Borscht an der Pubertéit, dee mécht Oligophrenie, esou wierklech, en huet d'Téléfonkabinn kuerz a kleng geschloen. Et gëtt da gesot: Jo, déi sinn aggressiv, déi hunn Droge geholl. Neen, en hat keng Droge geholl. E wor wierklech fir d'Psychiatrie. E wor krank. En hat eng psychesch Krankheet.

Deemnächst wëll ech lech soen, Leit tauche bei engem op an dann telefonéiert d'Famill a seet: „Sot, passt awer op, deen ass elo méi komesch ginn. E wäert jo net ewell mat dréseg Joer en Alzheimer maachen!“ Wat huet dee Gudden? Och, nëmme fir ze soen, wéi schwierig dat ze diagnostizéieren ass, en hat zum Beispill e beginnenden Tumor, ouni datt en direkt bei den Dokter kënn mat Sehstörungen, mat Lähmungserscheinungen oder soss iergendeppes. Also, dat Ganzt ass immens, immens komplex.

Da gëtt et déi ganz Branche „psychovegetativ Störungen“. Doriwwer kéinte mer jo 36 Stonne schwätzen. Dat stëmmt. Déi Leit brauchen net onbedéngt vun Dokter zu Dokter, vun Apdik

zu Apdikt geschleeft ze ginn, se brauchen, an hire Fäll, eng richtig psychesch gutt Betreuung. Also, de Psychiater ass de medezineschen Dokter, deen also kuckt: Huet dat, wat deen do presentéiert als Symptom, eppes mat sengem Soma, mat sengem Kierper ze dinn? Kann ech et ausschléissen oder net?

Dann de Fall vun enger Psychos, eppes esou Schlëmme, wat schwéier ze definéieren ass, datt viru kuerzer Zäit, et ass nach kee Mount hier, ech een an d'Klinik geschéckt hunn. Deen hunn ech agewisen a geschriwwen: Et ass en Danger public, e bedrot d'Leit. Et ass ganz schlëmm.

Fir d'Éischt huet en de Patron lassgezunn. An du leeft e mat enger Flënt dorëmmer. Dat war dunn och nach net schlëmm, well e se zum Gléck net gebraucht huet. Do hunn ech gesot: Ma deen huet eng Psychos. Du ginn ech zréckgeruff vun der Klinik, du soten déi mir praktesch: „A wat solls du scho vun enger Psychos kennen?“ Deen huet nämlech den Dokter aus dem Déngscht esou gutt iwwerzeegt a gesot: „Ma, déi sinn all géint mech! D'ganz Duerf huet eng Verschwörung géint mech.“ Entre-temps, mengen ech, ass de Fall geléist. Dat ass eng ganz schwéier Psychos mat Gefor fir dobaussen. Also, et ass nëmme fir ze soen, wéi komplizéiert et ass.

Aner Fäll. All Dokter, deen heibanne sëtzt, kann lech se och verzielen. An et wor net nëmmen eng Kéier, mä e ganz dramatesche Fall, datt een nach owes bei ee kënn, deen ee viru 14 Deeg gesinn hat, wou ee gesot hat: „Ech verlaangen awer, géi dach, wann ech gelift, bei de Psychiater!“ „Neen, ech hat dat schonn eng Kéier viru sechs Joer, dat geet an d'Rei. Wann ech déi Pëlle geholl hunn, da geet et besser.“

Et wor mer awer mulmeg, et wor mer net gutt, du schécken ech en an d'Urgence vun der Klinik. Si haten en och kuerz dogehalen. Zweek Deeg drop wor en erëmkomme, well se gemengt hunn, e wëllt éischten net heibleiwen, zweetens ass et net esou schlëmm. An dann, kaum 60 Joer, e Suicide, wou s de dann deen aneren Dag geruff gëss. An dat ass gang und gäbe.

Eleng d'Thema Suicide, mengen ech, brauch ech heibanne net unzeschwätzen. Dat si Saachen, wouriwwer hei geschwat gouf, dat ass wierklech ganz frequent, ganz heefeg.

Also, deen de Kierper kennt, deen Dokter, deen d'Psyche kennt, dee muss wëssen, wat e muss maachen, fir dee Patient zougängelech ze maache fir den Therapeut. An dofir wëll ech soen, firwat datt et onméiglech ass, datt de Psychotherapeut Medikamenter ka verschreiwen. Dat kann een einfach net dulden, well dee Psychoterapeut muss eng bestëmmten Zort Medikamenter kréien, Neuroleptika, wou e psychovegetativ entkoppelt gëtt, wou en zougängelech gemaach gëtt fir de Patient (veuillez lire: Psychotherapeut).

Wou alt emol déi Dramatik ass an enger Famill no enger Gebuert bei enger Psychos, hu mer alles erlieft. Dat Schlëmmst, wat ech gesinn hunn, dat wor op der Universitét. Do souz eng Fra beim Lift an der Psychiatrie, déi huet nach just sech esou no vir gebéckt, hin an hier. De Professor gouf gefrot vun dräi Studenten: „Wat ass da mat där doter? Mat där kann ee jo net schwätzen.“

„Ja...“, sot de Kryspin-Exner, „...sie sitzt schon drei Jahre so hier. Ganz dramatesch, ech erzielen lech dat.“ - sot en - „20 Deeg no der Gebuert denkt de Mann: «Wat mécht hatt dann elo?»“ Si haten d'Kand am Zëmmer stoen op der Alm, dat wor a Südtirol, mengen ech, wou déi gewinnt hunn, an du werft si d'Kand zur Fëster eraus! Natierlech onverständlech fir d'Famill, mä net méi zougängelech. Dräi Joer hospitaliséiert, och duerch d'Fachärzte, mat de Medikamenter: net méi zougängelech.

Also, dat Ganzt si Grenzen, wéi d'Madame Andrich gesot huet, wat ganz richtig ass, déi ganz schwierig sinn. Et ass schonn net, fir de Geck dermat ze maachen. Et ass wierklech eppes ganz, ganz Wichtigees.

Da komme mer dann awer zu der Psychotherapie, zum Psychotherapeut, deen natierlech mat-hëllef, wéi et elo besser gesot gouf, wéi ech et wahrscheinlech ka soen, vun der Madame Andrich als Spezialistin, dee schafft mat anere Methoden, fir nämlech ze kucken, fir vläicht déi Aart a Weis, wéi de Patient mat senger Krankheet, mat bestëmmte Situatiounen ëmgeet, positiv ze beaflosse mat aneren Therapien.

Dat kënn Relaxatiounsséance sinn. Ech wor nach ni bei engem, ech weess et net. Mä ech weess, datt et exzellente hëllef, wann et an deem richtige Moment op där richteger Plaz abruucht gëtt, an datt et net ass, fir de Geck ze maachen, mä et soll een dann dat richtegt Bild vun deem Beruff am Kapp hunn, well et zirkuléieren nach ëmmer déi falsch Biller dorëmmer. An dofir zécke vill Betreffener, fir bei esou e Psychotherapeut ze goen, och, wann een hinnen

een empfiehlt, och bei de Psycholog, well si wëlle jo net dobausse fir verréckt gehale ginn, esou wéi dat nach dacks an eiser Gesellschaft duergestallt gëtt.

Bis haut, hoffentlech bis zum Vote vum Gesetz, houg de Beruff vum Psychotherapeut souzeosen am loftleere Raum. Et ass awer am Interesse vun alle Concernéierten, ob Therapeut oder Patient, datt dat elo geännert gëtt.

Et kann dach kee soen, datt et normal ass, datt eng erprouft a bewäert Déngschtleeschung wéi d'Psychotherapie net an Usproch geholl gëtt, well déi Betreffen net wëssen, u wie se sech solle wenne an wéi se iwwerhaupt bei esou een Therapeut kënnen kommen an dofir qualvoll Jore mussen hanner sech loossen.

Mir mussen et fäerdegrëngen, fir datt déi concernéiert Leit ouni grouss Émweeër direkt bei engem Psychotherapeut landen, an net zum Beispill bei engem Scharlatan, wéi dat vir-drin erwähnt gouf, dee meeschtens méi Schlechtes wéi Guddes mécht a fir mech all Respekt verluer huet, säitdeem s de higees an du méchs Geld mat Leit, wou s de gesinn hues, an och dee weess, datt et final ass, datt näischt méi ze maachen ass fir déi Krankheet, an dann nach Dausenden an Dausende vun Euroen anzekasséieren, zum Beispill wann eng psychologisch Betreuung gemaach gëtt am Rahme vun engem Kriib. Dat si Saachen, wou dat Gesetz hei seet: Elo geet et duer. Dat ass tout simplement verbueden. Wann een eben net befäegt ass, dee Beruff auszeüben.

Leider ass et nämlech nach esou, datt eng ganz Rei vu Patienten dozou tendéieren, an deene schwierige Situatiounen an d'Hänn vu gewësse Scharlatanen a Sekten ze kommen, wat ech aus berufflecher Erfahrung och ka soen. Dat Schéinst, nëmme just fir heibannen, well et ëmmer esou dréchen ass, nach eng Episod, déi ganz flott ass.

Et ass e Mann aus dem Süden, ganz déif ënnen aus Portugal, am Süde vu Portugal, deen hat mech owes consultéiert. Den Edem ass e siche komm. An de Mann souz déi meescht Zäit op de Knéien hannen am Auto ze kräische vu Péng. En huet gejaut, hat Féiwer, hat Schüttelfrost. Déi sinn owes um eelef Auer zu Lëtzebuerg gelant, hu mech consultéiert. Ech si bal op de Réck gefall. Ech sot: „A wat ass lech da passéiert?“

An du huet de Mann dann erkläert, hien hätt ewell gemengt, et wier eng Bandscheif ënnen am Réck eraus, an e wier bei e Wunderheiler gaangen. An deen huet fonnt, et mistet een en Eise waarm maachen esou wéi bei engem Schmadd, anscheinend sollt dat an enger Apdik geschitt sinn, an en dréckt dem Mann dat an d'Ouer eran, fir datt d'Bandscheif ënnen am Réck sollt erasprangen.

Wat hat de Mann? Eng schwéier Entzündung. Ech hat en deemoos d'urgence bei en ORL geschéckt an duerno ass en zu Aachen gelant op der Uniklinik. Also dramatesch Situatiounen. Ech si frou, datt et esou Saachen hei am Land, ech hoffe jiddefalls, net ginn.

An och an där Branche, deenen déi ausgeliwert sinn, wéi grad an der Psychiatrie an deem doten Domän, muss een oppassen, well déi brauchen net mat deene Geschichten ze hantéieren an et kann een awer en Abus vun deene Leit maachen. Dat ass also iergendwéi inakzeptabel, datt ee mat Handopleeën an anere esoterischem Hokuspokus do wëllt heelen. Dat gëtt net toleréiert an enger moderner Gesellschaft, fannen ech op alle Fall.

Dobäi kann d'Psychotherapie duerchaus als eng ganz wichteg begleedend psychologisch Ennerstetzung bei Schwéierstkranken, wéi zum Beispill bei kriibskranke Patienten oder awer och bei anere schwéiere Krankheeten, agesat ginn. An et ass bewisen, datt parallel zu der medezinescher Behandlung, wou Chemotherapie gemaach gëtt, zum Beispill e positiven Effet ass, wann een eng optimal psychologisch Ennerstetzung kritt, wat iwwerens och bei eis gemaach gëtt, zur vollster Zefriddenheet vun de Patienten, well et ass jo esou, datt si dacks duerno sech sehnen, datt ee mat hinne schwätzt. Si hunn och erausfonnt, datt do duerch d'Schmäerzmëttel fir Kriibspatiente mat Metastasen däitlech erfogsat kënnen ginn.

Esou ass dann d'Psychotherapie, wéi ee se, an eisen Aen, sollt gesinn, eng Ergänzung, e Complément zur traditioneller medezinescher Therapie. Net als Ersatz oder eng Aart Verbesserertherapie. Et geet net drëm, fir hei ee géint deen aneren auszespillen oder alternativ Therapien oder Gott weess wat erëm ervirzehuelen an ze soen: Ech hunn dat bescht Rezept. Weder de Schoulmedeziner huet dat bescht Rezept nach de Psychotherapeut, mä matenee kënnen mer ganz vill vollbréngen.

Et ass esou, datt eng psychotherapeutesch Behandlung d'Liewensdauer net onbedéngt verlängere kann. Si kann de Kranken net onbedéngt heelen, mä si kann awer sécher, sécher

hëlfehen, seng Liewensqualität enorm ze verbesseren.

Här President, ech mengen, et kann een eng Diskussioun ronderëm d'Reglementéierung vun der Psychotherapie net lassgeléist vun der Fro vun de Käschte féieren. Et ginn zwee Campen, zwee Lageren an dëser Diskussioun. Et gëtt op där enger Säit déi, déi behaupten, d'Psychotherapie wier ze deier an hiren Notze wier net nogewisen, wier ongewëss. An op där anerer Säit gëtt et awer déi, déi soen, datt eng psychotherapeutesch Behandlung, zur richteger Zäit, gutt gemaach, net nëmmen de betraffte Patiente psychesch Leide géif erspueren, mä och der Krankekeess a respektiv der Gesellschaft vill Sue géif spueren, well et a villen Domänen ganz gutt hëllef.

Ech sinn der Meenung, datt et muss zu enger Prise de conscience bei de verantwortlechen Akteuren am Gesondheitswiese kommen, wat d'Unerkenne vu psychotherapeutischen Interventiounen ueget. Esou Interventiounen kënnen dem Patient laang Joren un Traitement er-spueren, déi vläicht sännlos sinn.

De Rapport Käschten/Effektivitéit ass, wann een den Experte ka gleewen, ganz favorabel. An anere Wierder: Déi laangfristeg duerch eng Psychotherapie agespuerte Suen decken d'Käschte vun der psychotherapeutischer Behandlung meeschtens. Ech erënneren och drun, datt d'Sozialpartner an de Krankekeessgremien ewell méi wéi eng Kéier de Wonsch no engem Finanzéierungsmodus ausgedréckt hunn. Eng Diskussioun steet allerdéngs nach aus.

ler ech zum Schluss kommen, wëll ech an deem Kontext nach e puer Wierder zu engem méigleche Remboursement vu Séance beim Psychotherapeut soen.

Dëst Gesetz regelt dës Fro net, mä si wäert sech awer an der Zukunft, trotz allem, stellen. Wëssend, datt de Budget vun der Gesondheitskeess sech an engem fragillen Équilibre befënt, a wëssend, datt d'Dépense vun der CNS an deenen nächste Joren éischer net wäerten erofgoen, ass dës Fro ëmsou méi wichtig. De Kuch, deen et ze verdeele gëtt, wäert sécher net méi grouss ginn.

Hei bleiwen nach eng ganz Rei Froen ze klären. Wat fir eng Akten, déi duerno och rembourséiert ginn, ginn an der Nomenclature zréckbehalen? Wéi vill Séance gi rembourséiert? Eng ganz wichteg Fro, wa mer nämlech och erlaben, datt een esou ouni eng aner Consultatioun bei de Psychotherapeut ka goen.

Mir wellen net déi Situatioun, wéi mer se eis kënnen ausdenken, datt et da geet beim Kaffiskränzchen: „Ouh, hat dain Dokter dir net nogelauschtert?“ Majo, mir kréie jo déi Telefonen, déi si jo këscht! Do kriss de dann en Telefon um zéng Auer owes: „Ech sinn esou traureg. Meng Nies, déi huet en Appartement zu Nice. Et ass awer elo...“ - ech weess net wat - „...net grouss genuch, a mir wollte muer dohinnerfueren.“

Awer da seet deen datt beim Kaffiskränzchen, da seet deen: „Ma wann dain Dokter dir net nolauschtert, dain Chirurg dir net nolauschtert, ma da gëtt et jo eng nei Profession, déi heescht Psychotherapie. Ech war do, ma dee lauschtert der no. Da gi mer elo dohinner.“ Dat kann et net sinn. Also, net de Geck gemaach, dat kann et wierklech net sinn.

Also, ech géif soen, datt, nodeem consultéiert gouf beim Patientendokter oder Psychiater, een dann och soll bei säi Psychotherapeut goen. Dat ass och d'Fro vun Krankeschäin-Ausstellen. D'DP ass der Meenung, datt ee vläicht doriwwer soll nodenken an datt en dat vläicht net däréif maachen.

An et ass sécher net un der Politik, fir de Remboursement ze klären, mä un der CNS mat de concernéierte Psychotherapeuten, mam Gremium, mat der Fachkommissioun an och mat eise Psychiatere zesammen.

Ech wëll awer soen, datt d'Demokratesch Partei a priori net géint de Remboursement vun enger psychotherapeutischer Behandlung ass. Allerdéngs menge mir, datt d'CNS de Patient nëmmen da soll rembourséieren, wann en eng Iwwerweisung vun engem Dokter fir esou eng Behandlung virleet, aus deene Grënn, déi ech lech vir-drin erzielt hunn, well soss geet dat vläicht net riicht aus.

Dëst ass, ënner anerem, dann och, fir déi Abusen ze vermeiden an och fir datt keng Fee-ler an deem Sënn geschéien. Also, mir sinn op alle Fall als DP géint den Autoallumage. Also, datt deen ufänkt, dann do Séancen ze verschreiwen - „the never-ending story“ - a sech selwer dann do Patienten en masse zoukomme



léisst. Dat kann et net sinn. An ech mengen, wann een déi dote Formation gemaach huet, ass d'Gefor och kleng, datt een dat géif maachen. Mä et ass éischter, fir en ofzesécheren, datt en näischt iwversinn huet, wann en esou eng Therapie an Ugrëff hält.

Dat wor och iwwregens d'Meenung vun der Kommissioun, déi sech virun eppes méi wéi zéng Joer mam Sujet vun der Unerkennung a Reglementatioun vun der Psychotherapie auserneegesat huet.

Ech erlabe mer, de Rapporteur vun deemools, den Niki Bettendorf, ze zitieren: „D'Kommissioun ass der Meenung, datt den Diagnostik vun enger psychescher Krankheet vum Dokter, am Prinzip vum Psychiater misst erstallt ginn, deen dann un de Psychotherapeut iwverweist.“ Dese Wieder kann ech mech nëmmen uschlëssen.

An no dem Ueschlëssen un déi Wieder wëll ech dann och ofschlëssen a soen dem Rapporteur, dem honorable Georges Engel, villmools Merci. Déi Gedold, Georges, déi an deem Dénge do un den Dag geluecht gouf an der Kommissioun, déi ass bemierkenswäert. Mir haten zwielef oder véierzéng Séancen. Also, et wor schonn eng Heedenaarbecht. A fir dann alles enner ee Leescht ze kréien, dat ass jo wierklech net esou einfach. Ech soen der Merci fir dee gudden méndlechen an explizite schréffleche Rapport.

Dést gesot, Här President, ginn ech dann och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienenden Text, deen den Accès zu der Formation an der Ausübung vun der Profession vum Psychotherapeut am Interessi vum Patient regelt.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Mertens. An nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ah, d'Madame Andrich.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Entschëllegt, ech hu schonn dräimol probéiert, d'Wuert ze froen, fir dem Här...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ah, gutt!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - ... dem Här Mertens eng Fro ze stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Mertens, wann Der erlaabt.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Wann Der erlaabt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Mir waarden, bis dass en op senger Plaz ass, fir dass en da kann äntwerten.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Selbstverständlech.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Madame Andrich!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Jo, Dir hat, Här Mertens, virdrun op meng Remarque ugespillt, dass ech gesot hätt, et hätt ee gemengt, d'DP wier an der Opposition gewiescht. Dofir wollt ech froen, ob Dir net an där Sitzung derbäi waart, wou d'Kommissioun zweemol festgehalten huet, dass de Psychotherapeut en autonome Beruff wier, deen och kéint selwer prescribéieren.

Merci.

► **M. Edy Mertens (DP).** - Dach, do war ech sécher derbäi. Dach, do war ech derbäi.

(**Interruption**)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ass domat d'Fro beäntwert?

(**Hilarité**)

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Ech hat gemengt, e wier an der Majoritéit, den Här DP-Kolleeg.

(**Hilarité**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet elo d'Madame Lorsché d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an hirer wiertlecher Iwwersetzung bedeit „Psychotherapie“ d'Behandlung vu séilesche Problemer, déi esou ausgepräggt sinn, datt se, laut der internationaler Klassifikatioun ICD, als

psychesch Krankheet unerkannt ginn. Dozou gehéieren: Depressiounen, Schizophrenie, Zwangsstéierungen, Phobien, Manien, Suchtverhalten, Psychosen, psychosomatesch Krankheeten a vill anerer, se si scho genannt ginn.

D'Psychotherapie huet awer nach eng aner Bedeutung. Se heescht och d'Behandlung mat séilesche Méttel, wéi zum Beispill Gespréicher a villen anereren, déi ouni medikamentös Behandlung auskënnen an deemno och vun Netmedeziner ka realiséiert ginn. Bis dohi si mer eis eens. Dat kléngt alles logesch a verständlech.

Trotzdem féiert de Begrëff Psychotherapie zu Lëtzebuerg zur Konfusioun, ebe just well de Beruff an d'Aarbecht vum Psychotherapeut bis haut net geregelt sinn, am Géigesaz zu ganzer zéng anere Länner. Et ass also kee Wonner, datt all Mënsch sech eppes anescht ënnert där Disziplin virstellt an datt och all Mënsch sech eppes aneschters vun deser Disziplin erwaart.

Nieft der Behandlung vu psychesche Krankheeten, déi ech genannt hunn, soll d'Psychotherapie deenen engen hëlfechen, akut Liewenskrisen a Schlofstéierungen ze bewältegen, anerer soll se dozou bréngen, verdrängt Problemer aus der Kandheet opzeschaffen, Resilienzäegkeet opzebauen an neie Liewensmutt ze entwéckelen.

Se soll Mënsche bäibréngen, rational mat irrationalen Ängschten ëmzegeen, se soll zerstride Koppelen zesummebréngen a se soll hyperaktiv Kanner ouni Ritalin zur Rou bréngen. Dat just als e puer Beispiller. Dat alles esou schnell, esou sécher an esou präiswäert wéi méiglech. Ech schwätze vun der Vue, déi vill Leit op d'Psychotherapie hunn, net vu menger eegener Astellung. Nom Motto vum Rainer Maria Rilke: „Du muss däi Liewen änneren.“

Natierlech si kuerz- a mëttelfristeg Wierkunge bei där ganzer Panoplie vu Behandlungen a Methoden ze verzechnen an d'Resultater stelle mir och net a Fro. Allerdéngs ass awer och d'Zuel vun Artefakten a Schänleisungen net ze ënnerschätzen, well et sech hei ëm eng Matière handelt, déi explosiounsaarteg gewuess ass an onkontrolléiert weidergewuess ass.

Am aktuelle System, wann een zu Lëtzebuerg iwverhaapt vun engem System ka schwätze momentan, därferen och onqualifizéiert Guruen, Scharlatanen, empathesch Laien oder Patere sech mam Titel Psychotherapeut schmücken a guttgleewege Clienten d'Geld aus der Täsche zéien. Zumools an enger Zäit, an där Depressiounen an Ängststéierungen zu den heefegste Krankheeten insgesamt gehéieren, ass net vill erfuerdert, fir sech mam Handwerk vun der Séil eng gëllen Nues ze verdéngen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Derbäi kënnt, an dat ass bedauerlech, datt d'psychotherapeutesch Behandlung just nëmmen enger ganz begrenzter Populatioun zeguttkommen. Gehollef kréien zum gréissten Deel just déi bessergestallte Leit, déi sech esou Experienzen aus eegener Täsche kënnen leeschten, déi verbal gewëtzt sinn, opgeschlossen a gutt informéiert sinn. Manner bemëttelt a manner informéiert Leit hu kaum Zougang zu enger Therapie, well se ganz einfach ze deier ass an nëmme rembourséiert gëtt, wa se vun engem Psychiater duerchgefouert gëtt.

Aus Ängscht, als verréckt oder, wéi de Psychiater Paul Rauchs et ausgedréckt huet, als „verréckelt“ ofgestempelt a stigmatiséiert ze ginn, trauen nëmmen déi Wéinegst sech bei de Psychiater, egal wéi schlecht et hinne geet. All déi aner falen duerch de soziale Lift.

An deem Kontext weist den Hilarion Petzold, de Begrënner vun der Europäescher Akademie fir psychosozial Gesondheet, drop hin, datt d'Mënschen aus benodeelegte Schichten europawäit nëmme knapp 5% vun alle Psychotherapiepatienten duerstellen. Dat ass eng ganz, ganz kleng Minoritéit. Ech woen ze behaupten, datt Lëtzebuerg do keng Ausnahm ass, a sinn der Meenung, datt nach vill muss geschéien, bis datt all Mënsch e gläichberechtigten Zougang zu der Psychotherapie kritt.

Quitte datt et beim Projet de loi vun haut net drëms geet, scho vun dem System ze schwätze vum Remboursement, et geet haut ëm d'Qualitéit vun der Behandlung an ëm den Titel, deen muss geschützt ginn, mä mir mengen ebe grad, datt et domat net därfer gedoe sinn. Dese Projet de loi muss och déi néideg Basis schafen, fir de Remboursement vu psychotherapeutesch Akte prinzipiell ze erméiglechen, well nëmmen dann e gläichberechtigten Accès zu der Psychotherapie méiglech wäert ginn.

Dat setzt natierlech viraus, datt de Beruff vum Psychotherapeut als Profession de santé unerkannt muss ginn an an de System vun der Gesondheitskeess integréiert muss ginn, woubäi ech d'Fro opwerfe wëll, ob et wierklech mat engem Diagnostic psychothérapeutique duer-

geet, fir eng kierperlech Krankheet beim psychesch kranke Patient auszuschlëssen.

Den Här Edy Mertens huet et scho gesot: Och mir sinn der Meenung, datt och hei en Diagnostic médical net vu Muttwëll ass. Wa mer wierklech wëlle verhënnere, datt schwéier kierperlech Erkrankungen, wéi beispillsweis Leukämien oder Tumoren, déi och zu schlechte psycheschen Zoustänn féieren, onerkannt an onbehandelt bleiwen, da féiert kee Wee laanscht en Diagnostic médical, deen de psychotherapeutesch Diagnostic soll ersetzen - ergänzen, besser gesot, net ersetzen, déi zwee kënnen gemaach ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Aus deem Grond ass eng systematesch Zesummenaarbecht vun allen Akteuren erfuerdert, souwuel tëschent de Medeziner wéi och den Netmedeziner, déi an engem gesamte System musse funktionéieren.

Datt d'Käschten, och dat ass ugeschwat ginn, vun der CNS beim Remboursement wäerte steigen, ass kloer. Dat ass fir eis eng Evidenz. Mä et ass keen Argument, fir de Remboursement a Fro ze stellen. Mir sinn nämlech iwverzeegt, datt op där anerer Säit e groust Aspuepotenzial entsteet, well Laangzäitkrankmeldungen op der Aarbecht an extrem deier Openthalter a psychiatresche Klinicken an awer och medezinesch Behandlungen mat staarke Medikamenter kënnen verhënnert ginn, zugonschte vun alternativen a schounende Methode fir de Mënsch.

Domat kommen ech zu de konkreten Dispositione vun deem Projet de loi, deen d'Santés-kommissioun, wéi gesot, scho virun de leschte Wahle presentéiert kritt huet, zur gréisster Zufriedenheet vun der CSV.

Duerno ass den Text a ganzer zwielef Kommissiounssätzungen diskutéiert a massiv modifizéiert ginn, fir der europäescher Gesetzgebung, mä och den Interesse vun de Beruffsvertriedungen esou gutt wéi méiglech Rechnung ze droen.

Déi negativ Duerstellung vun der Madame Andrich loossech och wierklech hei net gëllen, well ech der Meenung sinn, datt mer hei eng ganz konstruktiv a fruchtbar Zesummenaarbecht haten.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Réckbléckend op déi zimlech mouvementéiert Sëtzunge wëll ech och dem Kolleeg Georges Engel e grouse Merci ausdrécken, net nëmme fir säin ausféierleche Rapport, mä och fir seng grouss Dialogbereitschaft, déi iwver ee Joer gedauert huet, a fir d'Gedold, déi e mat eenzelne Kommissiounsmemberen hat. Net nëmme mat der Madame Andrich, mä och mat mir.

(**Hilarité et interruption**)

Grad wéi déi meescht Membere vun der Kommissioun waren och mir als Gréng der Meenung, datt den initialen Text wierklech net der Weisheet letzter Schluss kéint bleiwen, ugefaange bei der Formation, déi verlaangt gëtt, fir den Titel vum Psychotherapeut dierfen ze droen an de Beruff auszeüben.

Wat berechtigterweis zur Kritik huet musse féieren, och beim Statsrot, war de Fait, datt den initialen Text d'Logik vum Bologna-Prozess net an allen Hिसichte respektéiert huet an och där europäescher Gesetzgebung net Rechnung gedroen huet.

Am Ufank hat ee wierklech den Androck, wéi wann dese Projet de loi moosgerecht op d'Course vun der Uni Lëtzebuerg zougeschnidde gi wär, mam Zil, deem Etablissement eng gewësse Monopolstellung zouzesécheren, wat d'Ausbildung fir Psychotherapie ugeet. An engem Europa, wat op d'Harmoniséierung vun de Studiegäng, op d'Unerkennung an d'Homologatioun vun internationalen Diplomen setzt, wat och d'Mobilitéit vun de Studente férdert a generell op den internationalen Austausch vu Kompetenzen am Héichschoulwiese setzt, war des Zort vu Protektionismus net akzeptabel.

Mir hunn Amendementer gemaach. Opgrond dovun huet de Projet schlussendlech eng Ausrichtung kritt, déi eise Virstellungen entsprécht, well se elo dem europäesche Gesecht Rechnung dréit an dann och déi europäesch Bestëmmunge respektéiert ginn.

En anere Volet, deen op d'mannst esou ëmstridden a verbesserungswürdeg war, bezitt sech dann op de bekannten Artikel 3, bei deem engem am Ufank och wierklech d'Hoer zu Bierg stoungen. Och dat wëll ech gären zouginn. Och dobaussen ass desen Artikel an d'Schlagzeile vun der Kritik geroden an huet zu Panik am gesamte psychosozialen a psychopädagogesche Secteur gefouert, dem konventionéierte Secteur.

D'Haauptsuerg war déi, datt dee ganz wäitgefächerten Accompagnement psycho-socio-familial vu Kanner a Jugendlechen a Familien, mä och d'Psychoanalys géife riskéieren, an d'Illegalitéit ofzerutschen oder sech an eng juristesche Grozon eranzebeginnen.

Konkret war déi Ängscht drop zréckzuféieren, datt den initialen Text all Beruffsbezeichnung verbueden huet, déi mam Begrëff Psychotherapeut ka verwiesselt ginn oder zur Konfusioun ka féieren an der Benennung. D'Sozialpädagog, d'Psychologen; Museks-, Bewegungs-, Konschttherapeuten, systemesch Familientherapeuten, Psychanalysten, déi net Psychiater sinn, a vill aner Beruffsgruppen hätten duerch déi Dispositionen kënnen verlot ginn, wa se sech deen Titel eben nach ëmmer ginn hätten. Net well des Leit keng gutt Aarbecht leeschten, mä eenzeg an eleng, well hir Bezeichnung eng gewëssen Ähnlechkeet mam Titel vum Psychotherapeut huet!

Wéi wäertvoll d'Aarbecht vun all deene Leit ass, brauch een net laang ze erklären. De Wäert vun hirer Aarbecht läit op der Hand a gëtt an enger Gesellschaft, wou d'Vulnerabilitéit an d'Stigmatiséierung vu ville Leit an d'Luucht geet, och ëmmer méi wichteg. An deem Sënn si mir frou, datt d'Kommissioun gemeinsam, an net nëmme just opgrond vun der Fuerderung vun enger Fraktioun, bereet war, den Artikel 3 regelrecht ze kappen an en esou ëmzeformuléieren, datt all déi betraffe Beruffsgruppen net méi riskéieren, an d'Illegalitéit ze falen.

Datt den Encadrement psycho-socio-familial, deen net ënnert de Champ d'application vun deem Gesetz fällt, weiderhin och net rembourséiert ka ginn, ass fir eis logesch an normal. Des Zort vun Hëlfeleistung fällt net an de Kompetenzberäich vun der Santé, mä an dee vun der Famill, Stéchwuert Office national de l'enfance, Kannerschlass Suessem, Initiativ Liewensufank - et gëtt eng Hällewull vun Associatiounen a Fondatiounen -, deelweis fällt en och ënnert d'Éducation nationale, Stéchwuert Équipes multiprofessionnelles an de Schoulen an anerer. Och do bleiwen d'Aktivitéiten esou ofgeséichert wéi se bis elo bestanen hunn.

D'Fräiberuffler hirersäits, och d'Psychoanalytiker, déi net Psychiater sinn, bleiwe weiderhin hiren eegenen Här a Meeschter respektiv hir eege Fra a Meeschtesch a gerode just an d'Illegalitéit, wa si sech Psychotherapeut nennen, ouni déi legal Konditiounen ze erfëllen. Ech denken, domat ka jiddwereen d'accord sinn.

En anere Punkt, op deen ech nach kuerz wéilt agoen, bezitt sech op d'Methoden, déi als Psychotherapie därfe gëllen. Och heiriwwer ass an der Kommissioun kontrovers diskutéiert ginn. Als Gréng fanne mir et richtig, déi verschidde Behandlungsmethoden net am Gesetz ze definéieren, well esou eng Approche der santer Entwécklung an deem Beräich einfach net ka standhalen. Woubäi ee muss wëssen, datt weltwäit iwver 20 Behandlungsmethoden unerkannt sinn, déi, jee no Interpretation, a véier bis sechs verschidden Orientéierungen opgedeelt sinn.

Well des Matière ganz komplex ass a well d'Methodenzouerdnung international stänneg evolueert, ass et eiser Meenung no sënnevoll, dem Conseil scientifique de psychothérapie d'Unerkennung vun deene verschidde Methoden zouzeschreien, amplaz déi eenzel Methoden an engem Gesetz festzeféieren. Dat erlaabt net déi geréngste Flexibilitéit! Datselwech zielt fir d'Unerkennung vun der Formation, déi am Ausland stattfënt oder vun deene verschidde Formationen, déi do ugebuede ginn. An och do soll de Conseil scientifique säi Wuert matschwätze kënnen.

Eng wichteg Bedéngung fir eis ass natierlech déi, dass de Conseil scientifique de psychothérapie net einfach dem Zoufall iwverlooss gëtt a senger Besetzung, mä datt e vu ganz kompetente Leit besat gëtt, déi genuch Erfahrung mat op de Wee bréngen, ëmsou méi well de Conseil scientifique sech och mat den Iwwergangbestëmmunge soll befaassen. Déi Bestëmmungen ziele jo fir dräi Joer a si geduecht - dat ass wichteg -, fir déi berufflech Existenz vun deene Leit ofzesécheren, déi scho jorelaang als Psychotherapeut schaffen.

A ville Fäll stëmmt deene Leit hir Formation net prezis iwverenee mat deem, wat vu Formation am neie Gesetz virgeschriwwen ass. Dat ass awer net deene Leit hire Feeler, dat ass jo kloer, mä d'Resultat vun der feelender Gesetzgebung an de leschte Jorzéngten, déi vill ze vill laang op sech waarde gelooss huet. Op d'Detailer vun deene Bestëmmungen ass de Rapporteur agang, soudatt ech déi elo net wëllt widerhuelen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wuel wëssend, datt nach vill Froen ze kläre bleiwen - och déi huet de Kolleeg Edy Mertens opgeworf, zum Beispill a puncto Verschreiwung vun den Akten a Séancen, déi ënnert de Remboursement solle falen an enger zweeter Etapp, an awer och a



puncto Nomenclature, déi et nach net gëtt, a puncto Ausliwwere vun Krankeschäiner, am Fall wou de Psychotherapeut keen Dokter ass -, stëmme mir dësem Projet ganz kloer zou!

Mir sinn nämlech net der Meenung, dass d'Gesetz d'Fräiheet vum Choix zugonschte vun der Sécherheet vum Patient affert, esou wéi de Psycholog a Psychiater, a Psychanalyst, besser gesot, Thierry Simonelli sech virun dräi Joer am „Quotidien“ ausgedréckt huet. Deemools war d'Gesetz nach net verännert. Deemools huet e vum initialen Text geschwat. A mir mengen och net, dass dem Thierry Simonelli seng Uspilung op dem Michel Foucault säi Wierk «Surveiller et punir» haut nach ubruecht ass.

All Mënsch, deem et net gutt geet, huet d'Fräiheet an d'Recht, sech an d'Hänn vun deem Akteur, ech wëll net soe Schauspiller, ze beginn, vun deem e sech Hëllef erwaart. Ob en dann déi Hëllef och wierklech kritt a wat d'Resultat dovun ass, dat stellt sech méi spéit eraus.

Gestrooft gëtt eigentlech just deen, dee sech Psychotherapeut nennt, ouni Psychotherapeut ze sinn. An dat ass och nëmme richteg!

Domat soen ech lech scho villmoos Merci fir d'Nolauschteren an hoffen, dass vill vulnerabel Leit vun dësem Gesetz wäerte profitéieren an enger Gesellschaft, wou ëmmer méi Leit Psychotherapie néideg hunn.

Villmoos Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Lorsché. An d'Wuert huet direkt den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmoos Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem häerzleche Merci un den Här Engel fir e ganz gudden Rapport.

D'Gesetz begrësse mir als ADR, well et eng gesetzlech Reglementéierung an engem Feld bréngt, wou vill verletzlich Leit geschützt ginn ebe viru Scharlatanerie. Vill Leit hunn dat elo hei, mat Recht, ënnerstrach.

Et ass net alles perfekt an dësem Gesetz. D'Madame Andrich huet eng Rei vu Punkten opgeworf, wou effektiv nach muss nogeschafft ginn a verbessert ginn. Mä mir begrëssen et a mir wäerten et och matstëmmen, well dat, wat et bréngt, ass an eisen Aen eng wichteg positiv Entwécklung.

Et mécht och perspektivesch déi Méiglechkeet op, enger Zwouklasesituatioun an eiser Gesellschaft en Enn ze bereeden doduerch, dass mer elo d'Méiglechkeet vun engem Remboursement opmaachen, wou mer nach d'Modalitéite wäerten ausschaffen. Dat heescht, déi, déi wierklech direkt un deem Dialog bedeelegt sinn, déi wäerte se ausschaffen. Mä dat muss gekläert ginn.

Eiser Iwwerzeugung no kann déi Psychotherapie vill Käschte spueren an der Gesellschaft doduerch, dass manner medikamentös Traitementen kommen, manner schwéier Krankheitsfall an am schlëmmste Fall natierlech och manner Suiciden. Dat alles ka verhënnert ginn.

A mir denken, et wär och wichteg, fir en Diagnostique médical do virun ze hunn. Allerdéngs soll deen Diagnostic médical net mussen vun engem Psychiater gemaach ginn. Och déi Forderung geëtt et. Ech mengen, et ass wichteg, dass e Patient en Dokter gesäit, fir somatesch Ursaache vu sengem Befannen auszuschléissen. Mä dat kann och e Generalist oder en aneren Dokter sinn.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Dat Gesetz, wa mer dat hei elo stëmmen, da mussen mer och kucken, wat déi reell Besoinen elo personalméisseg sinn. D'Psychanalyst, also d'Psychotherapie besser gesot, ass personal- a zäitintensiv. Dat heescht, mir mussen eis och iwwerleeën, wéi vill Leit an der Gesellschaft elo dee Beruff wäerten ausüben a wéi mer jonk Leit kënne fir dee Beruff interesséieren a wéi eng Konsequenzen dat och op déi berufflech Orientéierung vun deene Leit huet.

A do komme mer och op den Thema vun der Formatioun ze schwätzen: Wou soll déi gemaach ginn? Mir freeën eis driwwer, dass déi Gefor, dass d'Universitéit Lëtzebuerg praktesch e Monopol hätt kënne kréien an deem Gesetz, dass déi awer wäitgehend écartéiert ass. Ech mengen, et gëtt ganz vill ganz gutt Formatiounen am Ausland, och op Netuniversitéiten, déi sech bewährt hunn.

Besonnenesch wëll ech hei och erwähnen, dass am Ausland d'Pädagogien do ganz wichteg Apporte bréngen, notament an der Kanner- a Jugendpsychotherapie. An et wier wierklech schued, wa mir op Dauer géifen dee wäertvollen Apport vun där Berufsgrupp ausschléissen. Et wier also an eisen Aen och gutt, wa mer dee relativ enk gefaassten Zougang zu deem Beruff, dee mer am Abléck an deem Gesetz hei fest-

leeën, awer géife progressiv och op aner Berufsgruppe kënne ausdehnen.

Mir kucken dowéinst och de Rôle vun dem Conseil scientifique, deen elo hei ageriicht gëtt. Déi Lëscht vun deene verschiddenen Analys- a Therapiemethoden ass jo express net am Gesetz opgezielt ginn. Mä mir mussen awer kucken, wéi eng Zesummesetzung dee Conseil scientifique kritt a wéi eng Kritären en u sech festleet, fir kënne iwwert déi verschidden Therapiemethoden ze decidéieren, déi elo sollen hei am Land progressiv gëllen.

D'Applikatioun vun deem Gesetz mussen mer iwwert d'Zäit verfollegen. Mir hu jo elo Iwwergangsperioden, och déi vun dräi Joer, déi scho virgesi si fir verschidde Persounen, déi dovunner betraff sinn. An et ass wichteg an eisen Aen, dass mer no enger gewëssener Zäit, firwat net no dräi Joer, e Bilan maache vun deem, wéi dat Gesetz ugefaang huet, sech kënne hei am Land duerchsetzen. A virun allem och ze kucken, wéi et mat dem Remboursement ass mat de Krankeeseen, soudatt mer eventuell kënne nobesseren oder ajustéieren, dat am Interesse vun deene betraffene Patienten.

Da mussen mer och en oppent A, wéi gesot, halen op aner Methoden, déi elo hei net direkt erfaasst sinn, déi awer och an der Öffentlechkeet diskutéiert gi sinn, dass déi och hir Plaz an der Psychotherapie fannen. Wéi gesot, genant goufe ganz dacks, ech mengen, haut och schonns vun enger Rei vun Intervenanten, Psychanalyst, systemesch, psychodynamesch Methoden, wéi se och an der Familjetherapie benotzt ginn, oder och Musiktherapie oder Therapie mat Déieren, déi och ëmmer méi villversprechend agesat ginn.

Op jidde Fall ass et esou, dass d'Methoden, ier mer se unerkennen an zouloossen, mussen noweisbar deene Betraffenen hëllef, wa mer se wëllen opwäerten an unerkennen. Dofir ass de Rôle vun deem Conseil scientifique, an och natierlech vum Collège médical, zentral.

D'Sprooch sinn natierlech och hei an dësem Beräich vun essenzieller Wichtigkeet, well et jo, an dat huet jo och e Virriedner scho gesot, dass Haaptinstrument ass vun enger Psychotherapie, dass déi eng kënne mat deenen anere schwätzen. Et ass jo an eisen Aen dofir och ze begrëssen, dass mer aus verschiddene Länner Psychotherapeuten hunn, well mer jo och eng ganz gemëschte Populatioun hunn a jiddweree sech am Prinzip sollt kënne a senger Sprooch och un e Psychotherapeut adresséieren.

Awer mir wäeren net d'ADR, wa mer net géife betounen, dass an eisen Aen awer kee Wee am Gesundheitssektor laanscht déi Lëtzebuurger Sprooch geet. Dat heescht, mir erwaarden eis vun all deene Leit, déi hei praktikéieren, dass se Lëtzebuergesch op héijem Niveau awer verstinn. An dat, wat elo am Sproochegesetz iwwert de medezinesche Sektor steet, dass geet eis net duer!

Déi Referenz op europäesch Legislatiounen kann eis och net befriddegen. Mir kënne nëmme constatéieren, dass an deene Legislatiounen déi Lëtzebuurger Regierung eis Interessen an d'Lëtzebuurger Sprooch bis elo net konsequent genuch verdeedegt huet. A mir hätten och do gär, dass mer dat nobesseren, an zwar am Interesse vun der Lëtzebuurger Sprooch.

A wa mer insistéieren, dass all Psychotherapeuten hei am Land och déi Sprooch mussen kënne, ass et selbstverständlech och mat dem kloeren Zil, eng Integratioun hei am Land vu jiddweringem ze begëschtegen, an zwar iwwert d'Lëtzebuurger Sprooch.

De finanziellen Impakt, dee mussen mer kucken, wa mer bis wëssen, wéi et mat de Krankeeseen virugeet a wéi do d'Arrangementer wäerte sinn, déi déi verschidde Secteure matenee fannen. Ech wëll dat hei just mentionéieren, well et wichteg ass, well mer et haut nach net kënne ofschätzen, an nach eng Kéier am Zesammenhang, dass mer dat Gesetz mussen iwwer Joren elo verfollegen, wéi et kann implementéiert ginn.

Secret professionnel et médical ass en anert Thema, wat mer leider och an der Vergaangeneheet hu missen diskutéieren, an deem Sënn, dass virun allem den Ombudsmann hei am Land de Secret médical, Secret professionnel a Fro gezunn hat, wat an eisen Aen ondenkbar ass!

Deen Eenzegen, dee kann de Secret professionnel oder médical, virun allem de Secret médical ophiewen, dat ass de betraffene Patient! Also och hei an dësem Beräich, deen extrem sensibel ass, vun der geeschtger Gesondheet muss de Secret professionnel souwuel vum medezineschen, paramedezineschen, administrative Personal zu 100% garantéiert sinn a ka vu kengem a Fro gestallt ginn!

Datt dat Gesetz och Répercussiounen op d'Organisatioun vum Collège médical huet, ass och evident. Och dat mussen mer am A behalen. En-

gersäits mussen mer garantéieren, dass de Collège médical sengem Numm gerecht gëtt a genuch Dokteren dra vertruete sinn, genuch medezinesch Fachkompetenz, fir dass en dee Rôle, deen em zougestant ass, voll kann erfëllen. An op där anerer Säit mussen mer awer och kucken, dass seng Organisatioun där Diversitéit Rechnung dréit, déi mer och ëmmer méi am Gesundheitssektor hunn.

Domadder wëll ech lech nach eng Kéier soen, dass d'ADR dat Gesetz matstëmmt, trotz alle Bedenken, déi awer och zum Deel berechtigt sinn.

An ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Kartheiser. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Madame Présidente. Wat en Thema méi technesch gëtt, an dat hei ass en extrem technesch Thema, wat, mengen ech, och d'Gefor vu Beaflossung duerch Spezialiste méi grouss gëtt. Et muss een, mengen ech, am Ufank drop hiweisen, dass den Ursprung vun deem heite Projet eng enk Zesummenaarbecht war vun de Psychologieproffe vun der Psychologieabteilung vun der Uni Lëtzebuerg am Kader vun engem Aarbechtsgrupp am Ministère.

E Ministère, deen iwwregens ëmmer an LSAP-Hänn war, wëll ech betounen. Soss kéint ech emol den Här President vläicht froen, deen awer elo net méi do ass, ob dat esou war oder net.

Déi Experten, déi Psychologieexperte vun der Uni Lëtzebuerg hunn och direkt oder indirekt d'parlamentaresch Aarbecht beaflosst. Direkt...

(**Interruption**)

Direkt duerch... Ma et ass e Gesetzesprojet, dee vun engem LSAP-Ministère déposéiert ginn ass.

► **Une voix.** - Ah.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Et ass virdru polemiséiert ginn, wat fir eng Partei nach an der Regierung deemools war. Mä fest steet op jidde Fall, déi Partei, déi ëmmer an der Regierung war op deem Posten, ass d'LSAP.

► **Une autre voix.** - An d'CSV huet...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Déi Experten, mengen ech, an dat huet eng wesentlech Roll bei deem Projet hei gespilt, hunn agewierkt direkt an indirekt op dee Projet. Si hunn direkt agewierkt, andeems se Stellungnahmen an d'Press geschriwwen hunn. Si hunn och e Bréif un d'Kommissioun geschriwwen, an deem se derfir plädéiert hunn, hir Formulierung bäizebehalen.

Indirekt, mengen ech, hu se och agewierkt iwwert d'Vertreder vun der Regierung an der Kommissioun. Ech hunn iwwregens bedauert, dass d'Madame Minister selwer u ganz séier weineg Sitzungen deelgeholl huet vun där Kommissioun, a grad un deene Sitzungen deelgeholl huet, wou awer eng Rei vu Lösung konnte fonnt ginn.

Ech wëll net soen, dass ech Expertise net wichteg fannen. Ech fannen Expertise ganz wichteg, och Expertise vun der Uni Lëtzebuerg. Mä ech fanne se problematesch, wann Expertise verwiesselt gëtt mat Ghostwriting a mat Lobbyismus. Besonnenesch och, wann déi Akteuren aus engem Sproochraum kommen alleguerten an aus enger wëssenschaftlecher Kultur kommen! Ech fannen, dass net gutt fir d'Diskussioun, émsou méi, well sech jo och orientéiert gëtt un däitsche Gesetz, wat dat strengt an Europa ass. Dat ass schonn hei gesot ginn.

An ech wëll ausdrécklech d'Kommissioun awer derfir luewen, dass se fir e gewëssenen Ausgleich gesuergt huet, andeems se zum Beispill och sech um belsche Gesetz zum Schluss inspiréiert huet.

Den Hauptknackpunkt an deenen Diskussiounen war dee vun der Psychanalyst a vun de Psychanalysten. Ech wëll net hei un deem Sträit ëm Opfaassungen a Schoulen an esou weider deelhuelen, virun allem well ech guer näischt selwer dovunner kennen. Wat mech awer - muss ech soen als Observateur - am Ufank vun deem ganze Prozess do immens gestéiert huet, dass war deen absolutisteschen Usproch, deen dee Gesetzesprojet do hat.

Alles, wat net der Formatioun vun der Uni Lëtzebuerg entsprécht oder vu Lëtzebuerg unerkannt gëtt, dat sollt sech net Psychotherapie nennen. A jiddwereen, deen en Titel benotzt, net nëmme den Titel vum Psychotherapeut selwer, mä och all ähnlechen Titel, deen iergendwéi ähnlech klängt - ech huelen un, wann „psycho“ dra virkënt -, sollt dat och verbuede kréien ënner Strofandrohung. Prisongstrofe vu Méint Prisong bis zu, mengen ech, engem Joer!

Et ass kloer, dass eng Rei vun Organisatiounen sech hei direkt viséiert gefillt hunn, well se ge-

faart hunn, se géife sech heimadder an d'Illegalitéit versetzen. An et handelt sech do net ëm déi Leit, déi déi kleng Ziedelen déposéieren an de Bréifboitten, vun deenen de Rapporteur geschwat huet. Ech hunn nach ni op deenen Ziedele gelies, dass do „Psychotherapeut“ dropstoung; do stoung vläicht „Marabout“ drop an „Medium“ oder ech wees net wat. Déi Leit, ëm déi et sech hei handelt, si Leit, déi zu Lëtzebuerg éierbar Beruffer ausüben: Familjetherapeuten, déi an den Institutiounen schaffen, oder Psychoanalytiker, déi eleng schaffen.

Dorobberhin hunn, an dat wëll ech och begrëssen, eng Rei vun Entrevuë mat all deenen Organisatiounen stattfonnt. An dat war och gutt, dass dat esou war. An et konnten och verschidde Saachen erreecht ginn.

Et konnt erreecht ginn, dass eng einfach psychologesch Begleitung aus der Definitioun vum Psychotherapeut erausgeholl ginn ass an also och nach weider kann op engem psychologeschen Niveau geschéien an den Institutiounen.

An et ass och eng speziell Léisung fir d'Psychanalyst fonnt ginn. Et ass, éischtens, eng Iwwergangsbestëmmung agefouert ginn, wou Leit, déi dee Beruff ausgeübt hunn, wa se eng gewëss Praxis kënne nowiesen a wa se eng zousätzlech Formatioun maachen, och den Titel vum Psychotherapeut kënne kréien.

An, zweetens, wat awer och gradesou wichteg ass, wa se déi Bedéngungen net erfëllen, da kënne se ënner hirem aktuellen Titel als Psychoanalytiker weiderschaffen. An dat ass dat, wat se ëmmer gefrot hunn. Elo steet dran, zwar nëmme am Commentaire, am Rapport, net am Text selwer, mä menger Meenung no huet dat déiselwecht juristesche Bedeitung. Et ass kloer, wat de Wëllen ass hei vum Législateur. Et steet dran: «...l'exercice de la psychanalyse et le port du titre de psychanalyste ne sont pas du ressort de la loi...» An dat ass dat, wat se gefrot hunn: fir net ënnert dat Gesetz ze falen.

Ech hu mech och e bësse schlaugemaach iwwer hir Opfaassungen zu all deene Froen. Ech hunn zum Beispill eng Sorbonne-Deklaratioun vun 2000 fonnt, wou drasteet, dass se net wëllen e Service public sinn an och net eng Visée curative hunn. Also, si wëlle guer kee Gesundheitsberuff an deem Sënn, wéi mir en hei definéieren, hunn. Et handelt sech do ëm Schoulen, déi eng ganz laang Traditioun hunn. Dat geet op de Freud zréck, et geet op de Lacan zréck. Dat si Formatiounen, déi niewent der, normalerweis, universitärer Ausbildung gréisstendeels geschéien. An ech mengen, do solle mir eis net dran amëschen. Dat muss ee respektéieren.

Et huet mer wichteg geschéngt, dee Pluralismus vun der Approche hei eranzekréien an d'Gesetz, dee jo och gefuerdert war, iwwregens och vun aneren Organisatiounen gefuerdert war. An ech mengen, et muss ee wierklech all deene Merci soen, déi do matgeholl huet, sécher der Madame Andrich, der Madame Lorsché sécher an och eisem Rapporteur, deen, mengen ech, niewent der CSV de Verdéngscht huet, dass en och seng Meenung kann änneren am Laf vun der Diskussioun. Dat fannen ech wichteg.

(**Interruption et hilarité**)

Et war en hallwe Luef.

(**Hilarité et interruptions**)

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Här Urbany, wëllt Der esou gentil sinn, virunzuféieren!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Gutt. Ech fuere weider, jo.

Psychotherapeute ginn also elo e Beruff. Si kënne Prestatiounen maachen. Si kënne och rembourséiert gi vun der Sécurité sociale. Et gëtt formell e Gesundheitsberuff. Studie kann ee maachen, wann een e Master an der Psychologie huet oder wann een Dokter ass an zousätzlech Studien op der Uni Lëtzebuerg mécht oder e Studium am Ausland och no dréiglech unerkannt kritt. E Psychiater, dee muss wuel och eng speziell Ausbildung der niewent maachen, kann awer och sech Psychotherapeut nennen.

Ech mengen, dass elo viles wäert dovun ofhänke bei deem Gesetz hei, éischtens vun der Formatioun, déi geschitt op der Uni Lëtzebuerg, well dat ass de wesentleche Faktor hei, déi Ausbildung, déi geschitt dann am Wesentlechen op der Uni Lëtzebuerg an hânt och of vun der Praxis vu Lëtzebuerg, wat d'Unerkennung vu Formatiounen ugeet, déi am Ausland gemaach sinn.

An do, muss ech soen, bleiwen ech skeptesch, well am Rapport selwer vun der Kommissioun steet dran, dass den Zougang zu der Formation vum Psychotherapeut an anere Länner net esou restriktiv gehandhabt gëtt wéi bei eis an dass et un der Ministerin läit, fir den Tri ze maachen, wat unerkannt gëtt a wat net.

Si mécht dat opgrond vun engem Avis vum Conseil scientifique, wou ech awer muss soen, deen zesumme gesat ass mat véier Leit, déi wahrscheinlech aus där Formation vum der Uni Lëtzebuerg wäerte kommen, no enger Iwwergangszäit, Psychotherapeuten, engem Vertrieber vum der Uni Lëtzebuerg selwer an engem Psychiater. An ech gesi reell d'Gefor vum Protektionismus doranner, och well ech Erfahrung hu mat aneren Unerkennungsprozeduren vun aneren Diplomen, déi am Ausland gemaach gi sinn.

De Statsrot konnt nach duerchsetzen, dass eng limitativ Lëscht vun Ausbildungsberäicher an d'Gesetz kennt an dass „notamment“ erauskënnt, wat dem Conseil scientifique erlaabt hätt, fir d'schlecht an d'gutt Wieder ze maachen, wat d'Ausbildung, d'zukünfteg Ausbildung vun der Psychotherapie ugeet.

Fir mech ass et wichteg, wat elo geschafte gëtt, weiderhin ënner ganz klorer Beobachtung ze halen, och wat d'Kritären ugeet, wat elo d'Remboursement an der Sécurité sociale ugeet, wéi dat elo domadder weidergeet.

Ech kann net, a mir kënnen net dee Projet, wann een d'ganz Virgeschicht kuckt a wann een déi Appréhensiounen huet vis-à-vis vun där Abteilung op der Uni Lëtzebuerg, déi elo eng wesentlech Roll an deem Ganzen ze spille kritt, kënnen mir net dee Projet hei stëmmen, obscho mer begrëssen, dass et wichteg ass, dass dee Beruff vum Psychotherapeut unerkannt gëtt, mä mir wäerten eis duerfir beim Projet nëmmen enthalten.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci, Här Urbany.

Ech hunn elo kee Riedner méi ageschriwwen. Dann huet d'Regierung elo d'Wuert. Ech géif d'Madame Gesondheitsminister Lydia Mutsch bidden ëm hir Interventioun.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé*. - Madame Presidentin, Dir Damm an Dir Härren, mir hunn et gepackt! Mir hunn et fäerdegbruecht, dass Lëtzebuerg e modernt Psychotherapeutesgesetz kritt. Domat si mer vläicht net dat éischt Land an Europa, mä mir sinn nach laang net dat lescht an Europa. An ech fannen, dass mer hei gutt Aarbecht gelescht hunn.

A wann ech soen, dass mer hei gutt Aarbecht gelescht hunn, da wëll ech ausdrécklech déi gutt Aarbecht vun der Kommissioun hei ervirsträichen mat un der Spëtzt dem Rapporteur, deen net nëmmen hei e ganz gudden an iwiersichtleche Rapport presentéiert huet, mä dee sech virun allem och perséinlech ganz vill an déi Débaten agebonnen huet a ganz vill matgeschafft huet, fir dass mer esou e gutt Gesetz konnte kréien. An ech wollt him an all deenen, déi dozou bäigedroen hunn, e grouse Merci soen.

Ech fannen och, dass et wichteg war, fir bei deem komplexe Gesetz, ëm dat et sech hei handelt, net mat Scheiklappe virzegoen, mä op ze si fir déi gutt Argumenter, déi komm sinn. An ech war och als Ministerin drun interesséiert, obwuel e gudden Deel vun de Virarbeiten zu deem Gesetz schon entaméiert gi waren ënner der vieregter Regierung, fir awer och nach eng Kéier op ze si fir d'Argumenter, net nëmme vun deenen ënnerschiddleche Parteien, mä och vun den Associatiounen a vun den Akteuren, déi um Terrain schaffen. Dat ass nach laang keng Selbstverständlechkeet. Mä et war awer an deem heite Gesetz besonnesch wichteg, well et si jo awer och d'Akteuren um Terrain, déi eis mussen herno zur Säit stoen, fir dass mer eng propper Ëmsetzung vun deem Gesetz kréien.

Ech wëll awer ganz ausdrécklech och de wichtige Rôle vu mengem Virgänger beim Ausschaffe vun deem Gesetz ervirsträichen, well och, wann een dat herno net méi kann am Detail ervirsträichen, wann et ëm d'Diskussioun vun deem Gesetz geet, esou hunn dach awer laang Méint vun intensiven Diskussiounen mat de Leit um Terrain, mat den Associatiounen dozou gefouert, dass mir eng Grondlag virfonnt hunn, déi eis Diskussioun an der Kommissioun, wann och net manner komplex gemaach huet, mä awer méi einfach gemaach huet, well mer eng propper Virlag virfonnt hunn. An dat wëll ech och hei begrëssen.

Bon, mir hunn, wou et drëm gaangen ass, de Beruff vum Psychotherapeut ze regelen, een Haaptproblem ze meeschtere gehat. Op där enger Säit gouf et natierlech politesch Virstellung ronderëm dee Beruff, wéi mer e wëllten definéieren. Et gouf och eng ganz Rei vu wëssenschaftlechen Usätz, wéi eng Préalabelen erfëllt musse sinn, fir dass een de Beruff vum Psychotherapeut professionell kann ausüben.

Op där anerer Säit hate mer awer ganz kloer a ganz ferm artikuliert Besoinen an Erwaardungen vun de Leit, déi an deem dote Beruff oder an ähnlech gelagerte Formationen scho geschafft hunn an déi alleguerten iwwerzeegt waren, dass hiren Input fir dat heite Gesetz dee richtigen Input wier. Dat heescht, mir hu missen eng global Äntwert fanne vun deene verschiddenen Usätz, déi mer fonnt hunn, a si alleguerten hu missen an dat heite Gesetz afléissen. Dat war net ganz einfach.

Derbäi koum, dass mer nieft där konzertierter Strategie, déi mer ageschloen hunn, och nach der Tatsaach hu misse Rechnung droen, dass de Beruff vum Psychotherapeut nëmmen denkbar ass an enger multidisziplinärer Approche.

► **(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Dat heescht, mir hunn op där enger Säit d'Besoinen ganz däitlech gesinn. Se ware bekannt.

Mir wollten och vun den Erfahrungen, déi scho gesammelt gi waren, profitéieren. Mir wollten och d'Acquisé respektéieren. Mir wollten och déi national an déi international Standpunkte respektéieren an afléisse loossen, déi mer kann hunn. Mä mir wollten awer och déi wëssenschaftlech Standarden, déi mer awer och vun den unerkannte Psychotherapeute mat op de Wee kritt hunn, afléisse loossen.

Deem all hu mer misse Rechnung droen a mir hunn dobäi och déi zukünfteg Entwécklungen net dierfen duerch e Gesetz hypothéquéieren, wat ze vill rigid wier a senger Ausrichtung. Dat waren also déi Préalabelen, mat deene mer befaasst waren, wou mer an der Kommissioun déi Diskussiounen weidergefuert hunn, déi schon an enger vieregter Legislaturperiode entaméiert gi waren.

Mir hunn och dofir eng Virdécsioun geholl, an d'Kommissioun huet déi oprechterhalen, fir déi verschidde Methode vun der Psychotherapie net gesetzlech an deemem Projet festzeschreiwene, mä de wëssenschaftleche Bäiroten an der Psychotherapie, de Conseil scientifique de psychothérapie, mat där Aufgab ze betruenen. An ech denken, dass dat eng richtig Décsioun war, well esou kënnen mer och herno vill méi effektiv an och méi flexibel, an zwar do, wou et noutwendeg ass, méiglechen Entwécklungen op deem Gebitt Rechnung droen, ouni direkt mussen d'Gesetz ëmzänneren.

Firwat mer dëst Gesetz brauchen, ass, mengen ech, vun enger ganzer Rei Virriednerinnen a Virriedner hei gesot ginn. Majo, zum engen, fir den eventuellen Abusen entgéintzewirken. An obwuel um Terrain scho vill Virarbeiten gelescht ginn ass vu Leit, déi awer am Usaz schon an där Profession geschafft hunn, wollte mir awer verhënneren, dass eng ganz Rei vun Akteuren aus dem medezineschen, aus dem psychologeschen, éducativen, paramedezineschen, awer och absolut anere Secteure psychotherapeutesch Prestatiounen leeschten oder proposéieren, ouni dass de Prestataire eng adequat, qualifizéiert oder superviséiert Formation an Usproch geholl hätt. Dat ass wichteg, dass mer verhënneren, dass an deem delikate Beräich, an deem mer eis hei bewegen, Leit Diagnose stellen oder Leit Behandlung maachen, déi net dofir outilléiert sinn.

Fakt ass och, dass mir am Moment hei zu Lëtzebuerg net wëssen, wéi vill Patiente sech tatsächlech a qualifizierter oder awer och an net qualifizierter Psychotherapie befannen.

Dëse Projet de loi proposéiert an eisen Aen eng pragmatesch an eng realistesch Reglementatioun vum Beruff vun Psychotherapeut a stellt och domadder gläichzäiteg sécher, an dorunner ass eis wierklech geleeën, dass déi psychesch krank Persounen eng qualitativ héichwäerteg Behandlung kënnen kréien an net Leit an de Grapp falen, déi dofir iwwerhaapt net outilléiert sinn.

Wéi kënnen mer apprécieren oder jugéieren, ob een outilléiert ass, ob een déi néideg Qualifikatiounen huet? A firwat ass et esou wichteg, dass een déi Qualifikatiounen huet? Majo, ganz einfach: Well d'Prise en charge vun der psychescher Souffrance eng ganz besonnesch Erwaardung mat sech bréngt, nämlech eng psychotherapeutesch Evaluatioun à même sinn, kënnen ze maachen.

An et ass absolut wichteg, dass esou eng Evaluatioun, esou eng Diagnos, esou eng Bestandsopnahm vun engem qualifizierter Professionelle kann duerchgefouert ginn.

Wann heivunner Abstraktioun gemaach gëtt, wat an eisen Aen dee falsche Wee wier, da

kéint d'Hëllef, déi vun net ausräichend oder iwwerhaapt net qualifizierter Persounen proposéiert gëtt, den Zoustand vun deene psychesch kranke Leit radikal verschlechteren oder déi psychesch krank Leit grouse Risiken aussetzen, an dat bei enger Populatioun vu Leit, déi sowieso scho fragiliséiert ass oder par définition besonnesch vulnerabel ass. Dat ass also e Risiko, dee mir wëlle reduzéieren. Mir wëlle verhënneren, dass d'psychesch Leed oder déi psychiatresch Krankheete sech weider verschlechteren. Dat wëlle mer verhënneren.

Et ass och hei scho vum Remboursement geschwat ginn. Dat ass een net onwichtigen Aspekt. Wéi vill Leit hu vläicht aus grad deem Grond net op déi Behandlung zrückgegraff, déi si awer ganz néideg gebraucht hätten, well et ebe bis elo net séchergestallt war, dass eng Psychotherapie ka vun der Gesondheetskeess rembourséiert ginn? Dat heescht, et ass net eng Fro vu sozialem Background, ob ee kann oder dierf behandelt ginn oder net. Dat ass a mengen Aen och e ganz wichtigen Aspekt vu sozialer Gerechtegkeet.

Wat ass eist Zil? Eist Zil ass, dass mer kënnen e Patient, dee psychesch Problemer huet, propper behandelen an och domadder gläichzäiteg verhënneren, dass en onnéideg médicaliséiert géif ginn oder pathologiséiert géif ginn. Dat wëlle mer net. Mä mir wëlle seng psychesch Souffrance erfetzen a mir wëlle virun allem, dass déi Zesummenaarbecht mat deene Partner, déi gebraucht ginn, fir eng Prise en charge komplett ze maachen, dass déi kann en bonne et due forme geschéien.

Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass mer am Beräich vun der Psychotherapie automatesch an der Interdisziplinariéit mussen sinn, well et geet net drëm, dass e Psychotherapeut am Eck mat sengem Patient soll setzen, ofgeschiermt vum Rescht vun der Welt. Dat gesi mir net esou.

Mir hunn awer gläichzäiteg, an ech betounen dat nach eng Kéier, de Wonsch, dass mer och d'Consummatioun vu Psychotropen hei erfetzen. Mir gehéieren zu deene Länner, déi den héchste Medikamentebrauch hunn an alle Beräicher ronderëm Depressiounen, sief et, fir sech ze berouegen; sief et, fir anzuschlofen; sief et, fir sech erëm opzepsuchen. Do si mir an engem ieweschte Peloton hei zu Lëtzebuerg.

An ausserdeem hu mir d'Informatioun, an et ass hei scho vun e puer Riedner gesot ginn, dass et hei zu Lëtzebuerg net anescht ass, wéi am Rescht vun der Welt, dass wierklech eng vu véier Persounen an hirem Liewen iergendwéini mat psychesche Problemer ze kämpfe kritt a susceptibel ass, fir sech fir eng psychesch oder eng psychiatresch Steierung och mussen behandelen ze loossen.

An Europa, mä och hei zu Lëtzebuerg, sinn ëm déi 10% vun de Leit an hirem Liewe mat deene Symptomer do betraff. Ech hunn et d'éineschters gesot: Depressiounen, Angststéierungen, Problemer an der Relatioun, mam Alkohol, mat den Drogen oder och méi gravéierend psychiatresch Steierunge wéi Psychosen oder bipolar Steierungen.

An ech brauch lech jo och net ze soen, dass ganz vill vun deene Krankheeten dozou féieren, dass een net méi am Liewen eens gëtt, dass een op der Aarbecht net méi eens gëtt. Et gëtt geschat, dass 7% vun de Kuerzzeitkrankenstänner op e medezinesche Grond vun enger Depressioun zrückginn an 23% vun de Laangzeitkrankenstänner op déi doten Ursach zrückginn.

Suicide - och dat ass hei scho gesot ginn -, mir wëssen, dass 15% vun de Leit mat grave Steierungen duerch Suicide stierwen a 56% mindestens ee Suicideversuch duerchféieren. An dat wëlle mer och mat Hëllef vun deem heite Gesetz besser an de Grëff kréien.

Ech resüméieren: Mir kréien duerch dat heite Gesetz Klorheet, wat Psychotherapie ass a wéi eng Formation ee muss hunn, fir se kënnen auszeüben. An domat wierke mer och den Abusen entgéint.

Zweetens: Mir huelen eng professionell Prise en charge vun de Leit mat psychesche Problemer als Préalabel an als Garantie, a mir wëllen och ausdrécklech verhënneren, dass déi Leit onnéideg Medikamenter huelen, wann och eng psychotherapeutesch Prise en charge eng Lindierung vun hirem Leide kéint bréngen.

Drëtens: Mir hu pragmatesch Iwwergangsbestimmungen, fir déi Leit, déi um Terrain scho wäertvoll Aarbecht gelescht hunn, net virun de Kapp ze stoussen, mä fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, hir Aarbecht kënnen weiderzemaachen.

Véiertens: Mir offréieren eng professionell Prise en charge an e Remboursement vun där Prise en charge, wat eis eng Garantie gëtt, dass et keng Konditioun vu sozialer Hierkonft ass, déi ausschlaggebend ass, ob een an deem Land

kann eng psychotherapeutesch Behandlung kréien oder net.

An als lescht Argument: Mir gesinn dat heiten als Gewinn fir de Patient un, dee ka sécherstellen, dass en eng professionell Behandlung ka kréien.

Ech hunn zum Schluss nach e puer kleng Remarquen ze maachen. Mir sinn hei mat enger Motioun betraut. De Gros vun den Ausféierungen an där Motioun sinn Ëmsetzungsmodalitéiten. Ech wëll hei den Auteure vun dëser Motioun soen, dass se sech kënnen op eis verlossen, op mech a meng Mataarbechterinnen a Mataarbechter, dass mir dat heite Gesetz en bonne et due forme wäerten ëmsetzen, mat allem, wat dozou gehéiert, an dass mir déi heite Motioun net brauchen, fir dat ze maachen.

Ech kann lech och garantéieren, dass ech mat deene Ministeren, déi mat zoustänneg sinn, ob dat de Minister vun der Sécurité sociale ass, ob dat de Minister vun den Héichschoulen ass, ob dat de Minister vun den Zouloosungen ass, dass ech mat hinnen déi Pourparleren wäert féieren, fir dass dat heite Gesetz an der Praxis kann ëmgesat ginn.

Ofschléissend wollt ech allen Intervenante Merci soe fir déi Ausféierungen, déi si gemaach hunn. A virun allem Merci fir déi gutt Aarbecht an der Kommissioun.

► **Plusieurs voix**. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och der Gesondheitsministesch.

Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen ukomm a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6578...

► **M. Gilles Roth** (CSV). - An d'Motioun?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Jo, déi kennt herno, nom Vote.

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Maache mer fir d'Éischt de Vote iwwert de Projet?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Fir d'Éischt deen iwwert de Projet de loi, Här Roth, an dann huele mer d'Motioun. Merci awer fir d'Erënnerung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6578 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote iwwert de Projet 6578 fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriewer.

60 Deputéierten hu sech direkt oder indirekt um Vote bedeelegt. 36 hu mat Jo gestëmmt, kee mat Neen a 24 Abstentionen. D'Resultat war elo just ee Moment verschwonnen. Domat ass de Projet ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6578 est adopté par 35 voix pour et 25 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Body (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydia Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Sidd Der bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci.

An da géife mer zur Motioun iwwergoen.

Motion 1

Wuertmeldungen zur Motioun? D'Madame Andrich hat se kuerz presentéiert, mä wann...

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). - Merci, Här President. Ech wollt eigentlech net méi op den Detail vun der Motioun agoen,

well ech dat am Fong a menger Ried presentiert hat.

An déi Opfuerderungen un d'Regierung sinn awer Saachen, déi am Virfeld elo net weider ofgeschwat waren. Dofir wär ech natierlech frou, wann ech eng Ennerstëtzung kréich. Mä d'Madame Minister huet jo gesot, dat wär net de Fall. Elo wollt ech awer froen, ob nach aner Kollegen do sinn, déi déi Ennerstëtzen. An ech wollt och da froen, dass mer dann zum Vote géife kommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Zousätzlech Wuertmeldungen zur Motioun?

Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Mir soen der Madame Andrich Merci fir déi Motioun. Mir hunn eis dat ugekuckt. Mir fannen dat ganz sënnvoll, wat hei drasteet. Ech mengen, dat ass complémentaire zu deem Gesetz, wat mer elo gestëmmt hunn. A mir wäerten déi Motioun dofir och matstëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Dann den Här Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Mir hunn eis déi Motioun hei natierlech och am Detail ugekuckt, an esou wéi d'Ministesch gesot huet, hu mir vollst Vertrauen a si an a hir Mataarbechter, datt déi Ëmsetzung hei vun dësem Gesetz natierlech esou wäert geschéien, wéi mir dat och virdu virgesinn hunn. An duerfir géife mer als LSAP dës Motioun net stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Madame Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Als Gréng si mir der Meenung, dass déi Motioun d'Regierung entmündegt, well mer der Meenung sinn,...

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- ...d'Regierung ass à même, an den Dialog ze trieden, huet dat och wëlles. Se huet och wëlles, déi néideg Ressourcen zur Verfügung ze stellen, fir d'Gesetz ze applizéieren a fir déi nächst Etapp anzelauden.

Si muss och net elo vun engem „steering group“ begleet ginn, wa se et nach net néideg huet. Ech mengen, et sëtze kompetent Leit um Ministère, déi hir Aarbecht gutt maachen. A wa se et fir néideg fënn, ka se och a Kontakt triede mat aneren Akteuren. Dat, wat se souwisou och scho mécht, wa se Berodung brauch.

An deem Sënn fanne mer dës Motioun iwwerflësseg.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madame Lorsché. Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, et ass eigentlech schon alles gesot, mä nach net vu jiddwerengem. Duerfir wéilt ech awer och soen, datt meng Fraktioun déi Motioun hei net wéilt stëmmen an net wäert stëmmen, well se eigentlech superfétatoire ass. Ech mengen, well et eng Evidenz ass, datt d'Regierung wäert alles maachen, fir déi Punkten, déi hei opgezielt gi sinn, ëmzesetzen. Also duerfir an deem Sënn och eise Vote.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dann den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir wäerten déi Motioun hei stëmmen, well se och dem Sënn vun eiser Abstentation virdrun entsprécht, dass ee muss dat do ganz genau weiderhi verfolgegen, wéi dat geet.

Et si jo och inhaltlech Indicationen hei dran, déi net nëmmen eleng eppes ze dinn hu mat enger formeller Ëmsetzung vum Gesetz, mä déi och mam Inhalt vun deenen Exekutivmoosnamen ze dinn hunn, wéi zum Beispill wat d'Zesummesetzung vum Conseil scientifique ugeet. Wat eng vun deene Saache war, déi ech och ervirgehuewen hunn, dass et net därer esou sinn, dass erëm eng Kéier déi Leit vun d'ëmsatzevirrichtung op der Uni Lëtzebuerg do exklusiv dra vertruede sinn. An dat sinn awer déi, déi herno unerkennen, wat se wëllen als Ausbildung an esou weider akzeptéieren a wat net.

Mir fäerten dofir, dass et vill ze vill eng eesäiteg Orientierung gëtt, wann net dee Wonsch hei, fir och dat pluralistesches zesummen ze setzen, géif erfëllt ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. D'Madame Gesondheetsministesch, mengen ech, huet Stellung uegelléiert. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert d'Motioun.

Vote sur la motion 1

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

(Interruption)

Den Här Schank huet Jo gestëmmt.

60 Bedeelegungen: 28-mol Jo, 32-mol Neen. Domat ass d'Motioun net uegelléiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, do geet et em eng ganz Rei vu Kooperatiounsaccorden tëschent der Europäescher Gemeinschaft, dem Kambodscha, dem Vietnam, der Mongolei an dem Irak. Et wäert eng Presentatioun vun zwee Rapporteur kommen, deen ee fir déi dräi éischt, an dann deen zweete Rapporteur fir dee leschte Projet. An et wäert och eng gemeinsam Diskussioun ginn.

D'Wuert huet elo direkt den honorabele Rapporteur, den Här Marc Angel. An d'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

5. 6726 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République des Philippines, d'autre part, signé à Phnom Penh (Cambodge) le 11 juillet 2012

6727 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République socialiste du Viêt Nam, d'autre part, signé à Bruxelles le 27 juin 2012

6728 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Mongolie, d'autre part, signé à Oulan-Bator (Mongolie) le 30 avril 2013

6729 - Projet de loi portant approbation de l'accord de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de l'Iraq, d'autre part, signé à Bruxelles le 11 mai 2012

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur les projets de loi n°6726, n°6727 et n°6728

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Wéi gesot, bei dësen dräi Gesetzesprojeten, déi ech virstellen, geet et em d'Approbatoun vun engem globalen Accord de partenariat et de coopération tëschent der Europäescher Union an hire Memberstate mat dräi anere Länner: fir de Projet 6726 mat de Philippinen, fir de Projet 6727 mam Vietnam a fir de Projet 6728 mat der Mongolei. Dës Accords de partenariat et de coopération sinn am Fong déi vertraglech Basis tëschent der EU, hire Memberstate, fir d'Kooperatioun mat Drëttstaten.

Wat den Accord mat de Philippinen ugeet, hunn d'Verhandlungen vu Juni 2008 bis Juni 2010 gedauert a se goufen 2012 am Kader vun enger ministerieller ASEAN-Reunioun ënnerschriwwen. Dës Accord schreift sech an, wéi gesot, an e breede Verhandlungsprozess vun den APCen. Am Moment ginn där mat méi Länner a Südostasien verhandelt am Kader vun der ASEAN.

Och dës Accorden hunn d'Vokatioun, fir déi aktuell bilateral Relationen tëschent der EU an den ASEAN-Länner ze stäerken. An dës Accords de partenariat et de coopération sinn och eng Viraussetzung, fir spéiderhi mat ASEAN-Länner Fräihandelsverträgen ofzeschliessen.

Dës APC mat de Philippinen ass deen éischte bilaterale Accord tëschent der EU an de Philippinen. D'Philippine si Member vum G-24. Se ware Membre fondateur vun der UNO. Si hunn och 2011 de Statut de Rome vun der Cour pénale internationale ratifizéiert, wat en Zeechen ass, dass si sech och am Dossier Rechtsstaatlechkeet engagéiere wëllen.

D'Philippinen hunn eng enorm Croissance économique erlieft. Si hunn eng Croissance vu 6,5% am Joer 2013 gehat. Si sinn de fënneften Handelspartner fir Import an Export vun der EU. An d'EU ass iwwerengs an den héchsten auslänneschen Investisseur op de Philippinen. An d'Philippine sinn hirersäits den 49. Handelspartner vun der EU.

Bei den zéng ASEAN-Länner sinn d'Philippinen de sechsten Handelspartner vu Lëtzebuerg an d'Valeur vun den Échangé beleeft sech op 9,32 Milliounen Euro. D'Échangé vu Services tëschent Lëtzebuerg an de Philippinen hunn eng spektakulär Croissance kennt: Déi si vun 2002 vun 2,46 Milliounen op 59 Milliounen am Joer 2011 eropgaangen!

D'Relationen tëschent de Philippinen a Lëtzebuerg sinn exzellent, haaptsächlech och eng ganz gutt politesch Kooperatioun um Niveau vun der UNO. D'Philippinen hunn déi lescht Joren e puer Naturkatastrophe kennt, leider. Do huet Lëtzebuerg och eng Aide humanitaire bruecht, déi cumuléiert sech op méi wéi 2,8 Milliounen Euro.

Wat elo de Projet de loi, den APC mam Vietnam ubelaangt, do sinn d'Verhandlungen 2011 ofgeschloss ginn. De Vietnam, dat wësse mer alleguerten, huet an deene leschte Jorzéngten en enormen Effort gemaach, fir sech opzemaachen, politesch a wirtschaftlech. An en huet och eng enorm dynamesch an durabel Croissance, e PIB vu 7,3% en moyenne tëschent 1990 an 2010. Dat huet och dozou bäigedroen, dass et zu enger enormer Reduktioun vum Taux de pauvreté an deem Land komm ass.

Am Joer 2013 war d'EU den zweeten Handelspartner vum Vietnam an deen éischte fir Exporter aus dem Vietnam. De Vietnam ënnerhält natierlech och politesch an ekonomesch Relationen mat Lëtzebuerg. Vun den zéng ASEAN-Statene ass de Vietnam de véierten Handelspartner vun onsem Land. D'Valeur vun den Échangé 2013 war 12 Milliounen Euro: 7 Milliounen fir Importer aus dem Vietnam a 5 Milliounen fir Exporter an de Vietnam. D'Échangé vu Services mam Vietnam allerdéngs hunn eng enorm Croissance kennt: 2 Milliounen 2003 an 92 Milliounen 2013! D'Balance dovunner ass da largement excédentaire fir Lëtzebuerg: 77 Milliounen am Joer 2013.

Erlaabt mer an deem Zesammenhang och drun ze erënneren, dass de Vietnam jo e Partnerland ass vun der Lëtzeburger Kooperatioun. Mir hunn dee leschte PIC mat dem Vietnam ënnerschriwwen 2011. Dee leeft elo am Joer 2015 aus. A mir sinn, wéi gesot, do an enger Strategie de sortie mam Vietnam. A mir wëllen doduerch weiderhi Relationen mat deem Land halen, ekonomesch Relationen.

Zum Ofschluss wollt ech och nach drun erënneren, dass, wéi gesot, d'EU amgaangen ass, och mam Vietnam ze diskutéieren iwwer en Accord de libre-échange.

Wat elo de Projet 6728 ugeet, dat ass den APC tëschent der Europäescher Union an der Mongolei, do ersetzt dës Accord en alen Accord vun 1993, den Accord de coopération commerciale et économique. Dat hei ass en APC, dat ass also e moderniséierte Kader vun de Relationen tëschent der Union an der Mongolei.

A genau wéi all déi aner Accorden, déi ech virdrun opgezielt hunn, beinhalt dës Accord och eng Rei vu gemeinsame Prinzipien an och vu gedeeltene Valeuren, déi mer mat der Mongolei an och mat deenen anere Länner, iwwert déi ech virdu geschwat hunn, hunn.

Dës Accord mat der Mongolei, genau wéi déi aner, ass e méi déift politesch an ekonomesch Engagement tëschent der Europäescher Union an der Mongolei an, wéi gesot,

deenen anere Länner. Och dës Accord, do ginn ech e bësse méi an den Inhalt vun deenen Accorden an, beinhalt, genau wéi déi aner, déi nämlech politesch Standardklauselen iwwert d'Mënscherechter, d'Massevernichtungswaffen, d'Cour pénale internationale.

Dës Accord setzt sech och an - an dat ass och ëmmer ganz wichteg, dorobber pocht d'Europäesch Union jo ëmmer - fir eng méi regional an international Kooperatioun. Dës Accord, genau wéi déi aner, ass och d'Basis, fir iwwer méi sensibil Sujeten ze diskutéieren, wéi de Blanchiment de capitaux, den Drogenhandel, d'organiséiert Kriminalitéit an d'Korruptioun. An natierlech och d'Obligatioun, fir zesummeneschaffen an der Lutte géint den Terrorismus.

D'Mongolei, dat wësst Der, ass e grouss Land, tëschent zwee nach méi grouss Länner agekesselt, China a Russland. An dofir nenne si d'Europäesch Union hiren drëten Noper an och e wichtige Handelspartner. D'Handelséchangé tëschent der Mongolei a Lëtzebuerg, déi sinn nach ganz weineg entwéckelt, mä déi hunn awer en enormt Potenzial. An och den Échange vu Services ass amgaangen ze demarrieren tëschent der Mongolei a Lëtzebuerg.

D'Mongolei ass fir Lëtzebuerg kee Partenaire privilégié, wat d'Entwicklungsolitik ubelaangt, mä et ass awer trotzdeem e Partner vun eis. Zum Beispill am Joer 2013 sinn 2,3 Milliounen vun der Aide publique au développement vu Lëtzebuerg an d'Mongolei gefloss.

D'APCen erlaben also e méi effikassen Engagement vun der EU an hire Memberstate vis-à-vis vun dësen Drëttstaten, wat d'Entwécklung, wat den Handel a wat d'Investissementer ugeet. Um institutionelle Plang gesinn dës Accorden och e Comité mixte vir, wou Représentanté vun deenen zwou Parteie sinn, an déi kucken, dass déi Accorden dann och gutt ëmgesat ginn. Déi Accorde si fir eng Period vu fënnf Joer ofgeschloss. Se ginn automatesch prorogéiert, all Kéiers ee Joer.

Ech wollt just drun erënneren, dass mer zweemol an der Kommissioun, de 5. Januar an den 28. Januar... an den 28. Abrëll hu mer an der Kommissioun iwwert dës Projete geschwat. Mir haten eng Unanimitéit. Meng schréfflech Rapporté sinn uegelléiert ginn, gradesou wéi de schréffleche Rapport vum nächste Riedner, dem Gusty Graas, deen den APC iwwert den Irak wäert virstellen.

Déi Accorde sinn also unanime uegelléiert ginn an der Kommissioun. Ech soen dofir och schon dem Gusty Graas Merci. An och deen Accord wäert d'LSAP matstëmmen. An ech ginn och elo den Accord vun der LSAP fir déi dräi Accorden, déi ech elo virgestallt hunn.

Ech soen all de Membere vun der aussepolitische Kommissioun, als President vun där Kommissioun, villmoos Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht, déi mer an dësen Dossier hunn. An och Merci fir d'Disponibilitéit vun de Verrieder vum Ministère, mat deene mer ëmmer eng flott Diskussioun hunn, wann déi Projeten hei presentéiert ginn. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. An deen nächste Rapporteur ass schon ënnerwee fir de Projet de loi 6729. Den Här Graas huet d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur le projet de loi n°6729

► **M. Gusty Graas (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am März 2006 krut d'Europäesch Kommissioun d'Mandat, fir en neie Partenerschafts- a Kooperationsaccord mat der Republik vun Irak auszehandelen. Am November vum selwechte Joer hunn déi Verhandlungen uegelaangen a konnten no der néngter Reunioun am November 2009 ofgeschloss ginn.

Dës Accord gëtt u sech e juristesche Kader hier, fir Gespreecher op allerhéchstem politeschem Niveau ze féieren. Den Accord schreift sech awer och an d'Kontinuitéit vun den EU-Efforten an, fir den Irak no 2003 erëm opzebauen. 2003, dorunner kënnt Dir lech bestëmmt jo nach erënneren, wéi de Regime vum Saddam Hussein, virun allem vun enger amerikanescher an englescher Offensiv, eliminéiert gouf.

Iwwer eng Milliard Euro goufen an der Tëschenzäit an d'Rekonstruktioun vun deem Land investéiert. Dës Hëllef baséiert virun allem op den Objektiv vum Millénaire vun der Ent-

wécklung bei der UNO. D'EU ass den éischten Handelspartner vum Irak, mat engem Gesamt-échange vu 16,05 Milliarden am Joer 2013, dat virun den USA, virun Indien an och viru China.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi hei gouf den 21. Oktober 2014 vum Här Ausseminister déposéiert. De 5. Januar 2015 war ech zum Rapporteur genannt ginn. D'Chambre de Commerce hat hiren Avis den 8. Dezember 2014 virgeluecht. Si begréisst diesen Accord, well virun allem awer och déi politesch an ekonomesch Relatioun mam Irak heideruerch nach kënnen verbessert ginn.

De Conseil d'État, deen hat säin Avis de 6. Februar 2015 ënnerbreet an deen hat och näischt un deem Projet de loi hei auszusetzen.

Ech wëll da kuerz op den Inhalt vun dësem Accord agoen, deen 124 Artikelen huet an a fënnef Haaptdeeler opgedeelt ass.

Am éischten Deel geet et ëm d'Aussepolitik an d'Sécherheet. Gemeinsam solle Moossname géint den Terrorismus an d'Verbredde vu Waffe geholl ginn. Dernieft gesäit deen Accord awer och hei vir, fir dem Irak spéider de Statut vu Roum vun Internationale Stroffericht ze ginn.

Am zweeten Deel ginn dann den Handel an d'Investissementer geregelt. Eng progressiv Liberaliséierung vum Commerce an de Schutz vun de Propriétéitsrechter stinn hei am Vierdergrond. Och wann den Irak nach net Member vun der Welthandelsorganisatioun ass, referéiert sech den APC awer hei op d'Regle vum der OMC an och op déi vum GATT aus dem Joer 1994. Et ass och eng Iwwergangsperiod am Beräich vun dem Opmaache vun de Marchés publics hei virgesinn.

Den drëtten Deel behandelt dann d'Kooperatioun. Et geet hei méi spezifesch ëm d'Éducation, d'Jugend, d'Aarbecht, d'Zivillgesellschaft an d'Mënscherechter. Dernieft gëtt awer och den Akzent op déi ekonomesch Zesummenaarbecht geluecht, besonnesch um Niveau vun de PMEen, awer och an de Beräicher vun der Landwirtschaft, vum Transport, der ländlecher Entwécklung, den Telekommunikatiounen, de Finanzen an dem Tourismus. Déi zwee Partner engagéiere sech dann awer och, um Niveau vun der Fiskalitéit méi enk ze kooperéieren.

Ech wëll dann awer och op den Artikel 93 hiweisen. Do geet et méi spezifesch ëm den Ëmweltschutz. An an deem Sënn ass och de Gescht vun der nohalteger Entwécklung an deen Artikel agefloss an d'Europäesch Unioin verflücht sech och do, technesch Kompetenzen dem Irak ze ginn.

D'Justiz, d'Fräiheet an d'Sécherheet sinn dann d'Themen am véierten Deel. D'Migratiouns- an d'Asylpolitik wéi och d'Lutte géint den Terrorismus an d'Droge sinn do d'Haaptsubjeten. Den Artikel 104, deen och eng gewëssen interessant Ausso huet, dee regelt de Schutz vun de Privatdonnéeën. An net onwesentlech ass awer och den Artikel 109, wou bilaterale Austausch um Niveau vun der Kultur virgesi sinn.

Zum Schluss dann nach e kuerzt Wuert iwwert de fënneften Deel, wou et méi ëm generell an institutionell Dispositiounen geet. Virgesinn ass d'Schafe vun engem Conseil de coopération, deen d'Asetze vun dësem Accord iwwerwaache soll. Dee muss och op d'mannst eemol d'Joer zesummekommen. An da gesi sech awer och d'Membere vum irakesche Parlament a Membere vum Europaparlament am Kader vun enger parlamentarescher Kooperatiounskommissioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, diesen Accord huet eng Lafdauer vun zéng Joer, an e gëtt dann automatesch ëmmer fir ee Joer verlängert, et sief, datt eng vun deenen zwou Parteien sechs Méint virum Oflaf géif opkënnen. Wann en net respektéiert gëtt, an dat virun allem um Niveau vun de Mënscherechter, da kann deen Accord och hei suspendéiert ginn.

Ech wëll am Numm vun der Demokratescher Partei hei den Accord ginn, bidden lech och, dësem Accord zouzestëmme, a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo. Merci fir d'Alleréischten deenen zwee Rapporteur, déi eis op hir gewinnten detailléiert a ganz komplett Aart a Weis déi Accord geschildert hunn, soudatt eigentlech net méi vill derbäizefügen

ass. Ech géif och direkt soen, datt meng Fraktioun bien entendu den Accord zu deene véier Accordé gëtt.

Ech wëll awer vläicht zwou Observatiounen maachen: eng éischt, wat déi Accorden ubelaangt am asiatesche Raum. De Rapporteur huet et schonn ënnerstrach: Déi Accordé sinn u sech de Préalabel fir dee ganz groussen Accord de libre-échange mat den ASEAN-Länner. An dofir si se e wichtege Schrëtt.

Et ass elo e bëssleche schued, datt den Ausseminister net hei ass. Ech wär nämlech net onfrou gewiescht, e puer Informatiounen ze kréien, wou mer mat deem Accord de libre-échange mat den ASEAN-Länner dru sinn. Et gëtt am Moment ganz vill vun TTIP a vun TiSA geschwat. Dat hei ass och en extrem wichtege Accord de libre-échange. An ech wär, wéi gesot, frou, vläicht an enger nächster Sitzung, wann den Ausseminister eis do kéint nach eng Rei vun Explikatiounen ginn.

Dann eng zweet Remarque, déi den Accordcadre mam Irak betrëfft. De Rapporteur huet dat och ënnerstrach. Do ass u sech eng ganz flott Saach mat dran, an zwar gëtt et do e Comité de coopération tëschent dem Europaparlament an dem irakesche Parlament. Ech géif et just wichtege fannen, wann och déi national Parlamenter do trotzdeem vertrauede wieren, well all déi Accorden, diesen Accord och, musse jo vun den nationale Parlamenter ratifizéiert ginn. An dofir géif et och Sënn maachen, datt een och Vertrieeder vun den nationale Parlamenter do derbäi hätt.

Dat gesot, gi mir, wéi gesot, eisen Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mosar. Dann hunn ech den Accord kritt vun deenen zwee Rapporteur. Dann den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Här Angel Merci ze soe fir déi dräi Rapporten. Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun fir déi Accordé souwuel mat de Philippinen, dem Vietnam an der Mongolei. Och e Merci un den honorebelen Här Graas fir säi Rapport, an ech bréngen him och den Accord vun eiser Fraktioun fir dee Projet mat dem Irak.

Ech moosse mer net un, fir den Här Ausseminister hei ze schwätzen. Mä ech mengen, op déi Fro, déi den Här Mosar gestallt huet, fir iwwert d'Fortschrëtt an den ASEAN-Verhandlungen ze schwätzen, wäerte mer och an enger Kommissioun kënnen zréckgräifen, well do mécht den Här Ausseminister sech jo wirklich net rar. Do hu mer oft Geleeënheet, fir mat him ze diskutéieren.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Et ass och vun eiser Säit aus en hærzelech Merci un d'Rapporteur, déi awer eng ganz voluminéis an och eng komplizéiert Matière hei konnte ganz gutt resuméieren.

Mir wollt just als ADR e Kommentar maachen. Mir stëmme déi Gesetzer mat, selbstverständlech, well se jo deene concernéierte Länner och Avantagé bréngen. An et ass sécher, datt mir dat dann och ënnerstëtzen. Mä et ass vläicht och, wa mer esou Accorden ënnerschreien oder ratifizéieren, wéi mer et haut hei maachen, awer interessant, iwwert de Contenu vläicht deen een oder anere Gedanken ze verléieren.

Well mir hu jo eng grouss Debatt hei am Abléck iwwert den TTIP an iwwer aner Accorden, mat Kanada an esou weider an esou virun, an dann ass et interessant, fir ze kucken, wéi mir als Europäesch Unioin eis Partner behandelen. Wa mer hei en Handelssoffkommis maachen oder och en Accord de libre-échange - dat ass elo hei nach net de Fall -, mä: Wéi gi mir mat eise Partner ëm?

A wann een dann déi Texter hei liest, da gesäit een awer, datt ech net ganz vill muss iwwerdreien, fir ze soen, datt awer eng gewësse kolonialistesche Attitüd do derhantertsteet. Do si säiteweis Artikelen dran, wou mir gesellschaftspolitesch Iwwerzeugungen, déi eis hei an Europa am Abléck wichtege sinn oder weinstens engem groussen Deel vun der Politik wichtege sinn, déi mer awer dann an déi Traitéeën iwwerhuelen an a Kulturen iwwerdroen, déi vläicht ganz aner Opfaassungen hunn.

Et ass och heiansdo irritant, fir verschidde Saachen ze liesen. Et irritéiert, wann ee liest an engem Traité mat de Philippinen, datt déi mussen do d'Biocarburante promouvéieren - zum Beispill eppes, wat ethesch méi wéi diskutabel ass.

Et kann irritéieren, wann ee fir den Irak, engem Land, wat an engem Iwwerliewenskampf ass am Abléck, dat kämpft géint den Islamesche Stat an aner Erscheinungen, déi dee Stat a senger Grondsubstanz iwwerhaapt a Fro stellen, wann een dann déi Artikele liest iwwer zum Beispill d'Massevernichtungswaffen, wou mer wëssen, datt dee Krich, den zweeten Irakkrich, gefouert ginn ass ënner deem falsche Virwand vun de Massevernichtungswaffen, déi deemools net do waren, an datt dat Land haut natierlech och déi Capacitéit net huet.

Ech wëll dat net a Fro stellen, mä déi Manéier, wéi dat dann an deem Traité do festgehalten ass, datt ass einfach eng Schabloun, déi applizéiert gëtt an all Traité. An et kann ee sech awer froen, ob dat déi richteg Approche ass, fir mat Länner ëmzuegoen, well iwwerhaapt net op hir spezifesch Situatioun vun deem Abléck agaange gëtt.

An dann, et kann ee verstoen, datt déi Saachen drakommen. Et ass einfach dat, wat am Europaparlament gefrot gëtt vun deene Fraktiounen, fir dat do ze ratifizéieren. Mä ëmmer erëm, d'Iwwerleueung, déi ech hei wëllt maachen, ass just, fir emol an de Raum ze stellen, wéi mir mat deenen aneren ëmginn, an engem Kontext, wou mir déi Négociatiounen vun TTIP an esou weider awer hannerfroen.

Dann och deen Accord mam Irak: Et ass bäi Wäitem deen däcksten Accord, well natierlech do mat de Buedemschätz..., also mat der Mongolei och, mä am Irak ass mam Uelech natierlech am Abléck am meeschten ze huelen, do gëtt et relativ vill Dispositiounen iwwer Arbitrage. Bon, elo kann een natierlech soen: Esou wéi den Accord formuléiert ass, ass dat en Arbitrage tëschent Staten. Obschonn ech och net ganz sécher sinn, datt et sech nëmmen op Staten applizéiert. Bei de Redaktiounen vun den Artikelen 57 an 62 besonnesch kann ee sech d'Fro stellen.

Mä och do muss een dann alt erëm eng Kéier froen, an engem nächste Stadium, wann deen Accord de libre-échange da kënt: Wéi ass et da mam Investitiounsschutz a Länner wéi dem Irak oder der Mongolei, wou grouss Buedemschätz ze huele sinn?

Ech si gär d'accord, fir ze soen, datt mir fir d'Mongolei en drëtten Noper sinn, mä en drëtten Noper soll sech och behuelen. An en drëtten Noper muss och déi verschidden Interesse vun deene Länner respektéieren, mat deene mer Handelsbeziéungen hunn.

Mat Vietnam, wann een deen Accord liest, ass et nach méi surrealistesch, datt mir nach ëmmer Entwécklungshëllef leeschten a Vietnam. Mir dépasséieren hei am Stadium vun den Europa-Vietnam-Beziéungen scho laang de Stadium vun der Entwécklungshëllef, déi mir awer nach ëmmer do leeschten. Natierlech gëtt et do en Opt-out-Zenario, dee mer säit Joren dann diskutéieren, mä dee mer nach net duerchgezunn hunn. An ech mengen, mir si jo och eent vun deene leschte Länner, wann net iwwerhaapt dat lescht, wat iwwerhaapt nach Entwécklungshëllef a Vietnam leescht. An et gëtt héich Zäit, datt mer eis do zréckzéien, well mer op engem ganz aneren Niveau vu Beziéungen schonn ukomm sinn.

Also, all déi Accorden, wéi gesot, mir droe se als ADR mat. Mä déi Approche muss mer awer am A behalen, wéi mir mat anere Länner ëmginn. A mir mussen och, wa mer déi Accorden hei ëmsetzen, wéi mer et haut hei maachen, an a Lëtzebuerger Recht iwwerféieren, da solle mer eis awer och froen: Kënnen mir eis als Land dann astellen op déi nei Méiglechkeeten, déi eis déi Accordé ginn?

Deen normale Reflex wier jo och, datt mer dann - ech huelen un, et gëtt gemaach, ech sinn awer nach laang net sécher, datt et gemaach gëtt -, datt mer eis mat eisen Acteurs économiques, mat der Chambre de Commerce a mat aneren zesummesetzen an dann och diskutéieren, wéi eng Opportunitéiten déi Accorden eis ginn, ob mer administrativ opgestallt sinn, fir déi Accorden och zum Benefiss vun eisen diverse Wirtschaftssecteuren ëmzesetzen. Ech mengen, dat wier déi Approche, wa mer dat hei maachen, ass et en Exercice, deen derwäert ass, fir ze kucken, datt mer en och fir eis Economie natierlech rentabel maachen.

Awer den Appell, dee mir haut maachen, ass, datt mer eben e Respekt géint iwwer deene Länner erëm léieren, deen hei an diesen Accorden net ëmmer an d'A spréngt.

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. Nächste Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir hunn et hei mat véier verschiddenen Accorden ze dinn, vun deenen der dräi

ganz ähnlech sinn, mat de Philippinen, der Mongolei a Vietnam, an engem, dee vun enger, muss een awer soen, besonnesch geopolitescher Brisanz ass, nämlech dee mam Irak.

Gemeinsam hu se awer alle véier, datt se déi dominéierend neoliberal Logik an den internationalen Handelsbeziéungen weider ausbauen an deelweis souguer op d'Spëtzt dreie wëllen. Déi dräi asiatesch Länner hunn, am Moment, verschidden Degrée vun Integratioun an Interessen um Weltmarkt. D'Philippine si Member vun der Welthandelsorganisatioun an hunn och de GATT-Accord ënnerschriwwen. De Vietnam ass eréischt kierzlech der OMC bäigetritt, an d'Mongolei huet weder de GATT ënnerschriwwen nach ass se Member vun der OMC.

Dat ausgeschwat Zil vun der Europäescher Kommissioun ass et, mat de Länner vun südestasiatesche Raum e wäitreichend Fräihandelssoffkommis, an dat gouf schonn och hei gesot, zu Recht, vergläichbar mam TTIP mat den USA, oder mat CETA, deem Accord mat Kanada, ofzeschließen.

Déi Accorden, déi mer elo hei an der Chamber virleien hunn, sinn éischer Virleiefer a Virbedéngung vum Aushandele vun engem gréisseren Fräihandelssoffkommis. Och wann déi heiten Accorden nach ganz wéineg contraignant sinn, esou weise se schonns, a wéi eng falsch Richtung et goe soll. Dee wichtigsten a gréissten Deel vun den APCen hei betrëfft déi kommerziell Zesummenaarbecht a liest sech wéi eng Aart Abécédaire vum Wirtschaftsliberalismus.

D'Kapitalfléss solle vereinfacht ginn an Investitionsbarriären, esou wéi se genannt ginn - et kéint een och Protektiounen soen -, sollen iwwerwonnen ginn. D'Konditiounen, fir Zougang zu deene Marchéen ze kréien, sollen erofgesat ginn, an déi sougenannten „barrières non tarifaires“, dat heescht bestehend Reguléierungen, sollen, wa méiglech, am beschte ganz verschwannen.

Da gëtt och nach vum Klima geschwat, vun engem attraktive Klima fir Investissementer, dat soll geschafe ginn, an d'Konkurrenz als dominéierende ekonomesch Prinzip soll ausgebaut ginn, an dat och, a besonnesch, am Secteur vun den erneierbaren Energien.

Hei sollen also déiselwech ekonomesch Prinzipien - Dereguléierung a Liberaliséierung -, déi zënter 30 Joer iwwerall an der Welt zu Krisen a Verwerfungen féieren, d'Richtung vun eisen Handelsbeziéungen mat deene Länner uweisen. Et sinn Accorden, déi net an éischer Linn den Interesse vun de Leit dengen, mä deene vun de multinationalen Entrepreneuren, déi Weeër sichen, Benefisser ze maachen.

Et deet mer leed, datt mir eis hei ëmmer erëm répétéieren, mä et gëtt eng Logik. An déi Logik gëtt ëmmer erëm weider applizéiert, och wann ee mierkt, datt et näischt bréngt. Errare humanum est, perseverare diabolicum.

Dee richtegen décken Hummer ass awer den Accord mam Irak! D'Richtung ass déiselwech wéi bei deenen aneren Accorden, mä et geet nach vill méi wäit. Den Irak ass an enger Situatioun, wou dat Land zënter '91 ënner massiven ekonomeschen a soziale Schweregkeete leit. Net nëmme gouf d'Populatioun vun enger Diktatur ënnerdréckt, mä si huet och gelidden ënner Sanktiounen, déi an éischer Linn d'Zivillpopulatioun getraff hunn.

Dunn, mam illegalen a vëlkerrechtswiddrigen zweete Golfkrich, wou zwar de Saddam Hussein „liquidéiert“ gouf - wéi den Här Graas gesot huet, mä d'Land gouf mat liquidéiert, dat d'äerf een och ni vergiessen -, bei deem och eng Retsch Länner aus der EU drun deelgeholl hunn, huet dat Land wuel déi schlëmmste Phas vun Zerstéierung vun öffentleche Strukturen an Infrastrukture materiel.

An da kann een drun erënneren, déi kanadesch Publizistin Naomi Klein beschreift an hirem Buch „Shock and awe“ (veuille lire: „The Shock Doctrine: The Rise of Disaster Capitalism“), also d'Schockstrategie, wéi déi ganz irakesch Economie an enger Päerdskur privatiséiert ginn ass, wéi de Chômage, d'Aarmut an d'Verzweiflung omnipräsent gi sinn, wéi d'öffentlech Lieue komplett zesummegebrach ass, als Resultat dovunner, datt amerikanesch Firmen sech alles ënner den Nol gerappt hunn, d'Land ausbludde gelooss hunn an dunn, wéi näischt méi ze verdénge war, erëm ofgezu sinn.

Zréckbliwwen ass e Land, dat mer haut kennen, an deem et Biergerkrich oder souguer éischer Krich gëtt an dat iwwerhaapt ëm seng territorial Integritéit kämpft.

Duerch déi neoliberal Schockstrategie ab 2002 vu kompletter Privatiséierung a Liberaliséierung ass ee vun deene gréisste Berceaux vun ISIS, vum internationalen Terrorismus entstanen, an e Land, dat kaum nach an der Lag ass, déi elementarsten Daseinsfürsorge fir seng Popula-



tion ze garantéieren, e Land, aus deem eleng dëst Joer schonns 1,6 Milliounen Leit geflücht sinn.

Deen Accord, dee mer elo hei virleien hunn, huet, am Géigesaz zu deenen dräi aneren, een-deiteg contraignant Dealer. Obwuel den Irak net Member vun der Welthandelsorganisatioun ass, sollen déiselwecht zwéngend Prinzipie fir hie gellen. Dësen Accord gesäit vir, datt den Irak an där Situatioun, wou en ass, säi Maart progressiv fir Servicer opmaache soll, dat heescht, datt europäesch Firmen am Irak gläichbehandelt musse gi wéi irakescher.

D'Marchés publics gi liberaliséiert. Dat heescht, wann eng éffentlech Instanz vum Irak eng Ausschreibung mécht, zum Beispill, fir eng Waasserleitung ze leeën, dann dierfen irakesch Firmen net bevorzugt ginn, ausser si wieren net méi wéi 5% respektiv 10% méi deier - eng Regelung, déi awer soll séier ofgeschafft ginn. Zu deene Beräicher gehéieren ausdrécklech d'Waasserversuergung, d'Elektresch, d'Eisebunn, d'Telekommunikatiounen an d'Mülloffuhr. Dat sinn heiansdo och Saachen, déi mir selwer net géifen akzeptéieren - wéll ech drun erënneren -, an zu Recht.

An anere Wieder: E Land, nodeems et futtige-bommt gouf, deem seng Ekonomie komplett um Buedem läit, well alles liberaliséiert a privatiséiert ginn ass, an elo näischt méi funktionéiert, dat Land kritt heimadder all Méiglechkeet geholl, eng eegen Ekonomie opzebaue respektiv se virun de Multien ze schützen!

Am Accord steet dann och nach, datt all Joer soll evaluéiert ginn, ob een déi Beräicher vun de Marchés publics nach ausweide soll. An dann, déi ominéis Schiedsgeriichter, déi iwwer Litigé befanne sollen a géint déi d'Zivillgesellschaft hei an Europa Stueren leeft, zu Recht, ginn op Drock vun der EU an dësen Accord geschriwwen.

Als Alleréisch muss ee soen, datt et kee Gericht ass, et och keng Riichter sinn, mä et sinn Arbitere, wéi beim Fussball, Privatspezialisten am Handelsrecht, deenen hir Décisiounen och nach bei enger anerer Instanz net uefchtbar sinn, aneschtens hei beim Fussball, esou wéi dat an engem Rechtsstat misst sinn. A si hunn d'Befugnis, immens héich Strofen auszeschwätzen, an ennergriewen domadder d'demokratesch Souveränitéit vu Staten.

Den Här Ausseminister huet an der Debatt iwwer ähnlech Verträge mat Georgien gesot: „Rechtsstaatlechkeet an Demokratie, dat si Valeuren, déi mer wëlle wierklech mat deene Länner deelen.“

Dat ass richtig, Här President. Et baut een awer keng Rechtsstaatlechkeet an och keng Demokratie op, andeems een deene Länner Schiedsgeriichter imposéiert, déi géint all Prinzip vum Rechtsstaatlechkeet an Demokratie verstoussen.

An dann, zum Schluss, nach dat heiten: Am Artikel 99 vun dësem Accord steet dat souguer, datt den Irak weider Efforten a sengem Privatisatiounsprogramm ze maachen hätt. Wat hätte mer nach gären? Wat solle se nach weider privatiséieren? Dat ass och nach d'Fro, déi sech stellt.

Här President, mat dësem Accord maache mer weder onsen Europäer nach de Mënschen am Irak e Gefalen. Mir kopéieren déiselwecht desastreïs Praktike vun den Amerikaner an deene leschten zéng Joer, déi dat Land ausbludde gelooss hunn. Fanatismus, Fundamentalismus a Milliounen vu Flüchtlinge sinn d'Resultat vun där doter Politik. No der amerikanescher Schockstrategie ass deen heiten Accord säin europäesche klunge Brudder.

Den Irak bräicht awer am Géigendeel e grouss ugeluechten Investitiounsplang, fir datt seng eegen Ekonomie erëm kéint op d'Bee kommen, esou wéi mir dat an Europa nom Zweete Weltkrisch haten, wat een och nach zum Deel kéint kriséieren, well dat war och net alles oninteresséiert, mä ëmmerhin huet de Marshallplang explizit verhënnert, datt auslännesch Firme sech beräicheren, an Europa konnt sech erëm opbauen.

Dat heiten ass also, an eisen Aen, genau de Géigendeel dovunner, wat ee misst maachen. Hei solle souguer multinational Firmen nach weider Benefisser aus dem Misär vun dësem Land zéien, e bësse wéi Geieren, déi ronderëm e Kadaver fléien.

Esou eppes kënne mir net ënnerstëtzen. Mir wäerten natierlech dergéint stëmmen, well mir soen, e Vote ass ganz schnell gemaach, mä hei muss ee wierklech oppassen. Dofir: véiermol Neen!

Ech soen lech Merci.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Graas huet sech d'Wuert gefrot.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach just e kuerze prozeduralen Oubli nohuelen. Et war

och vläicht falsch interpretéiert ginn. Ech hat just den Accord virdu ginn zu dem APC mat dem Irak, wollt awer selbstverständlech am Numm vun der DP och den Accord zu deenen dräi aneren Accorden hei bréngen. Net datt den Doute géif opkommen, mir géife vläicht op eemol hei sympathiséiere mat eisem Virriedner. Loin de là!

An dowéinst wollt ech dat awer hei kloerstellen an och gläichzäiteg dem Här Angel nach eng Kéier Merci soe fir seng exzellent Aarbecht, déi en an deenen dräi Rapporten do geleescht huet. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci fir déi Prezisioun. Den Här Angel huet d'Wuert och nach gefrot.

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Jo. Ech wollt just op d'Interventioun vum Här Kartheiser agoen, dee gefrot huet, wéi esou Accorden, a mir hate jo schonn ähnlech Accorden, wéi hei d'Chambre de Commerce oder wéi mir déi hei ëmsetzen.

Ech wëll drun erënneren, dass bei all dësen Accorden och en Avis, e positiven Avis vun der Chambre de Commerce do ass, an dass zum Beispill muer an der Chambre de Commerce e Séminaire ass iwwert den Accord commercial - dat hei si jo keng Accords commerciaux -, iwwert den Accord commercial, dee mer d'lescht Joer gestëmmt hunn hei téschent der EU a Peru. Do ass muer zum Beispill ee mat de Lëtzebuerger Wirtschaftsakteuren, wéi mer dat kënne ëmsetzen. Also et gétt ëmmer e Suivi gemaach zu deene Projeten.

Ech wëll och nach soen, dass mer där heiten Accorde jo nach eng Rei wäerten an d'Kommissioun kréien, an dass mer dann - nach eng Kéier, wann dat de Wonsch ass, an ech mengen, dat ass jo de Wonsch hei - nach méi eng verdéiften Diskussioun mam Minister a mat senger Beamte wäerte kréien.

An dat kéint jo elo, wa fir verschidde Länner e Fräihandelsvertrage kënnt, do musse mer effektiv ganz gutt oppassen. Mä déi Négociatiounen sinn eréischt 2012 ugaangen, déi si ganz haart. An natierlech duerch den TTIP, wou ville Leit d'Aen opgemaach gi sinn, wäerten déi Négociatiounen vill méi schwéier ginn. An do wäerte mer dann och vigilant matdiskutéieren als national Parlamentar.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Angel. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madame Gesondheitsministesch fir den Ausseminister, deen, wéi säin Numm et seet, do-baussen ass, am Ausland.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé, Ministre de l'Égalité des chances (en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Ausseminister huet mech gebieden, e puer Wieder a sengem Numm ze soen. Fir d'Éischt natierlech Merci ze soe fir déi gutt Viraarbecht, déi geleescht ginn ass an deene leschte Wochen, fir dass déi véier Gesetzestexter kënne haut presentéiert ginn. An dann awer och ausdrécklech deenen zwee Rapporturen, dem Marc Angel an dem Gusty Graas Merci ze soe fir hir Viraarbecht an och fir hire gudd Rapport hei.

Et ass scho vun de Rapporturen gesot ginn, mir hunn hei véier verschidde Kaderaccorden haut ze stëmmen. Bei dräi vun hinne gétt et schonn e Kaderaccord, deen am Virfeld, an der Vergaangenheet ofgeschloss gi war: 1980 fir de Vietnam a fir d'Philippinen, an d'Mongolei 1993. Do geet et also drëm, fir elo op där doter Grondlag weider Verbesserungen ze erzielen, virun allem um wirtschaftleche Plang. Dat si méi generell Accorden, wou eng ganz Rei vun Elementer afléissen.

Beim Irak, an dat ass e puermol hei ervirgestrach ginn, komme verstärkt och politesch Considératiounen derbäi. Et geet effektiv ëm eng Villzuel vu Beräicher, vu politesche Froen, wéi de Kampf géint den Terrorismus an d'Féederung vun de Mënscherechter bis hin zum Handel an den Investitiounen, an och Schlüsselberäicher wéi Energie a Servicer.

Fir eis ass den neien Accord e Symbol am Fong vun der Europäescher Unioun, fir dem Irak a grad dëse schwéiere politeschen Zäiten zur Säit ze stoen an hinne och, wéi och ëmmer et méiglech ass, ze hëllef bei hire Beméiungen, fir d'Demokratie an hirem Land weider ze stäerken.

Ech wollt generell betounen, dass et bei kengem vun deenen Accorden ausschliisslech ëm Wirtschafts- an Handelsbeziéunge geet, mä dass Lëtzebuerg bei alle Kaderaccorden a bei alle Kooperatiounsaccorden och ëmmer e ganz grouss Wäert op de Respekt vun de Mënscherechter a vun der Rechtsstaatlechkeet geluecht huet. Dat heescht, mir hunn eis och ëmmer

agesat fir eng nohalteg Entwécklung an deene Länner, mat deene mer Accorde maachen an och fir méi sozial Gerechtegkeet, soudass et wierklech schued wier, déi Diskussioun op wirtschaftspolitesch Considératiounen ze limitéieren.

Dat ass besonnesch wichteg bei deem Kaderaccord mam Irak. Leider ass et jo do esou, dass mer weider all Dag schlecht Nouvellé kréien. An eisen Aen ass et wichteg, dass mer hei eng laangfristeg Partnerschaft kënne agoen, fir wierklech dem Land Ënnerstëtzung ze ginn an och Perspektiven ze ginn, déi et brauch, fir aus der Kris erauszekommen.

Bon, do si mer effektiv nach net esou wäit komm, wéi mer gehofft hunn, well den Iwwergang vum Irak, vun engem krisegeréselte Land zu enger stabiler Demokratie, wäert nach ganz laang daueren. Et ass net ëmmer einfach, fir en demokratesche Prozess ze begleeden. Mä, eiser Meenung no, kënne mir och, genee wéi aner Länner aus der Europäescher Unioun, dozou bäidroen, fir am Dialog hinne ze hëllef a fir och d'Stärkung vun der Zivillgesellschaft virunzedreien.

Et geet dann och drëm, fir sécherstellen, dass den Irak ka staark gemaach ginn, fir och besser sech kënne vum Fléau vum État islamique fräizemaachen, an och de politesche Parteien d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech um Opbau vum Land ze bedeelegen. An dass dobäi gehéiert, fir déi wirtschaftlech Infrastrukture vum Land ze stäerken, an och dozou bäizetroen, de Friden ze assuréieren, ass an eisen Aen, zesumme mat der Uechtung vun de Mënscherechter, e ganz grouss Element.

Ech géif dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, lech bidden, fir Ären Aval ze ginn dës véier Kaderaccorden.

Et sinn hei eng Rei vu Froen gestallt ginn, déi ech mer all opgeschriwwen hunn, virun allem d'Fro vum honorabelen Här Mosar, wat de Stand vun de Verhandlungen mat den ASEAN-Länner ubelaangt. Ech ginn dovunner aus, dass den Här Ausseminister do an deenen nächste Kommissiounen wäert drop äntwerten.

An ech géif, fir mäin Deel, Merci soen, dass Der mir erlaabt hutt, am Numm vum Ausseminister hei e puer Wieder zu deenen Accorden ze soen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. A mir géifen da successiv zu der Ofstëmmung iwwert déi verschidde Projeten iwwergoen.

Fir d'Éischt de Projet de loi 6726.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6726 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60 Deputéierten hu sech direkt oder indirekt bedeelegt: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Marc Angel), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6727.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6727 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Och do datselwecht Resultat: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Villmools Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Deen nächste Projet 6728.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6728 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass och de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Guy Arendt);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Villmools Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

An dee leschte Projet, de 6729.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6729 et dispense du second vote constitutionnel

Och do fänkt d'Ofstëmmung un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 58-mol Jo an 2-mol Neen, domat ass och deen dote Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Lau-

rent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gustav Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Guy Arendt);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech wollt lech zum Schluss nach froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwerzoen, dat ass de Projet de loi 6752, en EU-Reglement iwwert d'lërfschaften an iwwert d'Schafe vun engem europäeschen lërfschaftszertifikat. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An den Här Rapporteur, den honorabelen Här Guy Arendt, ass schonn op der Riednertribün. Dir hutt d'Wuert.

6. 6752 - Projet de loi relatif à la mise en application du Règlement (UE) n°650/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 relatif à la compétence, la loi applicable, la reconnaissance et l'exécution des décisions, et l'acceptation et l'exécution des actes authentiques en matière de successions et à la création d'un certificat successoral européen et modifiant

a) la loi modifiée du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers et

b) le Nouveau Code de procédure civile

Rapport de la Commission juridique

► **M. Guy Arendt (DP)**, rapporteur.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dese Projet de loi ass Enn leschtes Joers déposéiert ginn, duerch déi verschidden Etappe gaangen, an den 13. Mee ass de schrëftleche Rapport an der Kommissioun ugeholl ginn.

Dese Projet de loi setzt d'europäescht Reglement 650/2012 an Applikatioun. Dëst Reglement ass de 4. Juli 2012 vum Europäesche Parlament a vum Conseil votéiert ginn a regelt d'Unerkenne vun Décisiounen an Akten am Kader vu Successiounen an de Memberstate vum der Europäescher Unioun. Groussbritannien, Irland an Dänemark si par contre net un dëst Reglement gebonnen.

Domat schreiwten dës Dispositiounen sech an de Kader vun der Coopération judiciaire an der EU an. D'Zil vun der Schafung vun engem Espace de liberté, de sécurité et de justice an d'Vervollständigung vum Prinzip vun der Reconnaissance mutuelle ginn also elo och op d'lërfschaften ausgeweit. An dat ass och gutt esou!

An de leschte Joren a Jorzéngten haten nämlech ëmmer méi Leit Problemer, hir Rechter am Kader vun enger lërfschaft geltend ze maachen, soubal d'Familljeverhältnissen iwwert déi national Grenzen erausgaange sinn. Et brauch een do nëmmen ze zitieren déi Lëtzeburger a Lëtzeburgerinnen, déi eriwuer an d'Belsch oder an d'Altersheim an d'Belsch gaange sinn oder soss anzwousch, oder elo déi aktuell Lëtzeburger, déi eben an Däitschland eriwuerplënnen, déi sinn alleguerter vun deem heite Reglement definitiv betraff.

D'Reglement proposéiert dofir eng ganz Rei Mesuren, déi et dem legalen lërwe vereinfachen, seng Qualitéit als dësen ze bewäisen a vu senger Rechter Gebrauch ze maachen. E wichtige Schratt ass dobäi och d'Aféiere vun engem Certificat successoral europäen. Wann dese Certifi-

cat un eng Persoun ausgestallt ginn ass, da géllt dëst Dokument an all Memberstat vun der Europäescher Unioun, ausser wéi gesot déi dräi, déi elo net hei mat vun dësem Reglement befaasst sinn.

Allgemeng gëtt et fir den europäesche Bierger an Zukunft méi einfach an onkomplizéiert am Fall vu grenzüberschreitenden lërfschaftsfäll. D'Reglement huet Regeln opgestallt, wat fir e Gesetz fir eng ganz lërfschaft géllt, onofhängeg dovun, a wat fir engem EU-Land sech déi concernéiert Biens meubles a Biens immeubles befannen.

Et ass also an Zukunft just nach een nationaal Gesetz applikabel fir eng lërfschaft. Et handelt sech am Regelfall ëm d'Gesetz aus deem Land, wou dee Verstuerwene seng Résidence habituelle hat. Do ass zum Beispill eng grouss Ännerung am Verglach zu der bestehender Situation, wou op d'Immobilien d'Gesetz vun der Lag vun deenen uwendbar wor. Mä opgrond vum Artikel 22 vum Reglement kann een och zu Liefzäiten d'Gesetz ausdrécklech festhalen, wat ee fir d'Successioun auswielt.

Dës Regeln applizéiere sech op all zivill Aspekter vun enger lërfschaft opgrond vum Doud. Steuerrechtlech Froe sinn explizit net vun dësem Reglement betraff.

Dat betreffend europäescht Reglement ass eigentlech d'application directe fir all Successiounen ab dem 17. August 2015. Mir mussen trotzdeem dese Projet de loi haut stëmmen, well den Artikel 31 vum Reglement eng Mesure de transposition nationale virgesäit. Et geet hei drëms, eng national Autoritéit ze bestëmmen an de Kader ze fixéieren, an deem sech déi Autoritéit bewege soll.

De Projet de loi, iwwert dee mir haut ofstëmmen, proposéiert, d'Notairen als dës Autoritéit zu Lëtzebuerg festzehalen. Trotz e puer klenger Bedenke vum Statsrot zu dësem Choix, deen eigentlech d'Administration de l'Enregistrement et des Domaines am plaz proposéiert huet, huet d'Commission juridique sech décidéiert, d'Notairen als zoustänneg Autoritéit bäizebehale, dëst aus zwou Ursachen: Éischtens, d'Kommissioun ass der Meenung, dass ee weiderhin eng strikt Trennung tëschent Fonctions juridictionnelles a Fonctions régaliennes bäibehale soll. An zweetens, d'Chambre des Notaires huet sech deenen neien Aufgaben net opposéiert.

Mat dësem Projet de loi setze mir also déi néideg Dispositiounen an nationaal Gesetz ëm a passen d'Gesetz vum 25. September 1905 iwwert d'Transkriptioun vun den Droits réels immobiliers an den Nouveau Code de procédure civile deementspreechend un.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir bleift soss näischt méi iwwreg, wéi lech ze bieden, dese Projet ze stëmmen, zu deem d'DP hiren Accord gëtt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den Här Léon Gloden.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Fir d'Éischt dem Rapporteur Merci fir säi gudd schrëftlech a mündleche Rapport. Den Här Rapporteur ass schonn op d'Changementer agaangen. Ech wéilt och just eng kéier erwirsträchen, datt mer duerch déi Kreatioun vun deem Certificat successoral europäen am Fong e Passeport europäen schafen, wéi mer deen och an aneren Domänen vum europäesche Recht kennen, wat och am Esprit vun Europa ass.

E gréisserer Changement kënn, an ech géif souguer soen, datt dat e Paradigmewissel ass: Bis haut war ëmmer d'Gesetz applikabel am Kader vun enger Successioun d'Gesetz vun der leschter Residenz vum De cuius. Haut elo mat dësem Reglement kann een d'Gesetz wäien. Et ass d'Gesetz vun deem Stat, wou een d'Nationalitéit huet. Et ka jo emol virkommen, datt ech en cours de route vu mengem Liewen d'Nationalitéit changéieren. Oder wann ech d'uebel Nationalitéit hunn, hunn ech eben de Choix, eent vun deenen zwee Gesetzer ze wäien.

Wéi de Rapporteur gesot huet, muss mer hei eng Mesure d'exécution huelen, déi am Artikel 31 vum Reglement virgesinn ass, well do ass virgesinn, datt eng Institutioun oder eng Autoritéit muss en Acte d'adaptation en matière des droits réels huelen. Wat heescht dat konkret? Ma ech wéll dat mat engem Beispill illustréieren.

Wann zum Beispill an England eng Successioun opgeet an an där Successioun ginn et Immeublen, zum Beispill zu Lëtzebuerg, an den De cuius huet sengem Successeur oder sengem Légataire en Droit réel op dat Immeubel hei zu Lëtzebuerg ginn ënner engleschem Recht, wat mir hei zu Lëtzebuerg net an där Form kennen, da muss dann hei den Notaire, de lëtzebuergeschen Notaire saiséiert ginn, fir e sougenannt

Acte d'adaptation ze redigéieren, an deem en analyséiert, wéi en Droit réel ënner dem lëtzebuergesche Recht esou no wéi méiglech dem Droit réel ënner dem englesche Recht kënn. E muss do och dann den Esprit vum Gesetz vun deem Land respektéieren, an deem d'Successioun opgeet.

A wéi den Här Rapporteur gesot huet, designéiere mir haut duerch dat Gesetz, wat mer hei elo wäerte stëmmen, eben den Notaire, deen derfir zoustänneg ass.

Domadder ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Gloden. Nächste Riedner ass den Här Haagen.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Här President. Ech mengen, déi juristesche Explikatiounen, déi si ginn. Ech géif dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport a géif den Accord vun der LSAP-Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. D'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Merci, Här President. Mir maache genau dat selwecht. Mir soen dem Här Arendt Merci fir säi mündlechen a schrëftleche Rapport a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, Merci, Här President. Merci dem Guy Arendt fir seng ganz, ganz flott Explikatiounen an dem Kolleeg Gloden fir säi gudden Exempel. Ech mengen, och d'Leit, déi manner am Droit dra sinn, hunn elo verstanen, wourëm et geet.

Wichtig zréckzebehale ass: Dat heiten ass en EU-Reglement, wat d'application directe ass. Dat heescht, egal ob mer et elo gitt fannen oder schlecht fannen, mir kënnen strictement näischt méi drun änneren! An als ADR muss mer ganz kloer prinzipiell kritiséieren, datt iwwer zivilrechtlech Froe vun deem doten Ausmooss ka légiféiert ginn, ouni datt eis Chamber do agebonnen ass.

Dat Reglement huet ganz positiv Punkten, wéi zum Beispill de Certificat successoral europäen, dee verhënnert, datt een elo muss a ville verschidde Länner e Certificat siche goen. A ganz vill Lëtzeburger waren do scho geplot, well se vun engem geierft hunn, deen a Spuenien zum Beispill en Immeubel hat, an a Spuenien, dat muss ee leider Gottes soen, sinn d'Administratiounen duerch d'Bank esou korrump, datt ganz vill Geld muss bezuelt ginn, fir esou e Certificat ze kréien!

Et huet awer och negativ Punkten, wéi zum Beispill d'Notioun...

(Interruption)

Dach, dat ass esou, ech kann lech ganz... Bei „private message“ kann ech lech ganz konkret Beispiller ginn.

(Brouhaha)

An dësem Reglement huele mer déi Notioun vun „résidence habituelle“ op. Dat ass eng Notioun aus dem Droit anglo-saxon, déi mir net kennen. An do bemängele mer, datt et ëmmer erëm zu enger Verméschung vun zwee Rechtssystemer kënn duerch déi Manie, alles wëllen ze uniformiséieren, wat awer net uniformiséierbar ass, well eben déi Rechtssystemer komplett verschidde Notiounen kennen.

Effektiv ass ee vun deene wichtigste Punkten, datt ech elo ka wäien, wat fir e Gesetz sech op meng Successioun applizéiert, soulaang wéi dat e Gesetz ass vun enger vun deenen Nationalitéiten, déi ech hunn.

Ee Problem, deen een domadder kéint hunn, wou de Reglement awer och drop reagiert huet, ass deen, datt mir zum Beispill zu Lëtzebuerg eng Réserve héréditaire fir d'Kanner kennen, déi awer ganz vill aner Länner net kennen. An et hätt ee sech kënnen virstellen: Wat geschitt, wann e Lëtzeburger, deen och Engländer ass, zum Beispill seet: „Ma dann huelen ech elo dat englescht Recht“, wat keng Réserve héréditaire kennt? An do gëtt et awer den Artikel 35 vum Reglement, dee seet, datt den Ordre public géllt an deem Land, wou e Gericht dermat befaasst ass. Dat heescht, e Lëtzeburger Richter géif soen: „Ma eisen Ordre public verbitt d'Entierung vum Kand.“

Wien ass de For? Dat ass dat Gericht, wat befaasst ass, wat jo nees eppes aneschters ass wéi dat Gesetz, wat applikabel ass op d'Successioun. An do mussen d'Leit gutt oppassen, well de For, dat ass dee vun der Loi choisie. Dat heescht, a mengem Beispill wier dat en englescht Gericht, wann d'Parteien, spréich d'Ierwen, d'accord sinn. Wann een also an esou enger Situatioun

ass, muss ee ganz gutt oppassen, wat fir en Accord datt een do eventuell gëtt, well virun engem englesche Richter kéint ech jo deen Ordre public luxembourgeois zum Beispill net invoquéieren.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun der ADR-Fraktioun zu dësem Text.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Reding. An d'Wuert huet elo d'Regierung - ech hu keng aner Wuertmeldung -, den Här Justizminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Merci fir d'Éischt der Commission juridique an un der Spëtzt dem Rapporteur fir säi mündlechen an och schrëftleche Rapport. Ech mengen, souwuel vum Här Arendt wéi vum Här Gloden sinn all d'Explikatiounen gi ginn zu engem Text, vun deem ech mengen, dass et déi lescht Amtshandlung war vun der Madame Modert, den 3. Dezember 2013.

Et ass och e ganz gudden Text, deen och noutwendeg ass, och wann en als Reglement ab dem 17. August 2015 souwisou directement applikabel wier. Ech deelen och do net, wat den Här Reding gesot huet, seng Kritik um Reglement. E Reglement ass demokratesch legitiméiert duerch eis europäesche Institutiounen, vun deene Lëtzebuerg och en Deel ass. D'Reglementer sinn nieft den Direktiven absolutt noutwendeg Rechtsinstrumenter, déi et erlaben, d'Europäesche Unioun ze verdeiwen an d'Länner an der Unioun méi no beieeneenzebréngen. Déi a Fro ze stellen, géif méi wéi e Schoss an de Knéi fir d'Europäesche Unioun bedeiten. Dofir mengen ech, da solle mer eis un deem Instrument do net stéieren.

Wann ech scho beim Här Reding sinn: Ech wéll lech och kuerz drop hiweisen, Här Reding, dass déi Notioun vun der „dernière résidence habituelle“ net nëmmen eng ass aus dem angelsächsische Raum. Et ass eng Notion europäenne a si ënnerläit och dofir der Interpretatioun vum Europäesche Gerichtshaff um Kierchbiereg. Do hu mer also, mengen ech, net déi Distanz zu där Notioun, wéi Dir se elo hei virdru beschriwwen hutt.

Zum Choix vun der Kommissioun, bei den Notairen ze bleiwen: Dat ass natierlech e Choix, deen d'Regierung ausdrécklech ënnerstëtzt. Ech mengen, d'Notairen hunn tatsächlech duerch dat, wat se maachen, déi meescht Kenntnis an deser Matière. D'Argumenter vum Statsrot sinn net all falsch, dat ass richtig. Mä ech mengen awer, dass ënner dem Stréch d'Argumenter fir d'Notairen awer dätlich iwwerweien. Dofir sinn ech frou, dass d'Kommissioun bei deem dote Choix bliwwen ass.

Ech wéll just nach ee Wuert soen, Här President, iwwert de méi allgemenge Kontext vum Familjerecht an der Europäescher Unioun. Den Här Rapporteur hat recht, drop hinzewiesen, dass mer hei eis bewegen am gemeinsamen europäesche Raum fir Fräiheet, Sécherheet a Justiz. D'lërfschaftsrecht ass zu Recht en Deel, deen elo domadder do erageholl gëtt. A mir wäerten och ënner Lëtzeburger Présidence probéieren, am Familjerecht Fortschreitter ze errechen. Och do gëtt et zwee Reglementer, déi scho méi laang an der Diskussioun sinn, wou d'Diskussiounen schwierig sinn, wou ech awer net ouni Optimismus sinn, dass mer eventuell ënner Lëtzeburger Présidence kéinten en Ofschluss op deene kréien.

Dat ass engersäits bei de Régimes matrimoniaux an anersäits bei den Effets patrimoniaux vun de Partenariats enregistrés. Dat si mat verschidde Länner méi schwierig Diskussiounen. Mä an der Zäit, wou Europa zesummewiisst, wou d'Leit hiert Recht op Mobilitéit ëmmer méi notzen, wou och ëmmer méi Familljen an Europa entstinn, déi aus verschidde Länner kommen - Lëtzebuerg kennt dat ganz vill, aner Länner manner, awer Tendenz steigend, och gläichgeschlechtlech Koppelen -, halen ech et fir absolutt noutwendeg, dass mer am Beräich vum Familjerecht wierklech Fortschreitter erzielen.

Et ass och dee Beräich, deen de Leit ganz no ass, wou ee wierklech a sengem perséinlechen Alltags ka gesinn, wat d'Europäesche Unioun, d'europäesche Konstruktivitioun engem bréngt. Dofir mengen ech, ass et grad wichtig am Beräich vun der Justiz, dass mer am Familjerecht weider verdeiwen, weider méi no kommen, och an der géigesäiteger Unerkenne, awer och am Schafe vu gemeinsamen europäesche Rechter mam Instrument vum Reglement, wat ech an deser Matière ausdrécklech fir hëllefriich halen.

An op dee Wee wëlle mer eis och an der Lëtzeburger Présidence, op dee Wee wëlle mer eis weider beginn. Et ass e wichtige Wee fir d'Leit, fir d'Mënschen an der Europäescher Unioun, an all hire Länner, och hei zu Lëtzebuerg ganz



oft iwwregens, souguer méi zu Lëtzebuerg wéi an anere Länner.

Dofir Merci fir Är Zoustëmmung zu dësem Text.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Justizminister.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6752 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6752 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

(Interruptions)

An d'Ofstëmmung ass eriwwer. Mir maachen déi Korrektiounen, déi noutwendeg sinn.

De Projet ass bei 54 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiuonen uegholl. Mir komplettéieren dat.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6752 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Gilles Roth), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter

(par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Claude Haagen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Bresseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Guy Arendt);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes

Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.


Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lech villmools Merci.

Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer. Merci.

(Fin de la séance publique à 18.08 heures)



SÉANCE 36

JEUDI, 21 MAI 2015

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6709 - Projet de loi modifiant
 - la loi modifiée du 1er août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité;
 - la loi modifiée du 30 mai 2005 portant
 - 1) organisation de l'Institut luxembourgeois de régulation;
 - 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
- 6710 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel
 - Rapport de la Commission de l'Économie: M. Frank Arndt
 - Discussion générale: M. Félix Eischen, M. Frank Arndt (dépôt d'une motion), M. Max Hahn (M. Roy Reding pose une question), M. Gérard Anzia, M. David Wagner
 - Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie
 - Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel
 - Vote sur la motion 1 (adoptée)
- 6704A - Projet de loi portant modification de l'article 108 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain
 - Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative: M. Claude Haagen
 - Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Gast Gibéryen
 - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Dan Kersch, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - E schéine gudder Mëtten. Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Wirtschaftsminister. Dat ass dann notéiert a mir géifen dann direkt zu eise normalen Ordre du jour iwwergoen mat de Projete 6709 a 6710, Projeten, déi den Elektresch-a Gasmaart concernéieren. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, zesumme fir déi zwee Projeten. An d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, den honorabelen Här Frank Arndt. Den Här Arndt ass schonn do.

2. 6709 - Projet de loi modifiant

- la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité;

- la loi modifiée du 30 mai 2005 portant

1) organisation de l'Institut luxembourgeois de régulation; 2) modifi-

cation de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

6710 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi an der Conférence des Présidents festgehale, wäert ech elo a mengem mëndleche Rapport déi zwee Projet-de-loien zesumme presentéieren.

Déi zwee Gesetzer betreffen eisen Energiesektor. Deen éischte Projet de loi mat der Nummer 6709 betrëfft d'Organisatioun vun eiselem Elektrizitéitsmarché an deen zweete mat der Nummer 6710 betrëfft eise Marché vum natierleche Gas. Déi zwee Gesetzesprojete goufe vum Ekonomieministère den 30. Juli 2014 an der Chamber déposéiert. De Projet de loi betrëfft d'Organisatioun vun eiselem Elektrizitéitsmarché ännert och d'Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert d'Organisatioun vum Institut luxembourgeois de régulation.

Ze bemierken ass, dat déi zwee Gesetzer keng finanziell Auswierkung op de Statsbudget hunn. D'Ekonomieskommissioun huet déi zwee

Gesetzesprojeten an de jeeweilige Versammlungen zesumme verschafft. Déi éischt Sëtzung war de 4. Dezember 2014, wou mäi Parteikolleeg Claude Haagen als Rapporteur genannt gi war, eng Woch drop hunn ech déi Mëssioun iwwerholl.

► **Une voix.** - Esou schnell geet et!

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.** - Vun deenen eenzelne Berufschambere si ganz vill liddie virgeschloe ginn, déi deelweis net all op d'ärselwechter Wellelängt louchen. An eise Sëtzunge goufen d'Meenungen an d'iddie vun de jeeweilige Berufschambere analyséiert a verschafft.

De Statsrot huet de Gesetzesprojet den 11. November 2014 fir d'Éischt aviséiert. Zweemol goufen Amendementer gemaach, soudatt déi lescht Oppositions formelles mam Avis vum 3. Abrëll konnten erausgeholl ginn.

Mëttlerweil ass et wierklech dréngend ginn, dat mir dese Projet vum Gesetz hei an der Chamber stëmmen, well mer schonn den Délai de transposition iwwerschritt hunn an eng Procédure de mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun ageleet kritt hunn.

Dës Texter komplettéieren déi europäesch reglementaresch Rahmebedéngunge betreffend déi gemeinsam Klima- an Energiepolitik. Et soll och op europäescher Ebene e gemeinsame reglementaresche Kader entstoën, dee sech fir d'Promotioun vun der Energieeffikassitéit asetzt an dat gemeinsam agesatent Zil duerchsetzt, bis 2020 d'energetesch Effikassitéit ëm 20% eropzesetzen.

An anere Wieder solle mat dese Gesetzesprojeten déi aktuell bestoend Hürden opgehewe ginn, soudatt ee gemeinsam op europäeschem Niveau d'Zilsetzung vun enger besserer Versuergung an Energieeffikassitéit duerchsetze kann. Dat heescht jo dann och, dat mir wëllen eng gemeinsam europäesch Energiepolitik gestalten. D'gesamt Energieaspuernis, dat vum Verdeeler bis zum Endverbraucher geet, soll 1,5% vum jährlechen Energievolumen ausmaachen. An dat elo emol bis 2020. Sou gesäit et d'EU-Direktiv vir.

D'betreffend Betriber kënnen dës Aspuernisser bei sech maachen oder bei den Zwëschenhändler maachen, also bei hiren Zouliwwerer. Wéi vill een aspuere muss, hänkt dovun of, wéi grouss de jeeweiligen Undeel um Maart ass. D'Aspuernis muss gemaach ginn, soss si Strofe fälleg, mä fir et méi flexibel ze gestalten, kann dee Betreffenden Defiziter oder Iwwerschëss vun engem Joer an dat aner mat eriwuerhuelen. Den Defizit muss dann awer an den nächste véier Joer kompenséiert ginn.

D'Direktiv léisst och Spillraum bei der Ëmsetzung, zum Beispill bei der Kooperatioun zwëschen nationalen Autoritéiten, wéi déi vun dem ILR an dem Justizberäich.

D'Mandatsdauer vun de Conseilsmembere aus dem ILR gëtt op zwee Mandater limitéiert an och hir Onofhängegkeet soll verstärkt ginn an d'Prozedur vum Iwwerdenke vun enger Entschëddung vereinfacht ginn.

Ee vun den Haaptpunkte vun der europäescher Direktiv ass et, de Konsument oder den Endverbraucher matanzebannen an d'Ëmsetzung vun

der Energieeffikassitéit. Sou solle sougenannt „compteurs intelligents“ oder „intelligent Zähler“ am Neibau oder a bestoende Gebaier agebaut ginn. Sou gesäit de Konsument genau, wéini a wou een d'Energie benotzt huet. Dëst kann him hëllefen, säi Verbräucher-verhalen esou ze änneren, dat hien um Enn Energie spueren kann.

Natierlech muss een an dësem Beräich oppassen, dat d'Date vum Konsument net vun deem, dee se ofliest, mëssbraucht ginn a géint deejéinege benotzt kënnen ginn. An deem Kontext soll gesot sinn, dat een d'Bedenken iwwer esou intelligent Zähler verstoe kann, mä am Generelle sinn esou Compteuren eng gutt Saach, well déi vill positiv Elementer déi negativ iwwerweien.

Et war ee sech och eens an der Ekonomieskommissioun, dat bei finanziell schwache Stéit, sougenannten „clients vulnérables“, opgepasst muss ginn, dat dës Mesurë si net beläschten.

Och war sech d'Kommissioun eens, dat d'Energie Landschaft hei zu Lëtzebuerg sech an engem Wandel befënnt, an dat ass jo awer och näischt Neies, an dat Energieeffizienz näischt aneres bedeit, wéi dat mat wéineg Energieopwand e groussen Notzen ze errechen ass. Geet de Bedarf u Stroum a Wäermt nämlech erof, hëlt domadder och déi néideg Energieproduktioun of an dat féiert automatesch derzou, dat den Ausstouss vun CO₂-Emissiounen verréngert gëtt an de Verbräucher dofir manner héich Energierechnungen ze bezuelen huet.

Och si mir an der Kommissioun iwwerzeegt, dat dëst awer nëmme ka geléngen, wa jiddweree säi Bäitrag leescht, dat heescht dohem a sengem Haus, mä och allgemeng, bis hin zu de Ministère, well soss sinn all dës Klimaziler net ze errechen. Genausou kloer ass et awer och: Uni Effizienz an Energiespuerprojete bleift dee wirtschaftleche Wuesstumspotenzial fir eis Wirtschaft op der Streck.

All weider Detailler zu dese Projet-de-loie kënt Dir an deenen zwee schrëftleche Rapporten ermëffannen, ermëfflesen. Ech wëll vun dëser Säit virun allem der Kommissioun Merci soen, de Beamten aus dem Wirtschaftsministère, dem Sekretariat vun der Kommissioun fir déi exzellente Zesummenaarbecht. An deem Sënn Merci nach eng Kéier!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Félix Eischen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, well et sech passt a well et och gutt war, e grouse Merci un de Rapporteur fir säi Rapport.

An dësen zwee Gesetzesprojete geet et ëm déi national an europäesch Klima- an Energiepoli-

tik, d'Energieeffektivitéit an dorëms, wéi eng Ziler bis 2020 ze erreeche sinn. Dës zwee Gesetzesprojete setzen d'Direktiv 2012/27 an nationaalt Recht ëm a féieren e puer Neierunge fir d'Marché vum Gas a vun der Elektrizitéit an.

Den Hauptvolet ass d'Obligatioun vun der Energieeffektivitéit, déi bis 2020 europawäit ëm 20% soll erhéicht ginn. Fir dat ze erreechen, soll also den Endconsommateur méi staark agebonne ginn. Dat geschitt, andeems hien an Zukunft detailléiert iwwer seng Consummatioun an iwwer seng Käschten informéiert gëtt. Bei deem Punkt kommen also déi sougenannt „intelligent Miesser“, déi „smart meters“ an d'Spill. Si erlaben et dem Endverbraucher, genee ze verfollegen, zu wéi engem Zäitpunkt a fir wat fir eng Zwecker hie wéi vill Strom oder Gas benotzt huet a wat et en dann och kascht.

D'Zil ass, dass d'Endverbraucher - dat si souwuel d'Privatstéit, dass mer eis richteg verstinn, also déi résidentiel, wéi och déi funktionnel, also och d'Entreprises - realiséieren, wat wat kascht, sech doduerch am Idealfall also méi intensiv mat der Consummatioun beschäftegen an dann och e Bewusstsin fir den Energieverbrauch esou kréien. D'Consummatioun soll also méi sensibel gemaach ginn, si soll, fir et emol esou ze soen, analytesch an d'Käpp era kommen, et soll konkret ginn. D'Leit solle sech bewusst sinn, wéi vill et zum Beispill doheim kascht, wann een dann de Stand-by un der Tële uléisst 24 op 24 Stonnen oder ze vill waarmt Waasser beim Spulle benotzt gëtt, an esou weider, an esou weider.

Eng vun den Hauptmesur vum dësen zwee Gesetzesprojeten, fir d'Zil vun enger méi héijer Energieeffektivitéit ze erreechen, sinn also déi Miesser do. An zu deenen „smart meters“ gëtt et eng Rei vu Präzisiounen. De Virriedner ass drog agaan, den Här Arndt, si dierfen also net an d'Privatsphär vun de Leit agräifen an zu Sammlunge vu Privatdate verkommen. Dat schéngt evident ze sinn.

Déi Miesser, sou intelligent wéi se och solle sinn, müsse sech op déi reng technesch Donnéeë beschränken. Et dierf net sinn, dass déi Donnéeën zu aneren Zwecker wéi der renger Energieeffektivitéit gebraucht ginn. Och sollen déi technesch Informatiounen gratis sinn a soumadder och all Bierger, deen en intelligente Miesser a sengem Haushalt huet, et erméiglechen, Konkusiounen aus senger Rechnungen ze zéien an eventuell Spuermesuren dann ze ergreifen.

Et ass net oninteressant ze soen, dass ab dem 1. Juli 2016 all nei installéierte Miesser en intelligente soll sinn. Bis Enn 2018 solle 95% vum elektresch Verbrauch a bis Enn 2020 90% vum Gasverbrauch intelligent gemooss ginn.

Et läit op der Hand, dass et dës Mesurë fir eng méi héich Energieeffektivitéit dann och net fir näischt gëtt. Dat huet e Käschtepunkt. A fir eis als CSV ass et wichteg ze betounen, dass d'Käschten, insbesonnesch fir den Endverbraucher, esou niddreg wéi méiglech sollen awer gehale ginn.

Dowéinst kann ee sech froen, inwiefern gestaffelt Tariffer fir d'Clienten eng Méiglechkeet kéinten duerstellen, fir engersäits de Verbrauch ze reduzéieren an anersäits déijéineg Verbraucher ze belounen, déi zu enger méi héijer Energieeffektivitéit bäidroen.

Et soll een awer am Kontext vun der Energieaspuerung - an dat zielt net nëmme hien an der Diskussioun ronderëm d'Smart-meteren, mä iwwerhaupt - deene méi kritesche Stëmmen, déi hei en héijen Invest zum Beispill beim Bau allgemeng bekloen, well jo och elo vun dësem Joer an AB a vun 2017 un AA muss gebaut ginn, entgéinthalen, dass et déi 20 Joer duerno de Bewunner vum Haus oder vum Appartement méi bëlleg gëtt. E kuerzfristeg Denken ass beim Sujet vun der Energieaspuerung ganz dacks e falscht Denken. Ee méi deieren Invest gëtt op laang Siicht méi bëlleg.

A rezent Studie weisen et och. Mir hunn net méi spéit wéi haut de Moien an der Kommissiounssetzung nach doriwwer geschwat, dass et an de leschte Joren, an de leschte sechs, siwe Joren duerch d'Ëmdenken, duerch d'Anescht-Bauen, duerch d'Sanéieren, duerch en aneren Esprit méiglech war, wäit iwwert d'Halschent vun der Consummatioun am Résidentiel anzuspieren. Dat kéint net nëmme eiser Ëmweltbilanz zegutt, mä och dem Portmonni vum Endverbraucher. De Smart meter ass also e Puzlestéck vun deem Ganzen.

Elo kann deen Einzelnen aspueren - mir kréien awer och ëmmer méi Einzelner an d'Land! Och dat muss ee soen. Hei zu Lëtzebuerg si mer do atypesch. All Joer komme graff gesot

10.000 Leit bäi. Dat ass zéngtausendmol méi Konsum! A well Lëtzebuerg an deem Punkt atypesch ass, ass et en onwahrscheinlechen Challenge, déi global Consummatioun erofzesetzen. Et ass scho bal en Challenge, fir se ze halen.

Villes vun deem, wat elo scho gesot gouf a wahrscheinlech och nach wäert gesot ginn, géllt also insbesonnesch fir d'Privatstéit. Mä bei deene ganzen Diskussiounen ëm d'Effektivitéit dierf een awer och net vergiessen, dass d'Energie e wichtige Facteur vun eiser nationaler Ökonomie ass, an dat fir alleguerten d'Akteuren dobaussen. Dobäi denke mer besonnesch natierlech un déi kleng an un déi mittelständesche Betriber, fir déi de Käschtepunkt vun der Energie ganz dacks en héijen Ausgabeposten ass.

Mä souguer an deene Betriber oder an deene Secteuren, wou een am éischten Ablack vläicht géif denken, dass de Käschtepunkt Energie vläicht net esou wichteg ass, schwätzt d'Banken - an d'Finanzplaz, gëtt awer den Energieverbrauch en ëmmer méi wichtige Punkt. Insbesonnesch déi sophistiquéiert Infrastrukturen, zum Beispill Datenzentren an esou weider, si ganz reiseg Stromfréisser.

Aus deem Grond dierf een ni vergiessen, dass bei allen Efforten, fir den Energieverbrauch ze reduzéieren, eis Ökonomie an d'Kompetitivitéit net sollen dorënner leiden. Hand an Hand goen ass hei ganz wichteg. Also, de Strom- an de Gasliwwerant, deen opgefuerdert gëtt ze spieren, muss kucken, wéi en dat mécht, och mat den Akteuren aus der Ökonomie, déi eben Energie brauchen. Hei ass et ganz wichteg, un enger intelligenter Win-win-Situatioun ze schaffen.

Fir dat Zil vun enger 20%eger Erhéijung vun eiser Energieeffektivitéit bis 2020 ze erreechen, soll et och an Zukunft zu energeteschen Audite kommen - dat ass ze begrëssen! - wéi och zu Quote fir d'energetesch Renovatioun vu Gebäier an effentlecher Hand.

D'Zil vun den Energieaspuerungen ass ganz héich. Dofir sief gesot, dass net nëmme déi direkt Aspuerung vun den Energieversuerger do mat erafléissen, mä dass och d'Energieaspuerung vun Drëttentreprisë mat an déi Rechnung fléissen. D'Konditiounen sinn, dass ëmmer kloer kontraktuell Obligatiounen tëscht Energieversuerger an Drëttentreprisë bestinn an dass déi Obligatiounen novollzéibar an och ganz transparent sinn, dat vis-à-vis vun allen Akteuren an och vum Endverbraucher.

Am Résumé bleibt Folgendes ze soen, Dir Damen an Dir Hären, Här President: D'Direktiv 2012/27, déi d'Basis fir dës zwee Gesetzesprojeten ass, huet als grouss Neierung d'Aféierung vun Obligatiounen, wat d'Energieaspuerung betrëfft. D'Zil vun enger Aspuerung vun 20% bis 2020 ass net bindend, dat heescht, d'Europäesch Kommissioun kann e Memberstat net virun den Europäesche Gerichtshaff zitieren am Fall, wou déi Ziler net sollten oder net kéinten agehale ginn.

An awer versteet et sech vum selwen, dass mer all eist Bescht sollte ginn, fir dës ambitiéis Ziler ze erreechen, eleng schon, fir méi onofhängeg vum Ausland ze ginn, mä awer och fir der nächster Generatioun kënnen ze weisen, dass mir eis druginn an dass eis vill dru geleeën ass, den Energieverbrauch esou intelligent wéi méiglech ze halen.

Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Eischen. An elo hu mer erëm den Här Frank Arndt am Asaz. Dës Kéier mat enger anerer Kap?

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Jo, mat enger anerer Kap. Ech géif just gären dem Här Wiseler d'Motioun ginn, fir ze ënnerschreien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, jo, kee Problem. Et ass just e bëssen onorthodox, mä bon!

(Hilarité)

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Ech sinn heiansdo méi onorthodox.

Bon, no deem klengen Exkurs, Här President, Dir Damen an Dir Hären, dann nach eng Kéier: D'Energieelandschaft an Europa befënnst sech an engem Wandel, dat ass näischt Neies. Den Ausstig aus der Kernenergie, de weideren Ausbau vu regenerativen Energien an op laang Siicht déi geplangt Reduzéierung vu fossilen Energieträger bedeit en Ëmdenken an eiser Notzung vun deene begrenzten Ressourcen, déi mir hunn.

Ech mengen och, dass mir eis alleguer eens sinn, dass niewent dem Émbau vun eisem Energiesystem natierlech och d'Steigerung vun der Energieeffizienz e wesentleche Bestandteil vun

engem Ëmdenken an der Energiepolitik muss sinn.

Och bezweifelt keen, dass all Energie, déi mir net verbrauchen, u sech déi sënnavollst Energieaspuerung ass. Mä all technesch Lösungen a politesch Kompromisser notzen näischt, oder ganz wéineg, wann d'Leit se dobaussen net matdroen.

Energieeffizienz ass e Motor fir de Fortschritt an e Motor fir d'Investier, dat wäert jo sécherlech keen ofstreiden. Onnéidegen Energieverbrauch bedeit jo nëmme zousätzlech Käschten an domadder och en erhiefleche Wettbewerbsnodeel, well et d'Energiepräisser an d'Luucht dreift an domadder d'Versuerungssécherheet och nach a Fro stellt. All Kilowattstonn, déi net verbraucht gëtt, muss jo och net produziéiert ginn. Dofir ass de Schlëssel, fir dat mir en Ëmdenken an der Energiepolitik kënnen erreechen, dat Einfachst an dat Effikasst, nämlech Energie spieren.

Erlaabt mer, hei eng Studie ze ernimme vun Fraunhofer-Institut, déi weist, dass europawäit bis 2050 wäit iwwert d'Halschent u Primärenergie kann agespuert ginn, ouni e Komfortverloscht a Kaf ze huelen. Dës Studie seet och, dass all Produktioun vun enger Kilowattstonn Endenergie duerchschnëttlech dräimol esou deier ass wéi d'Vemeidung vun hirem Verbrauch. Mir brauche manner Importer. All Tonn Uelech, all Kubikmeter Gas, dee mir net brauchen ze importéieren, mécht eis onofhängeg am weltwäite Wettbewerb ëm dat ëmmer méi Knappgi vu fossile Brennstoffe.

Mä wou kënn mir nach Energie aspueren an domadder eis Energieeffizienz verbessern? Ma ech denken un d'Energiespueren doheim. En nohaltegen Émgang mat der Energie fänkt doheem un. Ech wouss zum Beispill net, dass dat stroumintensivst Gerät an engem Haushalt an der Moyenne d'Heizungspompe ass. Ech denken och, dass der vill heibanne sinn oder dass ech net deen Eenzege sinn, deem dat net esou als solches bekannt war. An Däitschland ass bewise ginn, dass duerch den Abau vun enger neier Heizungspompe an engem Véierpersounenhaushalt plus minus 120 Euro Stromkäschten am Joer kënnen agespuert ginn. Ech denken, dass dat e konkret Zil kann a misst sinn, esou Pompelen an all Haushalt hei am Land ze installéieren.

Beispillsweis léisst sech och duerch eng optimal Dämmung vun Daach a vu Wänn déi Wäermt, déi do ass, beschränke notzen. Gradesou wichteg si gutt isoléierend Fënsteren, am beschte mat Dräifachverglasung. Doriwwer eraus kënn mir mat modernen Heizungsanlagen klimafreundlech Energie hierstellen. Sou gëtt mat Hëllef vun effiziente Brennwertkesselen den Energieverbrauch vun Uelech a Gas bal ganz an notzbar Wäermt émgewandelt. Besonnesch klimaschonend sinn Heizungen, déi mat erneierbare Brennstoffe wéi Holzpellets schaffen. Ee weidere Virdeel vun dësen nowuessende Rohstoffe: Si kënnen aus eiser Regioun kommen.

Eng grouss Energieeffizienz garantéieren och Miniblockheizkraaftwierker, déi ënner anerem mat Biodiesel, Biogas oder Holzpellets bedriwwen kënnen ginn. Si maache Strom an notzen déi Hëtzt, déi do entsteet, fir Gebäier ze hëtzen. Doduerch erreeche se e Wirkungsgrad vu bis zu iwwer 95%.

Ëmweltfrëndlech heize léisst sech awer och mat enger Wärmepompe. Dës Pompelen entzéien der Émgegend, dem Buedem, der Loft oder dem Grondwaasser Wäermt a maache se fir eis notzbar. Och mat méi spuersamen Haushaltsgeräter wéi Frigoen, Spullmaschinen oder Waschmaschine vum der Energieklass A kënnen esou bis 40% u Strom a 60% u Waasser gespuert ginn.

Mä mindestens esou wichteg wéi déi richteg Technik ass eist perséinlech Verhalten. Hei gëtt et einfach, awer effizient Spuerméiglechkeeten, wéi de Verzicht op onnéidege Stand-by-Betrieb, dorop ze verzichten eben. An Däitschland kéint een ee bestehend Atomkraaftwierk vum Netz huelen, wann d'Leit hir Geräter net déi ganzen Zäit am Stand-by hätten.

Derniewent kënnen duerch den Asaz vun digitalen Thermostaten 30% vun den Heizkäschten agespuert ginn. Bei de Wäschmaschinen heescht et, d'Capaciteit vun der Wäschmaschine, oder de Spullmaschinen, voll auszunutzen.

Wa mir vun Energiespuere schwätzen, muss mer awer och oppassen, dass déi finanzschwaach Haushalter besonnesch Ennerstetzung brauchen a kréie bei hiren Ustrengungen, wa si wëllen Energie spieren.

Ech maache gären en Exkurs hei, dat geet vläicht e bëssen iwwert dat eraus, wat mer wëllen haten, mä wann ee vun Energieeffizienz schwätzt bis 2020, da gehéieren hei déi verschidden Theme fir mech derzou. Ech denken, dass just si vun deene beschten Energiebe-

rodungsugebueter a vun der Aféierung vu besonnesch energieeffiziente Geräter mussen profitéieren. Jo, dat heescht, mir mussen dofir e Budget virgesinn. Mä ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass mer dat, wat mir do investéieren, mat engem ganz groussen Rendement erëmkreien!

Et kann een haut festhalen, dass mir mat deene Programmen, déi bis elo lancéiert gi sinn, wéi d'Energieberodung, vum Klimapakt bis hin zu den Energieagenturen, un gudder Wee sinn. Energiechecks fir Haushalter, do kommen d'Energieberoder an d'Haiser a ginn Tipps of zum Spuere vun Energie. Ech mengen schon, dass eng Face-to-Face-Berodung déi effikasste Method ass, fir d'Leit vun eisen Ziler ze iwwerzeegen.

Energie spieren an den Uertschaften, Regiounen oder am Land ass och en Deel dovun. Méi Energie spieren ass net nëmme eng Saach vu jiddwerengem, mä och vun eisen Uertschaften, Gemengen oder vum Stat. Soll net bei de Sanéierungsmoosnamen an de Neibaute gepréift ginn, ob den Asaz vun erneierbaren Energien net zur Pflicht muss ginn?

Oder wéi zu Esslingen, wou aus dem Drénkwaasser Strom gewonnen gëtt! Wéi funktionéiert dat? Ech hu mer dat emol um Internet ugekuckt. Bei Fallhéichte vun honnert Meter zwëschen dem Waasserbehälter an dem Punkt vun der Waasserverdeelung kann déi am Waasser gespärcht Energie duerch den Héichtenënnerschied an engem Waasserkraaftwierk genotzt ginn, fir do Strom ze maachen. D'Stadtwerke Esslingen produziere pro Joer 750.000 kWh Strom a spieren esou bal 500 Tonnen Kuelendioxidemissiounen.

An de Gemengen, wou mer selwer betraff sinn, oder vill heibanne betraff sinn, sinn 30% bis 50% vum Stromverbrauch op Stroosseluuchten zréckzuführen. Ee Grond dofir ass, dass mer deelweis nach ganz al Stroosseluuchtesystemer a Betrib hunn. Mat modernen Natriumhéichdruckluuchten oder...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Da schneit ee se of!

(Hilarité)

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Dat ass zwar net den Thema dovun, Här Gibéryen, mä bon! Mat modernen Natriumhéichdruckluuchten oder Halogenluuchte sinn iwwer 50% vun der Energie ze spieren.

Wandkraaft a Sonnenenergie sinn zwar klimafreundlech, hunn awer den Nodeel, dass se vum Wieder ofhängeg sinn. Dat ass och de Grond, dass an Zukunft op déi intelligent Netzer zréckgegraff gëtt, d'„smart grids“. Hei sollen d'Problemer, wéi duerch d'Schwankung, mat Hëllef vu modernster Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologie Léisunge fannen. Hei ginn all Akteuren zesumme vernetzt: déi de Strom maachen, de Verbraucher souwéi d'Spärchermidien. Ugebuet an Nofro ginn also an Echtzäit openeenofgestëmmt. Et entsteet eng virtuell Energiemaartplaz, op där jiddwereen Energie kafen, awer och verkafen an aspeise kann.

Energie spuere bei der Aarbecht oder an de Produktionsbetriber: Industriell Produktionsprozesser verbrauchen oft vill Energie. Ech sinn do iwwerzeegt, dass et nach vill Méiglechkeete gëtt, fir Ressourcen an Energieeffizienz bei der Aarbecht a bei der Produktioun anzespieren.

Ech mengen, dass den Top-Runner-Programm, dee méttlerweil an iwwer 50 Länner agefouert ginn ass, e politesch Instrument kéint sinn, fir esou eng Steigerung vun der Energieeffizienz erbäizeféieren. Dëst Instrument gesäit vir, dass zu engem bestëmmte Stéichdag eng Iwwersicht um Maart gemaach gëtt, beispillsweis hei iwwert d'Elektromotoren. Do gëtt dann deen effizientesten ënner dësen Elektromotoren zum Standard fir dës Branche gesat.

Dës Standard muss dann zu engem gewëssenen Zäitpunkt an der Zukunft erreecht gi sinn, zum Beispill no fënnf, siwen oder zéng Joer. Wann dann een Hiersteller vun dese Motoren nom Oflaf vun dëser Frist dësen neien Effizienzstandard net erfüllt, sou kann dat fir hien, also den Hiersteller vun dese Motoren, jee no nationaler Gestaltung vun de Gesetzter eng Strofzuelung a souguer e Verkäfsverbuet no sech zéie fir dese Motoren, déi de Standard eben net erreecht hunn. Esou e Programm huet niewebäi nach ee Virdeel: dass et och eng Weiderentwécklung vu Motoren erméiglecht a weiderdreift.

Energie spieren ënnerwee, och do gëtt et Méiglechkeeten: Klimafreundlech Undriffsystemer wéi Elektroautoen, Hybridbusser, Vëloer mat Elektromotor gehéieren haut hei sécherlech derzou. Um Wee an en Zäitalter vun der Elektromobilitéit sinn zwar nach e puer technesch Erausforderungen ze léisen. Beispillsweis mussen d'Capaciteit vun de Batterie verbessert an d'Infrastruktur fir d'Opluedstatiounen ausgebaut ginn. Mä dat heescht natierlech och,

datt mir nach méi Stroum aus erneuerbaren Energie mussen gewonnen, wa mer dat do wëllen, datt Elektromobiler och wierklech eng klimafreundlech Alternativ sinn.

Och d'Afféiere vu Pneue mat geréngem Rollwiderstand, wat jo dann derzou féiert, datt mat deene Pneue manner Sprit gebraucht gëtt, ass jo eng Méiglechkeet. Sou geet aus enger Studie an Europa eraus, datt duerch d'Opleeë vun esou Pneuen an der Moyenne bis 300 Euro pro Auto agespuert kënnen ginn. Och seet des Berechnung, datt duerch de Kraaftstoff, de Bensin also, deen domadder kann - oder de Mazout - agespuert ginn, bis zu 1,3 Milliounen virtuell Autoe manner op de Stroosse géife verkieren.

Mir mussen eis och eng Méiglechkeet ginn, datt mir dat bis 2020 gesat Zil an deenen nächste Joren am A behalen, an nobesseren, wa mir riskieren, dëst Zil net ze errechen.

Dofir, Här President, war ech e klengen Exkurs maachen. Dat hei ass eng Motioun, déi ech wëll erarechen, déi vu sämtleche Parteien mat ënnerschriwwen ginn ass, déi ech de Regierungsvertrieder da mat op de Wee géif ginn. Wann ech gelift.

Motion 1

La Chambre des Députés,
considérant

- qu'en matière d'économies d'énergie, les projets de loi n°6709 et n°6710 fixent comme objectif maximal de réduction un volume global cumulé de 6.185 GWh à réaliser par les fournisseurs d'énergie électrique et de gaz naturel dans la période allant du 1^{er} janvier 2015 au 31 décembre 2020;

- que cette mesure est prise dans le cadre de la transposition de la directive 2012/27/UE du Parlement européen et du Conseil du 25 octobre 2012 relative à l'efficacité énergétique qui établit un cadre commun pour la promotion de l'efficacité énergétique dans l'Union en vue d'assurer la réalisation du grand objectif fixé par l'UE d'accroître de 20% l'efficacité énergétique d'ici à 2020 et de préparer la voie pour de nouvelles améliorations de l'efficacité énergétique au-delà de cette date;

- qu'en application des paragraphes 2 et 3 de l'article 7 de cette directive, le volume d'économies d'énergie précité a été réduit de 25% par rapport aux exigences de base de cette directive, soit une économie d'énergie de 1,5% par an;

- que le développement rapide des technologies actuelles pourrait éventuellement permettre des économies d'énergie plus rapides, voire plus importantes que celles envisagées dans les scénarios actuels;

- que le Luxembourg possède les atouts nécessaires pour jouer un rôle modèle au niveau européen et ceci notamment en vue de la Présidence luxembourgeoise du Conseil de l'UE au second semestre 2015 et du Sommet mondial sur le climat en décembre 2015 à Paris;

- que conformément à son programme 2013-2018, le Gouvernement entend faire du Luxembourg un pionnier en ce qui concerne l'efficacité énergétique et les énergies renouvelables dans la Grande Région; que, suivant ce même programme, le Gouvernement eut l'intention d'utiliser la transposition en droit national de la directive européenne sur l'efficacité énergétique pour créer un cadre politique, juridique et financier ambitieux afin de faire de l'économie luxembourgeoise progressivement une des économies les plus efficaces en énergie,

invite le Gouvernement

- à évaluer après trois ans les progrès réellement accomplis en matière d'efficacité énergétique et à les comparer avec la trajectoire initialement prévue;

- à augmenter, le cas échéant, notre objectif national d'économie d'énergie en ligne avec des progrès éventuellement plus rapides que prévus par les projets de loi en question.

(s.) Frank Arndt, Gérard Anzia, Gast Gibéryen, Max Hahn, David Wagner, Claude Wiseler.

Also, Energieeffizienz, och am Kontext vun Europa 2020, do gehieren déi zwee Projeten hei fir mech kloer derzou, mä et geet méi wäit! An ech wollt dee klengen Bäitrag hei maachen.

An ech ginn natierlech och elo hei den Accord vun eiser Fraktioun fir déi Projets de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Arndt. Als nächste Riedner ass den Här Max Hahn ageschriwwen. An Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'Éischt géif ech gärnen ufänken an dem Rapporteur, dem Frank Arndt, Merci soe souwuel fir säi schréffleche wéi och fir säi mündlechen, komplette Rapport.

Mir schwätzen elo zënter knapp enger hallwer Stonn hei iwwer Energieeffizienz. Wat ass iwwerhaupt Energieeffizienz? Energieeffizienz besteet aus zwee Wierder: aus Energie an aus Effizienz.

Här President, Dir wësst et, ech war, ier ech Deputéierte gi sinn, Offizier an der Stad bei de Berufspompjeeën an do zoustänneg fir d'Formation vun de Stagiairen. An do hu mer dann ënner anerem an der technescher Hëllefleschtung nieft deene praktesche Formationen, déi vill méi beléift ware wéi déi theoretesch, wéi Der lech virstelle kënn, dann och iwwer Energie geschwat. An do hunn ech hinne da gesot, dass déi Energie eigentlech d'Fäegkeet ass vun engem Kierper, fir Aarbecht ze verrichten.

Duerch d'Verbrennung vun engem Kubikmeter Gas beispillsweis kann een thermesch Energie gewonnen, fir e Raum ze hëtzen zum Beispill. Dobäi ginn CO₂-Emissionen fräigesat, wéi bei all Verbrennung. An den CO₂, an dat wësse mer heibannen alleguer, ass haaptverantwortlech fir de Klimawandel. Vun der ongesonder Offhängegkeet vu Länner wéi beispillsweis Russland guer net ze schwätzen!

Bei der elektrescher Energie ass et ähnlech. Fir elektresch Energie, ëmgangssproochlech als Stroum bezeechent, gëtt ënner anerem Atomenergie benotzt. A mir sinn eis och heibannen alleguer eens, dass Atomkraftwierker wéi Cattemom beispillsweis zougemaach sollte ginn. A mir wëssen och, dass d'erneierbar Energien eleng als Alternativ dozou leider net duerginn, soudass mer eigentlech net derlaanscht kommen, fir souwuel eise Gas- wéi och eisen Elektreschbedarf, dee mer hunn, drastesch ze reduzieren. Wat net verbraucht gëtt, brauch net produziert ze ginn!

Dann, dat anert Wuert ass Effizienz, effizient: E Fussballspiller, beispillsweis e Stiermer, dee vun zéng Goalchancë véier Goaler schéisst, ass sécherlech méi effizient wéi ech zu Schuller an der Härenequipe, deen da vläicht ee bis guer kee Goal vun zéng Goalchancen eraschéisst.

► **Une voix.** - Dat ass richtig.

(Hilarité)

► **Une autre voix.** - Also, d'Konsequenz?

► **M. Max Hahn (DP).** - Energieeffizienz ass ähnlech: Bei der Energieeffizienz geet et dorëms, en Zil mat engem minimalen Energieopwand ze errechen. Sou kann ee beispillsweis honnert Kilometer Auto fueren: Dat kann ee maache mat engem Auto, dee véier Liter op honnert Kilometer verbraucht, et kann een et awer och mat engem Auto maachen, deen zéng Liter op honnert Kilometer verbraucht. Ech brauch lech net ze soen, dass dee mat véier Liter op honnert Kilometer méi effizient ass.

Dee Raum, an deem mer hei sëtzen, an der Plénière, do ass et ähnlech. Un deem Beispill kann een illustréieren, dass deen heite Raum beispillsweis, wann deen elo nach besser isoléiert géif ginn, da bräicht ee manner Gas, fir en ze hëtzen, a wa mer nach méi energetesch Belichtung hei hätten, zum Beispill LED-Luuchten, da bräichte mer och manner Elektresch heifir.

Dat, wat ech lech heimat wëll soen, ass, dass et bei der Energieeffizienz op kee Fall ëm e Verzicht geet. Mir wäerte weiderhin dee Raum hei hëtzen, mir wäerten e weiderhi belichten, mä mir wäerten dat mat manner Energie maachen. A genau dorëms geet et bei deenen hei zwee Projet-de-loien: Mir probéieren, mat manner Energie datselwecht Resultat ze garantéieren an domat manner Stroum a manner Gas ze verbëtzen.

Här President, d'EU huet sech e puer Ziler gesat an der Ëmweltpolitik. Eent dovun ass, bis 2020 d'Energieeffizienz ëm 20% an d'Luucht ze setzen. Dat klengt Lëtzebuerg kann dat net eleng. Mir mussen dat zesumme maachen: zesumme mat deenen aneren EU-Memberlänner, zesumme mat eise Bierger, zesumme mat den Entrepreneuren an och zesumme mat de Gemengen. Mir maachen dat mat deem heite Gesetzesprojet och zesumme mat eisen eelef Gasversuerger a mat eise 25 Elektroversuerger.

Här President, dese Projet de loi gëtt der Energieeffizienz hei zu Lëtzebuerg e grouse Kick. Firwat? D'Stroum- an d'Gasfournisseure ginn elo gesetzlech obligéiert, de Betriber an de Privatstéit ze hëlfe, fir manner Energie ze benotzen an ze verbëtzen. Aspuerung kënnen d'Energieversuerger souwuel bei hire Clientë maache wéi och bei deenen anere Versuerger hire Clienten, a si kënnen dat eigentlech vun engem Volet, vum Gasberäich zum Beispill, och an den elektresche Beräich iwwerdroen. Spréch: En Elektro-, e Stroumversuerger kann zum Beispill d'Clienten incitéieren, sech méi en energetesch Frigo zouzeleeën. E ka se awer och incitéieren, fir beispillsweis besser Fënsteren an hirem Logement virzugesinn.

Wéi geet een do an der Praxis vir? Et gëtt eigentlech de Bilan vun Virjoer gekuckt an da gëtt gekuckt, wat den Energieversuerger XY un Energie verkaaft huet. An doropshi gëtt berechent, wat den Energieversuerger dann dat Joer drop an Offhängegkeet vu senger Part de marché un Aspuerung muss maachen. Wat ganz wichteg ass, dat ass, dass déi zwee Projet-de-loien hei net verhënnere, dass d'Energieversuerger nei Clientë kënnen siche goen. Ganz am Géigendeel, si kënnen nei Clientë rekrutéieren. Si mussen dann awer wëssen, dass se am Folgejoer dann an der Zomm méi Aspuerung mussen maachen.

Et geet also dorëms, kënnen ze wuessen an trotzdem d'Ressourcen ze schounen an eis Liewensqualitéit ze verbessere. Grad hei zu Lëtzebuerg, an et ass virdu scho gesot ginn, hei zu Lëtzebuerg, wou mir pro Joer ëm 13.000 Awunner wuessen, also eng Populatioun vun dräimol enger Gemeng Dippech! Och déi 13.000 Leit verbrauchen Energie. Grad hei zu Lëtzebuerg, wou eis Wirtschaft wiisst an eis Betriber sech usidelen, och déi verbrauchen Energie!

Dofir, Här President, ass et wichteg, dass et keng Begrenzung vum Volume vun der Energie gëtt. D'Zil ass et, d'Energie méi effizient ze notzen, da wäert de Volume vun der Energie vum selwen zrëckgoen, och mat neien Aktivitéiten a mat neie Privatstéit am Land.

Domat, Här President, schafe mir eng regelrecht Offensiv, fir verstoppten Energiepotenzialer opzespiere, eisen Energieverbrauch zu optiméieren, an dat an deene meeschte Fäll ouni Niewewierkungen, mä am Géigendeel, mat engem positiven Effekt: Mir schounen de Klima a mir spueren Suen.

Ech ginn lech nach gärnen e Beispill: Géif ee sech moies eng Stonn op de Glacis stellen an et géif een de Loftdrock vun de Pneue kontrolléieren, da géif ee vläicht feststellen, dass d'Halschent vun de Pneuen net genuch Loft hätten. Sou, stellt ee sech elo dohinner an et géif een net nëmme de Loftdrock préiwien, mä et géif een de Loftdrock och nach adaptéieren op den optimale Wäert, da kéint dat, ouni dass déi Autoen herno manner Kilometeren fueren, dozou féieren, dass déi Autoen alt bis zu 20% manner Sprit géife verbrauchen! Ech wëll domat sécherlech net soen, dass et net méi effizient wier, Vëlo ze fueren oder den öffentlechen Transport ze benotzen, mä ech wollt lech just un deem dote Beispill weisen, dass een eigentlech mat klengen Efforte scho ganz vill an deem heite Beräich ka maachen.

Dëst Gesetz wäert derzou féieren, dass d'Gas- an d'Stroumversuerger ganz kreativ an deem heite Beräich wäerte ginn. Si wäerten an d'Leit erunrieden a si wäerte se encouragéieren, fir hir Energieverbräich ze hannerfroen.

Här President, ech sinn net houfreg drop, dass mer déi zwee Projet-de-loien elo eréischt hei an der Chamber zum Vote hunn. Et ass eng EU-Direktiv - wéi awer bei villen EU-Direktiven -, déi relativ spët hei zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt. Mir sinn net déi Lescht, mir wäerten am hënneschte Peloton matfueren. An ech sinn awer gudder Déng an ech soen: Besser ze spët, wéi ni, dass mer an deem dote Beräich ganz staark nach wäerten an deenen nächste Méint a Joren ophuelen! A wie weess, vläicht schaffe mir eis eng Kéier aus deem hënneschte Peloton no vir an dee viischte Peloton. An da kéint et vläicht eng Kéier zu enger klenger Echappée - an dat géif ech mir zumindest wënschen!

Dës EU-Direktiv ass awer och de Beweis, denken ech, dass ganz vill Saachen, déi vu Bréissel kommen, ganz, ganz sënnavoll sinn. Well ech ka mer net virstellen, dass déi eenzel EU-Memberstater esou ambitiéis Ziler vum selwen attackéiert hätten.

Ech hat deslescht eng Entrevue mat engem dänesche Kolleeg an dunn hu mer dann och iwwert dat heiten Thema geschwat. Hien huet mer gesot, dass d'dänesch Regierung et faerdegbruecht huet, dass all drëtten Dän energispuerend Moosnamen a sengem Eegenheim duerchgefouert huet.

Ech muss lech soen, Dir Dammen, Dir Hären, ech fannen dat sensationell! An ech hoffen, dass eis dat och hei zu Lëtzebuerg wäert geléngen. Ech wënsche mir dat, well dat féiert zu enger Win-win-win-win-Situatioun - véiermoll!

(Exclamations)

Zum enge profitéiert de Verbraucher dervun, well de Verbraucher wäert eng manner héich Energierechnung ze bezuelen hunn, eis Ëmwelt selbstverständlech, de Stat duerch manner Kyoto-Strofgelder an och eis lokal Betriber, déi an deem dote Beräich sécherlech nach ganz vill Potenzial hunn, fir Aarbechtsplazen ze schafen.

Ech si mer och sécher, dass déi heiten zwee Gesetzesprojeten am Zesammenhang mat weidere Mesuren, wéi beispillsweis der Klimabank,

e ganz richtige an wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung sinn. Mir wëssen, dass trotz Primmen, wéi der PRIME House, net alle vill an der Albusanéierung an deene leschte Jore passéiert ass. Dofir muss een d'Iddi vun der Subventionéierung a Fro stellen. An ech sinn och frou, dass d'Regierung dat mécht a vläicht éischer de Wee sicht, fir Richtung Virfinanzéierung ze goen, wéi de Modell vun der Klimabank dat virgesäit.

De Problem bei der Subventionéierung ass jo deen, dass een zwar 20% bis 30% subventionéiert kritt - déi Subventioun, déi een dann alt vläicht ee Joer oder alt zwee Joer duerno iergendwann eng Kéier ze gesi kritt -, mä et muss een nach ëmmer déi aner 70% bis 80% selwer bezuelen an déi aner 20% bis 30% souguer eng laang Zäit virstrecken, bis een dann de Subsid erëmkritt.

Bei der Virfinanzéierung ass et esou, dass 100% vum Kapital zur Verfügung gestallt ginn, dat zu engem ganz bëllegen Taux, voire engem Prêt mat engem Zënssaz vun null Prozent. An déi Energiespuermoosnamen, déi ee jo ëmsetzt, déi féiere jo derzou, dass een Energiekäschtchen aspuert. A genau mat deenen Aspierungen, mat deem Geld, wat een aspuert, kann een dann duerno säi Prêt zrëckbezuelen.

Här President, sinn d'Ziler vun deenen zwee Projet-de-loien ambitiéis genuch? Dat ass jo eppes, wat e bëssen dobaussen diskutéiert ginn ass. Ech muss lech soen, ech fir main Deel denken, dass se ambitiéis genuch sinn. Ech sinn nämlech kee Frënd dervun, dass mir heibannen Ziler setzen, vun deene mer wëssen, dass mer se net erreche kënnen an net erreche wäerten, Stéchwuert Kyoto-Ofkommens.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).** - Mir dierfen och net um Pabeier Saache festhalen, déi an der Realitéit ni antreffe wäerten. Bei dem Gesetz, awer och bei anere Gesetze ass et dofir ganz wichteg, regelméisseg e Bilan ze maachen. Och mir als Politik mussen eis hannerfroen a kucken: Huet d'Politik déi Ziler, déi mer wollten errechen, dann och tatsäcchlech errecht?

Dofir sinn ech och ganz frou, dass déi Motioun vu sämtleche Parteien hei ënnerschriwwen ginn ass, fir dass mer no dräi Joer hei e Bilan wäerte maachen, ob mer eis Ziler dann hei errecht hunn oder net. An ech muss lech och soen, d'Pénalitéiten, déi an deenen heite Projet-de-loie virgesi ginn am Fall, wou d'Energieversuerger hiren Obligatiounen net nokommen: Och do muss ee vläicht dann un där enger oder un där anerer Stellschrauf nodréien, wann ee gesäit, dass d'Energieversuerger hirer Verflüchtung net nokommen, voire dass déi eng et maachen a mam gudden Beispill virginn an anerer léiwier hir Pénalitéite bezuele wéi an Energiespuermoosnamen ze investéieren.

D'Konsequenz vun deenen zwee Projet-de-loie wäert sécherlech sinn, dass zousätzlech Käschtchen wäerten entstoen. Zum engen, an dat héiert een dobaussen, dass déi fläisseg Energieversuerger schon amgaange sinn, den Terrain ze sondéieren a quasi - ech soen dat elo e bëssen iwwerspëtzt - mam Scheckheft duerch d'Land trëppelen an notamant bei déi gréisst, déi grouss Energieverbraucher ginn a kucken, fir mat deenen Energiespuermoosnamen duerchezéieren, wouvun dann den Energieversuerger de Mérite hätt, dass en och Certificate géif kréien, déi e sech dann herno kann rechnen.

D'Energieversuerger, déi wäerten dofir Servicer mussen schafen, Servicer mat Ingenieuren, mat Techniker, mat administrativem Personal. Si wäerten, et ass schon erimmt ginn, déi intelligent Compteuere installéieren. All déi Saache kaschte Geld! Elo gëtt et dräi Méiglechkeeten, wéi déi Käschtchen verlagert ginn: Entweder geet et op de Benefiss vum Energieversuerger oder d'Gas- an d'Stroumpreisser wäerten eropgoen oder d'Käschtchen wäerte mat öffentleche Mëttele finanziert ginn.

Dir Dammen, Dir Hären, ech denken, dass eppes sécher net dierf passéieren: Et dierf net sinn, dass grouse Clientë wéi Entreprisë beispillsweis, wou sécherlech méi Potenzial ass, fir Energie ze spueren, well se einfach méi Energie verbrauchen, dass déi de Privatpersone bevirzucht ginn. Dat géif nämlech dozou féieren, dass en fin de compte d'Privatleit géifen derfir bezuelen, fir dass Energiespuermoosnamen bei den Entrepreneuren a bei de gréisseren Betriber géife gemaach ginn, an d'Privatleit selwer awer net an de Genoss vun esou Mesurë géife kommen.

Genau dofir denke mir als Demokratesch Partei, dass e gewëssene Prozentsaz u Mesurë bei Privatleit realiséiert muss ginn. Ech géif souguer esou wäit goen a soen: net nëmme bei de Pri-

vatleit, mä notamment och bei deene sozial Schwaachen, Stéchwuert Energiearmut. Et ass jo eng Tatsaach, dass déi sozial schwach Leit éischer an energetesch schlechte Wunnengen oder Haiser wunnen an dass do eigentlech och e ganz, ganz grousst Potenzial ass. An ech denken, dass mer hei eigentlech d'Chance hunn, fir och an deem dote Beräich eng gewëssen Obligatioun den Energieversuenger ze ginn, fir dass se och an deem dote Beräich attackéiere mussen.

Här President, d'Regierung huet sech fir d'Approche décidéiert, dass d'Energie- a Gasversuenger an Zukunft d'Responsabilitéit, fir d'Energieeffizienz virunzedreiwten, ze droen hunn. Dofir gëtt et och eng ganz Rei gutt Grënn. Eng ganz Rei aner EU-Memberstaaten hu sech fir deeselwechte Wee decidéiert. An ech fannen dat och dee richtege Wee, well et si jo d'Energieversuenger, déi eigentlech ganz no un hirem Client dru sinn. An ech denken, iwwert deen dote Wee kéinte mer de Problem vun der Energieeffizienz an de Grëff kréien.

D'Energieversuenger selwer soe souguer, dass si an där heiter Obligatioun - wou ee ka soen: „Deene geet et jo nëmmen drëms, fir hir Energie ze verkafen!“, dat ass guer net wouer! -, d'Energieversuenger selwer sinn et, déi engem soen, dass si fir sech selwer an deem heite Beräich ganz vill Potenzial gesinn an dass si eigentlech selwer wëllen dervun ewech, fir just nach Energieverfäi ze géieren, mä dass et einfach a Richtung Energieberodung och muss goen.

Eppes, wat een dann och an deem heite Kontext dobaussen héieren huet, dat ass, dass d'Pétrolshändler eigentlech an deem heite Gesetz ausgeklamert gi sinn. Ech muss lech awer soen, ech fannen, dass et eng ganz Rei gutt Grënn dofir gëtt, dass d'Pétrolshändler ausgeklamert gi sinn, well si hu keng Lienen zu hire Consommateuren. Si misste ganz nei Strukturen opbauen, fir déi Berodung kënnen ze liwweren, déi an deem heite Beräich néideg ass. Ech wëll domadder awer ganz sécherlech net soen, dass och déi dote Versuenger, d'Pétrolsfournisseuren, net och finanziell kontribuéiere mussen.

Wat den Tanktourismus als solchen ugeet, ass et jo esou, dass déi meescht Pétrolsproduiten och guer net hei am Land verbraucht ginn. A long terme ass den Tanktourismus keen nohaltege Modell, ech mengen, do si mer eis eens. Et muss een awer wëssen, dass och ouni den Tanktourismus d'Autoen an d'Camionen, déi op Lëtzebuerg tanke kommen, och weiderhin nach wäerte fueren. Déi wäerten net muer verschrott ginn oder an der Garage stoe bleiwen! Mir hunn zwar dann hei zu Lëtzebuerg keng CO₂-Emissiounen méi, déi mer ugerechent kréien, mä mir hunn awer dofir e Lach vun enger Milliard an eise Statsbudget.

An deem Kontext wëll ech och erwähnen, dass de Präisverfall vum Pétrol definitiv eng positiv Auswirkung op eis Wirtschaft huet an op de Portmonni vun eise Bierger. Leider, an dat fäerthen ech, ass dat awer just eng Momentopnahm. Dofir gëllt et, grad elo ze handeln a grad elo eis prett ze maachen, fir wann d'Energiepräisser erëm wäerten an d'Onendlech klammen, fir dass mer da fit sinn.

Et huet ee jo oft dobaussen, wann een iwwer Energiespuere schwätzt, da gräifen d'Leit hire Portmonni a si halen dee fest un. Et misst genau de Géigendeel sinn, well deen, deen haut an energiespuerend Mesuren investéiert, dee spuert muer net nëmmen Energie, mä domat och Geld.

Här President, ech denken, dass mer an der Energieeffizienz ganz, ganz grousst Potenzialer hei zu Lëtzebuerg hunn. D'intelligent Compteur wäerte sécherlech derzou bäidroen, dass d'Versuenger gehollef kréien, fir d'Bierger dobaussen nach méi ze sensibiliséieren. Et ass och interessant, beispillsweis e Verglach ze kréie mat anere Stéit an ähnleche Situatiounen, wéi et em deenen hire Verbrauch steet, an do derniewent sécherlech och virdeelhaft, dass eng Fernofliesung méiglech ass an dass ganz nei Tarifkatiounsméiglechkeete wäerte méiglech sinn.

Zukunftspotenzial zu Lëtzebuerg: selbstverständlech an der Albasanierung. Ech denken un d'Isolatioun, Solaranlagen, Austausch vu Fënsteren, Heizungsanlagen a Belüchtungen. Zukunftspotenzial awer och fir eis Betriber: Energieeffizienz ass e Kompetitivitätsfacteur, dee kengem weideet. Mir si beim energieeffiziente Baue scho ganz wäit. Eis Betriber hunn eng super Expertise an deem dote Beräich. An dovun gëllt et ze profitéieren an dorop opzebauen! Et ass esou, dass souguer Lëtzebuerg

gesch Betriber iwwert d'Grenzen eraus vun deem doten Know-how profitéieren.

Mir hunn och Potenzial, wat d'Benotzerverhalten ueget. Mir haten deslescht an enger Kommissiounssitzung mat der Familjeminstesch Corinne Cahen driwwer geschwat, dass ee ganz oft och bei sozial schwache Familjen nach ganz vill ka maache mat einfache Mëttele, andeems een net nëmmen d'Assistant-socialen op den Terrain bei d'Leit schéckt, mä och vläicht Energieberoder vun „myenergy“ beispillsweis, déi engem vläicht kenne Saache soen - déi vläicht fir deen een oder deen aneren evident sinn! -, dat heescht: richteg lëften, Luuchten net déi ganzen Zäit brenne loossen, eng Télee net déi ganzen Zäit brenne loossen, déi einfach Saachen. Ech denken, dass do och nach ganz, ganz vill Potenzial ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ah, wann den Här Hahn domat d'accord ass, den Här Reding huet eng Fro.

► **M. Max Hahn (DP).**- Ganz gär.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, ech hätt an deem dote Kontext eng Fro, wat sozial schwach Familjen ueget. Déi gréng Kolleegen hunn do schon e puermol drop higewisen, do hu mer e grouss Problem: Déi brauche keng Energieberodung, déi brauche Strom! Eise Code seet, dat e Frigo oder eng Télee net därferf saiséiert ginn, mä Strom, Strom därferf ofgespaart ginn!

Wat ass do Är Sicht, wat do kéint ennerholl ginn, fir dat esou Stéit net dostinn owes mat hirem Frigo, wou de Strom ofgespaart ass an hir Liewensmëtzel gi futti an der Tru, wéi dat haut nach ass? A vu datt besonnesch déi gréng Partei do jo schon zwee-, dräimol ganz gutt Question-parlementairen an déi Richtung gestallt huet, wollt ech froen, ob do eppes an der Maach ass, fir datt dat an Zukunft net méi ka virkommen.

Merci.

► **M. Max Hahn (DP).**- Ma ech géif vläicht dem Kolleg Roy Reding villmoos Merci soe fir déi Fro. Meng Zäit gëtt gestoppt, huet den Här President mer gesot - well ech wollt eigentlech zu menger Konklusioun kommen. Ech ginn awer ganz gär op déi dote Fro an.

Et ass eigentlech esou, an dat ass eis och an der Kommissioun erzielt ginn, dass am Moment éischer d'Tendenz ass vun den Offices sociaux, fir Energierechnunge blann ze bezuelen, ouni ze hannerfroen, ob een net vläicht besser hätt, fir Fachleit bei d'Leit op den Terrain ze schécken a fir mat de Leit um Terrain ze kucken: „Lauschter, du hues awer eng relativ héich Consommation un Elektresch, u Mazout oder u Gas“ an deenen einfach Tuyauen um Terrain ze ginn, wéi se do Aspuerung kënnen maachen. Dat heescht an deem dote Kontext ass eng ganz, ganz Rei ze maachen.

An ech fannen, dat passt ganz gutt och bei dëst Gesetz, well mir wëlle jo energieeffizient ginn. An hei kann een energieeffizient ginn, ouni dass dat de Statsbudget eppes kascht. Au contraire, et entlaascht de Statsbudget en fin de compte!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).**- Ech wollt awer nach soen, dass de Stat net nëmmen do mam gudden Beispill virgeet. De Stat geet och mam gudden Beispill vir, wat d'nohaltegt Bauen ueget bei den éffentleche Gebaier. All Neibaute vum Stat ginn no deenen neiste Standards, wat d'Energieeffizienz ueget, gebaut an et ass och virgesinn, fir e Screening vu sämtleche Statsgebäier ze maachen, fir och do Potenzialer opzedecken. A gleeft mer et, do gëtt et vill, vill Potenzialer, wat an engem sougenannte Screening wäert kënnen opgedeckt ginn.

Dir Dammen, Dir Hären, Här President, ech kommen zu menger Konklusioun. Ech gesinn, meng Zäit ass ofgelaf. D'Klimapolitik ass...

(Brouhaha)

Meng net, meng Riedezäit!

(Hilarité)

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, d'Klimapolitik ass keng Sprintdisziplin. D'Klimapolitik ass éischer e Marathon.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).**- Mir mussen an deem heite Beräich e laangen Otem hunn. Mir mussen e ganz laangen Otem hunn, well déi Ziler, déi mer eis gesat hunn, déi sinn ambitiéis, déi si ganz ambitiéis! Et ass och keng Fro, ob mer eis Ziler erreeche wëllen, mä et ass eng Noutwendegkeet. Wie sech haut ekologesch net richteg opstellt, deen huet et muer ekonomesch ganz, ganz schwéier. Et geet dorëms, eis Zukunft ofzesécheren, d'Energieversuenger ze garantéieren, em d'Schafen an

d'Erhale vun Aarbechtsplazen an net zulescht em eise Bäitrag zu enger klimafreundlecher Gesellschaft.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Hahn. An d'Wuert huet elo direkt de Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren elo, net nach eng Kéier déi Saachen all ze widderhuelen, déi meng Virriedner elo schonn hei zu dëser Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv vun 2012 gesot hunn.

Déi Direktiv baut op op engem EU-Konzept vun 20/20/20 bis 2020, also 20% méi Effektivitéit, 20% méi erneierbar Energien an 20% manner CO₂-Ausstouss. Mir als Gréng ënnerstëtzen natierlech souwuel déi Direktiv wéi och déi Klimaziler vun der EU mat zwou Hänn.

Elo ze lamentéieren, dass dat esou spéit geschitt, dat, mengen ech, huet kee Wäert. Mir mussen do no vir kucken. An och d'Kriticken, déi am Raum stinn, dass déi Ëmsetzung vun der Direktiv, déi vill méi eng grouss Panoplie huet wéi just Strom a Gas, mä ganz aner Secteuren nach betrëfft, dass déi Ambitiounen net héich genuch sinn, och dat loossen ech hei net gëllen.

Ech loossen och net gëllen, dass hei just e minimum Zil, wéi et an der Direktiv virgesinn ass, an all Ausnahmeregelunge genotzt si ginn, well ech sinn, jo, ech sinn der Iwwerzeugung, dass déi kleng Schrëtt, déi mer u sech hei elo aféieren, e wesentleche Bäitrag wäerte liwweren, well mir féieren näischt manner a wéi eng Obligatioun de service public op d'Parties obligées bei de Fournisseuren vun der Elektrizitéit an och um Gas.

Dat sinn also Schrëtt, déi d'office nohalteg bleiwen, déi och mussen dokumentéiert ginn, wat déi reell Aspuerung sinn, siehe Règlement grand-ducal, dee ganz voluminéus ass, wou u sech dann déi Schrëtt och beschriwwen sinn. A wou ee sech och kann drop verlossen, dass déi Aspierungen eben och iwwer 2020 ewech nach wäerten hir Valeur hunn.

D'Kritiker soen och: Wou ass dann elo de Mazout a wou ass dann d'Fernwärme an dësem Projet de loi? Ma an dësem Projet de loi si se net dran. Mä, muss ech soen, et ass deelweis méi schwierig, well déi Fournisseuren vill méi breet gestreekt sinn, well mer och ganz vill do am Albasinn, wou och Sanierungen ustinn. Bon, wann ee seet Sanierung, da steet, wann ee bis energetesch sanéiert huet, och eng nei Heizung un. An dann? Ma da kënne jo d'Primme gräifen. Dann hu mer d'PRIME House, déi u sech dann och d'Leit, déi sanéieren, encouragéieren, fir op aner Heizsystemer zréckzegräifen. Also hätte mer do d'office dann och, no dem Sanéieren, eng Effizienzsteigerung a manner Mazout an och manner Fernwärme, déi géife genotzt ginn.

Mengem Virriedner ginn ech awer ganz gäre recht, dass muss en Equilibre fonnt ginn zwëschent der Opdeelung vun de Käschte vun de Mesuren. Wann déi Parties obligées natierlech, an dat soll och esou sinn, fir d'Éischt probéieren, déi méi einfach Clienten, déi méi grouss Quantitéiten Energie um Maart ze gewannen an anzespieren, dann därft et awer net esou sinn, dass et just déi méi kleng Clienten sinn, déi u sech déi Méikäschte géifen droen. Do muss ee soen, bei deene méi kleng Clienten gëtt et elo och scho flächendeckend eng gratis Energieberodung iwwer „myenergy“.

An ech selwer kann dovunner e Lidd sängen. Sait 1997 si mer am Kanton Réiden amgaangen, gratis Energieberodung, vill méi déif nach wéi am Moment d'Berodung vun „myenergy“ ass, bei de Privatleit, bei de Gemengen, bei de Kleng- a Mëttelentrepen ze maachen, an dat bréngt eppes an dat ass och nohalteg. Déi Berodungen an déi Ëmsetzung vun de Moosnamen bei de Leit bréngt eng Aspuerung, also och eng Effizienzsteigerung.

Déi intelligent Compteur sinn ugeschwat ginn, an do komme mer jo an der Siichtweis bis 2018 respektiv 2020 op 90% respektiv iwwer 90%, wou se mussen dann an all Haushalt ëmgesat sinn. Dann erhoffen ech mer just, dass déi intelligent Compteur an eben entsprechend déi Réckmeldung un d'Notzer vun der Energie ginn. Dat schéngt mer de Knackpunkt ze sinn, well nëmmen den Notzer, dee weess, wat e vun Energie verbraucht, kann och op säin Energieverbrauch awierken an domat och déi gewünschte Effizienzsteigerung duerch déi intelligent Compteur bewierken.

À propos intelligente Compteur - dat ass de Virdeel, wann een an engem Haus wunnt, wou schonn déi drëtt Generatioun dra wunnt - ech war op de Späicher gaangen elo gëschter, fir

emol ze kucken, ob ech net nach eng Rechnung géif erëmfannen am Stromberäich. Hei hunn ech eng fonnt: Esou gesäit en intelligente Compteur vun 1955 aus. Do ass dann opgefouert Staarkstrom an Haushaltsstrom - Dir muss wëssen, ech kommen aus engem Handwierksbetrib, enger Schräinerei -, insgesamt huet dee Stot mat fënnf Leit an eben dann dem handwierkleche Betrib 106 kWh de Mount verbraucht.

Dunn hunn ech da meng Rechnung erausgeholl - a vu dass ech och scho laang an där Matière schaffen, ginn ech mech och gutt drun, hoffentlech, fir do esou mann wéi méiglech Strom ze verbrauchen: Pro Mount, och mir sinn zu fënnf am Moment, hu mer awer dann e Stromverbrauch vun 270 bis 280 kWh de Mount. Dat ass also schonn emol eng Verschlechterung vun der Effizienz, wann een dat reng kuckt um Energieverbrauch, an de leschte 60 Joer em e Facteur dräi.

A wann ech den duerchschnëttleche Lëtzebuerg Household kucken, da leien ech souguer éischer bei enger Verschlechterung em e Facteur véier. Dat heescht, mir sinn elo sécherlech an der Pflicht, wa mer wëllen eisen Nokommen eng gesond Ëmwelt hannerloossen, eng Effizienzsteigerung ze maachen. Se war schonn emol do.

Ech kommen nach eng Kéier zréck an d'Gewant. Déi aner Fro, déi am Raum steet, déi och schonn ugeschwat ginn ass: Wou ass den Transportsecteur an deem Ganzen, wann ee jo weess, dass zu Lëtzebuerg circa 60% vun dem ganzen Energieverbrauch op den Transportsecteur falen?

Ma dozou e puer Moosnamen, déi awer an der Maach sinn. Eng éischt emol, dat ass elo keng Moosnam, dat ass just eng Feststellung: De Groupement pétrolier, deen huet an enger Pressekonferenz elo am Februar dëst Joer d'Chiffere fir 2014 duergeluecht a wou se u sech dann e Mannerverkaf vun 3,3% vun deene Pétrolsprodukter am Treibstoffberäich haten. Dat wëllt awer net heeschen, dass mer do eng Effizienzsteigerung hunn. Dat ass jo do, wou ee muss oppassen. Dat wëllt just heeschen, dass do elo manner verkaf gi war, aus wat fir engen Ursachen och ëmmer.

Een anere Chiffer, dat ass awer eng Effizienzsteigerung, dat ass, wann een déi Neiumellunge kuckt, déi duerchschnëttlech Flott zu Lëtzebuerg: 2005 ware mer do bei 168 g CO₂ op de Kilometer. An 2014, d'Chiffere vun leschte Joer, an der Moyenne cumulée, 130 g CO₂ op de Kilometer. Do hu mer also eng Aspuerung, déi läit am Beräich vun, mengen ech, 30%. Ech hunn elo de Chiffer net méi grad hei, d'Chiffere sinn do net gradesou wichteg. Mä Dir gesitt, do ass eng Effizienzsteigerung do.

Ass et elo, well de Konsument higaangen ass, a sech zu méi klengen Autoen orientéiert huet, well u sech dat am Portmonni gedréckt huet? Oder ass et einfach, well d'Flott, déi d'Hiersteller ubidden, wierklech méi effizient ginn ass? Just een Auto erausgepickt, dat ass en Hybrid - ech nennen elo keng Mark, fir keng Reklam ze maachen -, effektiv hat deen en CO₂-Ausstouss vun 104 g em 2005, an dee leschte Modell 2014, deen ass bei 74 g fir deeselwechten Auto a mat darselwechter Capacitéit vu Leit, déi e ka beförderen. Do ass also an de leschten zéng Joer schonns eng Effizienzsteigerung am Transportsecteur geschitt.

Eng aner Moosnam am Transportsecteur, dat ass eng fräiwëllege Verflüchtung, déi weist och, dass u sech Effizienzsteigerung vill mat Wirtschaften ze dinn huet, mat Aarbechtsplazgarantie, mat Aarbechtsplazsicherung, mat Standuertsicherung zu Lëtzebuerg. Bon, do war elo, mengen ech, virun zwee Deeg déi Virstellung vun Präis „Lean and Green“, deen ech hei zu Lëtzebuerg u verschidden Entrepen am Transportsecteur vergi ginn ass, wou ee sech muss engagieren, fir 20% manner Energie ze verbrauchen, op fënnf Joer gekuckt. Dat ass ambitiéis!

Dat ass méi ambitiéis wéi dat Zil, wat mir hei an der Effizienzdirektiv fir Strom a Gas ëmsetzen. An do waren eenzel Entrepen dobäi, déi sech engagéiert hunn, mat 29,6% Aspuerung, déi si wëllen an deenen nächste fënnf Joer maachen. Awer net nëmmen, wann ech gelift, mam Ëmweltgedanken, mä ganz kloer, fir e wirtschaftleche Virdeel ze hunn, fir kënnen um Maart vun Transportsecteur, dee ganz heiss ëmkämpft ass, wéi ech emol soen, an Europa, fir do kënnen ze bestoen.

Eng aner Saach, dat ass elo wierklech erëm vu gëschter. Net méi spéit wéi gëschter - dat ass eng flott Flöskel - war ech mat engem Promoteur zesummen, dat war dann am Schäfferot, deen erëm driwwer geklot huet, dass mer eben esou streng Wärmeschutzverordnungen hei zu Lëtzebuerg hunn, dass d'Bauen ëmmer méi deier gëtt. Bon, do muss ech soen, do si mer vir vis-à-vis vun Europa.



Et ass jo och ëmmer gesot ginn: Mir sinn ëmmer hannendran. Mir sinn hannendran mat der Effizienz, eréischt an Deelberäicher ëmzesetzen. Mä do si mer vir vis-à-vis vun den aneren europäesche Länner. An dat ass och gutt esou, well eist Handwierk gëtt doduerch eischerter fit wéi an den Nopeschlänner, fir schon op e Standard vum A oder „Nearly-zero“-Haus ze kommen. An dat bréngt eppes!

Do dobäi ass parallel u sech d'Formation uge- laf, souwuel an de Schoule wéi awer och am Handwierk selwer. Den Institut de Formation Sectoriel du Bâtiment, den IFSB, deen huet gewisen, dass dat Zesummespill vun deene ville verschiddenen Handwerksbetreiber, fir en energieeffizient Haus ze bauen, noutwendeg war an extrem gutt genotzt gëtt. An do hu mer u sech dofir e Qualitätsvisproung am Handwierk schon elo vis-à-vis vun noen Ausland duerch méi schaarf Richtlinnen.

An da kommen ech nach eng Kéier zrëck op déi Ausso eben dann: D'Baue gëtt ëmmer méi deier zu Lëtzebuerg. Ech mengen, do gëtt ëmmer nëmmen deen ee Punkt, den Invest gekuckt zum Moment, mä d'Betriebskäschten, dat, wat u sech och déi méi sozial schwach Haushalter ëmmer misst interesséieren, dat sinn d'Niewekäschten, och wann een an der Locatioun ass, déi därferen een net friessen.

Wa mer de Bestand kucken: An engem „I“-Haus, wat ganz dacks de Standard ass bei engem Haus an der Locatioun, hu mer dann Niewekäschte vun, à voir, 200, 300 Euro de Mount. Wier se an engem „A“-Haus ënnerwee mat gläicher Surface, da wieren et dann 30 bis 40 Euro de Mount. Ma dat ass awer e Knackpunkt, deen een net därfer vernoleisseggen, och elo, wann een nei baut oder nei wëllt investéieren, deen ee muss am Ae behalen.

Dat heescht, Wärmeschutz, Energieeffizienz an och Standuertvirdeeler fir Lëtzebuerg si matenee verknäppt. An ech sinn der Meenung, dass mer doduerch eisem Handwierk eppes Guddes gedoen hunn, well se hunn e Virsprong.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Eng Saach nach, dat sinn natierlech elo am Moment déi déif Energiepräisser, déi gutt fir de Wirtschaftsmotor sinn an awer fir d'Effizienzdiskussioun natierlech erëm en Nodeel hunn, well dat heescht, dass den Temps de retour, wann een eng Moosnam mécht, natierlech elo méi laang gëtt. Also muss ee schon iwwerleeën, dass d'Moosnamen, déi een elo ergräift, ebe laangfristeg och am Portmonni sech wäerte rechnen.

An et ass eng Illusio, fir ze mengen, déi momentan Opraam, déi een huet, bei engem Invest, deen op 20, 30 oder méi Jore geet bei engem Haus, dass een elo mengt, den Energiepräis wier elo ze bëleg, fir e Schrëtt méi wäit ze goen. Dat ass, menger Meenung no, eng falsch Vue vun der Situatioun.

Een anere Standuertvirdeel, dee mer eis zu Lëtzebuerg sollen, mussen onbedéngt verschafen am Beräich och vun der Energieeffizienz, dat ass natierlech d'Fuerschung, d'Fuerschung an zwee Beräicher. Energieeffizienz ass dacks guer kee Problem vun der Technik - d'Technik ass do -, et ass ganz dacks e Problem vun der Finanzéierung. Lëtzebuerg ass jo de Finanz-Eldorado vun Europa, ma da muss mer och eis iwwerleeën, wéi mer do Mëttele kënnen opstellen, finanztechnesch Mëttele, fir u sech Projete an deem Beräich ze finanzéieren. Ech mengen, do ass en Challenge an dee solle mer ugoen. An et wier derwäert, fir doriwwer eng Kéier méi haart nozedenken.

„Awer opgepasst, wann ech gelift!“, ass net nëmmen e Slogan vu Leit, déi eben de 7. Juni eng aner Campagne..., oder wou mer u sech zu engem Referendum geruff sinn, mä opgepasst, Energieeffizienz ass fir déi gréng eng Sail, een Argument an där ganzer Klima- an Energiediskussioun, fir u sech Lëtzebuerg zukunfts- fäeg opzestellen: Energieeffizienz, CO₂-Aspue- rung an och erneierbar Energien. Wann eis deen Challenge geléngt, fir d'Energieeffizienz no vir ze bréngen, ma dann ass déi Visioun, déi mir als Gréng hunn, vun 100% erneierbaren Energien an noer Zukunft och realisierbar!

Ech géif lech Merci soe fir d'Nolauschteren a géif dann d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun ginn zu deenen zwee Projet-de-loien, déi absolutt an eisem Sënn sinn, an och natierlech zu der Motioun, fir hinzugeen an no dräi Joer u sech eis reell realiséiert Energieaspue- rung eng Kéier op de Leescht ze huelen an ze kucken, ob mer op der Trajectoire sinn, a ge- gebenenfalls, ambitiéis wéi mer och zu Lëtze- buerg sinn, se no uewen unzepassen.

Merci nach eng Kéier fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Da- vid Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Elo war ech erschreckt, ech duecht, ech kéint nach e bësse waarden. Merci, Här President. Als Alleréisch- t woullt ech betounen, dass mer eis hei an engem Beräich bewegen, deen am Prinzip vun engem fundamentaler Kontradiktioun geprägt ass. Dee Kader ass nämlech dee vun den EU-Richtlinne vun 1998, 2003 an 2012, déi och eng Öffnung vun Stroummaart méiglech gemaach hunn oder sech an deem Kader bewegen, also d'Li- beraliséierung vun Stroum- a Gasmaart, dat heescht der öffentlecher Hand d'Emprise op Stroum- a Gasversuergung ewechgeholl hunn.

Gläichzäiteg ass awer an alle Käpp ukomm, dass eis Gesellschaft méi energieeffizient funk- tionéieren a Ressourcë schoune muss. Dat ass eng wichteg politesch Aufgab, bei där et am Endeffekt ëm näischt aneschtters geet, wéi ëm d'Iwwerlieue vun der Mënschheet, also eng Aufgab, bei där am Prinzip déi öffentlech Hand staark misst agräife kënnen.

Mä de Problem ass deen, dass, wann d'öffent- lech Hand keng staark Emprise op d'Pro- duktioun an d'Verdeele vun der Energie méi huet, an dat deelweis oder ganz der privater Hand iwwerléisst, quitta dass verschidden Oplagen existéieren, dass dann des Ziler een- deiteg méi schwéier erreechbar sinn, dëst ëm- sou méi, well d'Industrie d'Schoune vun Klima net als prioritäert Zil op hire Fändel geschri- wen huet an net gewëllt ass, des Ziler ouni kloer Contrainten ze erfëllen. Dat ass fir den all- gemeenge Kader.

Dës Gesetzer, déi mer haut stëmmen, oder och net, oder bei deene mer eis enthalen, wéi dat bei eis wäert de Fall sinn, sinn eng Ëmsetzung vun der sougenannter 20/20/20-Direktiv vun 2012, déi relativ ambitiéis Klimaziler fest- schreift, dat heescht d'Reduktioun bis 2020 vun 20% vum primären Energieverbrauch.

Wat an deser Direktiv als relativ positiv och ze bewäerten ass, ass d'Tatsaach, dass quasi all d'Secteur betraff sinn, quasi all, ausser deem vum Transport, op deen ech nach wäert zrëck- kommen. D'Direktiv encouragéiert och d'tech- nologesch Verbesserungen, déi zu enger Erf- setzung vun Energiekonsum féieren. De Pro- bleem ass awer, dass dat Ganz, wéi ech scho virdu gesot hunn, am Kader vun engem libera- liséierte Maart stattfënn, an dass den Transport ausgeklamert ass als contraignant Mesure.

Am EU-Parlament hat och de Lëtzeburger De- putéierte Claude Turmes de Bericht virgueluecht, wou een och positiv Bäitrag kann ervirsträ- chen: d'Notioun vum Service public vun der Energie, d'Subventiounen fir energetesch Audi- ten, obwuel et och net kloer ass, ob se privat oder öffentlech solle sinn, d'Informatiounen bei den „smart grids“ oder nach, an dat ass wich- teg, contraignant Objektiv.

Leider muss een och negativ Punkte relevé- ren, wéi zum Beispill, dass Atomkraaftwierker ausgeschloss bleiwe bei den Analyse fir d'Cogé- nération, fir déi ze erméiglechen, oder d'Sup- pressioun vun den Entravé géintiwwer den Operateuren, wat schlussendlech d'Rechter vun de Konsumenten aschränkt.

A wa mer scho beim Konsument sinn, komme mer net derlaanscht, vun der Energiearmut ze schwätzen. Dës Gesetzer gesinn nämlech Kom- pensatiounsmechanisme vir, wat d'Energieeffi- zienz ubelaangt. Allerdéngs sinn déi vag formu- léiert an da kann een nach net virusgesinn, wéi de Schlëssel wäert ausgesinn a wat de Konsument berappe muss, nach net ze schwätze vun der sozialer Situatioun vun dem Konsument.

Grad am Zesummenhang awer vum „smart metering“ wier et wichteg gewiescht, d'Fro vun der Energiearmut ze thematiséieren a Me- suré virzeschloen, wéi den Einzelne souwuel de Verbrauch reduzéiere kann, wéi och géint d'Energiearmut virzegoen. „myenergy“ hat jo och do eng Partie Projete presentéiert. Dovun- ner steet an dese Gesetzer awer häerzlech wéi- neg, wat och en Zeeche vun Armut ass.

D'Regierung argumentéiert, des Moosname missten am Kader vun anere Gesetzer geholl ginn. Mir sinn awer der Iwwerzeugung, dass et ganz geféierlech ass, des Gesetzer ze stëmmen, ouni ze wëssen, wat fir eng Moosname géint d'Energiearmut kéinte geholl gi respektiv net geholl ginn.

Dat bedeit och, dass et eng Gefor gëtt, dass zum Beispill - et gouf vun Dänemark geschwat - an Dänemark d'Mesuré vun der Energieeffi- zienz sech op grouss Clienten duerno re- duzéiert hunn, also zum Beispill d'Industrie oder d'Déngschtleeschungen, well do eendei- teg méi ze huelen ass, wéi beim Einzelne Client. Dee muss da seng Kontributioun trotz- deem ofginn, mä riskéiert nach op Moosname waarden ze mussen.

Dann zum sougenannte Compteur intelligent. Dës Mesure ka selbstverständlech zu enger Ver- einfachung vun Comptage bäidroen. Mä wéi mat all technologeschem Fortschritt, zemoos

all déi Fortschreiter, déi haut erlaben, Don- néeën ze sammelen an ze verschaffen, si mer skeptesch, wat d'Protection des données ugeet, a bemängelen ze wéineg Mesuren, déi de Schutz vum Konsument assuréieren, ze- moos wat den Historique vu senger Consom- mation ugeet. Wat geschitt mat deenen Don- néeën? Wéi kënnen se ausgewäert ginn? Wouhi gi se? Dat sinn nach Froen, op déi net ge- nügend Äntwerte kommen.

An dann, et gouf och schon hei ugeschwat, zu Lëtzebuerg ass eben den Transportsecteur en äusserst energieintensive Secteur, deen e ganz groussen Deel vum nationalen Energie- konsum ausmécht. Do zirkuléieren Zuele vun 30 bis 50%. Ech hu selwer net nogerechent, mä et ass e beträchtlechen Undeel. Doduerch, dass dee Secteur ausgeklamert bleift, komme mer net eiser Verflüchtung vun engem Spuere vun 1,5% pro Joer no. Mir bleiwen da bei 1,125% stiechen, wat Lëtzebuerg net an eng Virreiderroll aschreift.

Mir sinn och net an eiser Virreiderroll, wa mir nëmme Stroum- a Gasversuergung an d'Ver- flüchtung huelen. Dat gouf och schon hei bemängelt. Mir mengen, dass aner Secteuren, wéi déi vum Bensin, vum Diesel, vum Mazout a vum Kerosin och net verschout misste bleiwen.

Här President, aus all deenen Ursachen, souwuel, wat de ganze liberalwirtschaftleche Kontext ugeet, mä och wat d'Timiditéit ugeet, mat där des Regierung d'Fro vun der Energieef- fizienz erugeet, mat de Mëttele, déi trotz- deem zur Verfügung géife stoen, wäerte mir eis bei dese Projeten enthalen.

Mir wäerten natierlech awer trotzdeem och déi Motioun, déi mer mat ënnerschriwwen hunn, awer nach mat ofstëmmen, well, och wa se net wéideet, ka se jo schlussendlech och interes- sant sinn, fir dass een an dräi Joer - vläicht hätt ee kënnen den Datum e bësse virzéien, mä trotzdeem - ee Bilan kann zéien an d'Diskus- sion weiderféieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Wagner.

Mir sinn domat um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet den zoustännege Minister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Éco- nomie.* - Jo, Här President. Fir d'Alleréisch géif ech der Chamber gare Merci soe fir déi Diskus- sion an dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëffleche Bericht.

Et ass virdrun ugeklungen: Mir sinn hei en re- tard mat der Transposition vun där doer Direktiv vu bal engem Joer elo. Dofir sinn ech frou, dass mer dat haut ofstëmmen.

Ech wëll awer och hei nach ee Wuert soen zum Prinzip vun deenen heite Gesetzer, wou et jo drëm geet, en Obligationsmechanismus be- treffend d'Energieeffizienz anzeféieren. Mä ech wëll awer opmierksam maachen no enger gan- zer Rei Kriticken, déi elo komm sinn, nämlech dass dat heite jo net déi eenzeg Mesure ass, déi mer huelen am Beräich vun der Energieeffi- zienz.

Ech wëll hei erënneren un dat Reglement, wat d'Energieeffizienz an de Gebaier betrëfft, wou den Här Anzia ganz richtig gesot huet, dass mer do Virreider sinn an der ganzer Europä- escher Unioun. Ech wëll un d'Prime CAR-e erën- neren, déi d'Subventiounen an Investitiounen, déi et bei erneierbaren Energië gëtt. Ech wëll un deen Accord volontaire erënneren, dee mat der Fédération des Industriels vereinbart gëtt. An ech wëll och un de Projet Smart metering erënneren, dee jo och an der Ausféierung ass. Vun dohier, mengen ech, ass dat Ganz e Pa- ckage, deen an déi richteg Richtung geet.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Minister.

A mer géifen dann zur Ofstëmmung iwwer- goen iwwert de Projet 6709 fir d'Eischt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6709 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fängt un. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Entha- lungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich- Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Félix Eischen), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Claude Wiseler, Mi-

chel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

D'Enthalung si motivéiert, also brauche mer net drop zrëckekommen.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer iwwergoen zum Projet de loi 6710.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6710 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fängt un. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

An eng lichte Differenz: 59-mol Jo an 1 Absten- tioun.

► **Une voix.** - Den Här Urbany huet sech geiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Hat Der lech verdréckt?

(Interruption)

Ah, jo, Jo, Här Urbany.

(Interruption)

Domat ass och dee Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6710 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich- Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Zeimet), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Lau- rent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Bur- ton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass och dat bei deemem Projet esou decidéiert.

Motion 1

A mir géifen dann zur Motioun iwwergoen.

Wëllt nach ee Stellung bezéien zur Motioun?

(Négation)

Da géife mer à main levée iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Ass dat méiglech?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Da géif ech froen: Wien ass mat der Motioun averstanen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ma dat ass schéin. D'Motioun ass unanime uegheoll. Merci.

An da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6704 iwwert den Artikel 108 vum Gesetz iwwert den Aménagement communal. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech gesinn, de Rapporteur, deen ass scho prett. Den Här Claude Haagen huet d'Wuert.

3. 6704A - Projet de loi portant modification de l'article 108 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain**Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative**

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President.

(Concertation interne)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Aah! Den Här Rapporteur seet mer, et wär de Projet de loi 6704A. An do hunn ech gemengt: Aah!

► **Plusieurs voix.** - A, aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci fir d'Prezisioun. Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.** - Et war komm, mä et war lues komm.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi 6704A geet aus dem Projet de loi 6704 ervir, dee méi bekannt ass als Omnibusgesetz. D'Omnibusgesetz gëtt mat der Nummer 6704 identifizéiert an ass de 16. Juli 2014 vum zoustännige Minister vum der Fonction publique hei an der Chamber déposéiert ginn a gesäit eng ganz Rei vu Gesetzesännerunge vir, déi d'Simplification administrative, iwwert déi schonn hei vill diskutéiert gouf, an d'Realitéit ëmsetze soll.

Eng vun deene Modifikatiounen betrëfft d'Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal. An do besteet eng gewëssen Urgence, op déi ech elo direkt ze schwätze kommen. No der aktueller Gesetzgebung hunn d'Gemengen nach just bis den 8. August 2015 Zäit, fir hir PAGen ze iwwerschaffen. Mä déi allermeescht Gemenge wäerten net an der Lag sinn, deesen Délaie ze respektéieren an anzehalen.

Well den integralen initiale Gesetzesprojet 6704 net méi ka virum Summer gestëmmt ginn, mir waarden nach op den Avis vum Statsrot, an d'Modifikatioun vum Artikel 108 vum Gesetz iwwert den Aménagement communal awer esou schnell wéi méiglech muss a Kraaft trieden, huet den Innenminister, deen och fir d'Fonction publique zoustänneg ass an deem Fall, proposéiert, fir déi concernéiert Artikelen, déi de PAG vum de Gemenge betreffen, aus dem Omnibusgesetz erauszehuelen an do-rauser de Projet de loi 6704A ze maachen.

De Statsrot huet sech deser Propos ugeschloss an eben des Dispositionen separat aviséiert. Déi concernéiert Chamberen, den OAI souwéi de Mouvement écologique, hunn zu deem Projet de loi een Avis ofginn. De Projet de loi ass och an der Intérieurskommissioun diskutéiert an analyséiert ginn, an déi zoustänneg Fonction-publiques-Kommissioun huet hir Aarbechten den 13. November vum leschte Joer uegfaangen.

Nodeems verschidden Amendementer vun der Regierung ausgeschafft si ginn, an de Statsrot säin Avis den 3. Abrëll vun deem Joer ginn huet, huet déi zoustänneg Kommissioun sech deem Avis uegheoll an huet d'Propositionen vum Statsrot integral iwwerholl. De Rapport iwwert dese Projet de loi ass den 13. Mee vun deem Joer uegheoll ginn.

Ze bemierke bleift, dass de Statsrot nach amgaangen ass, d'Omnibusgesetz - ech hunn dat scho gesot - ze aviséieren, ausser dem initialen Artikel 33 an engem neien Artikel 33bis, déi eben dese Projet de loi betreffen.

Här President, den Zweck vun deenen zwee genannten Artikelen ass, fir den Artikel 108 vum Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain ëmzënnere. Dese Projet de loi begräift och nëmmen déi zwee Artikelen, déi awer fir

d'Gemengen extrem wichteg sinn: den éischten Artikel, deen de Paragraf 1 vum Artikel 108 aus dem virgenannte Gesetz vum 19. Juli 2004 ännert, an een zweeten Artikel, deen den drëtte Paragraf vum deem Artikel vum deem Gesetz och ännert.

D'Hauptzil vun deem Projet de loi ass, fir Deadline, fir d'Date limite vum 8. August 2015, déi d'Annerung fir d'Iwwerschaffen an d'Upasse, d'Adoptiounen vum de PAGe fir d'Gemenge virschreift, fir eben deesen Datum ze verlängere. Deesen Datum gëtt mat deem Projet de loi op den 8. August 2018 verlängert. Déi allermeeschte Gemenge kënnen den Datum vum 8. August vun deem Joer, vun 2015, net respektéieren. Vill Gemengen hunn awer och schonn an der Vergaangenheet eng Kéier vun der Geleeheneit profitéiert, fir den Délaie op eben den Datum vum 8. August 2015 ëm zwee Joer verlängert ze kréien.

Et sinn awer och Gemengen, déi des Verlängerung op den Datum vun hirer Deliberalisatioun vum Gemengerot baséiert hunn a wou elo d'Date limite éischter wéi den 8. August 2015 ass. D'Gemengen hunn also net allegueren dervu profitéiert, fir den Délaie op déi zwee Joer mat der Deadline vum 8. August 2015 ze verlängere. Dofir huet ebe misse schnell gehandelt ginn, well am Fall, wou den entsprecheden Délaie net ka respektéiert ginn, ginn déi PAGe vun dese concernéierte Gemenge ganz einfach caduc, also hifälleg, wat zu engem grouesse Vide juridique ka féieren.

Fir an Zukunft net nach emol an déiselwecht Situatioun ze kommen oder ze riskéieren, an déiselwecht Situatioun ze kommen, ginn d'PAGen och nom Délaie vum 8. August 2018 net méi einfach hifälleg, falls se bis dohinner net iwwerschafft gi sinn. Trotzdeem bleift awer e gewëssenem Drock fir d'Gemenge bestoen, fir hire PAG ze iwwerschaffen. D'Sanktioun wäert no deem Datum doranner bestoen, net méi, datt déi PAGe caduc ginn, mä datt déi Gemengen, déi hire PAG net iwwerschafft hunn, keng Emännerungen, keng Modifikatiounen vum de PAGe méi dierfe maachen, ausser der Reform natierlech vum neie PAG, an datt och keng Procédure vun engem PAP „nouveau quartier“ kann uegheoll ginn.

Ze bemierken ass, datt momentan vun deenen 105 Gemengen hei zu Lëtzebuerg der ronn 15 ee PAG hunn, dee konform zum Gesetz vum 19. Juli 2004 ass.

Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Gemengen en neie PAG ausschaffen, da muss se dat och, esou wéi dat virgesinn ass am Gesetz vum Juli 2004, mat engem neie Bauterreglement verbannen. Dat ass am Artikel 38 esou festgehalten. Am Moment ass awer och am Artikel 108 eng duebel Sanktioun virgesinn, fir déi Gemengen, déi net bis spéistens den 8. August 2015 hire PAG an hirt Bauterreglement iwwerschafft hunn. Net nëmmen de PAG géif dann hifälleg ginn, mä och dat aalt Bauterreglement gëtt dee Moment caduc.

D'Bauterreglementer, déi um Gesetz vum 1937, wa se dorobber zrëckginn, baséieren, wieren also net méi gültig. An dëst kéint opgrond vun der Verbindung PAG/Règlement sur les bâ-tisses, also Bauterreglement, zu schwierige Situatiounen an de Gemenge fir aktuell oder future Besëtzer vun Immobilie féieren.

Am zweeten Artikel vun deem Projet de loi proposéiere mir dofir deen Deel vun de Sanktiounen ze strächen, deen d'Bauterreglement begrëfft, also den drëtte Paragraf vum Artikel 108. Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an un de Commentaire vun den Artikelen.

An der Hoffnung, de Gemengen domadder gehollef ze hunn, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur Claude Haagen Merci fir säi gudde schrëftleche Bericht an och säi mëndleche Rapport vun haut de Mëtteg.

D'Fro, déi der Chamber haut gestallt gëtt, ass déi: Sidd Dir averstanen domat, dass d'Gemenge bis 2018 Zäit hunn, fir hire PAG vun der neier Generatioun ze hunn? Mécht eng Gemeng dat net bis den August 2018, da kann an där Gemeng keen net Lotissement méi genehmegt ginn. D'CSV, déi beäntwert des Fro mat engem kloer Jo.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Déi politesch an och déi rechtlech Tragweid vun deem Ge-

setzesprojet geet an eisen Aen awer vill méi wäit. Et geet ëm méi wéi eng Textännerung vun enger Iwwergangsbestëmmung vun eisem Gesetz iwwert den Aménagement communal aus dem Joer 2004. D'CSV-Fraktioun, déi steet weiderhin zu der Orientierung vun dem kommunalen Aménagementgesetz. Et erlaabt generell eng méi kohärent Gestaltung vun eise Gemengen an domat och vun eisem Land.

Wann d'Zilsetzung vum Gesetz ouni Zweifel déi richteg ass, dann ass déi technesch Ausleeung vun deem Gesetz awer duerchaus verbesserungsbedürftig. Et geet hei net - an ech soen et nach eng Kéier: net! -, ëm politesch Scholdzouweisungen. Jiddwereen, des Regierung, déi fréier, des Chamber, déi fréier, an d'Administratioun, ce sont les ministres qui passent et l'administration reste, muss sech mat där eegeener Nues huelen.

Et geet blouss ëm faktuell Feststellungen. D'Gesetz iwwert den Aménagement communal, dat ass zanter 2004 elo schonns fënnemol ëmgeännert. Dat hei ass déi sechste Kéier. Méi oft eigentlech wéi d'Aménagementgesetz vun 1937 a bal 70 Joer.

(Coup de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Déi zweet Rei, wann ech gelift!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Den Délaie, fir landeswäit PAGe vun der neier Generatioun ze hunn, ass vun 2010 op mëttlerweil 2018 verlängert ginn. An et dierft wuel, mengen ech ze soen, net déi leschte Verlängerung sinn. Dëst Gesetz, dat ass ee wichtige Pfeiler vun der Bautätigkeit an eisem Land. Et gëtt vu bal allen Akteuren ëmmer nees regelméisseg ënnerstrach: der Regierung, der Chamber, dem Statsrot, de Berufskummeren, dem Syvicol stellvertretend fir all Gemengen, a villen anere méi.

An d'Baupräisser hei am Land sinn ze héich, well mir net schnell genuch neit Bauland kënnen erschléissen. Et ass och dofir utopesch ze mengen, eleng kënnen op fräi Baulücken zrëckzegräifen, well bei niddregen Zënsen an enger staarker Nofro no Bauterrainen ass eng erschlossene Baulück ee Spekulationsobjekt - Här Eischen! - mat Garantie op d'Zukunft an ouni Risiko. Mä d'Prozedur, fir neit Bauland ze erschléissen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et war net den Här Eischen.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - ...ass nun eemol an deem Gemengenaménagierungsgesetz festgeluecht. Duerfir geet et bei deem Gesetzesprojet eigentlech ëm méi wéi eng einfach Verlängerung vun engem Délaie. Et stellt sech d'Fro: Op en Neits eng Verlängerung vum Délaie, firwat? Mä och d'Fro: Wat fir eng Konsequenz bréngt des Verlängerung mat sech?

Éischtens, firwat iwwerhaupt eng Verlängerung vun dem Délaie? Bis elo hu knapp 15% - 15%! - vun de Gemengen ee PAG vun der neier Generatioun. Et si vun der Awunnerziel hier och net onbedéngt déi gréisste Gemengen. Ursaach fir de Retard ass sécher eng feelend Kenntnis an och Onsécherheet vun de politeschen, den administrativen an och den techneschen Akteure bei der Ausleeung vun deem Gesetz.

D'Gesetz ass komplizéiert geschriwwen. D'Rechtssécherheet gëtt doduerch awer net onbedéngt méi grouss.

D'Ausleeung vum Gesetz huet doduerch zu enger Hällewull vun Uerteeler vun dem Verwaltungsgericht gefouert. Jo, e Respekt vun der Gewaltentrennung! Mä och déi Justizdécisionen sinn, iwwert de Laf vun de Jore gekuckt, zum Deel ënner sech ganz kontradiktöresch, an dat mécht d'Saach sécherlech net méi einfach.

Ursaach ass sécher och ee Manktum u Koordinatioun a virun allem dem Zesummespill mat einzelnen Gesetzestexten aus dem Émweltberäich. De Statsrot, iwwregens och déi fréier Regierung, jo souguer d'Chamber an dem Beräich iwwert déi sougenannte Réforme territoriale, hunn ëmmer nees fir e sougenannte Code de l'aménagement communal plädéiert. Ursaach ass sécher och een net ëmmer glécklecht partnerschaftlech Zesummeschaffen tëschent Stat a Gemengen.

Et huet een d'Impressioun, et géif do heiansdo méi ëm dat berühmte Aarmbéien ewéi ëm d'Saach goen. An dobäi sinn d'verfassungsrechtlech Rollen tëschent dem Stat an de Gemengen eigentlech zimlech kloer geregelt, an d'Verwaltungsgericht huet dat an x Uerteeler och ëmmer festgehalten.

D'Gemengen, ech soen nach eng Kéier, d'Gemenge si verfassungsrechtlech zoustänneg fir déi urbanistesche Gestaltung op hirem Territoire an deemno och fir déi politesch Opportunitéit. De Stat ass a senger Roll dat legalit Kontrollorgan am Sënn vun dem generellen Interessi.

Dëst partnerschaftlech Zesummewirken tëschent dem Stat mat all sengen Institutiu-

nen a Servicer an de Gemenge muss verbessert ginn. Et dierft kee Géinteeen, mä am Interessi vun der Saach muss et ee Matenee sinn, an dat onofhängeg vun aller politescher Faarf vun den Akteuren.

Ursaach ass awer och eng feelend Koordinatioun tëschent de staateleche Servicer, déi an den Aménagement communal awierken. Et geet hei vum Innenministère bis iwwert den Émweltministère, der Gestion de l'eau a bis an d'Kultur.

Obwuel vill Efforte gemaach goufen, feelt et awer un der néideger Kohärenz. D'Retarden an der Prozedur hanken dann oft of vun ëmmer neien Exigenzen, sief et bei Etüden iwwert d'Waasserqualität, d'Fliedermais, de schwaarzen, de roude Milan, der Servitude archéologique, de rare Planzen a Vulle bis zu den Naturschutzzonen an esou weider. All dëst mag sécherlech sënnvoll sinn, mä et ass mëttlerweil ee Prozedurdickecht ginn, wou - op gutt Lëtzebuergesch - „eng Kaz hir Jong net méi erëmfinnt“.

Ursaach fir eng Verlängerung vun den Délaie fir d'PAGe vun der neier Generatioun ass net zulescht awer och ee regelrechte Prozedurstau, zu deem et riskéiert, an nächste Zukunft ze féieren. Ronn 90 Gemengen - 90 Gemengen - müssen an deenen nächsten dräi Joer, dat si 36 Méint, nei PAGe maachen an dat, bei gegebenenfalls Recourse bei dem Verwaltungsgeriicht, och nach op eenzelne Punkte reguläriséieren!

D'CSV-Fraktioun begrëisst duerfir déi Moossnamen, déi am Omnibusgesetz virgesi sinn, fir d'Prozedur weider ze vereinfachen. D'CSV fuerdert doriwwer eraus, fir besonnesch am Émweltberäich méi prezis Regeln ze schafen, wat fir eng Etüden no wat fir enge Kritäre bannent wat fir engem Délaie musse gemaach ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Och d'Verwaltungen müssen Délaie virgeschriwwen kréien, bannent deene si des Etüden iwwerpräiwen. A sollt et zu Personalangel kommen, jo, da muss opgestockt ginn.

D'Rechtssécherheet gëtt mat ëmmer neien Ufuerderungen an ouni kloer Rechtsinstrumenter net méi grouss. Recourse virum Geriicht wäerten dann och gan bestëmmt net ausbleiwen. An et soll ee sech kenger Illusioun präisginn: Een, deen opgrond vun enger Flieermais-Etüd eng Servitude op säi potenzielle Bauterrain geluecht kritt, deen dierft, ënner Ernstänn, net ofgeneigt sinn, deesen Aschnëtt op säin Eegentumsrecht, well dorëms geet et, wuel gerichtlich präiwen ze loossen!

Zweetens, d'Fro vun de Konsequenzen vun der Verlängerung vun dem Délaie fir e PAG vun der neier Generatioun. Ronn 90 Gemenge wäerte bannent deenen nächsten dräi Joer während Minimum 12 bis 14 Méint an enger Iwwergangphas sinn. Si hunn da parallel hiren aktuelle PAG an een neie Projet vun engem PAG ze berücksichtegen. Während där Iwwergangszäit ginn d'Baugenehmegungen am Prinzip op deem ale PAG ausgestellt. Mä d'Genehmigung muss, an d'Gesetz gesäit dat am Artikel 21 kloer vir, parallel Bestëmmung vum dem PAG vun der neier Prozedur aus respektéieren. An dat ass net ëmmer eng ganz einfach Saach, well d'Regelen tëschent deem alen an deem neie PAG stëmme ganz oft net iwwereneen.

Ech ginn lech e Beispill. An engem ale PAG steet dran, dass de Leit hir Diecher e sougenannte Schrägdaach missten hunn, mat enger maximaler Neigung vu 45°. Mä déi nei Bauarchitektur, an ech mengen, dat gesäit jiddwereen am Land, gesäit meeschtens sougenannte Retraiten op dem ieweschte Stack vir, mat engem Flaachdaach. An d'Konsequenz vun der Applikatioun vun deenen zwee PAGen, während där Iwwergangphas, dréit net onbedéngt zur Rechtssécherheet bäi. Eng Rechtsunsécherheet an der Iwwergangphas zu de PAGe vun der neier Generatioun biergt dann och de Risiko vun eventuelle Schuedensersatzkloen a sech.

Wann een dann nach a Betruecht zitt, dass de Buergermeeschter souguer ka penaltrechtlech haftbar gemaach ginn opgrond vun enger eventuell illegaler Baugenehmigung, déi hien ausstellt, wat iwwregens parteiwwergräifend als net glécklech empfonnt gouf, souwuel an der leschter Innenkommissioun wéi och ënner deser neier Regierung, dann ass ee gemeinsamen Effort verlaangt vu Stat a vu Gemengen, fir d'PAGe vun der neier Generatioun esou séier wéi méiglech an d'Drëchent ze bréngen.

Et sollt een an deem Kontext iwwerleeën, ob een net während der Auarbechtungsprozedur vun engem neie PAG Baugenehmigung kéint ausstellen, déi entweder konform zu deem ale PAG sinn oder dem Projet vun deem neie PAG. Eng diesbezüglich Iwwergangsb-



stémung steet iwwregens nach ëmmer haut am Artikel 108bis vum dem Gesetz iwwert den Aménagement communal; si ass just net bekannt. Dës Iwwergangsbestimmung ass blous zanter 2005 net méi de facto applikabel. Wat d'Iwwergangsphas méi laang dauert, wat d'Rechtssicherheet awer méi grouss wäert ginn.

Den Artikel 108bis vum dem Gesetz iwwert den Aménagement communal, dee seet heizou: «Tant que le plan d'aménagement général de la commune n'a pas fait l'objet d'une refonte et adaptation complètes conformément au paragraphe (1) de l'article 108, le bourgmestre accorde directement une autorisation de construire pour les travaux de construction, de transformation ou de démolition d'un bâtiment si ces travaux sont conformes soit au plan ou projet d'aménagement général, soit au plan ou projet d'aménagement particulier approuvés ou en cours d'approbation au moment de l'entrée en vigueur de la présente loi.»

Och d'«entrée en vigueur de la présente loi», dat bezitt sech op e Gesetz vum 2005. An de Virschlag vum der CSV wier do, dee Sazdeel «au moment de l'entrée en vigueur de la présente loi» ze strächen.

Här President, d'CSV-Fraktioun stëmmt dës Projett mat.

Mir ënnerstëtzen och eng séier Ëmsetzung vum Rescht vum dem Omnibusgesetz. Mir sinn der Meenung, dass den Ëmweltbereich a Saache Vereinfachung vum de Prozedure ganz einfach ze kuerz komm ass. D'Omnibusgesetz misst, eiser Meenung no, op deem Punkt erweidert ginn.

Sous réserve vum deene Bemierkungen, ginn ech dann den Accord vum der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojekt an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Roth. An d'Wuert huet direkt den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, hei an do muss de Léiglateur jo agräifen, fir punktuell Feelaschätzung vu fréier erëm ze berengen. Dat ass natierlech net onbedéngt dann eng gesetzlech Meeschterleschtung. Leider si mer haut an deem Szenario. Mä vu datt mer jo ganz vill Gemengepolitiker heibanne sëtzen hunn, verstet se awer och, datt mer haut mussen déi - et kann ee scho soen - Urgence virhuelen an datt mer d'Omnibusgesetz hu misse splécken an haut am Fong geholl just punktuell eng Adaptatioun am Intéret vum de Gemenge virhuelen.

Well wann dat net géif geschéien, da wüsse mer ganz kloer, datt géife seriö Problemer op ganz vill Gemengen zoukommen. An datt mer haut den Délaï, deen ominéisen Délaï vum 8. August 2015 op 2018 ausweiden, huet dermat ze dinn, wéi de Rapporteur hei et scho ganz kloer gesot huet, datt ebe ganz vill Gemengen, déi meescht Gemengen deem Optrag, wéi en am Gesetz virgesi war, jo net nokomm sinn.

Ech wëll dann nach eng Kéier kuerz drop zrëckkommen op deen Délaï, deen am Gesetz vum 19. Juli 2004 festgeschriwwen gi war. Wann een eng Kéier déi Debatten do zrëckliest, da muss ee feststellen, datt et deemools awer souguer an der Majoritéit och eng Rei Leit gi sinn, déi scho gewarnt hu virun deem Délaï. Ech wëll drop hiweisen, datt en CSV-Vertrieeder deemools, dat war den Här Halsdorf, datt schonn ervirgestrach huet. Ech wëll och drop hiweisen, datt en DP-Vertrieeder, deen deeselwechten och haut ass nach ëmmer, och drop higewisen huet, datt déi Délaie vu sechs Joer trotzdeem vill ze vill kuerz gegräff wieren.

An effektiv, bis 2011 hate jo nëmme sechs Gemengen et fäerdegbruecht, am Kader vum 2004er Gesetz hire PAG unzepassen. E PAG unzepassen, an och do soen ech net vill Neits heibannen, well déi Meesch domadder eng gewëssen Erfahrung gemaach hunn, ass natierlech eng Aarbecht vum engem ganz laangen Otem. Mir wëssen, datt dat eng Aufgab ass, déi net vun haut op muer ze realisieren ass. Et weess een, datt do ganz vill Akteure mussen matspillen. An et weess een och, datt eng ganz Rei nei Elementer derbaikomm sinn, fir kënnen déi PAGen opzestellen.

Wa mer, wéi gesot, haut déi Dispositiounen net géifen änneren, da géif d'Onzefriddenheet nach vill méi grouss ginn, net nëmme bei de Gemengeresponsabelen, mä virun allem och bei Privatleit a virun allem awer och bei Entrepreneure respektiv Promoteuren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och ze begrëssen an dësem Projett, datt déi ursprénglech festgehale Sanktiounen u sech elo ofgeschwächt ginn, soudatt, wa Gemenge bis 2018 hire PAG dann nach ëmmer net sollten adaptéiert hunn, zumindest déi negativ Konsequenzen dach dee Moment éischter er-

träaglech wieren. De fréiere Léiglateur hat do ouni Zweifel iwwert d'Zil erausgeschoss.

Et ass schonn hei ugeschnidde ginn, natierlech war dat deemools och als e gewëssent Drockmëttel virgesi ginn, wat och net ganz falsch ass, an et soll een dat och an aller Serenitéit hei ënnersträchen. Elo kréien d'Gemenge praktesch dräi an en halleft Joer weider Zäit, fir kënnen hir PAGen ze adaptéieren. An och, wann et eng schwierig, eng komplex Prozedur ass, esou mengen ech awer, misst dach awer all Gemeng bis dohinner et fäerdegbréngen, och dann, wéi gesot, déi Aarbecht ze maachen.

Wichtig ass och, datt, wéi gesot, de Paragraf 3 vum Artikel 108 vum 2004er Gesetz heimadder och ofgeschafte gëtt. Da kënnst och méi eng Kloerheet, wat eben och d'Bautereglementer ubelaangt. Och do huet eng gewësse rechtlech Onsécherheet elo ëmmer geherrscht, ob d'37er Gesetz nach applikabel wier, ob d'2004er Gesetz nach applikabel wier. An dowéinst ass dat an deem Sënn och elo hei ze begrëssen.

Vläicht och eng ganz kuerz Remarque zu de Bautereglementer, datt et hei dann natierlech och ze bedauern ass, datt u sech net genuch Courage vläicht och gewise gëtt, fir an de Bautereglementer gewësse Moosnamen awer schonn ze fixéieren, datt et dem Buergermeeschter och méi einfach vläicht gemaach gëtt, bei Décisiounen Baugenehmigungen auszustellen.

D'Gesetz iwwert den Aménagement communal vum 2004 - an och déi Kollegen a Kolleginnen, déi heibanne sinn, déi deemools derbäi waren, kënnen sech nach erënneren - stoung deemools natierlech och am Schiet, kann ee scho bal soen, vun där Diskussioun iwwert den IVL, iwwert dee mer jo och schonn eng länger Zäitchen net méi schwätzen. Wa mer haut iwwer Landesplanung schwätzen, da schwätze mer natierlech implizit och iwwert déi kommunal Entwécklung, an déi ass natierlech an deene leschte Méint, och virun allem duerch déi verschidde Plan-sectoriellen, mat beaflost ginn. Ech wëll hei nach eng Kéier ënnersträchen, mir wëssen alleguer, wat d'Konsequenz vun där Diskussioun war: Déi Prozedur ass jo den 28. November 2014 gestoppt ginn.

Eppes ass allerdéngs ganz kloer: Déi Diskussioun wäert erëm eng Kéier missen opgeholl ginn. Mir wäerten erëm eng Kéier eng méi approfondéiert Diskussioun iwwert déi Plan-sectorielle féieren, wat natierlech dann och automatesch wäert eng Implikatioun op déi verschidde PAGen hunn. An dowéinst ass jo och déi Fro, déi vum der Chambre de Commerce a vum der Chambre des Métiers opgeworf gi war, ob een net hätt sollen e gemeinsamen Délaï festhalen, mat Sécherheet net vun der Hand ze weisen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt an där ganzer Diskussioun vum de Plan-sectoriellen awer déi sëllegen a gutt Avisen, déi gemaach gi sinn, datt déi awer net verluer sinn, datt déi Avisen nach wie vor hire Bestanddeel (veuillez lire: hir Berechtigung) hunn, datt se gegebenfalls och mussen oder kënnen adaptéiert ginn. Mä déi Aarbecht war mat Sécherheet net émsoss.

Ech mengen, virdrun huet den Här Roth hei eng Rei Iddien dévéléppéiert, déi een zum gréissten Deel kann ënnersträchen. Erlaabt mer awer trotzdeem, Här Roth, eng kleng Géigefro ze stellen.

Et ass awer virun allem eng Partei, déi iwwer all déi Joren awer d'Méiglechkeet hat, elo schonn am Fong geholl wäitsichteg am Virus ze plangen, soudatt eben elo déi vill Problemer, déi ech opgestallt hunn, net hätte missen entsto. Dat ass net polemisch hei gesot, mä trotzdeem, wann een elo heihinnerkennt an et verlaangt een eng ganz Rei vu Moosnamen, da muss ee sech awer trotzdeem zumindest d'Géigefro gefale loosson, ob een net awer d'Méiglechkeet hat, iwwert de Wee vu sengen Innenministere, déi een all déi Joren a senge Reien hat, trotzdeem vläicht, vläicht, vläicht, vläicht e bësselche méi mat Viraussicht ze operéieren.

► **Une voix.** - Très bien!

(**Brouhaha**)

► **M. Gusty Graas (DP).** - Ech war hei ganz prezis, Här Halsdorf. Ech mengen, Äre Fraktiounskolleg huet jo all déi Froen opgeléicht. An do waren eng ganz Rei Saachen, déi een hätt och scho vläicht kënnen an der Vergaangenheet hei maachen.

Onofhängeg dovun, ech mengen, et ass gutt, datt mer haut op dës Manéier hei reagieren. D'DP-Fraktioun jiddefalls kann déi Moosnamen hei nëmme ënnerstëtzen, an der Hoffnung, wéi gesot, datt mer elo net kuerzfristeg erëm eng Kéier mussen gewëssen Adaptatiounen vum dem Gesetz virhuelen, wuel wëssend, datt et eng extrem komplex Matière ass, wuel

wëssend, datt sech eben aus der Praxis eraus eng ganz nei Siicht vu Problemer opgedoen huet an datt dat ebe mat sech bruecht huet, datt regelméisseg muss hei léigiféiert ginn.

An deem Sënn, wéi gesot, bréngen ech selbstverständlech den Accord vum der DP-Fraktioun, soen awer och dem Rapporteur Claude Haagen Merci fir seng ausféierlech Berichter, souwuel mëndlecher wéi och schrëftlecher Natur. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, Merci och dem Här Graas. An nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech war als Netgemengepolitiker e bësselche schonn erféiert, wéi ech gesinn hunn, datt mer hei - d'Wäisheet vum der Conférence des Présidents - de Modell 1 fir de Projet zouginn hunn, a wéi Dir dunn och nach gesot hutt, et wier de 6704, dunn hunn ech geduecht, mir géifen iwwert d'Omnibusgesetz schwätzen. Gott sei Dank ass dat net de Fall. Et ass de 6704A, wéi de Rapporteur dat richtig gesot huet. An de Rapporteur, deem ech wëll Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport, huet zu Recht gesot: Et gëtt eng gewëssen Urgence.

Déi gewëssen Urgence huet en och erkläert. En huet gesot, mat deem Gesetz hei géife mer zwee Artikelen änneren, déi extrem wichtig wieren, an dat sinn zwee Artikelen vum Gesetz vum 19. Juli 2004. An do ginn ech och dem Här Gilles Roth, dem PAG-Expert vum der CSV, absolutt recht, datt dat Gesetz vum 2004 - och als Netgemengepolitiker géif ech dat awer och kënnen soen -, net allze vill ee grouse Worf war. Do si schonn esou vill Nobesserunge geschitt. An Dir hutt gemengt, et wier net déi lescht. Et kéint och duerchass sinn, datt et nach net déi lescht wier.

Op alle Fall, déi hei, déi mer dann elo an enger gewësserer Urgence virhuelen, dat resüméiert sech drop, datt mer d'Deadline, wou déi PAG vum der neier Generatioun mussen ofgeschloss sinn, op den 8. August 2018 verlängeren. Et ass och gesot ginn: Vun deenen 105 Gemenge sinn der just 15, déi hire PAG konform hunn. An et ass och gesot ginn, datt d'Sanktiounen och geännert ginn. De PAG gëtt net méi caduc, mä et därefer keng Ëmännerunge méi gemaach ginn. An och d'Bautereglement gëtt net méi caduc.

Dat si selbstverständlech Ännerungen, déi mir begrëssen, an duerfir ginn ech och den Accord vum der grénger Fraktioun zum Projet de loi 6704A. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Claude Adam. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Claude Haagen fir dee formidable Rapport, schrëftlechen a mëndlechen, Merci hei soen.

Ech mengen, wa mer haut hei eng Spléckung vum dem Omnibusgesetz gemaach hunn a just zwee Artikelen aus dem Gesetz vum 19. Juli 2004 ofänneren, esou wüsse mer alleguer am Fong scho vum 2004 un, déi deemools schon heibanne waren, datt mer wäerten an der Zukunft, vun deemools aus gesinn, Problemer mat den Délaie kréien. Dat ass 2004 schonn heibannen diskutéiert ginn. An d'Argumentatioun war deemools déi, datt mer gesot hunn: Wa mer keng Délaie drasetzen, mer setze keng Sanktiounen dran, da maachen d'Gemengen näischt, dann huele se sech gutt Zäit, da schleift dat einfach esou virun.

Mir hunn Délaie dragesat, mir hu Sanktiounen dragesat, an den Erfolleg war duerfir awer net vill méi grouss. Et gesäit een, datt d'Lëtzebuerger Gemenge wëssen, wéi d'Politik hei zu Lëtzebuerg fonctionnéiert. Wann een esou Délaie drasetzt a Sanktiounen drasetzt, an et si genuch Gemengen, déi sech net drun halen, da gëtt dat einfach geännert an et gëtt verlängert.

Sou hu mer schonn Etappen derteschent gebaut. An all Kéiere hu mer dat gesot hei, datt deen Délaï net wäert agehale ginn. An ech kann lech och elo scho soen, Här President, Dir sollt kucken, am Mee 2018 e Mëtting op dem Ordre du jour eng Stonn ze reservéieren, well mer dann erëm e Projet de loi hei wäerten diskutéieren, fir den Délaï vum 2018 vläicht nëmme méi dann op 2020..., mä mir wäerten en dann nach eng Kéier verlängeren, och wa mer d'Sanktiounen elo an dësem Gesetz erofgesat hunn.

Dat heescht, d'Gemengen huet et net gestéiert, wéi d'Sanktiounen relativ sec waren. An ech ka mer elo virstellen, well se elo méi schwach sinn, datt se elo net méi erpicht sinn, fir méi séier ze schaffen, well d'Sanktiounen si jo elo méi schwach ginn.

Mä och déi Sanktiounen wäerte mer net zum Droer komme loosson am Joer 2018. Och da wäerte mer erëm mussen hei léigiféieren.

D'Fro, déi ee sech am Fong muss stellen: Firwat hunn am Fong elo no zéng Joer eréischt eng zéng, fofzéng Gemengen d'Prozedur duerchlaaf? Dat ass am Fong déi Diskussioun, déi mer misste féieren. Firwat bréngen eis Gemengen dat net fäerdeg? Oder wëlle se et net? Ech géif mengen, d'Gemenge wëllen et maachen! Et ass also net, datt, mengen ech, eng Oppositioun ass vum de Gemengen a se soen: Mir wëllen dat doten net maachen. Ech mengen, eng Gemeng huet en Intéret drun, fir et ze maachen. Mä da muss ee kucke goen: Firwat geschitt et dann net?

Wa mer 2011 sechs Gemengen haten - dat heescht, du war scho sechs, siwe Joer d'Gesetz a Kraaft - an 2015 hu mer der fofzéng, da misst den Här Minister eis vläicht kënnen soen, si wëssen awer vläicht, wou déi aner Gemengen an de Prozedure méi oder wéiniger dru sinn oder wat bis elo an de Ministère agerecht ginn ass. Mä et misst een awer och emol eng Analys maachen am Fong, amplaz datt mer einfach ouni vill Diskussioun all puer Joer den Délaï verlängeren. Firwat hunn d'Gemengen dat net fäerdegbruecht?

Ass et einfach ze komplizéiert un de Prozeduren? Ech verstinn, datt dat doten an all Gemeng a jee nodeem, wéi d'Viraarbecht war, wéi deen ale PAG war... Et gëtt jo och Gemengen, déi scho relativ wäitsichteg PAGe virun zéng, fofzéng Joer gemaach hunn, wou ech géif mengen, déi kéinten dann och vläicht méi séier eng Adaptatioun maachen. Et sinn awer och Gemengen, déi nach relativ wäit hannen an deem Domän sinn an déi quasi alles mussen integral iwwerschaffen. Dann ass dat eng enorm Aarbecht!

An ech weess och aus menger laangjähreger Erfahrung, déi ech doranner hunn, datt dat net einfach ass, an enger Gemeng un de PAG fréckelen ze goen, well d'Wënsch ëmmer da ganz grouss sinn an d'Diskussiounen grouss sinn an et politesch net einfach ass. An der Zwëschenzäit kommen dann och nach Gemengerotswahlen derteschent, wou dann erëm aner Leit an d'Gemenge kommen. Et kommen nei Iddien, nei Interessen oder wéi een et wëllt nennen. Alles dat mécht d'Saach net méi schwéier (veuillez lire: méi einfach)!

D'Prozedure si sécherlech och eng vun den Ursaachen, wou mer jo scho laang driwwer schwätzen, an iwwert d'Omnibusgesetz wëlle mer jo och iwwerhaapt Prozedure maachen. Mä mir mussen, mengen ech och, hei Délaie setzen an de Prozeduren. Net nëmme de Gemengen, mä och de staatleche Verwaltungen mussen mer Délaie setzen, wou et muss viru goen. A mir hunn och nogebessert an der...

An ech ka mech erënneren, deemools, wéi mer ugefaangen hunn, iwwert déi dote Saachen ze diskutéieren, datt mer och gesot hunn: „Hu mer iwwerhaapt genuch Bureau-d'étuden?“, wa sämtlech Gemenge géife matenee soen: „Ma elo maache mer et.“ Do ware mer déizäit schonn der Meenung, datt mer net genuch Bureau-d'étuden hätten, déi datt iwwerhaapt géife fäerdegbréngen, oder mir missten an d'Ausland goe bei Bureau-d'étuden. An do ass gesot ginn: „Ma neen, et muss jo net alles matenee gemaach ginn. Kommt, mir kucken, datt mer déi Bureau-d'étuden, déi mer am Land hunn, datt mer déi beschäftegt kréien.“ Mat deem bekannte Resultat, wat mer dann haut hei hunn.

Duerfir, wéi gesot, mir hunn hei eng Situatioun, wou et och haut erëm richtig ass, datt mer en Délaï setzen, well ouni Délaï, sinn ech einfach iwwerzeegt, géif guer näischt geschéien! Mä ech sinn iwwerzeegt, datt och mat engem Délaï mer an dräi Joer erëm wäerten hei sto. An dann, hoffen ech, ass d'Progressioun awer bis an den nächsten dräi Joer méi séier virugaange wéi se an deene leschte Jore virugaangen ass!

A mir kënnen nëmme just zesammen hoffen - an et si jo vill Kommunalpolitiker heibannen -, datt d'Gemenge wierklech e Maximum maachen, fir datt mer iwwert deen dote Wee eng uerdentlech a geuerdnet Landesplanung zustane kréien, déi méi wéi iwwerfällg ass.

Ech soen lech Merci a ginn d'Zoustëmmung vun eisem Grupp.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gibéryen. D'Wuert huet direkt den Innenminister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Merci, Här President. Fir d'Éischt och e Merci un de Rapporteur an un d'Chamber allgemeng, dass en akzeptéiert ginn ass, dësen - géif ech soen -



awer bal e bëssen onkonventionelle Wee vun der Lassléisung vun engem Deel vum Omnibusgesetz, fir där Prozedur zougestëmmt ze hunn. Och de Statsrot ass jo mat op deen dote Wee gaangen, well mer jo alleguerte wëssen, dass mer hei an der Obligatioun waren, fir séier ze handelen, fir d'Gemengen net an eng Situatioun vun Insécurité juridique ze setzen.

Et ass virdu gesot ginn: 2014 ass d'Omnibusgesetz als Ganzt déposéiert ginn. Mir waarden nach ëmmer op den Avis vum Statsrot. Ech ginn allerdéngs gären zou, dass dat Gesetz esou ëmfaassend ass, dass et net einfach ass, do all d'Detailer ze erfaassen, an dass een dofir eng gewëssen Zäit brauch, fir dat Ganzt ze analyséieren. Do läit den Däiwel ganz oft am Detail. Dofir war ech och ganz frou, dass och de Statsrot, wéi gesot, mat op dee Wee gaangen ass, fir deen heiten Deel vum Omnibusgesetz erauszuléis, well mer einfach an der Situatioun sinn, dass dee fatalen Datum vum 8. August 2015 elo ganz séier kënnt.

An ech wëll nach derbäisoen, dass e fir eenzel Gemenge souguer nach vläicht ënner Ëmstänn vill méi séier komm wier, well de Libellé vun hirer Deliberatioun, wou se d'Verlängerung ugefrot hunn, juristeschech och onkloer wier, soudass et souguer ënner Ëmstänn esou gewiescht wier, dass scho Gemengen an der Situatioun gewiescht wieren, dass se scho virum 8. August 2015 an der Situatioun gewiescht wieren, dass hire PAG tout simplement caduc gewiescht wier.

Ech mengen, et ass och hei kloer scho gesot gi vum Rapporteur, wat den Inhalt vum deem Gesetz ass. Et ass näischt Weltbewegendes, an trotzdeem ass et eppes, wat fir d'Gemenge vun essenzieller Bedeitung ass. Mir wëssen dat alleguerten. An dofir jiddwerengem Merci, dee gehollef huet, dass mer dëst Gesetz konnten op dese Wee hei an d'Chamber bréngen!

Ech mengen, wa mer elo deen Délai hei verlängeren, an den Här Gibéryen huet virdrun och dovunner geschwat, dann ass dat keng Opfuerderung un d'Gemengen, elo piano, piano ze maachen, nach méi lues ze maache wéi vläicht an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, elo nach kënne sech Zäit ze huelen an ze trëntelen. Am Géigendeel, den Drock ass grouss! Och déi dräi Joer, déi mer elo verlängeren, déi gi ganz séier eriwuer. An et ass virdu schonn ugedeit ginn, do wäert och nach e gewëssene politeschen Drock och op d'Gemengen duerkommen.

Also wéi gesot, keng Opfuerderung un d'Gemengen, elo ze trëntelen, ganz am Géigendeel! Et soll een de Gemenge kloermaachen, wat d'Virdeeler vun de PAGe vun där neier Generatioun si par rapport zu där aler Gesetzgebung vun 1937. Dofir och d'Opfuerderung hei ganz kloer un d'Gemengen, elo séier virunzemaachen an net ze waarden, well et am Sënn och vun enger wesentlecher Simplification administrative ass, virun allem och am Beräich vun de Quartier-existants, dass mer eben déi PAGe vun der neier Generatioun esou séier wéi méiglech wäerte kréien.

Net zulescht, selbstverständlech, d'Sanktioun: Et gëtt geännert, mä si fällt net. Et bleift eng wesentlech Sanktioun drop, wann een en Datum net anhält, nämlech déi, dass ee keng Modification ponctuelle vum PAG méi ka maachen, respektiv déi Sanktioun, dass och kee PAP vun den nouveaux Quartiers méi ka gemaach ginn. Dat ass, mengen ech, trotzdeem e wesentlechen Aschnëtt an d'Gestaltungsfreiheet vun enger Gemeng. Dofir mengen ech, dass déi Sanktioun hei och nach streng genuch ass, fir d'Gemengen ze incitéieren, awer elo séier op de Wee ze goe vum PAG vun der neier Generatioun.

Ech wëll kuerz vläicht drop agoen, wat de Vertrieeder vun der CSV gesot huet, wou ech ganz viles kann ënnerschreien, wat e gesot huet, virun allem d'Iddi, dass mer hei net sollte géintenee operéieren, mä vill méi matenee schaffen. Hei sinn net d'Parteifaarwen, déi interessant sinn an déi wichteg sinn, mä hei ass wichteg ze kucken, dass mer zu konkrete Léisungen um Terrain kommen, fir dass mer am Intérêt vum Land de Wunnensbau kënne virundreiwen. Dat ass ganz wichteg.

Et ass och gesot ginn, et géif net genuch Koordinatioun gemaach ginn. Ech wëll dem Här Roth awer dozou soen, dass dat och meng Aschätzung war. An dofir hu mer am Intérieur déi Plattform ageriicht, wou am Virfeld vun der Planung, vun de PAPen u sech all Akteuren un engem Dësch sëtzen: d'Gemenge mat de Promoteuren, mat de Vertrieeder aus de Verwaltungen, sief dat den Environnement, d'Gestion de l'eau, d'Ponts et Chaussées, d'Kultur, a selbstverständlech och vum Intérieur an och nach anere Verwaltungen, wann et da muss sinn. Ech mengen, dat klappt och relativ gutt.

Mä och déi Plattform do kann u sech net all Problemer léisen, déi mer an der Prozedur entdecken. Och déi Plattform do an och déi Vertrieeder vun deene jeeeweilege Ministère müssen

hiweisen op hir jeeeweileg Gesetzgebungen, déi mussen agehale ginn. Dir kennt alleguerten d'Gesetz vun 2008 iwwert déi faméis SUPen, wat eis an deem engen oder anere Projete jo awer Problemer mécht. A mir mussen, do ginn ech lech recht, mir mussen och dorunner schaffen, fir hei zu Vereinfachungen ze kommen!

Ech sinn awer och frou, dass den Här Roth Léierfäegkeet bewisen huet, wéi en am Fong sech selwer eng Fro gestallt huet, déi en an engem Referendumsstil praktesch hei gestallt huet, an du konnt e se mat Jo beäntweren. Ech mengen, dat weist jo och, dass d'CSV léierfäeg ass. An ech wëll him och soen, dass ech genau an deem nämlechte Geescht,...

(Interruption)

...genau a sengem Geescht wäert probéieren, konstruktiv seng Iddi opzehuelen a se ze préiwen.

Ech ginn allerdéngs ze bedenken, dass se eventuell den Nodeel kéint hunn, dass mer, wa mer déi Iddi do tel quel iwwerhuelen, am Fong déi nei Orientatiounen, déi mer an engem neie PAG awer scho wëlle festhalen, déi nei politeschech Orientatioun, déi mer wëlle ginn, déi nei urbanisteschech Orientatioun, déi mer wëlle ginn, déi sech jo awer och aus enger demokratescher opgestallter Étude préparatoire schonn erausgeschield hunn, dass mer déi u sech géifen hypothéquieren, andeems dass mer géifen einfach d'Dispositiounen vun engem ale PAG iwwerhuelen.

Dofir: Jo zur Iddi, et soll ee se préiwen, et soll ee se kucken. All Iddi ass gutt, egal vu wem se kënnt, wa mer kënne hei konstruktiv virkommen. Ech wëll just soen: Il y a du pour et du contre, et ass bal wéi bei allem. Mä ech huelen awer d'Iddi mat an ech wäert se mat menge Servicer préiwen, fir gegebenefalls nach eng Kéier dorobber zrëckzekommen.

Dat gesot, nach eng Kéier e grouse Merci, dass mer hei konkret virkommen. An dee Merci kann ech, mengen ech, och hei am Numm vun alle Gemenge ginn.

Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6704A.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6704A et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6704A est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Zeimet), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Serge Wilmes) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Eugène Berger), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?


(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzunge sinn den 9., 10. an 11. Juni. Ech soen lech villmools Merci a selbstverständlech gesi mer eis erëm an deene ville Kommissiounssëtzungen.

Merci a bis geschwënn!

(Fin de la séance publique à 16.06 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Communications

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. 6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État

- Déclaration de recevabilité: M. Mars Di Bartolomeo, Président

4. 6822 - Proposition de loi modifiant la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise afin de faciliter l'accès à la nationalité aux soldats volontaires de l'Armée

- Déclaration de recevabilité: M. Mars Di Bartolomeo, Président

5. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

6. Conclusions du rapport final concernant la «question juive» au Luxembourg (1933-1941) - L'État luxembourgeois face aux persécutions antisémites nazies

- Déclaration: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

- Dépôt et présentation d'une résolution: M. Alex Bodry (M. Michel Wolter intervient)

- Débat: M. Serge Wilmes, M. Lex Delles, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany

- Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

- Vote sur la résolution 1 (adoptée)

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

(La séance est suspendue de 16.25 à 16.41 heures.)

7. Débat au sujet du résultat du référendum du 7 juin 2015

- Débat: M. Claude Wiseler, M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler), M. Eugène Berger (interventions de M. Gast Gibéryen et M. Claude Wiseler), M. Claude Adam (interventions de M. Claude Wiseler), M. Gast Gibéryen (interventions de M. Alex Bodry), M. David Wagner (interventions de M. Claude Wiseler, M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État), M. Marc Spautz (interventions de M. Félix Braz, Ministre de la Justice, M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Marc Angel et M. Alex Bodry)

- Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Claude Wiseler, M. Michel Wolter, M. Eugène Berger, Mme Nancy Arendt, M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Marc Spautz, M. Claude Wiseler et M. Fernand Kartheiser)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Romain Schneider, Fernand Etgen, Mmes Maggy Nagel, Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres; Mme Francine Closener et M. Marc Hansen, Secrétaires d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)



1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech maachen d'Sézung op.

Huet d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen?

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Statsminister. Dat ass net de Fall.

2. Communications

Da wollt ech der Chamber communicéieren:

1) dass d'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten hei deponéiert gouf.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sézung an d'Chamber erakomm sinn, ass un d'Fraktioun gaangen.

3) D'Lëscht mat der Petitioun, déi säit der leschter Sézung deponéiert ginn ass, ass un d'Fraktioun verdeelt ginn.

4) Sou wéi dat dann am Chambersreglement virgesinn ass, wollt ech folgend Kommunikatioun un d'Chamber maachen: De 4. Juni 2015 huet d'Presidentin vum Statsrot matgedeelt, dass nom Départ vum Här Paul Schmit e Posten als Conseiller d'État vakant ginn ass.

Esou wéi et festgehalen ass am Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert de Statsrot souwéi an den Artikelen 115 bis 117 vum Chambersreglement, ass d'Chamber dozou opgeruff, eng Lëscht vun dräi Kandidaten fir de Poste vum Statsconseiller opzestellen. Interessente kënnen hir Kandidatur per Bréif un de Chamberspräsident riichten, an dat spëtstens bis den 1. Juli. De Stempel vun der Post géllt.

Mat der Kandidatur ass e Liewenslaf mat deenen néidege Pabeieren anzerechen, déi beleen, dass een déi folgend Konditiounen erfëllt: d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, am Besëtz vun den zivilen a politesche Rechter sinn, hei zu Lëtzebuerg liewen, den Alter vun 30 Joer erreicht hunn.

E spezifesche Profil ass eis vum Conseil d'État matgedeelt ginn. Wat dese Profil ugeet, esou huet de Conseil d'État sech fir eng Präferenz fir e Kandidat, dee Jurist ass, mat enger Spezialisierung am Droit public an administratif an enger Erfahrung am administrative Beräich, ausgeschwat.

Ech erënneren lech drun, dass all Deputéierten d'Recht huet, innerhalb vun der festgeluechter Frist een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass eng Pièce bälzeleën, déi d'Averständnis vum Kandidat beleet. Dës Kommunikatioun gëtt och als Avis officiel an der Press verëffentlecht.

Communications du Président - séance publique du 9 juin 2015

1) *La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.*

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) *Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:*

6818 - *Projet de loi portant création d'une école internationale à Differdange*

Dépôt: *M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 21.05.2015*

6820 - *Projet de loi portant modification:*

1) *de la loi du 29 mars 2013 relative à l'organisation du casier et aux échanges d'informations extraites du casier judiciaire entre les États membres de l'Union européenne,*

2) *du Code d'instruction criminelle,*

3) *du Code pénal*

Dépôt: *M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 19.05.2015*

6823 - *Projet de loi concernant les appareils et les systèmes de protection destinés à être utilisés en atmosphères explosibles*

Dépôt: *M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 20.05.2015*

6824 - *Projet de loi portant modification du décret du 30 décembre 1809 concernant les fabriques des églises*

Dépôt: *M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 27.05.2015*

6825 - *Projet de loi relatif à la construction de la 5^e extension de la Cour de Justice de l'Union européenne*

Dépôt: *M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 03.06.2015*

3) *La demande de pétition publique suivante a été déposée:*

Demande de pétition publique n°507 - Eis Kanner sinn zu allem fäeg. Fir e richtegt a professionellt Schwammeléieren an der Grondschoul!

Dépôt: *21.05.2015 par Marco Thomé, Gewerkschaft vum Gemengepersonal*

4) *Par courrier du 4 juin 2015, Madame la Présidente du Conseil d'État a informé M. le Président de la Chambre des Députés qu'à la suite du départ du Vice-président du Conseil d'État, M. Paul Schmit, il y a lieu de pourvoir à son remplacement.*

Conformément à la loi du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État et aux dispositions des articles 115 à 117 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée à établir une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État.

Les personnes intéressées peuvent adresser une candidature par simple lettre au Président de la Chambre des Députés, 23, rue du Marché-aux-Herbes, L-1728 Luxembourg, jusqu'au 01.07.2015, l'estampille de la poste faisant foi.

Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces indiquant que les conditions prévues par la législation applicable sont remplies, à savoir:

1) *être de nationalité luxembourgeoise (copie de la carte d'identité);*

2) *jouir des droits civils et politiques (extrait du casier judiciaire et certificat d'inscription aux listes électorales);*

3) *résider au Grand-Duché (certificat de résidence);*

4) *être âgé de trente ans accomplis (extrait de l'acte de naissance).*

Un profil spécifique du candidat pour le mandat à pourvoir a été établi par le Conseil d'État. Le Conseil d'État exprime une préférence pour un candidat disposant d'une formation de juriste, spécialisé en droit public et en droit administratif et disposant d'une expérience administrative. La Chambre des Députés établira la liste des trois candidats en séance publique sur base des candidatures introduites.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État

Déclaration de recevabilité

Da wollt ech lech matdeelen, dass an hirer Reunion vum 4. Juni d'Präsidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6821 ausgeschwat huet. Et handelt sech dobäi em eng Proposition fir eng Ofännerung vum Statsrot. Déi Proposition gouf den 19. Mee vum Här Paul-Henri Meyers deponéiert.

Ass d'Chamber mat där Proposition d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

(La proposition de loi n°6821 est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

4. 6822 - Proposition de loi modifiant la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise afin de faciliter l'accès à la nationalité aux soldats volontaires de l'Armée

Déclaration de recevabilité

An der Reunion vum 4. Juni 2015 huet sech d'Präsidentekonferenz och fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6822 ausgeschwat. Et handelt sech em eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Zougang zur Lëtzebuerger Nationalitéit fir déi fräiwëlleg Zaldoten. Déi Proposition de loi gouf den 20. Mee vum Här Fernand Kartheiser deponéiert.

Ass d'Chamber d'accord mat deem Virschlag vun der Präsidentekonferenz?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

(La proposition de loi n°6822 est renvoyée à la Commission juridique.)

5. Ordre du jour

D'Präsidentekonferenz vun deemselwechten Dag huet sech fir deen Ordre du jour ausgeschwat, deen de Fraktiounen zougestallt ginn ass.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat och esou décidéiert.

A mir kommen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour. Et geet em deen Débat, dee vun der Regierung ugefrot ginn ass iwwert de Rapport Artuso, betreffend d'Fro vun der Behandlung vun eise jiddesche Matbierger während där Period vun 1933 bis '41. Ech wëll lech soen, dass d'Riedezäit nom Modell 1 fixéiert ass. Dir hutt déi Riedezäit matgedeelt kritt. An als éischte Riedner bidden ech de Statsminister, den Här Xavier Bettel, un d'Riednerpult. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

6. Conclusions du rapport final concernant la «question juive», au Luxembourg (1933-1941) - L'État luxembourgeois face aux persécutions antisémites nazies

Déclaration

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech Merci, dass an de Chamberskommissiounen an och heibannen an aller Serenitéit am Kader vun engem eierlechen, oppenen a couragéierten Débat iwwert de Rôle vun eisen Institutiounen an enger ganz däischerer Zäit vun eiser Geschicht ka geschwat ginn.

Nodeems d'Historiker Serge Hoffmann an Denis Scuto an der Effentlechkeet berechtigt Froen iwwert de Rôle vun de Lëtzebuerger Autoritéite während dem Zweete Weltkrich gestallt hunn, gouf den 28. September 2012 hei an der Chamber eng parlamentaresch Fro deponéiert, eng Fro, déi net ouni Konsequenze bliwwen ass. An engem gewëssene Sënn geet hei am Parlament haut also e Krees zou, och wann d'Opschaffen an d'Aarbechte vun der Recherche weidergefoert mussen ginn an och ginn.

Am Januar virun zwee Joer huert den deemolege Premierminister a senger Äntwert op déi Fro vum Här Ben Fayot nach vun engem gewëssene Flou geschwat, wat de Rôle vun der Verwaltungskommissioun a Relatioun mat der Deportatioun vu Judde betrëfft. Aus deem Grund huet d'Regierung et och noutwendeg fonnt, dass een d'Recherche sollt encouragéieren.

Am Mee 2013 ass schliisslech eng Konventioun tëschent der Uni Lëtzebuerg an dem Statsministère ënnerschriwwen ginn, déi et erlaabt huet, fir en Dispositiv vu Recherche iwwert de Rôle vun der Exekutiv an der Zäit vum Zweete Weltkrich opzestellen.

D'Froen, déi sech gestallt goufen, waren eendeitig a couragéiert: Hunn d'Autoritéite vun deemools mam Okkupant bei der Persekutioun vun de Judde kollaboréiert? Wéi huet déi eventuell Kollaboratioun ausgesinn? Wéi a vu wem war se motivéiert?

Den Historiker Vincent Artuso huet den Optrag vun der Uni Lëtzebuerg ugeholl an hie gouf a senger Aarbecht encadréiert vun engem Comité scientifique. Et huet sech bei der Aarbecht vum Här Artuso scho fréi gewisen, dass d'Fuerschung iwwert d'Kollaboratioun wäit iwwert dat muss erausgoen, wat an deemem Projet de recherche définéiert gouf.

Dës ganz fréi Konklusioun steet nach ëmmer a muss zu weideren Efforte beim Opschaffe vun eiser eegener Geschicht féieren. D'Resultater vun der Recherche an déi virleefeg Schlusskonklusiounen vum Här Artuso sinn a sengem Rapport festgehalen. Et sinn zum Deel ganz nei Erkenntnisser, déi den Historiker beschreift. An et ass duerch des Fuerschungsaarbecht Luucht a verschidden däischerer Ecker komm an dat ass och gutt esou a wichteg. Et gouf héich Zäit - et gouf héich Zäit! -, dass mir eis mat allen Aspekter vun eiser Geschicht auseemesetzen, dass mer méi e kompletten Iwwerbléck vun deem, wat geschitt ass, fuerderen an och kréien.

Et sinn awer net nëmmen nei Erkenntnisser, déi eis haut zum Nodenke bréngen. Am Rapport, iwwert deen d'Chamber haut debattéiert, sinn och Elementer zréckzefannen, déi scho virdru bekannt waren, awer kaum thematiséiert goufen. Dat betrëfft d'Beispill vum Telegramm vun der Commission administrative un Nazidäitschland, iwwert deen de Paul Cerf 1980 scho geschriwwen huet. Hei seet d'Verwaltungskommissioun sech bereit, nei Uerdenen ze follegen, soulaang d'Souveränitéit vum Land net a Fro gestallt géif ginn.

Mir hunn haut och nei Informatiounen, déi mer virun e puer Méint net haten. Mir hunn haut e Spiegel, an dee mer kucken, dee jorzéngtelaang um Späicher an enger Këscht louch, déi staark verstëbt war an déi keen esou richteg wollt opmaachen. Mir hunn eenzel Beispiller, wou Vertrieeder vun der Exekutiv bewosst oder onbewosst kollaboréiert hunn an e Riedche waren an där Maschinerie vun der Judde-

verfolgung. Fonctionnaires, Vertrieeder vun der Police, Leit aus dem Enseignement, mä och Beamten a Burgermeeschteren op Gemengenniveau ware punktuell oder generell bereit, fir ze kollaboréieren an notamment Lëschte mat Nimm vu jiddesche Matbierger opzestellen a weiderzeginn.

Déi gréisste Responsabilitéit vun der Verwaltungskommissioun war déi, dass een den Uerdere vum Gauleiter Gustav Simon gefollegt huet an de Lëtzebuerger Judden, déi geflücht waren, net erlaabt huet, nees bei sech heemzekommen, schreift de Vincent Artuso a sengem Rapport.

Vun deem Dag un hätt een d'Denkemuster vum Nationalsozialismus akzeptéiert, sou den Historiker an de Konklusiounen vu sengem Rapport. D'Fro, ob et eng Alternativ zu där Positioun gouf, ass haut schwéier ze beäntweren, an nach méi schwéier ze beäntweren.

Et bleift d'Gewëssheet, dass mer net all Helde waren an dass mer eng Verantwortung géigeniwwer der jiddescher Communautéit droen. Déi Verantwortung mussen mer iwwerhuelen an zu där mussen mer och stoen. Wéi mer haut domadder ëmginn, mussen mer all zesammen entscheeden.

An dofir freet d'Regierung och, Här President, d'Chamber, als éischte Pouvoir vum Land, op deser Fro Positioun ze bezéien. D'Bereetschaft vum Pouvoir exécutif, fir d'Responsabilitéit ze iwwerhuelen, steet, an déi Responsabilitéit kënnen a solle mer haut zesammen assuméieren.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Statsminister. An éischte Riedner ass den Här Alex Bodry, President vun der Institutiounskommissioun, deen am Numm vun der Präsidentekonferenz an der Institutiounskommissioun d'Resultat vun eisen Aarbechte presentéiert a Form vun enger Resolutioun. Duerno kennt den eigentlechen Débat. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

Dépôt et présentation d'une résolution

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et ass fir mech eng grouss Eier, fir haut d'ärfen an Ärem Numm des Resolutioun ze presentéieren, eng Resolutioun, déi mer a siwe Sitzung geschafen hunn, d'Conférence des Présidents an d'Institutiounskommissioun, mat der Suerg a mat dem Wëllen, fir op eestëmmeg Konklusiounen ze kommen. Dat ass eis gelongen.

1945 bis 2015, 70 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich debattéiert d'Chamber iwwert déi sougenannten „Juddefro“ zu Lëtzebuerg, d'Verfolgung vun de Judden ënnert der Nazibesatzung hei am Land. Et ass déi éischte Kéier, dass déi Fro vun der Shoah, der systematescher Exterminatioun vun dem jiddesche Vollek, an den Zentrum vun enger parlamentarescher Debat hei zu Lëtzebuerg gesat gëtt. Bei deem Masseverbrechen, deem Vëlkmord, deem Verbriche géint d'Mënschlechkeet, jo géint d'Mënschheet, duerch Nazidäitschland an duerch eng Haassideologie si während dem Zweete Weltkrich sechs Milliounen Judden ëmkommen, dorënner 1,5 Milliounen Kanner.

Dës verréckten Exterminatiounswell huet och viru Lëtzebuerg net Halt gemaach. No dem aktueller Wëssensstand si ronn 1.300 Judden, déi am Mee 1940 am Land gelieft hunn, vu Lëtzebuerg, vu Frankräich a vun der Belsch an d'Doudeslageren deportéiert ginn, wou se bal all gestuerwe sinn.

Dës Affer gehéieren zu deem bluddegen Tribut, deen eist Land an deem Krich huet misse bezuelen. No den offizielle Chifferen huet Lëtzebuerg 5.700 Doudesfäll ze bekloen, déi op de Krich an op d'Ennerdréckung zréckzeféiere sinn. Dat entsprécht ronn 2% vun der deemoleger Bevëlkerung. Dës dramatesch Evenementer bleiwen an eiser nationaler kollektiver Erinnerung, an eiser Geschicht verankert. Si hunn d'Lëtzebuerger Natioun zementéiert.

Als Chamber bewonnere mer de Courage, déi couragéiert Haltung vu munche Lëtzebuerger géintiwwer dem Okkupant, déi senger mënscheveruechtender Ideologie resistéiert hunn an och eng Partie Judde virum sécheren Doud getrett hunn.

Dee vun der Regierung gefrote Rapport vum Historiker Vincent Artuso vum 9. Februar 2015 huet awer och eng aner Säit vun der Situatioun vun de Judden hei zu Lëtzebuerg opgezeechent. An enger de Judde misstruesch, jo feindlech gesënnter Atmosphär an den 1930er Joren, an de 40er Joren zu Lëtzebuerg, wéi a ganz Europa, ass op verschiddene Verwaltungsniweaue et hei am Land zu Feelverhale komm.

Am Rapport Artuso gëtt folgend Schlussfolgerung gezunn - ech zitieren aus dem franséischen Text: «L'administration luxembourgeoise collabora à la politique de persécutions antisémites de l'administration civile allemande dans trois domaines: l'identification des personnes considérées comme appartenant à la race juive selon les critères allemands; leur expulsion de la fonction publique, des professions libérales et des écoles; la spoliation de leurs biens.» Enn vum Zitat.

Déi vun der Chamber de 16. Mee 1904 age-sate Verwaltungskommissioun, eng Aart „Regierung bis“, huet d'Uerder vum Gauleiter a Gestapo matgedroen an dozou bäigedroen, de Lëtzebuerger vu jiddeschem Glawen, déi geflücht waren, d'Zréckkommen an hiert Land ze verweigeren. D'Lëtzebuerger Judde sinn esou aus der nationaler Gemeinschaft ausgeschloss ginn.

Och wann net d'Verwaltung als Ganzt während dësem Ufank vun der Nazibesatzung kollaboréiert huet, geet aus den historesche Recherchen ervir, dass eenzel Membere vun der Verwaltungskommissioun, en Deel vun de Verwaltungschefen, eenzel Beamten aus dem Justizministerium an der Police, eenzel Buergermeeschteren a Schouldirekteren, Enseignanten a Schoulinpektore wéi och Notairen an Expertkontablen, déi och eng effentlech Missioun ausüben, antisemitesch Consigné ginn oder ausgefouert hunn. Dat hu se gemaach, anscheinend ouni sech weider Froen ze stellen, an heiansdo mat Äifer, wann et drëm gaangen ass, Lëscht vu Lëtzebuerger an auslännesche Juden opzestellen.

Och ass bekannt, spéitstens zënter dem Rapport vun 2009 iwwert d'Spoliatioun vu jiddesche Gidder hei zu Lëtzebuerg, dass eenzel Lëtzebuerger effentlech Autoritéite bei der Spoliatioun vun de Verméige vun de Membere vun der jiddescher Gemeinschaft bedeelegt waren.

D'Lëtzebuerger Exilregierung, déi offiziell de Stat vertrat huet, huet, an och dat geet aus dem Artuso-Rapport ervir, probéiert, de Judden ze hëllefen. An de Lëtzebuerger Stat als Ganzt huet offiziell keng antisemitesch Verfolgungspolitik bedriwwen. Et bleift awer och d'Erkenntnis: De Judden ass och zu Lëtzebuerg an och vu Lëtzebuerger Leed zougefuegt ginn a grousst Onrecht geschitt.

Et ass an eisen Aen Zäit, héich Zäit, mä glécklecherweis net ze spéit, fir e staarke symboleschen Akt ze setzen an der jiddescher Gemeinschaft eng iwwerfälleg Unerkennung ze ginn a se offiziell an d'Gemeinschaft vun allen Affer vum Naziregime hei zu Lëtzebuerg opzehuelen, eng Unerkennung, déi virdu Resistenzler, Zwangsrekrutierter, Ëmgesidelter, politesch Verfollegter an, ënner anere Viraussetzungen, Spueniekämpfer kritt hunn.

D'Initiative wéi d'Schafe vun enger Fondatioun an engem Monument zur Erënnerung un d'Shoah, d'Weiderféierung vun den Aarbechte ronderëm d'Comptes dormants an nei Strukturen fir d'Geschichtsfuerschung wéi och gesetzlech Archivnorme sinn alles Initiativen, déi d'Regierung ugestouss huet an an där nächster Zäit wëllt realisieren.

D'Chamber dréckt ausdrécklech de Wunsch aus, dass d'Erënnerungsarbecht ronderëm den Zweete Weltkrich nieft der Roll vun der Verwaltungskommissioun nach weider muss analyséiert ginn, och op aner Theme soll ausgedehnt ginn, wéi op d'Roll vun der Chamber zu där Zäit, vum Statsrot, vun der politescher Kommission, der Exilregierung an och vu verschiddenen Industriekresser. Do ass nach vill historesch Opschaffungsarbecht ze maachen.

Dëse Resolutionsentwurf, deen d'Ënnerschrëft vun 21 Kolleeginnen a Kolleegen dréit, bréngt also zum Ausdrock dat, wat sämtlech an deser Chamber vertruede Parteien, Fraktiounen a Sensibilitäten empfangen. Trotz allen Divergenzen an der Appréciatioun vun deem engen oder aneren Aspekt vun där Zäit war de Wëllen, e kloren, onmëssverständleche politesche Message un d'jiddesche Gemeinschaft zu Lëtzebuerg ze riichten, eenzeg an eleng ausschlaggebend.

An engem rare Moment vun Eestëmmegkeet erkennt d'Chamber d'Leiden un, déi der jiddescher Gemeinschaft, ob Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger, während der Naziokkupatioun zougefuegt gi sinn, an dréckt hiert déift Bedauern aus. D'Chamber entschëllegt sech bei der jiddescher Communautéit fir déi Feelverhalten, duerch déi d'Verantwortung vun der Lëtzebuerger effentlecher Autoritéit engagiert ass. D'Chamber ënnersträicht d'Wichtigkeet vun den historesche Recherchen, mam Zil, géint d'Vergiessen a fir d'Erënnerung un déi drama-

tesch a markant Etappe vun eiser Geschicht virzegoen. Esou Gausamkeeten dierfe sech net widerhuelen!

Duerfir hëlt och d'Chamber, zum Schluss vun hirem Text, e feierlechen Engagement, sech mat voller Kraaft fir de Respekt vun de Mënscherechter anzusetzen a géint all Forme vun Antisemitismus, vu Rassismus a Friemenhaass unzekämpfen. Dat si mer allen Affer vun der Shoah schëlleg. Dat si mer alle Leit schëlleg, déi ënner dem Naziregime hei zu Lëtzebuerg gelidden hunn.

Merci.

Résolution

- Vu le rapport de Monsieur Vincent Artuso, «La „question juive“ au Luxembourg (1933-1941) - L'Etat luxembourgeois face aux persécutions antisémites nazies», commandité par le Premier ministre en avril 2013 et remis le 9 février 2015;

- vu le rapport de la Commission spéciale pour l'étude des spoliations des biens juifs au Luxembourg pendant les années de guerre, «La spoliation des biens juifs au Luxembourg, 1940-1945» du 19 juin 2009;

- vu le rapport «Fondation de la Mémoire de la Shoah» établi le 31 mars 2014 à la suite d'une mission de concertation confiée par le Premier ministre à Monsieur Ben Fayot en septembre 2013;

A. considérant les conclusions principales du rapport de Monsieur Vincent Artuso selon lesquelles «l'administration luxembourgeoise collabora à la politique de persécutions antisémites de l'administration civile allemande dans trois domaines: l'identification des personnes considérées comme appartenant à la race juive selon les critères allemands; leur expulsion de la fonction publique, des professions libérales et des écoles; la spoliation de leurs biens», tout en prenant en compte l'attitude méfiante grandissante à l'égard des Juifs qui régnait au Luxembourg et en Europe pendant les années 1930 et la première moitié des années 1940, rappelée par ledit rapport et qui a facilité les dérives constatées;

B. considérant, qu'en l'état actuel des connaissances, la Commission administrative, instituée par la résolution de la Chambre des Députés du 16 mai 1940, a mis en œuvre l'ordre du gauleiter sur l'interdiction de retour sur le territoire prononcée à l'encontre des citoyens luxembourgeois juifs ayant fui l'occupation nazie, les excluant ainsi de la communauté nationale;

C. considérant que certains membres de la Commission administrative, une partie des chefs d'administration, certains fonctionnaires du Ministère de la Justice, plusieurs membres de la police locale étatisée, certains bourgmestres et certains directeurs d'établissements d'enseignement secondaire, des enseignants et inspecteurs de l'enseignement primaire, des notaires et des experts-comptables, assumant des missions de service public, ont collaboré en ordonnant ou en mettant en œuvre des consignes antisémites, apparemment sans en remettre en question la légitimité, voire la moralité et ceci parfois avec diligence, notamment lorsqu'il s'agissait de dresser des listes de citoyens et d'étrangers juifs;

D. considérant la participation de certaines autorités publiques luxembourgeoises aux spoliations de biens appartenant aux membres de la communauté juive;

E. rappelant le lourd tribut payé par la population et particulièrement par les Juifs lors des années d'occupation et de terreur nazies;

F. rappelant qu'au cours de la Seconde Guerre mondiale, d'après l'état actuel des connaissances, environ 1.300 Juifs, vivant au Luxembourg en date du 10 mai 1940, qui avaient en partie fui le Luxembourg après l'invasion nazie et n'ont pas pu y rentrer, ont été déportés depuis le Luxembourg, la France et la Belgique vers les camps de la mort où presque tous ont été assassinés;

G. rappelant que le rapport de Monsieur Vincent Artuso vient confirmer que le Gouvernement en exil ne s'est pas rendu coupable d'actes de collaboration dans le contexte de la persécution antisémite nazie sous l'Occupation, mais qu'il a pris des dispositions pour venir au secours de ses ressortissants juifs dès que l'ordre d'expulsion des Juifs du Luxembourg, signifié le 12 septembre 1940 par la Gestapo sur ordre du gauleiter aux représentants du Consistoire israélite, lui fut connu et que l'État dans son ensemble n'a pas officiellement mené une politique de persécution antisémite;

H. saluant les actes de courage de certains habitants du Luxembourg qui ont sauvé des Juifs du sort tragique qui les menaçait et rappelant les nombreux actes de résistance à l'occupant nazi, dont l'action devient aujourd'hui, au vu de l'attitude de certaines autorités de l'État, d'autant plus méritoire;

I. prenant acte que la communauté juive n'a jusqu'ici obtenu aucune reconnaissance officielle de la part de l'État et n'a pas encore été intégrée officiellement dans la communauté des victimes

du régime national-socialiste, contrairement à ce qui a déjà été accompli notamment en faveur des résistants, des enrôlés de force, des déportés, des personnes traquées pour leurs convictions politiques ou religieuses ou des volontaires des Brigades Internationales de la Guerre d'Espagne;

J. se félicitant de la proposition du Gouvernement de débattre publiquement de ces questions à la Chambre des Députés et considérant les initiatives d'ores et déjà annoncées, telles que la création d'une Fondation et d'un Monument de la Mémoire de la Shoah, l'identification des comptes et autres titres dormants, la mise en place, par la voie législative, de normes d'archivage appropriées et la création d'un pôle de recherche historiographique consolidé;

K. considérant qu'il y a lieu d'élargir, dans le cadre du travail de mémoire qui sera ainsi mené à l'avenir, le dispositif de recherche sur le rôle de la Commission administrative durant la Seconde Guerre mondiale à d'autres objets, tels que la Chambre des Députés, le Conseil d'État, ou encore la Commission politique, le Gouvernement en exil ou certains milieux industriels,

la Chambre des Députés,

1. reconnaît et déplore profondément les souffrances infligées à la communauté juive, à ses membres luxembourgeois et étrangers, durant l'occupation nazie du Luxembourg;

2. exprime ses excuses à la communauté juive, alors que du fait des actes fautifs commis, la responsabilité de l'autorité publique luxembourgeoise se trouve engagée;

3. rappelle l'importance de poursuivre les recherches historiques, notamment dans le but de perpétuer le devoir de mémoire pour éviter l'oubli de faits dramatiques et marquants de notre Histoire;

4. prend l'engagement solennel de faire tout son possible afin que de telles atrocités ne puissent se reproduire, de continuer à défendre avec vigueur les droits de l'Homme et de lutter contre toute forme d'antisémitisme, de racisme et de xénophobie.

(s.) Alex Bodry, Claude Adam, Simone Beissel, Eugène Berger, Lex Delles, Mars Di Bartolomeo, Joëlle Elvinger, Franz Fayot, Gast Gibéryen, Léon Gloden, Cécile Hemmen, Fernand Kartheiser, Viviane Loschetter, Paul-Henri Meyers, Octavie Modert, Lydie Polfer, Gilles Roth, Serge Urbany, Serge Wilmes, Claude Wiseler.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Bodry. Den Här Wolter.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, fir d'Geschicht: Keint den Här Bodry eis vläicht just erklären, wéi de Choix op déi 21 (veuille lire: 20) Deputéierte komm ass, fir dass dat och spéider eng Kéier kann nogelies ginn. Ech mengen, déi aner 39 (veuille lire: 40) Deputéierten hätten och ënnerschriwwen, wann net no engem gewëssene Kritär eigentlech d'Ënnerschrëften hei zustane komm wieren. Wann en eis dat nach kéint erklären, fir dass do net spéider kann e Mëssverständnis opkommen,.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Selbstverständlech, Här Wolter. Et sinn d'Membere...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Et ass eng Delegation, déi sech zesummesetzt aus de Membere vun der Institutionskommissioun an der Conférence des Présidents. An et sinn déi Membere vun der Chamber gefrot ginn, hei ze ënnerschreiwen, déi un deenen Aarbechte mat bedeelegt waren.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Très bien! Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci fir d'Prezisioun. D'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Serge Wilmes fir d'CSV.

Débat

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'CSV ass frou, datt mer haut iwwert d'Konklusioun vum Artuso-Rapport schwätzen. Frou, well et eng wichteg Diskussioun ass. Eng Diskussioun, déi iwwert d'Parteien eraus geet, iwwert d'Politik eraus. Eng Diskussioun, bei där et ëm all d'Awunner vun eisem Land geet. Zesumme kucke mer haut op eng vun deene schwéiersten Zäiten zréck, déi onst Land erlieft huet: den Zweete Weltkrich.

Et war eng däischter Zäit, voller Leed fir onst Land a seng Awunner. Zu Lëtzebuerg ass vill a gären iwwert dës Zäit geschriwwen a geschwat ginn, doriwwer, wéi Nazidäitschland ons vun 1940 bis '44 besat huet, doriwwer, wéi d'Nazien ons forcéiere wollten, fir däitsch ze ginn, doriwwer, wéi d'Lëtzebuerger hirem Okkupant d'Stir gebueden hunn, an iwwert deen héije mënschleche Präis, dee se dofir bezuelt hunn.

Manner vill a gäre gëtt iwwert déi geschriwwen a geschwat, déi dem Naziokkupant gehollef,

eng Hand mat ugepaakt, kollaboréiert hunn. D'Kollaboratioun ass keen Tabuthema méi. Et fënn ee se an eng sëllege Bucher, Mémoires, Ausstellungen a souguer Filmer. An engems ass d'Kollaboratioun awer e sensibele Sujet. E Sujet, dee wéideet.

Viru 75 Joer sinn et der ginn, déi matgehollé hunn. Et sinn der ginn, déi aktiv Resistenz gemaach hunn. An déi allermeeschten, déi hu versicht, ze liewen an ze iwwerliewen. Dat war esou. An haut erkenne mer dat einfach un, esou wéi d'Situatioun war. Si war net schwaarz oder wäiss, et war eppes derteschent mat villen Nuancen.

An dorëms geet et och beim Rapport Artuso, iwwert d'Verfolgung vun de Judden hei zu Lëtzebuerg. Et geet drëms, fir ze nuancieren, net fir ze dénoncieren. Et ass ebe geschitt, och bei ons am Joer 1940. Deemools hunn och Lëtzebuerger, och Verrieder vum Lëtzebuerger Stat, gehollef, fir Judden ze identifizeieren, auszustossen a se ze verdriewen. Esou d'Haaptkonklusioun vum Rapport Artuso.

Et gëtt vill Grënn, firwat datt dat geschitt ass: aus Angscht, aus Drock, aus Résiliatioun, aus Upassung, aus Opportunismus oder aus Iwwerzeegung. Mä ons geet et net drëms, fir mam Fanger op een ze weisen oder fir ze jugéieren. Mir wëssen haut bei der Verfolgung vun de Judden: Zu Lëtzebuerg ass kollaboréiert ginn, och vun enger Rei effentlechen Autoritéiten a vu verschiddene vun hire Verrieder. An dofir wëlle mer der jiddescher Communautéit haut soen, datt et ons leeddeet. Mir entschëllegen ons.

Et ass an där Zäit zu Lëtzebuerg wéi a ganz Europa eng Méfiance gégeniwwer de Judde ginn. Mä d'Lëtzebuerger Vollek war an ass net antisemitesch. Et gouf och keng esou eng Politik vum ganze Lëtzebuerger Stat gemaach. D'Exilregierung an eenzel Bierger hu Judde gehollef. An awer si mer haut betraff als Mënschen. Mir fillen no, wat deemools geschitt ass hei bei ons. Och bei ons goufen deemools jiddesch Bierger verdriewen. An déi meescht vun hinne sinn net méi heemkomm, si sinn ëmbruecht ginn, an dat eenzeg an eleng, well se Judde waren. D'Nazien haten decidéiert, hinnen d'Mënsch-sinn ewechzehuelen. An dat dierfe mer, dat wëlle mer net vergiessen.

Mir soen onse jiddesche Matbierger an de jiddesche Flüchtlinge vun deemools: „Dir hutt zu ons gehéiert. Dir gehéiert zu ons. Dir sidd e festen Deel vun onser Gesellschaft, vun onsem Land. Wat lech geschitt ass, dat wëlle mer weiderginn. An dat wäerte mer och weiderginn un ons Kanner a Kandskanner, ëmmer an ëmmer erëm. Genee wéi och un déi aner Affer wäerte mer denken an dat weiderginn un d'Resistenzler, d'Zwangsrekrutierten, déi Ëmgesidelt, déi politesch a reliéis verfollegt Leit, u jiddwer Affer, fir datt hiert Blut zum Blut vun der Hoffnung gëtt a bleift.“

Mir all zesumme si gefuerdert, Toleranz ze liewen an aus der Geschicht ze léieren. Dat huet ganz einfach mat engem Bild vum Mënsch ze dinn, vu senger Dignitéit, vu senger Fräiheet. A wann ons déi um Häerz leien, dann ass et ni ze spéit, fir iwwert déi Zäit vun der Shoah ze schwätzen. An dofir maache mer och haut dee Geste vis-à-vis vun onse jiddesche Matbierger. Mir soe Pardon. Mir erënneren ons. A ganz konkret schafe mer dofir en nationaal Monument an eng Fondatioun vun der Shoah. A mir hätten och gären, datt eng Plaz vun der Deportatioun vun de Judden hei am Land, wéi Cinqfontaines/Pafemillen bei Elwen, als Lieu de mémoire erhalte bleift...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - ...an datt d'Fuerschung iwwert déi Zäit an allgemeng iwwer ons rezent Vergaangenheet weidergeet a mat den néidege Méttelen ënnerstëtzt gëtt, wéi zum Beispill an engem Archivgesetz, dat jo schonn am Tirang läit.

Här President, als CSV sti mir zu all deene Gesten, déi mer haut maachen, mat all de Perspektiv fir ons all. An an deem Sënn ënnerstëtze mer och d'Resolutioun vun der Chamber mat hire Konklusiounen an offizielle Gesten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Wilmes. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Lex Delles fir d'DP. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Lex Delles (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi exzellente Recherche vum Här Vincent Artuso an Zesummenarbecht mam Comité scientifique hunn de Mérite, dass mer et haut hei faerdegrängen, een objektiven a sachlechen Débat iwwert dës Kapitel vun eiser Geschicht ze féieren. Dofir, Här Artuso, soen ech lech Merci, gradesou wéi all deenen anere Chercheuren, déi bis elo gehollef hunn, fir d'Geschicht vu Lëtzebuerg opzeschaffen.



De Rapport, deen d'Regierung an Opdrag ginn huet, kennt zur Konkursioun, dass d'Verwaltungskommissioun aktiv kollaboréiert huet. Den Haaptreproche u si ass deen, dass si op Uerder vum Gauleiter de Judde verbueden huet, zréck op Lëtzebuerg ze kommen, och deenen, déi d'Lëtzebuerg Nationalitéit haten. D'Judde goufen domadder zu Bierger zweeter Klass degradéiert.

D'Verwaltungskommissioun huet sech zum Beispill awer dem Gauleiter senger Sprachenverordnung widderst. Si hätt sech also och dem Verbuet, fir Flüchtlingen nees heemkommen ze loossen, kënne widdersetzen oder wéinstens dergéint protestéieren. Dat huet se awer net gemaach. Dat si Fakten, déi d'Historiker eis virun d'A gefouert hunn. D'Fro, déi mer eis haut mussen stellen, ass, wéi eng Suite mer deenen neien Erkenntnisser wëllen a solle ginn.

Am Virfeld vun dëser Debatt ass d'Institutionskommissioun an acht Sätzungen zesummegekomm, fir de Rapport ze analyséieren. An et ass séier kloer ginn, dass zwar d'Fro vun der fräiwëlleger Kollaboratioun vun der Verwaltungskommissioun souwäit beäwert gouf, gläichzäiteg awer ganz vill nei, gradesou wichtige Froen opgeworf gi sinn, wéi zum Beispill: Wat war d'Roll vun der Exilregierung par rapport zu der Verwaltungskommissioun? Huet d'Verwaltungskommissioun Récksprooch mat der Exilregierung, mam Parlament oder mam Statsrot geholl? Wéi war d'Legitimitéit vun der Verwaltungskommissioun? Dat just, fir nëmmen e puer Froen opzeweifen, déi et nach géllt, weider ze belichten.

Et ass dofir ganz schwierig, haut schonn iwwer definitiv Konklusionen respektiv Konsequenzen ze schwätzen. D'Chamber entziit sech domadder hirer Verantwortung awer net. Au contraire! An dëser Resolutioun, déi d'Parteien alleguerten zesummen an der zoustänneger Chamberskommissioun ausgeschafft hunn, erkennt d'Parlament d'Leide vun der jiddescher Communautéit zu Lëtzebuerg ënnert dem Naziregime un.

Aus deem Grond hunn d'Parteien och unanime decidéiert, fir sech am Numm vun der Chamber fir déi Akten, déi d'Responsabilitéit vun der Autorité publique engagéiert hunn, ze entschëllegen. Am Laf vu menger Ried wäert ech nach méi am Detail op dës Resolutioun agoen. De roude Fuedem, dee sech heiduerch zitt, resüméiert sech awer an engem Satz: opschaffen, weiderfuerschen a vermëttelen, fir ni méi ze vergiessen.

Här President, „ni méi Auschwitz, ni méi Holocaust“, dat seet sech hautdesdaags esou einfach, mä wie garantéiert eis, dass dat esou och wierklech ni méi virkëent?

Den Zweete Weltkrich ass net duergaangen, dass déi richteg Léieren dorauer ze goufen. Ganz am Géigendeel! Zum Beispill Ruanda, Cambodge, Jugoslawien. D'Lëscht vun den autoritäre Regimern am 20., am 21. Jorhonnert, duerch déi Dausende un Dausende vun onschëllege Leit ëm d'Liewe komm sinn, ass vill ze laang, an dat Schlëmmst dobäi ass: Si kritt keen Enn. Zënter dem Enn vum Zweete Weltkrich, an anere Wieder an deene leschte 70 Joer, goufen et nëmmen 26 Deeg ouni Krich op dëser Welt. Intoleranz, Diskriminatioun, Rassismus, Xenophobie keimen och ëmmer nees an der Bevëlkerung op.

Ech muss jo hei kee méi un déi rezent Attentat zu Bréissel, Paräis, Kopenhagen erënneren, oder un esou stupid Akte vu Profanatioun vu Kierfechter. Antisemitismus ass an eisen Nopeschlänner amgaangen zouzehuelen. A mir wëssen et, Lëtzebuerg ass keng Insel. Déi besch Method, fir ze verhënneren, dass de Phenomeen iwwerschwappt, ass nach ëmmer d'Opklärung. Ech wäert méi spéit a menger Ried nach emol op d'Wichtigkeet vun dëser Opklärung agoen.

Dofir begrëssen ech ëmsou méi de Rapport vum Vincent Artuso, deen et eis net nëmmen erlaabt, d'Roll vun der Verwaltungskommissioun ënnert dem Naziregime ze analyséieren, mä deen eis virun allem hëlleft, een Tabu ze briechen an eis Geschicht opzeschaffen. Ech wëll awer ënnersträichen, dass et hei net drëms geet, een ze stigmatiséieren oder mam Fanger op een ze weisen, ganz am Contraire.

Et geet drëms, dass mir alleguerten assuméieren, dass deemools net alles esou gelaf ass, wéi et hätt sollen. Et ass eben net alles schwaarz oder wäiss, et gi ganz vill Nuancen. An dofir geet et och net drëms, iergendeen ze veruerteelen, well kee vun eis weess, wéi een an där deemoleger Situatioun gehandelt hätt.

Wéi iwwerall goufen et och hei am Land net nëmmen Helden, mä där gouf et der awer och. Bei den Zwangsrekrutéierten, ech denken hei awer och un d'Resistenzler, oder ganz einfach u Leit, Familljen, déi Judde gehollef hu respektiv géint den Naziregime ugekämpft hunn, ouni et un déi grouss Klack ze hänken. Och dat soll op dëser Plaz emol eng kéier ervirgestrach ginn.

Här President, de Rapport Artuso huet awer och gewisen, dass et nach eng ganz Partie Lacunne ginn, zum Deel, well eis Archiven net komplett sinn. Den Här Artuso huet selwer an där Entrevue, déi mer mat him haten, op d'Schwierigkeeten higewisen, déi en dowéinst a senger Recherche hat. Déi eenzel Administratiounen sinn nämlech net obligéiert, hir Archiven un déi national Archive weiderzeginn. Et feelt un enger kloer definierter Method.

Et feelt awer ganz einfach och un enger Archivkultur. Dat beschte Beispill sinn déi 350 lafend Meter Archiven aus de 40er Joren, déi ursprénglech aus dem Finanzministère stamen an déi eréischt virun e puer Wochen elo an den Nationalarchiven opgedaucht an net répertoriéiert sinn. Dës Dokumenter mussen elo nodréiglech nach opgeschafft ginn, zemoos well se eventuell nei Erkenntnisser zu de Comptes dormants kéinte liwweren.

Wichtig ass et awer och, dass mer derfir suergen, dass alleguerten déi Dokumenter, déi vläicht nach an effentleche Gebaier, awer och bei Privatleit am Keller, um Späicher oder iergendzwoosch leien, erfaasst ginn. Dat weist, dass mer séier e Basisgesetz brauchen, wat d'Archivéieren ubelaangt. Ech sinn dofir och ëmsou méi frou, dass de Statsminister a senger Ried zur Lag vun der Natioun ugekënnegt huet, dass an den nächste Wochen ee Gesetz op den Instanzewee geschéckt gëtt, wat den Umgang mat offizielle staatlechen Dokumenter regelt.

Här President, et ginn awer och nach eng ganz Rei Lacunnen an dem Kapitel vun eiser Geschicht. Et gëtt nach iwwer villes e Flou. Dee Rapport, iwwert dee mer haut hei schwätzen, an och dat gouf schonn e puermol ënnerstrach, ass net d'Enn vun de Fuersungen, mä den Ufank. Fir sech méi e globaalt Bild vun der Lëtzebuergescher Geschicht an den 30er a 40er Joren ze maachen, mussen, an dat huet sech ganz kloer erausgeschielet, nach weider Etüde gemaach ginn. Ech hat et am Ufank vu menger Ried schonn ugedeit: nei Froen, déi duerch dës Rapport opgeworf goufen, wat d'Roll vun der Exilregierung par rapport zu der Verwaltungskommissioun ubelaangt, oder och nach de Rôle vum Statsrot an dem Parlament par rapport zu där Verwaltungskommissioun.

Do dernieft ass och nach laang net alles iwwert d'Geschicht iwwert d'Resistenz an där vun den Zwangsrekrutéierte gewosst, soudass et nach ganz vill Froen ginn, op déi mer eng Äntwert mussen fannen. Et ass jo ganz vill am Virfeld vun dëser Debatt iwwert d'Institut fir Zäitgeschicht geschwat ginn. Ma net méi spéit wéi de leschte Freiden huet den zoustänneger Statssekretär Marc Hansen ugekënnegt, dass d'Institut fir Zäitgeschicht am Juli 2016 ka lassleëen. Et soll een interdisziplinäreschen Zenter ginn, deen un d'Uni Lëtzebuerg rattachéiert gëtt, wat déi appropriéiert Plaz ass, fir dës Recherchen ze organiséieren.

D'Missioun vun deem Institut, esou wéi et am Regierungsprogramm steet, ass déi vun enger wëssenschaftlecher Recherche, déi eis Zäitgeschicht op eng objektiv a kritesch Manéier ënner d'Lupp hält. Dofir ass et wichtig, e kohärent Programm festzeleëen, dee systematesch alleguerten d'Aspekter vun der rezenter Vergaangenheet analyséiert. Déi Analys soll sech awer net just op d'Period vum Zweete Weltkrich beschränken, mä op dat ganz 20. Jorhonnert. Dat heescht, och d'europäesch Integratioun respektiv den Iwwergang vu Lëtzebuerg als Industriestanduert zu enger Déngschtleeschtungs-gesellschaft oder och nach eis Mediegeschicht.

D'Demokratesch Partei begrëisst an deem Zesammenhang och, dass solle Synergien, ënner anerem mam Centre Robert Schuman, mam Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance a mat deem vun den Zwangsrekrutéierten, gemaach ginn. Schliesslech gouf jo schonn do eng enorm Viraarbecht geleescht.

Déi wëssenschaftlech Recherchen erlaben eis, eng Analys op Fakten ze maachen an net op Emotiounen, well et sinn déi, déi dacks fir Sträit suergen. Déi logesch Suite vun dësen Etüden ass, dass déi nei Erkenntnisser an d'Wëssensverméttlung mat afléissen. An deem Kontext ass et och ubruecht, fir de Geschichtsunterricht gradesou wéi dee vun der Education civique an eise Schoulen unzepassen.

Här President, dem Gerd Klestadt, en Zäitzeien, deen zesumme mam Statsminister an der groussherzoglecher Famill elo am Januar un de Gedenkfeierlechkeete fir de 70. Anniversaire vun der Befreiung vun Auschwitz deelgeholl huet, läit et um Häerz, fir de Jugendleche seng Zäit am KZ zu Bergen-Belsen ze erzielen, fir dass dat op kee Fall a Vergiessenheet geréit.

An deene leschte 14 Joer huet de Gerd Klestadt 14.000 Schüler begéint, souwuel hei am Land wéi och an Däitschland an a Frankräich. Dobäi huet hie misse feststellen, dass d'Lëtzebuergescher

Schüler net ëmmer genuch iwwert déi néideg historesch Kenntnisser verfügen, déi awer d'Grondvoraussetzung sinn, fir den Holocaust ze verstoen. Ouni dës Background kënnen d'Schüler net begräifen, wéi et esou wäit komme konnt. An dobäi ass d'Opklärung deen eenzege Wee, fir ze vermeiden, dass esou Verbrieche nach eng kéier opkommen.

A genee hei ass et, wou d'Responsabilitéit vun den Elteren, Grousseltern a Familljen, awer natierlech och vun den Enseignantë gefuerdert ass. Et ass wichtig, dass d'Kanner an déi Jugendlech wëssen, wat deemools geschitt ass, fir dass se matzäiten d'Zeeche vun Intoleranz an Extremismus kënnen detektéieren, fir dergéintzesteieren.

Här President, mir hunn elo vill iwwerfuerschen a vermëttelte geschwat. Ma sech erënneren, den Devoir de mémoire, ass en anere Volet, deen op d'mannst esou wichtig ass. An dofir begrëssen ech et och, dass déi vun der jiddescher Communautéit scho laang gefuerdert Fondatioun elo endlech Formen unhëlt. Wéi de Statsminister Xavier Bettel et schonn ugekënnegt huet, soll dat eng Fondation pour la Mémoire de la Shoah ginn.

Fir den Ament ass en Aarbechtsgrupp, dee sech aus Verrieder vum Statsministère an dem Consistoire zesummesetzt, domadder beschäftegt, d'Statuten an d'Missioun vun dëser Fondatioun auszeschaffen, déi ënner anerem aus Geld wäert gespeist ginn, wat op de sougenannte Comptes dormants läit a wat net vun der lerve reklaméiert gouf. Am Zesammenhang vun dëse Comptes dormants wäert deemnächst jo och e Rapport presentéiert ginn. D'Regierung denkt ausserdeem driwwer no, fir och nach e komplementäre Rapport iwwert d'Spoliation vun de Biens juifs an Opdrag ze ginn.

Här President, nach hu mer déi immens grouss Chance, fir kënne vun den Témoignagé vun den Zäitzeien ze profitéieren. An an deem Kontext begrëssen ech och déi selleschen Initiativen, déi et hei am Land ginn, wéi zum Beispill d'Témoins de la deuxième génération, déi iwwregens vum Charles Goerens an d'Liewe geruff gouf an déi all Joers Lycéesklassen zesumme mat KZ-Iwwerliewenden op Auschwitz begleet.

Esou eng Rees, déi jo e commémorativen an och e pädagogeschen Hannergrond huet, muss awer gutt virbereet sinn. An dofir wëll ech déi Opklärungsarbecht, déi d'Proffen am Virfeld maachen, hei eemol ausdrécklech luewen! Well och 70 Joer duerno sinn déi Andréck, déi een zu Auschwitz respektiv zu Birkenau vermëttelt kritt, extrem schwierig emotionell ze verschaffen. D'Témoignagé vun Iwwerliewende féieren engem hei dat Onvirstellbart virun Aen.

Ech huet et virdru scho gesot, eis Generatioun huet d'Chance, dass nach Zäitzeien do sinn. Mir hunn elo vill iwwert d'Affer vun der Shoah geschwat, mä geneesou wichtig wéi hir Iwwerliewerunge sinn déi vun den Zwangsrekrutéierten oder Resistenzler an awer och vun all deenen, déi déi Zäit matgemaach hunn. Mä leider gëtt et ëmmer manner Iwwerliewender. Dofir ass et ëmsou méi wichtig, dass mir hir Erënnerunge festhalen op Pabeier, op Video, fir dass si hir Messagen och eise Kanner kënne viruginn, fir ze vermeiden, dass d'Geschicht sech widderhëlt.

A wann ee kuckt, wat den Ament ronderëm eis nees amgaangen ass ze geschéien, ech hunn et aganks schonn opgezielt, dann ass d'Sensibiliséierung vu jonke Leit méi wéi jee néideg.

Dofir ënnerstëtzen ech och all Projeten, déi an déi Richtung ginn, wéi zum Beispill d'Memo-Shoah asbl. Si huet sech, grad wéi och aner Associatiounen, zum Zil gesat, derfir ze suergen, dass d'Mémoire lieweg bleift. Zënter 1969 ass de Site vu Fünfbrunnen, vu wou Honnerte vu Juden deportéiert goufen, e Lieu de mémoire. Op Initiativ vum Här Henri Juda ass 2013 dunn d'Asbl MemoShoah gegrënnt gi mam Haaptzil, fir iwwert d'Monument zu Fünfbrunnen eraus d'Mémoire vun alle Génociden ze sinn.

Als Munnerefer Buergermeeschter ass et mer wichtig, och e Stéck Geschicht festzehalen, andeems mer e Lieu de mémoire aus der Synagog maachen, déi zanter 1995 am Besëtz vun der Gemeng Munnerefer ass, ëm 1900 vu jiddesche Famillje gebaut ginn an am Zweete Weltkrich komplett verwüüst ginn ass. Et huet du bis 1953 gebraucht, bis se nees restauréiert war. Mat de Joren allerdéngs ass déi jiddesche Communautéit zu Munnerefer ëmmer méi kleng ginn, soudass d'Leit sech an engem Gebietsraum am Hotel Bristol versammelt hunn.

D'Original vun der Arche sainte vun der Synagog vu Munnerefer steet haut nach an der grousser Synagog an der Stad. Mir hunn awer eng Kopie vun där Arche sainte nobaue gelooss, an déi steet haut nees an der neier aler Synagog vu Munnerefer. Nodeems d'Gebai nämlech jorelaang eidel stoung, ass d'Synagog dëst Joer elo fäerdeg renovéiert ginn.

Net nëmmen huet d'MemoShoah hire Siège social do, mä d'Raimlechkeete solle virun allem fir Expositiounen an éducativ Projete genotzt ginn. Et ass ausserdeem och nach virgesinn, dass mer dësen Hierscht Stolpersteng vum Kölner Bildhauer Gunter Demnig geluecht kréien als Lieu de mémoire, fir der Geschicht vun der jiddescher Communautéit zu Munnerefer ze gedenken.

Well et esou wichtig ass, Lieu-de-mémoires ze hunn, ass et scho laang eng Revendicatioun vun der jiddescher Communautéit, an onser Hauptstadt e commémorativ Monument ze erriichten. An och hei sinn ech frou, dass de Stat an Zesummenaarbecht mat der Stad dës Forderung elo gerecht gëtt. De françaisch-israelesche Kënschtler Shelomo Selinger wäert eng Skulptur schafen, an dat quasi op där Plaz, op där fréier d'Synagog an der Rue Notre-Dame stoung, tëschent der Kathedral an der fréierer Sainte-Sophie, ier se am Zweete Weltkrich vun den Nazien zerstéiert gouf.

Eng kleng Anekdot dozou: D'Nazien hätten d'Synagog schonn e puer Joer méi fréi zerstéiere wëllen, allerdéngs hate se Schwierigkeeten, eng Lëtzebuergescher Firma ze fannen, déi bereit war, deen Uerder ze exekutéieren.

Här President, et ass wichtig, esou Lieu-de-mémoires ze hunn, fir den Affer vun der Shoah, den Zwangsrekrutéierten, deenen, déi an der Resistenz waren oder an alliierten Armée fir eis Fräiheet gekämpft hunn, jee, kuerz gesot, fir allen Affer vum Zweete Weltkrich ze gedenken.

Fir den Ament lafe Gespréicher mat all den Initiativen a Comitéen, déi sech derfir asetzen, dass d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich oprechterhalte bleift. D'Iddi ass, dass si alleguerten zesummen an engem eenzege staarke Comité vertruete sinn, fir esou der Erënnerung nach méi eng grouss Bedeitung ze ginn. An dofir begrëssen ech och d'Initiativ vun eise Premier Xavier Bettel, fir en nationalen Dag vum Souvenir an d'Liewen ze ruffen, wou mer alleguerten zesummen an enger ziviller Zeremonie den Affer gedenken.

Anerersäits ass et awer och wichtig, fir esou Lieu-de-mémoires ze hunn, fir sech bewusst ze bleiwen, dass dat, wat deemools geschitt ass, en Deel vun onser Geschicht ass an dass dat zu eiser Identitéit gehéiert. Ouni Wuerzele weess een net, wien een ass. Nëmme esou kann een d'Entwécklungen an de richtige Kontext setzen, net fir ze veruerteelen, mä fir ze beuerteelen. Nëmme esou kann een dat Gutt vun Schlechten ënnerscheiden. Dëst Bewosstsinn ass de Grondstee vun eiser Fräiheet a vun eiser Verantwortung, Wäerter, déi et géllt, ëmmer nees weiderverméttelen.

De Geschichtsunterricht ass dofir do, fir op eng objektiv Aart a Weis déi historesch Faiten ze erklären. Allerdéngs geet dat eleng net duer, wichtig ass och, dass een déi richteg Léieren dorauer zitt. Mä dofir ass de classesche Geschichtsunterricht oder de Civiquesunterricht net onbedéngt déi richteg Plaz. Am Ausland gëtt et Iwwerleungen, fir déi Wäerter vu Fräiheet, Verantwortung an Toleranz de Schüler an engem spezifesche Cours ze vermëttelen. A wat läit do méi no, wéi dat an deen neie Wäerterrecht ze integréieren?

Här President, ech sinn der Meinung, dass dat deen ideale Kader ass, fir eise Kanner a Jugendleche genee dës Wäerter mat op de Wee ze ginn. An dësem Wäerterrecht ginn eis Kanner och net méi wéi bis ewell jee no Relioun oder Glawe getrennt, mä bleiwen zesummen a léieren do een deem anere seng Iwwerzeegungen am géigesäitege Respekt an an der Toleranz kennen. Ech sinn der féifster Iwwerzeegung, dass dës Prinzipien de Grondstee vun eise Rechtsstat sinn. Dofir ass et esou wichtig, déi scho vu Klengem un ze vermëttelen, fir dass de Rechtsstat ni méi un d'Wackele kënn.

Här President, et war mer eng immens grouss Eier, am Numm vun eiser Fraktioun haut zu deem Thema kënne Stellung ze huelen. Ech kennen dëst Kapitel vun eiser Geschicht wuel aus de Bicher, ech hat awer och nach d'Chance, a menger Famill Zäitzeien ze hunn, déi mer hir ganz perséinlech Andréck erzielt hunn. Dat huet mech gepräagt an dofir gesinn ech et och als meng Aufgab als Bierger, alles drunzesetzen, fir dass déi wäertvoll Témoignagen net a Vergiessenheet geroden. Et ass wichtig, dass déi Generatiounen no mir och déi ganz Envergure mat all hire Facetten, déi de Krich mat sech bruecht huet, sief et d'Liewen ënnert der Okkupatioun, d'Kollaboratioun, d'Shoah oder nach d'Resistenz, richtig erfaasse kënnen.

An deem Sënn kann ech déi Resolutioun am Numm vun der demokratescher Fraktioun nëmme begrëssen. Mat dëser Resolutioun erkennt d'Parlament d'Leed, dat der jiddescher Communautéit, Lëtzebuenger an Netlëtzebuenger, zougefüggt gouf, un. D'Chamber erkennt och d'Responsabilitéit vu verschiddene Beamten a Lëtzebuenger Verwaltungen un an entschëllegt sech dowéinst bei der jiddescher Communautéit. Weiderfuerschen, fir déi ganz Geschicht opzeschaffen, fir ni méi ze vergiesen, dat ass deen eenzeg richtege Wee!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Delles. An nächste Riedner ass den Här Franz Fayot fir d'LSAP. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen haut iwwer eent vun den däischterste Kapitele vun der Mënschheet, dat och bei eis am Land déif Spuren a vill Leed hannerlooss huet. Et geet em d'Verfolgung, d'Entrechtung, Verdriewung a schliesslech de Génocide vun de Judden duerch Hitlerdäitschland an Däitschland selwer an duerno an de Länner, déi Nazidäitschland ugegraff a besat huet. Dat si 75 Joer hier a betrëfft eng Zäit, déi kee vun ons méi erlieft huet.

„Wat soll dat also haut?“, wäerten der vill soen. „Hu mer keng aner Problemer, wéi ons mat ale Geschichten erëmzebaalen?“ - Mä d'Shoah an d'Aart a Weis, wéi e Land mat deem historeschen Evenement emgeet, ass en zentrale Punkt fir eng gesond Demokratie a fir d'Selbstverständnis vun engem Land. Eng Gesellschaft, déi hir Vergaangenheet net kennt, kritt Problemer mat hirer Zukunft, well d'Geschicht héiert ni op, ons ze beaflossen an ze verfollegen. Den Antisemitismus an de Rassismus sinn en Iwwel, dat al a modern Gesellschafte säit Jorhonnerte beaflosst huet an och haut nach beaflosst.

Här President, am September 2012 huet den Historiker Serge Hoffmann en offene Bréif un den deemolege Premier geschéckt. Eng Woch virdrun hat den Elio Di Rupo an der Suite vum Rapport „La Belgique docile“ sech fir d'Matverantwortung vun de belschen Autoritéite bei der Juddeverfolgung offiziell entschëllegt.

De Serge Hoffmann freet deemools a sengem Bréif, an ech zitieren: „Müsste unser Premierminister nicht dasselbe für Luxemburg tun, da auch in unserem Land die damaligen Luxemburger Autoritäten zuerst mit der deutschen Militärverwaltung und, ab August 1940, mit der deutschen Zivilverwaltung eng zusammenarbeiten? Die Parallelen zu Belgien sind sehr offensichtlich! In beiden Fällen hatten die jeweiligen Regierungen beim Einmarsch der deutschen Truppen ihr Land verlassen und waren ins Exil geflüchtet. Die politische Verantwortung ihrer jeweiligen Länder hatten sie einer aus Regierungskommissaren bestehenden Verwaltungskommission überlassen. Sowohl in Belgien als auch in Luxemburg kollaborierten diese «Ersatzregierungen» mit den Nazis und unternahmen nichts gegen die Judenverfolgung in ihren jeweiligen Ländern.“

Op eng parlamentaresch Ufro vum LSAP-Deputierte Ben Fayot huet de Jean-Claude Juncker 2013 geäntwert: «Il subsiste en effet un certain flou concernant les événements de l'époque et notamment le rôle de la Commission administrative en général et en rapport avec la déportation de la population juive en particulier.»

D'Ausgrenzung vun de Judde war a ville Länner net mam Enn vum Zweete Weltkrich eriwuer. Am kathoulesche Polen sinn nom Krich nach ewell Judde verfollegt an ausgegrenzt ginn. Och an anere Länner hate vill Judden et schwéier, an hir fréier Heemecht erëmzekommen an en neit Liewen unzufänken. Derbäi kouw, dass Auschwitz an all déi Konzentrations- a Vernichtungslager, déi iwwerall a ganz Europa opgaange waren, jorzéngtelaang net oder wéineg bekannt waren. Si goufe vun der grousser Effentlechkeet net wouergeholl.

Déi Responsabel si seelen zur Verantwortung gezu ginn. Net méi spéit wéi virun zwou Wochen, den 28. Mee 2015, huet déi däitsch Wochenzeitung „Zeit“ iwwer e Prozess géint en 93-jähregen SS-Unterscharführer bericht an dobäi public gemaach, dass vu 6.500 SS-Verbriecher, déi eleng zu Auschwitz-Birkenau um Wierk waren, der insgesamt nëmme 43 viru Geriicht gestallt goufen.

Och an anere Länner gouf sech schwéiergedoe mam Opschaffe vun Naziverbriechen. A Frankräich huet eréischt 30 Joer nom Enn vum Krich, nämlech 1976, en amerikaneschen Historiker, de Robert Paxton, e Buch iwwert d'Verbriecher

vum Vichy-Regime geschriwwen. Zu Lëtzebuerg huet en Nethistoriker, de Journalist Paul Cerf, dat éischt Buch iwwert d'Shoah zu Lëtzebuerg 1974 publizéiert ënnert dem Titel „Longtemps j'aurai mémoire“.

Zu Recht ass vill nom Krich iwwert d'Resistenz an d'Zwangsrekrutierung beréicht a geschriwwen ginn. Och iwwert déi Émgesidelt an all déi Lëtzebuengerinnen a Lëtzebuenger, déi ënnert der Naziherrschaft gelidden hunn, ass deemools vill geschwat ginn. Nom Krich waren dat déi Haaptthemen vun der Opschaffung vun onser Geschicht. Ufanks 2000 goufen dozou zwee Centres de recherche et de documentation opgebaut.

Mä d'Shoah gouf net thematiséiert, krut kee Centre de recherche et de documentation. D'Judden hunn net zur Communautéit vun de Victimme gehéiert, wéi den Här Claude Marx, de President vum Consistoire, den 2. Abrëll 2015 an onser Kommissiounssézung gesot huet. Dat mierkt een och, wann een zum Beispill d'Diskussiounen an der Chamber téschent 1946 an 1950 zum Krichsschiedegesetz liest. Do ass eng eenzeg Keier a vun engem eenzege Riedner vun der Juddeverfolgung geschwat ginn, an zwar vum Jängi Fohrmann.

Vill méi wichteg war et der Politik deemools, ze behaupten, d'ganz Land hätt Resistenz gemaach. De Pierre Dupong seet de 5. Abrëll 1945 virun der Assemblée consultative, an ech zitieren: «J'ai toujours défendu la thèse que le peuple luxembourgeois a résisté dans sa presque totalité, les uns de cette façon, les autres d'une autre façon, les uns par des actes d'héroïsme, les autres par des actes de résistance passive, et tous ceux-ci ont le droit de se réclamer de la Résistance.»

De Lambert Schaus, och vun der Rietspartei, seet deeselwechten Dag: „D'Resistenz vun der Grande-Duchesse, der Regierung an dem Vollek ass e Block, e Ganz. Mä als déi stäerkst Partei am Land loossen esou eng Meinung net opkommen, wéi wann net d'ganz Vollek resistéiert hätt.“

Mir wëssen haut, dass dat net stëmmt. Eng Minoritéit vu Lëtzebuenger huet kollaboréiert. Et gouf och vereenzelt en Excès de zèle vun Administratioune vis-à-vis vum Chef vun der Zivilverwaltung. Lëschte goufe gemaach, verschidde Lëtzebuenger sinn an d'VdB gaangen, ier se dozou gezwonge waren. Déi meesch Lëtzebuenger hunn d'Fauscht an der Täsch gemaach. Resistenz huet vill Formen, awer aktiv Resistenz ass just vun enger Minoritéit gemaach ginn. Émsou méi grouss ass de Mérite vun deene Fraen a Männer, déi wierklech aktiv an organiséiert Resistenz gemaach an domat hiert Liewen op d'Spill gesat hunn.

Denke mer just stellverriedend un déi grouss Resistenzler Eugène Leger, Albert Ungeheuer, Hubert Glesener, Albert Wingert an de Raymond Petit, de jonke Grénner vun der LPL, dee sech, vun den Nazien zu Berdorf émzingelt, erschoss huet, fir näischt ze verroden. A Frankräich kennt all Kand och haut nach den Numm vum Jean Moulin. Et kann e sech just wënschen, dass déi Nimm, déi ech elo just genannt hunn, zu Lëtzebuerg net vergiess ginn!

Här President, et ass e Fait, dass och an anere Länner probéiert ginn ass, sech iwwer e weide Resistenzbegrëff ze legitiméieren. Awer an anere Länner huet iergendwann eng kritesch Historiografie agesat, déi d'Geschicht relativéiert huet an d'Komplexitéit vun der Situatioun ënnerstrach huet. Wéi de Paul Cerf 1986 säi Buch „L'étoile juive au Luxembourg“ erausbruecht huet, wou hien och op den Antijudaismus an den 30er Joren zu Lëtzebuerg, virun allem am Émfeld vun der kathoulescher Kierch, agaangen ass, ass en dofir an der „Hémecht“, der eenzege Lëtzebuenger Geschichtszeitung, schaarf kritiséiert ginn.

An darselwechter Nummer lueft deeselwechte konservative Rezensent d'Verwaltungskommission a stellt och allgemeng eng kritesch Geschichtsschreiwung iwwert den Zweete Weltkrich un de Pranger. Hie schwätzt vun der - an ech zitieren - «obsession de ceux qui se croient obligés de secouer vigoureusement, comme ils disent, le cocotier de (prétendus) clichés bien ancrés et de réécrire l'histoire à contre-courant des réalités historiques». Dat war eng kloer Warnung, fir net vum Pad vun offiziellen Discours ofzewäichen. Och dat ass e Grund, firwat dass mer elo eréischt iwwert dës Fakten diskutéieren.

An anere Länner gouf an de 70er an 80er Jore schon eng méi kritesch Geschichtsschreiwung bedriwwen. An den 90er Jore koum d'Shoah am Ausland dann och fir d'Politik erëm op d'Tapét a gouf effentlech diskutéiert. A Frankräich zum Beispill huet de President Chirac am Joer 1995 d'Verantwortung vu Vichy fir de Génocide un de Judden unerkannt. An 2000 ass de Rapport Mattéoli iwwert d'Spoliatioun vun de Judden eraskomm. Och an der Belsch gouf et en ähnleche Rapport.

Nun ass déi lëtzebuergesch Situatioun vun 1940 bis 1944 net mat Frankräich gläichzesetzen, awer eng vergleichend Analys mat der Belsch an Holland huet an der Lëtzebuenger Historiografie net stattfont.

Firwat ass d'Opschaffung vun där Geschicht fir all Land esou wichteg? Och haut gëtt et nach Antisemitismus, och haut gëtt et ëmmer nach Leit, déi d'Shoah als en Detail vun der Geschicht betruachten, wéi de rietsextreme Jean-Marie Le Pen, dee seng politesch Carrière an déi vu senger Partei Front national zu engem gudden Deel mat antisemitischen Attacken op politesch Géigner bedriwwen huet. Mä den Antisemitismus gëtt et och a säit jeehier op der extrem lénker Säit vun politesche Spektrum, dee bei der Ausenanersetzung iwwer Israel a Palästina och bei ons heiansdo opflaamt.

Den Negationismus, wat d'Shoah betrëfft, ass eng wäit verbreet Haltung an Europa a besonnesch och am Mëttleren Osten. Och haut gëtt et reliéis Fanatiker, déi d'Judden, well se Judde sinn, ausmäerze wëllen.

Lëtzebuerg huet eng laang Geschicht vum Zesummeliewe mat Biergerinnen a Bierger vu jiddescher Konfessioun. Am 19. Jorhonnert war se gepräagt vu liberaler Toleranz an Opgeschlossenheet engersäits a vun antisemitischen Hetzrieden an Artikelen, besonnesch vu kathoulescher Säit, anersäits. Si ass dunne an den 20er an 30er Joren an engem Gemësch vun Nationalismus, Friemenhaass an Antisemitismus op eng geféierlech Bunn komm. Dat ass an der Geschichtsschreiwung vu jéngeren Historiker an de leschte Jore gewise ginn.

Den Denis Scuto huet a sengem Buch iwwert d'Lëtzebuenger Nationalitéit beschriwwen, wéi an den 30er Joren d'Judden zu Lëtzebuerg ausgegrenzt goufen. Dofir begrëssen ech ausdrécklech, dass de Vincent Artuso an d'30er Joren a senger Fuerschung mat behandelt huet, well sech an deene Jore vill verfollegt Judden aus Däitschland an, ab 1938, aus Eisträich zu Lëtzebuerg opgehale hunn. An och nom Krich sinn auslännesch Judden, déi virum Krich zu Lëtzebuerg gelieft hunn, net entschiedegt gi fir déi Spoliatiounen, déi se erlidden hunn.

A well mer esou eng Geschicht hunn, déi sech virun an dem Zweete Weltkrich ofgespillt huet, ass et haut nach e Problem vun onser Gesellschaft, dëst opzeschaffen.

Här President, mir sinn haut op engem Punkt ukomm, wou d'Lëtzebuenger Politik sech ënner anerer zur Behandlung vun der Shoah zu Lëtzebuerg ausschwätze wëllt. Et huet 15 Joer Hin an Hier gedauert, bis et esou wäit war.

Opgrond vun enger Proposition de loi vum LSAP-Deputierte Ben Fayot am Joer 2001 iwwert d'Spoliatioun vun de Judden huet de Regierungsrat dat Joer eng offiziell Kommissioun agesat. Déi ass 2009 zu engem Bericht komm. Dat war e laangen Dag, well dozweeschent während zwee Joer Archive vum Krichschued an Däitschland hu misse restauréiert ginn. Säit 2009 dauert et elo schonns sechs Joer, fir d'Recommandatioune vun deem Rapport ëmzesetzen. Déi Recommendatioune behalen hire ganze Wäert. Si waren an dräi Deeler opgedeelt: éischtens Actions immédiates et ponctuelles, zweetens Actions d'indemnisation an drëtzens Actions à long terme.

Zu den Actions immédiates et ponctuelles hätt zum Beispill gehéiert, de Kommissionsbericht ze publizéieren. E stoung um Internet, mä et gouf ni e Bichelchen domat gemaach. Dat hätt 3.000 bis 4.000 Euro kascht. Firwat dat net méiglech war, ass schlicht onverständlech! Et sollt och en Internetsite agericht ginn, zum Beispill mat der Lëscht vun alle Judden, déi den 10. Mee 1940 zu Lëtzebuerg gelieft hunn. Et sollt en Dokument geschaf ginn, wat den Nokommen attestéiere géif, dass hir Virfahren deportéiert an ermuert goufe respektiv verschwonnen sinn. Dozou, also och zu den Actions immédiates, huet och gehéiert, e Monument opzerichten. All déi Saache sinn net geschitt. An ech mengen, dat brauch een net weider ze kommentéieren!

Als Action d'indemnisation war eng Indemnisation symbolique virgeschloe ginn an et sollt och d'Lëscht vun de Besëtzer vun de Comptes dormants publizéiert ginn. A long terme, heescht et weider, sollte Strukturen opgebaut gi fir d'Dokumentatioun an d'Fuerschung iwwert d'Shoah zu Lëtzebuerg. Et sollte Fuerscher chargéiert ginn, deene Leit zur Verfügung ze stoen, déi Informatiounen zur Entscheedung vun hire Famillje sichen. Och goung rieds vun enger Fondation de la mémoire de la Shoah.

An der Zwëschenzäit ass Bewegung an d'Émsetzung vun deene Recommendatioune komm. Et handelt sech em dräi Saachen: d'Monument, d'Fondatioun an den Institut d'histoire du temps présent.

Wat d'Fondatioun ueget, hänkt se bekanntlech vun der Dotatioun of, déi dës Stéftung onof-

hängeg mécht. Mir sinn ons eeneg, dass se keng Recherche mécht, mä sech an der Haaptsaach em den Travail de mémoire bekëmmert. D'Iddi ass net, dass déi Fondatioun den Travail de mémoire monopoliséiert, mä Initiativen aus der Gesellschaft ënnerstëtz, wéi zum Beispill Lieux de mémoire ze erhalen an ze valoriséieren.

Et ass sécher schéin, e Monument opzerichten an all Joer eng Commémoratioun do ze maachen. Et ass och gutt, dass dëst an der Mëtt vun der Stad geschitt. Mä fir dass e Monument eppes Lieweges ass an an dësem Fall eng aktiv Fonctioun vun Oprëselen an Nodenke kritt, misst schon eppes méi geschéien, wéi dat zu Paräis beim Mémorial juif ass oder zu Berlin, wou Dokumentatioun gewise gëtt, Ausstellungen organiséiert ginn, Visiteuren empfaange ginn, Schoulklasse sech ophalen an esou weider.

Wesentlech ass fir d'LSAP den Institut d'histoire du temps présent. Mir hätte gären en Institut fir eng wëssenschaftlech, kritesch an objektiv Geschichtsschreiwung. A mir begrëssen als LSAP, dass dëst och elo Realitéit gëtt.

De 5. Mee 2015 huet de Premier hei deklaréiert, dass déi bestehend Institut fir Resistenz an den Enrôlement forcé solle regruppéiert ginn. Dat ass gutt! Souguer de Paul Dostert, den Direkter vum CDRR, huet am März 2013 op RTL gesot, déi Zweekdeeling téschent Resistenz an Zwangsrekrutierung wär, a senge Wieder, „sicherlech net sënnvoll“.

A leschte Freiden, dat ass schonn hei gesot ginn, huet de Regierungsrat beschloss, dass den IHTP als Centre interdisciplinaire op der Uni Lëtzebuerg folgend Instituter zesummeffiere soll: de Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe, de Centre d'études et de recherches européennes Robert Schuman, de Centre de documentation et de recherche sur la Résistance an de Centre de documentation et de recherche sur l'Enrôlement forcé.

An am Prinzip ass eng Synergie richteg. Mä wichteg wäert sinn, dass den Objet vun deem Institut kloer genuch ass, fir dass déi Lëtzebuenger Zäitgeschicht wierklech erfuerscht gëtt. Well dorëm ass et eis jo och an eisem Koalitionsvertrag gaangen an dat steet och, mengen ech, esou am Regierungsprogramm.

D'Uni huet hir Autonomie a si decidéiert eleng, wien op wat a wéi laang schaffe kann oder soll. Verschidden Themen, déi am Ausland scho laang opgeschafft sinn, mussen och elo endlech zu Lëtzebuerg opgeschafft ginn. Den Artuso-Rapport schwätzt iwwert d'Exekutiv. Wat war mat der Chamber an der Justiz an och der Police? Dat ass och schonn hei gesot ginn am Débat. Eng ganz Rei Themen, och jenseits vum Zweete Weltkrich, mussen fir Lëtzebuerg endlech erfuerscht ginn.

Mir hätte gären eng Struktur, déi op ass fir all déi Fuerscher, déi an der Lëtzebuenger Geschicht no wëssenschaftleche Methode schaffen. Mir brauchen zu Lëtzebuerg eng Historiografie, déi och déi schwiereg Themen ueget. Mir brauchen en Débat académique a public ouni Tabuen, en Débat, wou kee Fuerscher fäerte muss, ob seng Virgesetzen an der Fakultéit dat och esou gesinn. Net all Fuerscher sinn op der Uni. D'Uni ass net eleng zu Lëtzebuerg, a mir wëlle kee seriöse Fuerscher, deen net op der Uni ass, ausschléissen. En oppenen Débat ass wichteg fir eis Gesellschaft a fir eis Demokratie.

Aner Problemer sinn och am Zesammenhang mat der Geschichtsfuerschung opgeworf ginn a mussen geléist ginn. Een dovunner ass dee vun den Archiven. D'Verwaltung vun den Archives nationales mécht hir Aarbecht exzellent, mä si huet net genuch Leit an net genuch Plaz. Et geet hei em d'Vepflichtung vun de Verwaltungen, hir Archiven ze déposéieren, fir dass se no de legalen Délaien de Fuerscher zougänglech sinn. Dozou gehéiert och d'Manéier, wéi déi Archiven entstinn, dat heescht, wéi d'Dossieren an de Verwaltungen opgestallt, gefouert a beschriwwen ginn. Et geet och drëm, wéi komplett se sinn, an dat ass émsou méi wichteg, wéi elo villes ouni Pabeier, reng elektronesch communiquéert gëtt.

Ech hunn dozou eng Question parlementaire gestallt am März dëst Joer. An ech krut vun der Kulturminister geäntwert, dass en Avant-projet de loi iwwert den Archivage den 30. Abrëll am Regierungsrat diskutéiert ginn ass. Déi Äntwert seet och, dass dat Gesetz géif eng eenheetlech an zwéngend Archivéierungsmethod fir all Verwaltungen virgesinn, ënnert der Opsicht vun Nationalarchiv, dat och géif déi néideg Moyenen dofir kréien. Dat begrësse mir ausdrécklech als LSAP a mir hoffen, dass dese Projet de loi schnell weidergeet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass gutt, dass d'Chamber hir Verantwortung elo hëlt. D'Regierung huet dat jorzéngtelaang net gemaach. Grad ewéi an der Belsch, wou de

Senat den Ustouss ginn huet, fir dass de Stat Excusen un d'jiddesch Gemeinschaft soll maachen, soll dat dann och elo d'Chamber un d'Adress vun der Regierung maachen.

Eng Gesellschaft, déi hir Vergaangenheet net kennt, kritt Problemer mat hirer Zukunft. Loosse mer elo endlech handelen, 75 Joer nom verhängnisvollen 10. Mee 1940!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Fayot. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

(**Interruption**)

Ah, d'Madame Loschetter kritt selbstverständlech d'Wuert nach fir déi gréng. Dir waart net ageschriwwen.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Onbeschreibliches u mënschlecher Grausamkeet an Ennerdrückung ass während dem Zweete Weltkrich och hei zu Lëtzebuerg erdroe ginn. Zäitzeien erzielen et ons oder hëlfechen, et duerch Bicher, Ausstellungen, Konferenzen oder Besuch an de Schoulen ze vermëttelen. Oder schlëmmer nach: erzielen et net, well et eben „onbeschreiblech“ ass!

Vill Familljen zu Lëtzebuerg hunn an hirer Familiobiografie e perséinlech Drama niddergeschriwwen: Leit, déi ëmgesidelt gi sinn, déi deportéiert gi sinn, jonk Leit, déi einfach aus der Famill ewechgerappt gi sinn an agezu gi sinn, Leit, déi heiheim aner Leit verstoppt a versuert hunn, jonk Leit, déi heiheim oder am Ausland géint den Okkupant gekämpft hunn an der Arméi oder an der Resistenz, Mënschen, déi dofir Sanktiounen a Strofe mat a Kaf geholl hunn.

Et gouf an deem Land eng Solidaritéit ënnert de Leit, eng Compassioun, eng gewësse géigesäiteg Ennerstëtzung géint e gemeinsame Feind. An des Solidaritéit wor ëmsou méi wichteg, well hei am Land keng Regierung a kee Statschef méi do war. Eenzegt Zeeche fir d'Volk wore Radiosmesagen, un deene sech vill Leit ugehalen hunn.

Dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass den offiziellen a gutt bekannte Kontext. En Deel awer vun der Lëtzebuurger Bevëlkerung war tatsächlech an offiziell ausgeschloss an deem gemeinsame Kampf géint de gemeinsame Feind: déi jiddesch Communautéit vu Lëtzebuerg! Et besteet keen Zweifel, datt Lëtzebuurger Matbierger a Matbiergerinnen, Kanner a Jugendlecher, opgrond vun hirer Relioun an der Konsequenz net ënnert deemselwechte Schutz vun der Lëtzebuurger Autoritéit stoungen a sech och net konnten un darselwechter Solidaritéit ënnert de Lëtzebuurger bedeelegen.

De Rapport Artuso, elaboréiert vum Vincent Artuso an ënnerstëtzt vun alle Membere vun der Commission scientifique, erlaabt ons haut, verschidde Fakten ze confirméieren an aner nei, vläicht manner glörräich Fakten unzehuelen.

Dese Rapport ass eng wichteg Aarbecht, eng Aarbecht, déi de Mérite huet, Dokumenter aus verschiddenen Archive respektiv verschiddene Publikatiounen zesummegehallt ze hunn an domadder d'Entwécklung vun der Lëtzebuurger Geschicht par rapport zu der jiddescher Communautéit kennen an hirer chronologescher Entwécklung ze skizzéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dese Rapport beschreift op eng kloer Manéier, wéi et hei zu Lëtzebuerg - zu Lëtzebuerg! - schlussendlech iwwerhaupt méiglech konnt ginn notament, datt Lëtzebuurger Bierger, déi an der Fonctioun publique geschaff hunn, eleng opgrond vun hirer Relioun hu missen demissionéieren; datt Lëtzebuurger Bierger, déi e liberale Beruff ausgeübt hunn, verbuede kritt hunn, hire Beruff weider auszeüben, an dat eleng opgrond vun hirer Relioun; datt dat, wat hinne gehéiert huet, spoliéiert ginn ass, just opgrond vun hirer Relioun; datt d'Lëtzebuurger Autoritéite Lëschte vu jiddesche Kanner a Jugendlechen aus de Schoule gefrot hunn an akribesch gutt opgestallt kritt hunn; datt souguer am Zweifelsfall Lëschte vu sougenannten Mischlingen opgestallt gi sinn an datt schlussendlech Lëtzebuurger Bierger a Biergerinnen den Zougang, de Retour an hiert Land verweigert ginn ass opgrond eenzeg an eleng vun hirer Relioun.

Dest ass net eréischt oder eleng duerch eng Invasioun vun den Nationalsozialisten, duerch dem Gauleiter seng Präsenz an Allmächtigkeit méiglech ginn.

De Rapport Artuso beschreift déi schlächend Evolutioun duerch d'30er Jore vun der Segregatioun vun deene Lëtzebuurger, déi der jiddescher Relioun ugehéiert hunn. Dese Rapport huet och de Mérite, ze beschreiwen, wéi ab Mëtt den 30er Joren den Antisemitismus salonfäeg gemaach ginn ass. Salonfäeg heescht, datt Aussoen, Akten a Verhalen, déi normalerweise condemnéiert ginn a condemnabel sinn,

konnte stattfannen, ouni datt weder eng Autoritéit nach d'Gesellschaft sech dergéint geäussert hunn. Jo, souguer well eng Lëtzebuurger Autoritéit et esou decidéiert hat!

Vill auslännesch jiddesch Fraen a Männer hu missen aus hire Länner flüchten a sinn och op Lëtzebuerg komm. Doduerch ass eng Angscht vun Überfremdung an onsem Land entstanden, déi op ons Lëtzebuurger jiddesch Matbierger iwwerdroe gouf. Dese schlächenden Antisemitismus, dee sech och an onsem Land etabléiert huet, kulminéiert, wéi scho gesot, am August 1940, wou d'Commission administrative keen Ennerscheid méi mécht tëschent net Lëtzebuurger a Lëtzebuurger jiddesche Bierger.

D'Participatioun an duerno d'Kollaboratioun vun de Lëtzebuurger Verwaltungen un enger offensichtlech antisemitescher Politik sinn eng Evidenz ginn. D'Fro, déi ee sech haut stelle muss, ass déi vun der Verantwortung vun de Lëtzebuurger Autoritéiten. An do wëll ech am Numm vun der grénger Fraktioun hei ausdrécklech ennersträchen, datt mir ons net beruff fillen, eng historiesch Analys vun oder iwwert dese Rapport ze maachen. Dofir wëllt ech och an dëser Ried weder konkret beschriwwene Situatiounen nach Nimm zitéieren.

Un ons ass et, déi politesch Komponent ze considéieren an ons dozou ze äusseren. Wien dréit d'Veantwortung fir diesen Deel vun der Lëtzebuurger Geschicht? D'Gesellschaft vun deemools, déi méi mat sech an hirer Sécherheet beschäftegt wor a weineg Méiglechkeet hat, fir e kritesche Sënn ze entwëckelen, a spéider selwer mat Angscht an Honger ze kämpfen hat? Dat ass eng Fro, zumindest solle mer doriwirer nodenklech sinn. Lëtzebuurger Autoritéiten, op alle Fall, esou wéi et am Rapport beschriwwen gëtt an an der Resolutioun och opgezielt gëtt.

Mir haut heibannen als folgend Generatiounen droen eng Verantwortung, an déi ass essenziell: nämlech d'Unerkennung vun deem, wat geschitt ass, d'Veantwortung vun deemools unerkennen, d'Leed unerkennen an ons zudéifst dofir entschëllegen!

Mir haut heibannen droen awer och d'Veantwortung, fir ze garantéieren, datt d'Geschicht ka weider opgeschafft ginn, datt notament d'Recherche weidergefouert ginn - un déi 350 Meter, déi kierzlech aus den Archiven erëm opgedaucht sinn -, oder datt d'Lëschte vun de bestehende Comptes dormants nogekuckt ginn. A mir haut heibannen droe Verantwortung, datt de Rôle vun der Chamber, vum Statsrot, vun der Justiz, vun der Exilregierung, vu Banken an dem Industriemilieu vun deemools éierlech a ganz opgeschafft gëtt.

A mir all zesummen droe Verantwortung, datt diesen Deel vun der Geschicht zu Lëtzebuerg net a Vergessenheet geréit! Mir sinn all deene Leit, déi gelidde hunn, et schëlleg, grad ewéi och alle Leit, déi op eng exemplaresch, op eng couragéis an op eng mënschlech Manéier gehollef hunn!

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, dat Leed, wat der jiddescher Communautéit am Zweete Weltkrich an Europa an och hei zu Lëtzebuerg ugedoe ginn ass, huet an all jiddesch Famill haut nach seng Spuren hannerlooss, bei de Kanner vun deemools bis eriwier bei hir Kanner a Kandskanner. An déi Spure solle fir ons all en Zeeche sinn, eng Erënnerung sinn, fir virun all Form vu Friemenhaass ze warnen.

Dat kënne mer op ganz vill verschidde Manéieren, zum Beispill esou, wéi et virun e puer Wochen zwee wonnerbar Lëtzebuurger Musiker an der Villa Pauly gemaach hu mat engem jiddesche Lidd, e Symbolidd vum jiddesche kulturelle Patrimoine vu virun der Shoah, genannt Oyf'n Pripetchik. «Quand vous serez plus vieux, chers enfants, vous comprendrez vous-mêmes combien de larmes se trouvent dans ces lettres et combien de pleurs», ass en Zitat vun deem Lidd.

Wat fir eng schéi Victoire, léif Kolleegen a Kolleeginnen, des musikalesch Téin grad an dëser Villa konnten ze héieren an ze honoréieren! Nieft dese Plazen, wéi d'Villa Pauly, wéi Cingfontaines oder d'Hollerecher Gare, déi zur Mémoire vun der Lëtzebuurger Geschicht gehéieren, sinn esou Messagë vu Versöhnung a vu Fridde dat bescht Mëttel, fir de kommende Generatiounen ze weisen, wéi onerlässlech, wéi onerlässlech et ass, sech och mat deem Deel vun onser Geschicht ausenanerzesetzen!

Esou eppes dierf ni méi virkommen!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Loschetter. Als Nächsten ass ageschriwwen: den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass extrem wichteg, datt déi Diskussioun haut hei

stattfënn. An déi Entschëllegung, déi mer haut eise jiddesche Matbierger offréieren, ass richtig a wichteg. Dat Leed, wat si erlidden hunn am Krich, dat wor onendlech grouss, an all Bedeelegung vun öffentlechen Autoritéiten un der Juddeverfolgung ass zudéifst ze bedauern. Am daitlechsten, haut och dokumentéiert, ass wahrscheinlech déi Bedeelegung vun den Autoritéiten am Kader vun der Spoliatioun, Collège de contrôleurs, Notairen, an esou weider.

Ganz wichteg ass och deen Engagement, dee mir haut huelen, fir alles ze maachen, fir esou Tragödien an Zukunft ze verhënneren. Mir freeën eis och als ADR, datt mer déi Resolutioun haut eestëmmege kënnen unhuelen. An dat ass och e ganz grousst Symbol.

Mir hunn awer als Lëtzebuurger kee Vel' d'Hiv', wéi dat a Frankräich war, keng staatlech Bedeelegung un der Exterminatiounspolitik vum Drëtte Räich. An dowéinst ass déi Entschëllegung, déi mir haut ginn, am Verglach mat deem, wat am Ausland u Gestë gemaach gouf, e ganz besonnesch staarke Geste.

Mir kënnen och haut nach eemol feststellen, datt eis Groussherzogin an eis Regierung Gott sei Dank an d'Exil gaange sinn. Och dat ass eppes, wat en filigrane ëmmer erëm am Rapport Artuso daitlech eruskënnt. Et wär wahrscheinlech ganz schwéier gewiescht, nach eng Lëtzebuurger Souveränitéit oprechtzëerhalen, wann dat net de Fall gewiescht wär.

Et ass d'Kollaboratioun ginn, leider, an der Bevëlkerung. Et gouf d'Gielemännercher, et gouf d'VdB - „Verein deutscher Banditen“, wéi en dacks genannt gouf -, an et gouf och Kollaboratioun am Exercice a mat der Autoritéit vun engem offiziellen Titel oder engem offiziellen Funktioun. An dowéinst hu mir haut hei déi Diskussioun.

Mir soen als ADR och jiddwerengem vun Häerze Merci, dee resistéiert huet, eise kleunge Land gehollef huet, an och all deenen, déi gehollef hunn, Judden ze retten, och deenen auslännesche Länner a Legatiounen, déi sech bedeelegt hunn, wéi déi amerikanesch, déi portugisesch, déi franséisch Autoritéiten, déi all matgeholfen hunn, fir déi Leit ze retten.

Mir dierfen d'Affer net vergiessen a mir mussen si éieren. Dofir och vun eiser Säit aus e kloer Jo zu engem Monument fir d'Shoah! E kloer Jo zu engem Geschichtsunterrecht an de Schoulen, deen derfir suert, datt déi Faiten historiesch korrekt erkläert ginn an ni vergiess ginn. An och ee Jo vun eiser Säit zum Erhale vun historiesche Plazen, wéi der Pafemillen oder och anere Plaze wéi der Villa Pauly, der Hollerecher Gare, déi an der Geschicht vum Lëtzebuurger Leiden am Zweete Weltkrich eng zentral Roll gespilt hunn.

Deen Institut fir Zäitgeschicht, deen elo soll geschafte ginn, soll och d'Haltung vun der Regierung géigeniwwer anere Problemer weider opschaffen. An dozou gehéieren och d'Tambower, déi nach net esou séier aus Russland erëmkommen sinn, wéi dat vläicht méiglech gewiescht wär nom Enn vum Krich. Mir considéieren déi Leidensgeschichten an hirer Gesamtheit. Mir denken net, datt eng Konkurrenz tëschent Afferkategorien ubruecht ass.

De Sujet vun haut ass elo speziell de Rapport Artuso a mir wëllen dat och dann hei maachen, fir e bëssen dee Rapport ze kommentéieren. Et ass sécher och néideg, eng kritesch Beruechtung ze gesinn an am A ze behalen, well et goufen och scho virun aner Konklusiounen vun Historiker, den Hären Trausch, Dostert, Schoentgen, Heisbourg, Cerf, iwwert d'Veantwortung an aneren an d'Existenz vu Lëtzebuurger staatleche Strukturen am Krich an hiren eventuell verbleiwenden Handlungsspillraum oder Responsabilitéiten. Och si si mat de Sourcen, déi disponibel waren, verantwortungsvoll ëmgaangen, koumen awer zum Deel zu fundamental anere Konklusiounen, wéi den Här Artuso.

Haut gëtt déi traditionell Geschichtsschreiwung, déi och op deene Quelle berout, dacks als Mythos duergestallt. Si wor awer rechtlech gutt fundéiert an historiesch insgesamt, vu d'Quellen, och iwwerzeugend. Et muss een dofir och dann de Rapport Artuso an deem Kontext kritesch kucken.

Mir wëllen awer feststellen, datt d'Veantwortung fir déi Juddeverfolgung an dat Leed ganz kloer beim Okkupant a bei senger Ideologie louch, an trotz der Existenz vu ville Gielemännercher wor Lëtzebuerg a woren d'Lëtzebuurger an hirer immenser Majoritéit Affer an net Täter, och an der net jiddescher Populatioun. An trotz deem bedauernswäerten a verdammenswierdegen Antisemitismus, deen et och scho virum Krich gouf, huet Lëtzebuerg enorm ville Judde gehollef a kann dorop houfreg sinn. Och dat steet am Rapport Artuso. Ech mengen, e seet souguer, proportional zweemol esou vill wéi Holland virum Krich. Dat ass eng grouss Leeschtung.

Wann een also dee Rapport kuckt, da muss een feststellen, datt et awer e Versuch ass, eng Kollaboratioun vu staatleche Strukturen nozeweisen. An heiansdo ass d'Beweislaascht net ganz staark. Et gëtt vill Hypotheesen, et gëtt ganz vill Spekulationen, et gëtt leider dacks Rasonnementer a charge méi wéi à décharge.

Et freet ee sech heiansdo, wann een dee Rapport liest, ob mer et mat Geschichtsschreiwung ze dinn hunn oder mat enger Geschichtspolitik. Soll probéiert ginn, dee Mythos, vun deem ech virdu geschwat hunn, an och zum Deel d'Natioun ze dekonstruieren, wéi dat heiansdo haut probéiert gëtt? Dat wär sécher falsch, well en Hiréckele vun de Lëtzebuurger an d'Noperschaft vun den Täter, dat wär eng Laascht, déi mir net brauchen ze droen, well se sech esou net bewiese léisst, wéi gesot, mat Ausnahm vun de Collaborateuren.

Et gëtt methodologesch Bemierkungen, déi ee sécher ka maachen. De Comité scientifique ass ganz breet opgestallt. Dat mécht et och da méi schwéier, fir eventuell weider Analysen oder weider Fuersungen ze maachen, onofhängeg vum Rapport Artuso oder mat där néideger wëssenschaftlech kritescher Distanz zum Rapport Artuso. Et gëtt och an deem Rapport keng chronologesche Gesamtüwersiicht. An dobäi géifen Datumen an de Verglach vun Datumen et awer erlaben, kausal Zesammenhäng méi kloer ze erkennen a Situatiounen besser ze bewäerten.

Wichtig Archive konnten nach net ausgewäert ginn, notament déi däitsch Archiven. Juristesche Aspekter mussen berücksichtegt ginn, wéi zum Beispill déi Haager Landkrichskonventionen vum 1907, déi d'Flichte vun engem Okkupant an d'Rechter vun enger okkupierter Natioun daitlech beschreiwen. Déi Verpflichtunge goufe vun däitscher Säit mëssuecht.

Et gouf vun däitscher Säit ni eng Unerkennung vu staatleche Lëtzebuurger Strukturen, spéitens vum August 1940 un; weder vun enger Souveränitéit nach vun enger Regierungskommission. Am Rapport Artuso steet kloer: «Berlin rejeta toute forme de collaboration institutionnelle avec les Luxembourgeois.» Ech mengen, dat war op der Säit 110. An dorausser muss een dann awer och déi richtig Konklusiounen zéien.

Den historiesche Kontext, dee gëtt dacks net genuch differenziert betruecht. Déi däitsch Juddepolitik wor 1940 nach net déi vun 1942. De But war, Lëtzebuerg an och d'Räich allgemeng, well si hu jo Lëtzebuerg ganz séier als Deel vum Räich gekuckt, ethnisch propper ze maachen, wéi een dat muss fuerchtbar ausdrécken; déi Säuberungsidien. „Judenrein“ an aner Ausdréck goufe benotzt. Et wor awer nach net d'Politik vun der Endlösung oder vun der Exterminatioun.

An d'Stëmmung an Europa bis Enn 1940 wor och eng, déi ganz kloer muss betruecht ginn, wann een dat wëllt bewäerten, wat hei geschitt ass. Et wor eng Stëmmung vun Hoffnungslosigkeit, dacks vu Verzweiflung no engem ganz séieren däitsche Sieg am Westen an engem Klima, wou Gewalt a Suerg ëm d'Famill, wou villes op Improvisatioun, op Hoffnungslosigkeit a Verzweiflung an am Zweifel geschitt ass.

Ech wëll hei dofir kuerz, den Här Premier huet virun den Telegramm ernimmt am Kader vun der neier Uerdnung... Dat wär scho bal e Geste vu Kollaboratioun gewiescht; ech sinn net esou sécher, et muss ee gesinn. Am Rapport Artuso seet den Här Artuso, datt déi «Commission administrative à une date non précisée» bei de Gauleiter zitéiert gouf. An do krut se gesot, la Constitution, datt dat hien ass; déi Lëtzebuurger Verfassung, dat wär elo de Gauleiter. „Wir sind“, seet de Gauleiter „mit einem Schuschnigg fertig geworden“ - also den éisträicheschen Premier, deen duerno an d'KZ koom -, „ich werde auch mit Ihnen fertig.“

An da seet en: „Neutral langt nicht mehr, meine Herren, es heißt deutschfreundlich sein.“ An da schreiwen awer trotzdeem... Déi Commission administrative schreift oder wëllt un den Hitler schreiwen - hei ass eng franséisch Iwwersetzung -: «(...) les soussignés, représentants de tous les milieux du peuple luxembourgeois, ont l'honneur d'exprimer le souhait unanime de la population du Grand-Duché pour le maintien de sa vie propre étatique dans le cadre du nouvel ordre européen.» Hate se dann eng aner Wiel? «Notre peuple, fier d'une existence millénaire, tient de toute son âme à son indépendance étatique et politique recouvrée il y a un siècle (...)» an esou weider.

Ech gesinn, meng Zäit ass net esou grouss, datt ech dat kéint virlesen, mä et wär derwäert,

well et ass net onbedéngt en Akt vu Kollaboratioun, mä haaptsächlech en Akt, fir déi staatelech Onofhängegkeet awer kënnen esou gutt wéi méiglech ze erhalen.

Kollaboratioun ass net Kollaboratioun. Heiansdo mécht ee Kollaboratioun, fir méi Schlemmes ze verhënneren, heiansdo. An dat ass veruerteelenswäert, wa Leit kollaboréieren, fir déi däitsch Ziler mat ze realiséieren, an dat geet natierlech net.

Handlungsméiglechkeete gouf et bei der administrativer Kommissioun praktesch keng méi. Wann een déi Datume kuckt vum Krichszoustand bis iwwert dat, wat geschitt ass, och herno, wou déi Lëschten opgestallt gi sinn, wann een dat analyséiert, gesäit een, datt praktesch keng Handlungsspillraim méi bestanen hunn. Enn Juli ass den Här Wehrer scho convoquéiert ginn, wou de Gauleiter nach net do war, bei en däitschen Zivilbeamten an et gouf verbueden, e Concert ze organiséieren. E Concert! An dat ass nach net vergläichbar mat deene Mesuren, déi méi spéit geholl gi sinn.

Wann een also déi Lëschte kuckt, déi opgestallt gi sinn. Och dat well ech soen, well et ass awer vläicht wichteg, fir dat ze soen. De 6. September sinn déi Lëschten opgestallt ginn. Den 12. September ass d'Gestapo bei de Consistoire israélite gaangen, fir ze soen: „Dir hutt nach 14 Deeg, da mussen all Judden aus dem Land eraus sinn.“ Fir an deem Kontext en eng Privatinitiative ze gleewen, ass ganz schwéier.

Och wat de Retour vun de jiddesche Bierger op Lëtzebuerg ugaangen ass, muss ee soen, datt am Rapport Artuso u sech dee Rasonnement op engem Stréchpunkt berout. An dat seet den Här Artuso selwer, wann en et beuerteelt. Dee Saz „Juden wird die Einreise versagt“, steet hanner engem Stréchpunkt, an dorobber ass de Rasonnement da baséiert. Dat ass net onbedéngt ganz staark. An op där Säit virdu schreift den Här Artuso nach: «Il est donc indéniable que la Commission administrative vint en aide à des personnes qui souhaitaient partir et qui n'étaient plus en sécurité au Luxembourg.»

An ee leschte Saz, ee lescht Wuert iwwert d'Nationalitétegesetz, well dat och nach en zentrale Punkt ass an där ganzer Diskussioun. Am Mäerz 1940 huet eis Chamber en neit Nationalitétegesetz gestëmmt. Am Mäerz 1940. Zënter September 1939 wor Europa am Krich. An am Mee 1940 koum d'Invasioun. Dat Nationalitétegesetz ass geholl ginn am Bewusstsi vun enger däitscher Invasioun, déi onmëttelbar sollt bevirstoen.

An da gëtt gesot, do gëtt déi Lëtzebuenger Nationalitéit betount. Et wor net d'Iddi, fir d'Aarbechter auszuschléissen oder fir déi liberal Konzepter ze vergiessen. Et wor en Akt vu Widerstand héchstwahrscheinlech a vun engem Iwwerlebenswille vun engem Lëtzebuerg, wat grad seng 100-Joer-Feier hanner sech hat an den Däitsche wollt weisen, datt se eng eegen Natioun sinn a sech net duerch vëlkeg Konzepter oder anerer wollten desorientéiere loosse.

An ech froe mech, wann et déi Gesetzgebung am Mäerz 1940 net gi wär, ob et fir d'Lëtzebuenger dann esou einfach gewiescht wär - oder et wor schwéier genuch, mä esou iwwerzeegend gewiescht wär -, och fir d'Resistenzorganisatiounen, fir d'Lëtzebuenger ze motivéieren, bei der Personenstandsaufnahme ze schreiwen: dräimol Lëtzebuergesch, wou se mat hirem Numm hu missen dofir astoen a Risiken huelen, fir sech zu eiser Heemecht ze bekennen.

Ech mengen, de Rapport Artuso ass ganz sécher e wichteg Dokument an e soll eis hëllefen, nozedenken an ze beuerteelen, mä e muss iwwerpräift ginn. E muss och anescht beliicht ginn. Mir hätte gär weider Fuersungen. Mä eppes ass ganz kloer: D'Lëtzebuenger an hirer grousser Majoritéit woren Affar an net Täter. Mir musse Kollaboratioun verdamen, mä mir kënnen stolz sinn op eis Geschicht am Zweete Weltkrich.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech wollt just d'Chamber drop hiweisen, dass den Här Kartheiser ganz genee a senger Zäit war, well mer an der Presidentekonferenz decidéiert haten, d'Riedezäit vun der Resolutioun mat anzuschléissen, also d'Sensibilitäten 12,5 Minuten amplaz 10 Minuten haten. Dat géllt da selbstverständlech och fir den Här Urbany fir déi Lénk, dee scho prett ass. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass keen Zweifel, dass des Debatt

eng vun deene wichtegsten ass fir d'Opschaffe vun der neierer Geschicht vun eisem Land. Och wann een Deel vun der Geschicht gewësse gesellschaftlech Grondmusteren opweist, déi och haut nach wierksam sinn, mengen ech awer, dass e grad wéinst der besonnescher Gravitéit vun de Faiten net mat haut ze vergläichen ass.

Mä trotzdem, och nach 75 Joer duerno muss een e grousst Zécke feststellen, fir politesch Verantwortungen um héchsten Niveau vum Stat an aller Däitlechkeet ze nennen. Eleng duerfir, mengen ech, ass et ze begrëssen, dass déi Resolutioun hei vun der Chamber eestëmme, no grondleeënde schwieregen Diskussiounen, festhält d'Responsabilitéit vum Stat als solchen, l'Autorité publique, an der jiddescher Communautéit hir Excuse presentéiert fir déi Akten, déi am Numm vum Stat begaange si gi vun deene verschiddeenen Autoritéiten a Responsabelen, an dass se och däitlech Akte vun der Kollaboratioun waren, wéi des Resolutioun festhält.

Mir mengen och, dass déi Akten an engem Kontext begaange gi sinn, wou d'Chamber an och de Statsrot weider bestanen hunn. An ech mengen och, dass d'Responsabilitéit vum éischte Pouvoir, dat heescht vum gewieltene Parlament deemools, evidentereis och engagéiert ass, an net nëmmen eleng déi vun der Commission administrative, déi als eng Aart Ersatzregierung vun der Chamber agesat gi war.

An et ass duerfir och ze begrëssen, dass d'Resolutioun weider geschichtlech Recherche virgesäit, an zwar iwwert d'Roll an d'Interaktioun vun deene verschiddeenen Träger vun de Statsautoritéiten, déi et deemools ginn ass - d'Chamber, de Statsrot an d'Exilregierung -, an aner och Recherchen afuerdert iwwert d'politisch Interaktioun, déi et deemools ginn ass mat den haaptsächlech wirtschaftleche Milieue vun där Zäit, dat heescht der Stolindustrie, déi am Fong geholl eng Aart Global Player deemools scho war, souwuel vis-à-vis vun den Nazibesatzer wéi vis-à-vis vun den Alliierten, an déi duerfir och noutgedrongen eng mitigéiert Haltung ageholl huet, déi sech vläicht op d'Politik ausgedréckt huet. Ech mengen, dat ass un der geschichtlecher Fuersung, fir dat an Zukunft festzestellen.

Wéi Der wësst, ass des Debatt jo hei vum Historiker Serge Hoffmann lancéiert ginn, nodeems de belsche Premier sech fir d'Kollaboratioun vun den Autoritéiten un der Exterminatioun vun de Judden entschëllegt huet. „Sowohl in Belgien als auch in Luxemburg kollaborierten die „Ersatzregierungen“ mit den Nazis“, huet en deemools geschriwwen, „und unternahmen nichts gegen die Judenverfolgung in ihren jeweiligen Ländern.“

D'Debatt geet och zréck op d'Veffentlechung duerch en aneren Historiker, den Denis Scuto, vun de Lëschte vu jiddesche Schoulkanner, déi am September 1940 opgestallt gi sinn. Haut hu mer e Rapport virleien, deen a senger Däitlechkeet net ze iwwertreffen ass, a woufir ee muss dem Historiker Vincent Artuso an der Equipe, déi hie begleet huet, Merci soen.

Här President, dee Rapport hei deckt villes op. Ech well mech op déi Passagé beschränken an och op déi e bëssen agoen, déi weisen, wéi et esou wäit komme konnt, well ech mengen, dat ass dat Wichtegst, wann ee wëllt hunn, dass d'Geschicht sech net an där doter Form widderhëlt.

De Rapport weist ganz kloer op de frieme-feindleche Kontext an den 20er an 30er Joren hin. E geet schon zréck op e Gesetz vum 28. Oktober 1920, wat geheescht huet «destiné à endiguer l'affluence exagérée d'étrangers sur le territoire du Grand-Duché». E referéiert sech och op dem Denis Scuto säi Buch iwwert d'Lëtzebuenger Nationalitéit, wat, mengen ech awer, ganz gutt an ausféierlech beschreift, wéi d'Nationalitéit zu Lëtzebuerg ëmmer méi, an dat war en historiesche Prozess, op en ethneschen enke Begrëff zréckgefouert ginn ass, dee wäit ewech war vum Universalismus vun der Natioun an der Franséischer Revolutioun an deen och leschten Enns derzou gefouert huet, dass 1940, kuerz virum Amarsch, d'Ofschafe vum Droit du sol agefouert ginn ass, dat ganz laang gebraucht huet, bis 2008, bis et erëm en enger gewëssener Form agefouert ginn ass.

De Vincent Artuso beschreift och, wéi d'Regierung Bech refuséiert huet, d'Accorde vun der Société des Nations unzehuelen an e Statut fir Asylbewerber ze schafen. A wéi dat zu enger ofweisender Haltung och gefouert huet vis-à-vis vun de politesche Flüchtlingen aus Däitschland, zum Beispill no der Saar-Annexioun 1935, an natierlech och vis-à-vis vun den däitsche Judden, déi heihinnerkomm sinn an déi extra um Passbüro enregistriert gi sinn.

An ebe just well se verfollegt gi sinn, ware se suspekt, well geduecht ginn ass, dass se sech grad dowéinst géifen dauerhaft hei am Land etabléieren. D'Sûreté publique an der Gendarmerie huet speziell Fonctiounen deemools kritt:

déi vun der politescher Iwwerwaachung an och déi vun der Iwwerwaachung vun den Ausländer. An et ass och kee Wonner, dass et en direkte Lien gëtt tëschent deene Verantwortleche vun deene Servicer deemools an der Kollaboratioun spéider vu gewëssene Statsautoritéiten.

Mä och an der Politik sinn et Entwécklungen ginn, déi ee muss haut nach am A behalen. 1934 huet de Rapporteur vun der Zentralsektion vun der Chamber, de konservativen Eugène Reichling, e Contrôle sévère vun den Elementer verlaangt, déi an d'Land kommen, an huet domadder ausdrécklech och d'«immigrés et réfugiés juifs» gemengt, déi de lëtzebuergeschen Handwerker a Geschäftsleit géife Konkurrenz maachen.

1936 huet de Justizminister Dumont d'Gefor vun enger ze vill zahlreicher auslännescher Bevölkerung un d'Wand gemoolt, besonnesch andeem e sech och beruff huet op «étrangers nouveau venus». Et géif sech besonnesch ëm déi handeln, op déi ee misst oppassen. An domat sinn natierlech och déi däitsch-jiddesch Refugié gemengt gewiescht, deene virgeworf ginn ass, ënner anerem och auslännesch politesch Aktivitéiten an d'Land ze transplantéieren, wéi e sech ausgedréckt huet, an den Ordre public ze menacéieren. Domadder zesummen hânt och d'Opstellung vu Lëschte vu Judde scho Métt vun den 30er Joren.

Mä et sinn och Lëschten opgestallt ginn deemools vun deeneselwechte Policeservicer iwwer Spuenienkämpfer, Kommunisten, italieenesch Antifaschisten, déi herno d'Basis geliwert hu fir d'Aarbecht vun der Gestapo.

Besonnesch schlëmm, mengen ech, ass et och, dass scho virun der Besatzung déi däitsch Rassegesezter, wat hir Auswierkungen op geméschte Bestietnisser ugeet, ugehall gi sinn, och opgrond vun engem Avis vum Statsrot, dee gesot huet, gewëssen international Konventiounen, déi de Géigendeel gesot hunn, déi géifen net gellen an deem Fall an déi däitsch Rassegesezter missten hei de Virrang kréien. Holland huet zum Beispill eng aner Haltung deemools ageholl. 1938 goufen och ee Moment d'Grenzen zougemaach, och fir Réfugié, deenen hir Pabeieren an Uerdnung waren.

Den offizielle frieme-feindleche Kontext war also evident, och wann en net ëmmer vun alle Verantwortleche gedeelt ginn ass an och wann et scho fréi Warnunge vu Leit aus Politik a Justiz ginn ass.

«Le plus grand triomphe idéologique du nazisme, avant la guerre, fut d'imposer l'idée selon laquelle ce n'était pas leur politique raciste qui posait problème au niveau international mais le départ des victimes.», seet den Här Artuso. An de Rapport weist ebe just de Lien op zu deem legale Kader, an deem sech déi Frieme-feindlechkeet scho konnt virum Krich entwéckelen, och vis-à-vis vun de Judden. An dat ëmsou méi, well et ëmmer och en traditionelle reliéisen Antijudaismus zu Lëtzebuerg zënter Jorhonnerte ginn ass.

De Lien tëschent politescher a reliéis-rassistescher Verfollegung ass gradesou däitlech. E geet aus folgendem Zitat zum Beispill ervir, vun engem Rapport vum 21. Dezember 1935 vum Chef vun der Sûreté, dee seet: „Man weiß auch aus Erfahrung, daß in politischer Hinsicht durchwegs das jüdische Element ein unberechenbarer Faktor ist, das, um im Trüben fischen zu können, gerne bei revolutionären Bestrebungen seine Hand im Spiel hält.“

Här President, ech hu mech elo an där kuerzer Duerstellung an där kuerzer Zäit, déi ech hunn, beschränkt op offiziell Ausserungen an offiziell Moosnamen, déi deemools getraff gi sinn, well jo och dat de Kontext vun eiser Resolutioun ass, déi schreift ganz däitlech vun enger «attitude méfiante grandissante à l'égard des Juifs qui régnait au Luxembourg et en Europe pendant les années 1930 (...) et qui a facilité les dérives constatées». Ech kann net agoen op de politesche Kontext aus där Zäit, op déi Stréimungen, déi et an där Zäit gi sinn, déi och hir Zopp gekacht hu mat der Iwwerfirmungsangsch, déi an den 30er Joren omnipräsent war.

Den Antisemitismus war och nom Krich nach an enger gewëssener Form präsent. Ech hunn dat selwer erfuer, ech ka mech erënneren, dass ech als Kand op der Stroos vu Kanner „Judd“ genannt gi sinn, wahrscheinlech well ech als eenzegt Kand am Duerf net um Reliounsunterrecht deelgeholl hunn.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Esou ass et mir och gaangen.

(**Interruptions diverses**)

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Här President, ech hunn am Ufank gesot, dass mer et hei mat enger besonnescher historiescher Situatioun ze dinn haten, déi net mat där vun haut

vergläichbar ass. Mä et kann een awer ni ausschléissen, dass esou Situatiounen kënnen erëmkommen. An duerfir ass et, mengen ech, besonnesch wichteg, dass um Enn vun eiser Resolutioun de feierlechen Engagement steet, fir alles ze maachen, fir dass et ni méi zu esou Grausamkeiten däreif kommen, dass muss weider d'Menscherechter mat Nodrock verteidegt ginn an dass muss gekämpft gi géint all Forme vun Antisemitismus, Rassismus a Frieme-feindlechkeet!

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci und dem Här Urbany. An d'Wuert huet elo fir d'Regierung de Premierminister, den Här Xavier Bettel.

(**Prise de position du Gouvernement**)

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et soll een ni vergiessen, dass am Zweete Weltkrich eng honnertmol onst Land leie bliwwen ass. Tëscht 55 a 60 Milliounen Leit si gestuerwen. Honnertmol e Land wéi Lëtzebuerg! Honnertmol!

Eleng vun deenen Doudege sinn iwwer 5,5 Milliounen Judden ëm d'Liewe komm. Si sinn ëm d'Liewe komm, well se exterminéiert gi sinn. Et sinn 200.000 bis 250.000 handicapéiert a physesch handicapéiert Leit, déi ëmbruecht gi sinn. Et sinn eng iwwer dräi Milliounen Krichsgefangener, déi ëmbruecht gi sinn. Et si bal eng Millioun Rommen ëmbruecht ginn. Et sinn 10.000 bis 15.000 Homosexueller ëmkommen. Et sinn Dausende vu Gesechtlechen, Jehovas Zeien oder Fräimaurer ëmbruecht ginn. Einfach well se net an dee Schema gepasst hunn, deen den Okkupant deemools hat!

Ech kann lech just soen, Här President, dass, wann een eng Kéier zu Auschwitz war, een net méi als selwechte Mensch erauskéint. Well d'Konklusioun vun enger Visite zu Auschwitz ass déi, dass de Mensch de Responsabelen ass fir déi Horroren a keen anere wéi de Mensch selwer engem anere Mensch dat ugedoen huet!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz frou och iwwer ganz vill Saachen, déi hei gesot gi sinn, iwwert d'Zoustëmmung vun der Chamber zu där Iddi, fir eng Statu ze maachen en mémoire vum Holocaust. An ech well och do der Gemeng Lëtzebuerg e grouse Merci soen, dass se zesumme mam Stat sech direkt géeneegt huet, fir finanziell an och déi logistesche Hëllef ze ginn, fir dass mer mam Här Selinger, dee selwer e Judd ass, dee Victime war vun der Deportatioun, dat Denkmal och kënnen maachen.

Et ass och vum nationalen Dag vum Souvenir geschwat ginn. Jo, mir wëllen een Dag am Joer hunn, wou mer zesummen - all zesummen! -, an och virun allem an de Schoulen, erënneren, eis alleguerten erënneren, wat geschitt ass. A mir wëllen do och zesumme mam Educatiounsministère kucken, dass an de Schoulen och deen Dag iwwert déi Atrocitéiten, déi och hei am Land geschitt sinn, soll geschwat ginn. Et ass am Cursus vum Lycée, et kritt een dat eng Kéier mat, mä mir mengen, dass eemol am Joer een Dag op d'mannst een och kann eng Zäit huelen, fir doriwwe ze diskutéieren.

Ech sinn och ganz frou iwwert d'Zoustëmmung iwwert den Institut fir Zäitgeschicht, dee mer d'lescht Woch och mam Statssekretär Hansen presentéiert hunn, dee wichteg ass, well d'Geschicht, mir sinn ni fäerdeg mat eiser Geschicht, fir se selwer och ze studéieren.

An, Här President, ech well lech an Ärer Conférence des Présidents och Merci soen, well wéi mer de Rapport vum Här Artuso kritt hunn, woren e puer Méiglechkeeten do. A mir hu gemengt, dass en Débat de consultation déi richteg Fassong wier, fir hei kënnen iwwert déi Situatioun ze diskutéieren, an dass mir, Dir, zesummen an den Institutiounen, an Are Kommissiounen, hei am Plenum haut, a mir och op eiser Säit zu deeneselwechte Konklusiounen kommen. An ech muss lech soen, mir hätten net sollen de Feeler maachen, fir ze soen: „Mir sinn net fäerdeg, dowéinst wëlle mer keng Responsabilitéit unerkennen.“ Dat wier e falscht Zeeche gewiescht, fir eppes ze reportéieren, wou mer alleguerte wëssen, dass et eng Responsabilitéit och gëtt!

Jo, Här President, mir waren net all Helden. Dat ass eng vun de Wourechten, där mer haut mussen an d'A kucken, déi mer mussen akzeptéieren a virun där mir eis net kënnen, net sollen a guer net wëlle verstoppen. Mir waren net all Helden. Mä et goufen awer och vill Helden am Zweete Weltkrich. Et goufe Fraen a Männer, jonk Meedercher a Bouwen, déi sech an enger Aart a Weis engagéiert hunn, wéi mer et eis haut bal net méi kënnen virstellen.

Mir hunn all eng gemeinsam Vergaangenheet, mä vill Famillje vun deemools hunn hir eege Geschicht. Et ass d'Geschicht vun deene Famill-



jen, déi während de Krichsjore Leit bei sech um Späicher verstoppt hunn. Et ass d'Geschicht vu Mammen a Fraen, déi jorelaang net woussten, wou hir Bouwen a Männer dru waren, well se virun der Zwangsrekrutierung fortgelaf sinn. Et si Geschichte vu Resistenzler, déi queesch duerch d'Land mam Vëlo gefuer sinn, fir d'Flüchtlinge vun der Sauer an déi franséisch Grenz ze bréngen. Couragéiert Lëtzebuurger, déi Flugblieder gedréckt hunn, déi heemlech Fixspéin mat roudem Kapp an déi blo Tënt gepappt hunn, déi aus Mënze mat der Grande-Duchesse Spéngel gebastelt hunn, fir se als Zeeche vun der Resistenz ze verdeelen.

Et gëtt déi Biografie vu Jugendlechen, déi hiert Liewen op d'Spill gesat hunn, fir aneren d'Iwwerliewen ze erméiglechen. Déi Lëtzebuurger Populatioun huet sech géint den Nationalismus (veuillez lire: Nationalsozialismus) gewiert a fir d'Fräiheet engagéiert. Déi grouss Majoritéit vun de Lëtzebuurger, déi grouss Majoritéit vun de Leit am Land huet sech géint dee Regime ausgeschwat. Och d'Exilregierung huet sech op hir Manéier géint den Naziregime gestäipt a sech op d'Säit vun de Judde gestallt, déi net méi konnten zrëck an hir Heemecht goen.

De Fait awer, dass si zu Flüchtlingen hu misse ginn an net méi am Land wëllkomm waren, läit och an der Responsabilitéit vun der Exekutiv, vun deene Leit, déi deemools duerch eng Resolutioun vun der Chamber mat der Regierungsaarbecht chargéiert waren. De Fait och, dass iwwer 1.300 Judden, déi zu Lëtzebuerg gelieft hunn, du vun hei aus respektiv aus der Belsch oder aus Frankräich deportéiert goufen a praktesch alleguerten an Doudeslager ëmkommen sinn, ass eng Realitéit, där mer eis stellen.

Dat ass eng Realitéit, déi mer unhuelen a fir déi ech mech haut am Numm vun der Regierung och entschëllegen. Et ass eng Entschëllegung vun der Regierung vis-à-vis vun der jiddescher Communautéit zu Lëtzebuerg a vis-à-vis vun de Famillje vun deemools an haut.

Dës wichteg a richteg Excuse ass awer net de Schlusspunkt vun der Veraarbechtung, et gëtt nach vill där verstëbste Këschten, déi mussen opgemaach ginn. De Rôle vun den Institutiounen, also och dee vun der Chamber a vum Statsrot, muss och nach weider belicht ginn. An ech si frou, dass et fir déi Projeten och e breede Konsens hei am Haus gëtt.

Et geet net nëmme drëms, opzeschaffen, mä och opzklären, ze erklären an ze warnen. Et muss een d'Zeeche kennen, fir se matzäiten ze erkennen. An dat ass de Message, dee mir eis selwer an eise Kanner schëlleg sinn!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Statsminister.

Mir géifen dann elo zur Ofstëmmung iwwer eis Resolutioun iwwergoen, déi ënner anerem d'Entschëllegung vun der Chamber duerstellt. Ech géif lech froen: Maache mer dat dat Handophiewen oder maache mer dat elektro-nesch, fir en Zeechen ze setzen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Merci, mir géifen dann eng elektronesch Ofstëmmung virhuelen. D'Ofstëmmung huet ugefaangen. Fir d'Éischt d'Jo-Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Eis Resolutioun ass mat 60 Stëmmen uegoholl, mat Unanimitéit.

(Applaudissements)

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ech wollt der Chamber an der Regierung Merci soe fir déi wierdeg Diskussioun an d'Eestëmmegkeet, virun allem och fir déi gemeinsam Initiativ. Heimat huet elo d'Lëtzebuurger Regierung grad wéi och d'Lëtzebuurger Chamber sech bei eiser jiddescher Communautéit entschëllegt. Mir iwwerhuelen domat Verantwortung fir en donkelt, en dramatescht Kapitel aus eiser Geschicht, dat bis elo net genuch opgeschafft gi war an dat mer weider wëllen opschaffen, andeem mer eis déi noutwendeg Mëttelen dozou ginn.

Mir iwwerhuelen awer och Verantwortung a mir engagéieren eis, fir alles ze maachen, dass esou Gruelechkeeten net méi kënnen geschéien, fir d'Mënscherechter an eis Grondwäerter weider mat aller Kraaft ze verteidigen a géint all Form vun Antisemitismus, Rassismus, Haassverbrechen a Friemenhaass ze kämpfen.

Stellverriedend fir eis all vernäipen ech mech virun den Affer vun de Verbrieche an der Mënschheet während der Nazizäit an drécken den Iwwerliewenden an hire Familljen eisen déiwe Respekt aus.

Alleguer deenen, déi un deem richtungsweisende Geste vun haut bedeelegt waren, erlaben ech mer, e ganz häerzleche Merci ze soen, a géif elo d'Sëtzung fir e puer Minutten ënnerbrieche fir eng kleng Denkpaus, ier mer zu deem nächsten Débat iwwerginn.

Villmools Merci lech!

(M. le Président s'adresse au public présent dans les tribunes de la Chambre.)

Villmools Merci lech!

(La séance est suspendue à 16.25 heures.)

* * *

(La séance est reprise à 16.41 heures.)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Eis Sëtzung ass erëm op a mer géifen da mat eiselem Ordre du jour weiderfueren. Mir kommen un d'Débat iwwert d'Resultat vum Referendum vu virun zwee Deeg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Claude Wiseler fir d'CSV. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

7. Débat au sujet du résultat du référendum du 7 juin 2015

Débat

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President. Här President, des Debatt war ursprénglech vun der Majoritéit net fir haut geplangt an och net fir haut gewollt. Et ass eréischt, wéi d'Oppositioun insistéiert huet, dass des Debatt haut op den Ordre du jour komm ass. Des Debatt sollt net haut, mä iergendwou anescht sinn, d'nächst Woch.

(Interruption)

D'nächst Woch. An ech fannen et awer normal, dass wann d'Chamber e Sonnden e Referendum organiséiert huet, mer dann dënsches aus deem Referendum direkt Konklusiounen zéien. Et kann net sinn, dass dat anescht soll sinn. Och 2005 war den 12. Juli eng Debatt iwwert de Referendum, deen den 10. Juli stattfand huet.

D'CSV hat gemengt, dass et och besser wär, des Debatt ze trennen vun där Debatt iwwert de Rapport Artuso an de Rapport Artuso op d'nächst Woch ze verleeën, well mer et net normal fonnt hunn an net gutt fonnt hu fir d'Dignitéit haaptsächlech vum Rapport Artuso, dass sollten déi zwou Debatten an engem Dag stattfannen. Dat war net gewollt. Dat war net gewünscht. Dat huet missen, déi zwou Saachen, haut sinn, ech mengen, well et gewollt war, dass des Debatt iwwert de Referendum esou vill wéi méiglech sollt ënnergoen a mer direkt sollten op den normalen Ordre du jour iwwergoen.

Ech soen deene Leit, déi de leschte Sonndeg mat Nee gestëmmt hunn, Merci fir dee Choix, dee si geholl hunn. Ech mengen, et ass dee richteg Choix. Ech drécken och deene Leit, déi Jo gesot hunn, mä Respekt fir hir Argumenter aus. An och dat, wat mir proposéiert hunn, dass ass, an ech nennen et gären esou, en Nee vun der oppener Dier, wou mer och eng Rei vun hiren Argumenter kënnen erëmfannen.

Wa mer kucken, wat geschitt ass an deene leschte Wochen, an deene leschte Méint, a wann ech just d'Sonndagen analyséieren, an ech schwätzen hei elo vun der Proposition iwwert d'Ausländerwahlrecht, da gesinn ech, dass d'Evolutioun vu wéi d'Leit wollt stëmmen - virun dräi, véier Méint mat engem Nee 44% an engem Jo 48% - eropgaangen ass vu 44% op 78% Leit, déi mat Nee gestëmmt hunn.

Firwat ass dat esou?

An engem éischter Etapp an den Explikatiounen an an den Diskussiounen ass nämlech gesot a

gemaach ginn, wéi wann all déi Leit, déi wéilte mat Nee stëmmen, almoudesch, net modern, rechtslaaschteg, verstëbt, ouni Häerz wäeren. Esou ass d'Description gemaach ginn. Esou sinn déi Leit duergestallt ginn.

Vun deem Moment un, wou d'Diskussioun virun dräi, véier Méint ugefaangen huet, wéi mer hei de Referendum gestëmmt hunn, an Alternativen op den Dësch komm sinn, wéi d'Diskussioun kéint gefouert ginn, wéi konnt gesot ginn, dass och den Neen net eng Stëmm wär, déi Leit ouni Häerz géifen ausdrécken, mä dass och den Nee kéint Alternative bedeiten, aner Weeër bedeiten, ass lues a lues - an dat gesäit een an de Sonndagen - déi ganz Stëmmung ëmgeschloen an anescht ginn.

Et ass eis a villen Emissioun gesot ginn: CSV, Dir sidd isoléiert an der Diskussioun. Kuckt dach, all déi aner - aner Parteien, aner Jugendorganisatiounen, ech ka mech hei un d'Débat erënneren, inklusiv eis Jugendorganisatioun, Gewerkschaften, Sociétés civiles, sämtlech geschriwwen Press - sinn enger anerer Meinung. Dir sidd isoléiert.

Ech stelle fest, wat Isolatioun an deem Fall heescht: 80% vun de Leit stinn an deemselwechten isoléierten Eck hanner eis. An hanner aneren, hannert deenen Iddien, hannert den Iddie vum Neen. An ech zéien deen och net - ech soen dat och nach eng Kéier - parteipolitesch op eis.

Et ass eis vill kritiséiert ginn an där Campagne, déi mer gemaach hunn. De Statsminister huet sech schockéiert gewisen iwwert déi Campagne, déi mer gemaach hunn, an en huet gesot, mir géife mat där Campagne Angscht wëlle suscitieren. Mir hunn oft explizéiert, dass mer an där Campagne hei net wollte Jo an Neen als Partei soen, well mer eis wollten argumentéiert weisen, well mer wollten informieren, well mer wollten de Leit soen, firwat mer Nee soen.

Mir hunn net mat der Angscht gespilt. An ech war schockéiert iwwert d'Aart a Weis, wéi probéiert ginn ass, dass dobaussen ze maachen, well ech soen lech, hätt ech wëllen, hätt mir wëlle mat der Angscht spillen, hätt mer ganz aner Argumenter opbruecht. Argumenter, déi mer oft an de Versammlung gehéiert hunn. Argumenter, déi eis nogeluecht gi sinn. Mir hu vun deenen Argumenter, déi mer hätte kënnen bréngen, keng bruecht. Mir hu probéiert, eng Campagne ze maachen, déi a sech net polemisch war, déi argumentativ war an déi propper war.

Ech hätt kënnen äntwerten op alles dat, wat ech an den Zeitung gelies hunn. Ech hätt kënnen äntwerten op alles dat, wat gesot ginn ass. Mir hu probéiert, déi ganzen Zäit eng uerdentlech an eng argumentativ Campagne ze maachen.

Des Regierung huet dese Referendum gewollt. Mir hunn, wéi déi Iddi opkomm ass, kloer gesot, dass mer dat keng gutt Iddi géife fannen, dass mer léiwer en anere Wee hätten, fir déi heiten Diskussioun ze féieren. Des Majoritéit huet d'Froen erausgesicht a se huet d'Fro formuléiert. Wéi déi Froen do waren, hu mer kloer an däitlech gesot: „Passt op, wat Der maacht, well Dir gitt mat där heiter Diskussioun sämtleche Populisten, Xenophoben a Rassisten, déi et wëllen, um gëllene Plateau eng Diskussioun zerwéieren! Dir spalt hei an der Gesellschaft.“

Dir wollt d'Leit vum Jo iwwerzeegen, well Der wollt, an dat soen ech kloer an däitlech, an Äre politeschen Iwwerleeungen, an Dir hutt et och geholl, well Der wollt d'CSV an den Eck drécken an ëmgoen. Duerfir hutt Der dese Referendum gemaach.

De Premier huet gesot, hie géif de Leit wëllen e Spigel virun d'Gesicht halen. D'Leit hunn an engem unerwaart preziser an däitlecher Äntwert mat engem extrem héijen Neen dem Premier de Spigel selwer virun d'Äe gehalen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - An elo stinn dese Premier an des Majoritéit virun engem Koup vu Schierbelen! An ech soen lech, ech sinn net frou doriwwer. Ech si wierklech net frou doriwwer. Well wat hu mer hei déclenchéiert? A wat fir enger Situatioun si mer haut? Hei ass eng Diskussioun déclenchéiert ginn, déi schlecht fir d'Land war! Et ass vill Sträit déclenchéiert ginn, vill onnéideg Reiwereien am Land. Vill Spannunge sinn hei déclenchéiert ginn. Heimat ass d'Land gespalte ginn. A wann Der d'Sonndag kuckt, soen d'Leit genau datselwecht a spiere se genau datselwecht.

An ech soen lech haaptsächlech eppes anescht, wat mech wierklech och perséinlech blesséiert: Hei ass net nëmme d'Land gespalte ginn, mä hei sinn och Spannunge tëschent de Communautéiten, tëschent Lëtzebuurger an Netlëtzebuurger ervirgeruff ginn, Suspiciounen, Reprochen. An ech kennen déi Communautéiten an ech weess, wat se denken a wat se fillen. Dat war schlecht, onnéideg. Onnéideg!

A fir déi Leit, déi soen, dass wär net wouer: Kuckt eng Kéier, wann Der et liest, wat an den

Zeitunge vu verschiddene Communautéite steet! D'lescht Woch, déi lescht, déi erauskomm ass: De Referendum «provoque des tensions entre Luxembourgeois et étrangers». Säfte gi beschriwwen domadder. Et gëtt esou gespuert. Dat hätte mer an deem Land net néideg,...

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...fir dat esou ze maachen. Net néideg! Dir hutt dem Land am Ausland geschuet. Ech ginn dovunner aus, dass eis Ambassade mussen Explikatiounen ginn iwwert dat, wat elo geschitt ass.

(Interruption)

Da kuckt och, wat an der auslännescher Press ass! Kuckt emol, wat do gesot gëtt! Dir hutt, Här Premier, Ärer Kredibilitéit am Ausland geschuet. An Dir hutt, Här Premier, Ärer Kredibilitéit haaptsächlech hei am Inland geschuet, hei zu Lëtzebuerg! Dir sidd, duerch déi Äntwerten, déi Der hei krut, geschwächt ginn an der Politik!

An ech froe mech, an deenen nächste Wochen, an deenen nächste Méint, wéi Dir déi Politik, déi Reformen, déi ustinn, déi mussen fir eist Land gemaach ginn, wéi Der nach déi Kredibilitéit an déi Autoritéit kënnst hunn, fir an deenen nächste Wochen déi do Reformen duerchzesetzen. Ech froe mech dat! An eist Land, an deenen nächste Méint, brauch Reformen. An dat gëtt, soen ech lech, eng verlueren Zäit, déi mer an deenen nächste Méint a Joren hei an deem Land wäerten erliewen.

(Interruption)

Dir hutt gesot, dass hei, dass wär eng flott Diskussioun gewiescht, dee Referendum. Et géif elo jiddeween iwwer Politik schwätzen, doheem a wou och ëmmer. Ech soen lech: Dat hei war fir mech keng flott Diskussioun! Well ech soen lech, ech sinn op deene verschiddendste Plazen ugerempelt ginn, an eis Kollegen och, op där enger Säit als Rassist, Xenophob wéinst Iddien an op där anerer Säit, well mer gesot kréien: „Dir gitt vill ze vill wäit mat Äre Propositionen“, op net ëmmer ganz gutt Aart a Weisen. Do hätt ech gär kënnen drop verzichten, a mir alleguer, op déi Saachen do verzichten.

Dir krut d'ailleurs och eng Rei - Dir hutt et selwer geschriwwen, duerfir kann ech et soen - Drohung gemaach. Mir hunn an deem Land d'Naissance vun enger rietsextremer Partei gesinn an der leschter Zäit. Dat ass alles net gewollt. Ech weess och net, wat doraus gëtt, mä et ass awer an deenen dote Woche geschitt, an engem Klima, deen net gutt ass. Do kann ech nëmme bravo soe fir dat do. Bravo fir dat do! Dee Klima hätte mer an deem Land net gebraucht! Mir haten et net a mir hätten et net gebraucht!

Dir hutt hei Grief opgemaach!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir hutt hei Grief opgemaach. An elo sot Der, et wär näischt geschitt! Elo sot Der, et wär näischt geschitt!

Mir haten hei kee flotte Referendum! Mir haten hei keng flott Diskussioun! Mir haten en onnéidege Referendum! Mir hu Schued an der Gesellschaft a mir hu Schued tëschent de Communautéiten. An Dir sot einfach: „Dat war elo flott, elo gi mer a l'ordre du jour.“ Esou mécht ee keng Politik!

Dir hutt eis gesot a gefrot virum Referendum, wann et e Jo gëtt, mir sollten eis ouni Diskussioun ëm 180 Grad dréien, dat, wat mer säit Jore soen, dat, wat mer an eis Programmer schreiwen, dat, wat mer eise Wieler versprach hunn, einfach ëmdréien a soen: Dat ass elo anescht.

Elo ass Nee gesot ginn. A wat sot Dir? „On passe à l'ordre du jour.“ „Nächste Sujet.“ „Dat war et.“ Dat ass keng Aart a Weis, fir Politik ze maachen!

Dat ass, dass wat ech elo beschriwwen hunn, de Spigel, deen d'Lëtzebuurger lech gewisen hunn. An ech soen lech ganz kloer: Dir sidd responsabel fir dat dote Bild. Ech froen lech - an ech hunn lech dat scho gesot - guer näischt. Ech hunn net virum Referendum gefrot, de Premier soll säi Posten, seng Zukunft domadder op d'Spill setzen. Ech hunn dat net gefrot an ech froen et och elo net. Ech soen lech just: Virum deem Bild do, virum deem Koup Schierbelen, deen Der hei provozéiert hutt, virum deem Koup Schierbelen, deen Der gemaach hutt, sollt Dir Är Konklusiounen zéien a musst Dir responsabel sinn an Är Responsabilitéit huelen.



Et ass nach ni eng Regierung ginn, déi esou an engem Referendum désavouéiert ginn ass wéi Dir. Nach ni ass et esou eng Regierung ginn! Et ass nach ni eng Regierung ginn, déi esou wéineg Gespier hat fir d'Gefill vun deem, wat d'Leit dobaussen denken! An ech soen lech, wann ech an Ärer Plaz wär bei dem Referendum, wou 80% vun de Leit mat Nee gestëmmt hunn...

An d'Diskussioun: Hu se elo iwwert d'Iddien ofgestëmmt an iwwert d'Froen, déi gestallt goufen, oder hu se ofgestëmmt iwwert d'Regierung an d'Kontinuitéit vun der Regierung?, ass mer am Fong egal! Et wäert dat eent sinn an et wäert och e wéineg dat anert sinn. Wéi och ëmmer, d'Zuele fanne mer ni eraus. Et ass mer egal.

Ech soe just ganz kloer, datt ech mengen, datt e Premier... A wann ech Premier wär a wann ech an Ärer Plaz wär, Här Bettel, mat 80% ofgestrooft gi vun der Bevëlkerung, da wéisst ech, wat ech gemaach hätt, da wéisst ech, wat ech ze maachen hätt! Well déi Responsabilitéit opzehuelen, mat deem do Resultat nach wëlle weider an deenen nächste Méint Politik ze maachen, do, wou mer Décisiounen brauchen, ech mengen, dat gëtt extrem schwéier fir lech. An ech hätt dat Gefill, fir meng Responsabilitéit bei esou engem Resultat ganz kloer ze huelen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wéi geet et elo weider? Ech soen, datt duerch deen heite Referendum déi Problemer, déi mer hunn, a mir hunn der eng Rei, an et stelle sech eng Rei Froen, datt déi Problemer sécher net geléist sinn. Déi Problemer sinn net geléist. Ech soen lech just, datt se mat deem Resultat a mat där Diskussioun, déi mer elo haten, vill méi schwéier ze léise wäerte sinn an deenen nächste Wochen a Méint, vill méi schwéier, well mer e Klima geschaf hunn, wat net gutt ass fir d'Léisungsfinding! An duerfir sidd Der responsabel!

Dat Eenzegt, wat geschitt ass, dat ass, datt d'Äntwerte vun der Majoritéit kloer an däitlech refuséiert gi sinn an datt et elo wesentlech méi schwéier ass, Problemer ze léisen an aner Léisungen ëmzesetzen.

Op déi éischt Fro vun dem 16-Joer-Wahlrecht a vum Interessi vun de Jugendlechen un der Politik sinn eng Rei aner Propositione gemaach ginn. Ech mengen, do muss dru geschaff ginn. Mir hunn d'Méiglechkeet, an de Schoule méi iwwer Politik ze schwätzen. Mir solle kucken, datt mer déi Méiglechkeeten ëmgesat kréien an deenen nächste Wochen a Méint.

Mir sollen en deene Programmer schaffen. Mir sollen eis Iddie ginn, fir eis Jugendlech méi un d'Politik erunzezéien. Mir sollen och an de Gemenge kucken, datt mer déi Efforte maachen, déi obligatoresch Kommissiounen, d'Gemeingeréit, d'Parlament. Large Consultatiounen mam Syvicol mussen do gefouert ginn. Eng grouss Aarbecht steet bevir, déi muss gemaach ginn. Et gëtt Weeër, fir et ze maachen.

Wat d'Ministeschmandater ueget, do soen ech ganz kloer fir meng Partei, datt mir net wëllen an där nächster Zäit verzichten op d'Experienz vu Politiker, déi wëssen, wéi et geet, déi wëssen, wéi politesch Dossiere virunzebréngen sinn, an datt et schued wär, dorop ze verzichten, an datt mer net wëllen hunn, op déi do Iddi op iergendeng Aart a Weis anzegoen.

Wann Dir dat awer wëllt maachen, da waarde mir drop, fir ze kucken, wat Dir elo an Ären eegene Parteiemaacht, wat fir eng Konsequenzen Dir elo draus zitt. Well et ass net, well d'Leit lech Nee gesot hunn, dat net obligatoresch an d'Gesetz anzeféieren. Wann Der lech selwer seriö huet, da misst Der Äre eegene Konsequenzen draus zéien. Mir waarden drop, fir einfach ze wëssen, wéi seriö Der selwer Äre eegen Iddie fannt a wéi seriö Der lech selwer huet, wat an deenen nächste Wochen an an deenen nächste Méint bei lech an de Partei mat Ären Décisiounen geschitt. Da kucke mer, wéi seriö Der sidd!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wat deen leschte Punkt ueget, deen iwwert d'Ausländerwahlrecht, leien eng Rei Alternativen um Dësch. Mir mengen, datt d'Kommissioun soll esou schnell wéi méiglech doriwwer elo schwätzen. A mir mengen, datt een och bei der auslännescher Communautéit muss kloer an däitlech soen, wat een elo mécht an datt een net stoe bleift.

Ech soen lech just - an dat huet mech och rose gemaach -, ech sinn elo gefrot gi vu Journalisten a vun anere Leit: Dir hutt eng Proposition-

de-loi op den Dësch geluecht, elo hutt Der jo „gewonnen“ - ënner Gänseféischer, et sinn net meng Termen -, zitt Der déi dann elo zréck oder stitt Der nach ëmmer hannendrun?

Da soen ech lech: Firwat haalt Der mech? Firwat halen déi Leit eis? Mir hunn eng Proposition gemaach, well mer un e Wee gleewe vu Participatioun vun Netlëtzebuurger a well mer mengen, datt mer all Efforte musse maachen, fir d'Netlëtzebuurger an eis Gesellschaft eranzekréien, datt mer all Efforte musse maachen an deem Land fir dat gemeinsam Liewen, wat mer an deene leschten 30, 40 Joer gutt matenee gefouert hunn.

Ech weess och, datt Problemer do waren. Mä wann ech kucken, wat am Ausland alt lass ass, da soen ech, datt mer zu Lëtzebuerg gemeinsam hei gutt gelieft hunn! An ech fannen, datt dese Referendum eis duerfir Problemer a Froe stellt. Ech fannen, datt mer mussen alles maachen, fir dat gemeinsam Liewen an deenen nächste Wochen, an deenen nächste Méint, an deenen nächste Joren erëm esou ze garantéieren, datt mer gemeinsam déi Zukunft kënnen assureieren, gemeinsam eis Land opbauen, gemeinsam eis Zukunft opbauen, well ech dat wesentlech fannen, datt mer et maachen.

An ech hoffen, an engem erschwéierte Klima, datt mer dat fäerdegbréngen, fir dat ze maachen. Ech hoffen, datt mer dat fäerdegbréngen, fir dat gemeinsam ze maachen. Op jidde Fall soen ech lech, am Numm vu menger Partei, datt mir bereet sinn a selbstverständlech wëllen op déi Gemeinschaften zuzoen, selbstverständlech Diskussiounen féieren, selbstverständlech eist dozou bäidroen, fir déi Kohäsion an eiser Gesellschaft, déi Kohärenz an eiser Gesellschaft, déi Zukunft vun eiser Gesellschaft och esou gutt wéi méiglech ze garantéieren.

Ech wëll ofschléissend, well ech net méi wëll iwwert dese Sujet soen, well ech net méi laang driwwer schwätze wëll, dem Premier nach eng Kéier soen, datt hien un deem Referendum hei eng grouss Responsabilitéit huet, eng ganz grouss Responsabilitéit! An hie muss mat där Responsabilitéit eens ginn. Dese Referendum huet eisem Land net gutt godoen. Dese Referendum huet d'Klima an eisem Land wesentlech méi schwéier gemaach. Domat muss de Premier, domat muss des Regierung liewen. An domat muss hie wëssen, wat fir eng Konsequenzen hien dorauer wëllt zéien. Wann ech et wär, wéisst ech genau, wat ech ze maachen hätt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Wiseler. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut als Chamber zesummen, fir eng éischt Reaktioun ze ginn op d'Resultater vun dem Referendum, eng éischt Analys ze maache vun deene Resultater. Dat ass normal. Mir hätte virgezunn, et hätt ee virdrun eenzel Froen nach kënnen an der Constitutionskommissioun vu muer trennen, erklären.

Mä et bleift, dass et wichteg ass, dass mer haut zesumme schwätzen, well schliisslech ass e Referendum näischt Aldeeglech. De Referendum, et ass dee véierten, dee mer an eiser Geschicht, an der Geschicht vun eisem Land duergedouert hunn. An duerfir, mengen ech, soll een an aller Rou, an aller Sachlechkeet an och an aller Bescheidenheet vun alle Säiten un d'Interpretatioun vun deem Text eruegen.

D'Resultater sinn onmëssverständlech. Den Neen huet sech imposéiert bei deenen dräi Froen. En huet dat gemaach an alle Gemengen, an alle Géigende vun Land, an allen Alterskategorien, an alle Sozialkategorien. Do gëtt et näischt drun ze deiten! Et ass kloer, dee Message do ass kloer och fir eis Partei, mä ech soen awer och, dass den Nee wéi de Jo kengem gehéiert: kenger Partei, kenger Associatioun, kengem Mënsch. Et ass och net de Jo vun enger Élite an den Nee vun der Mëtt vun der Gesellschaft. Et sinn alles Bierger...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Et sinn alles Bierger...

(**Brouhaha**)

► **Une voix.** - Op eemol!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Neen! Et sinn alles Bierger, déi gläich zielen, deenen hire Bulletin gläich zielt an déi fir eis allequerten hei gläich zielen. Béid Lagere si Lëtzebuurger Bierger.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dëst Resultat gehéiert eigentlech nëmmen engem: Dëst Resultat gehéiert de Lëtzebuurger, déi sech aus-

gesprach hunn iwwer Referendum, déi d'Geleeënheet gebuede kritt hunn, wat rar ass hei zu Lëtzebuerg, an eisen Aen ze rar, fir direkt hir Meenung kënnen zu enger politescher Fro ze äusseren. Mir respektéieren d'Expressioun vun der Souveränitéit vum Vollek, an déi Expressioun, déi huet sech souwuel am Jo wéi am Neen ausgedréckt. Sou soll d'Approche sinn zu deem dote Referendum!

Ech deelen awer guer net déi apokalyptesch Visioun, déi den CSV-Spieder elo hei gemaach huet vun Zoustand vun Land, wou e mengt, et wär praktesch biergerkrichsähnlech Zoustand elo an deene leschten Deeg hei zu Lëtzebuerg entstanden. Bon, ech kommen nëmme vun Diddeleng. Ech weess net, wéi et op anere Plazen ass.

Ech kann lech soen, an ech war effektiv de Sonndeg selwer nach ënnert de Leit, ier ech hei an d'Stad komm sinn, an ech ka soen, ech hunn näischt vun deene Spannunge festgestallt. Ech hunn op jidde Fall net festgestallt, dass duerch de Referendum, duerch de Fait, dass d'Leit konnten hir Meenung ausdrécken, plötzlech hei an deem Land vun haut op muer Spannungen entstane wäeren! Wa Rëss an deser Gesellschaft sinn, da si se do. Da musse mer dat erkennen. Da musse mer och vläicht net ëmmer d'Aen zoumaachen an den Deckel op alles...

(**Interruptions diverses**)

...setzen, wat kann eigentlech esou divergent an enger Gesellschaft sech ausdrécken.

► **Une voix.** - Genau!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wa Rëss do sinn, da waren déi Rëss do virum Referendum an da musse mer gemeinsam probéieren, déi sozial Kohäsion vun deser Gesellschaft ze stäerken. Dat ass immens wichteg...

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir wäert nach an deenen nächste Méint gesinn,...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...fir d'Zukunft.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir wäert dat nach an deenen nächste Méint gesinn, wat fir Reaktiounen kommen! Ech soen lech et!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat ass immens wichteg fir d'Zukunft vun deem Land.

Loosse mer also näischt hei erbäieren, eropbeschwiieren, wat et an där doter Form net hei zu Lëtzebuerg gëtt! A loosse mer effektiv kucken, déi Rëss, déi sécherlech an der Fassad vun eiser Gesellschaft sinn, och wat dat Zesummeliewe vun den eenzelne Gemeinschaften hei am Land betrëfft, loosse mer probéieren, déi gemeinsam zouzemaache mat deenen direkt Concernéierten. Esou ass, mengen ech, déi Äntwert, déi een op déi dote Fro muss ginn. An net, wou se hei eigentlech Gespenster eropbeschwiieren, déi esou net sinn!

Mir mussen also probéieren, Grief zouzemaachen. Mir mussen awer och, mengen ech, dat ass wichteg, do ginn ech dem Fernand Fehlen recht a senger Argumentatioun, dass ee festgestallt huet bei dese Wahlen - dat gëllt fir all déi, déi an där Diskussioun mat dra waren -, wat sécherlech muncherengem gefeelt huet, dat ass d'Empathie, d'Empathie fir deen aneren, sech an d'Roll, sech an de Kapp vun deem aneren eranzesetzen, ze probéieren, vu senger Siicht seng Argumenter ze verstoen. Ech mengen, dat ass immens wichteg och fir zukünfteg Diskussiounen, déi mer hei am Land féieren.

A mir däreffe jo och Diskussiounen, déi kontraktorech sinn, net aus dem Wee goen. Dat hu mer vläicht ze laang hei zu Lëtzebuerg gemaach, dass mer ëmmer versicht hunn hei, vun engem Kompromëss op deen aneren ze kommen an ze soen: lergendwéi wäerte mer schon eens ginn. Et ginn heiansdo Momenter, wou ee muss de Leit och d'Méiglechkeet ginn, hir Meenung voll ze äusseren, och wann dat dann op eng aner Meenung opsteisst, déi an eng aner Richtung geet. Dat ass awer, mengen ech, de Bestand vun der demokratescher Diskussioun. A mir däreffe dat net fäerten, och verschide Froen op deem dote Wee unzegoen.

De Wieler huet op dräi Froen geäntwert, an op soss näischt! Ech zielen hei, kann zitieren, ech kéint zitieren den Här Wiseler, ech kéint den Här Spautz zitieren, ech kéint den Här Gibéryen zitieren, an hire leschten Interventiounen an deene leschte Wochen, an effentleche Medienoptrëtter, wou ganz kloer gesot ginn ass - den Här Gibéryen huet dat gemaach: „Bei deem Referendum wäert net ofgestëmmt ginn iwwer Persounen, et wäert net ofgestëmmt ginn iwwer Parteien. Et gëtt nëmmen ofgestëmmt iwwer dräi Froen.“

Abee, ech mengen, et kann een d'Spillregeln net änneren, nodeem d'Spill eriwuer ass! Hei sinn am Virfeld ganz kloer Spillregele festgeluecht ginn. Des Regierung, des Majoritéit huet

ëmmer gesot: „Dat si fir eis dräi Sachfroen, déi ze trancheieren sinn, well mer eis net eens sinn op deenen dote Punkten, wat d'Formulatiounen vun deene Kapitelen an engem neie Verfassungstext ueget. Mir hätten déi Saach gär trancheiert, op der Saach hätte mer gären déi dote Froen trancheiert.“ Dat huet de Wieler gemaach, an aller Däitlechkeet, méi däitlech, wéi ech mer et hätt kënnen virstellen! Mä dat mécht et ëmsou méi einfach, mengen ech, fir direkt Konklusiounen dorauer ze zéien.

De Wieler huet sech géint d'Iddi vun engem Erofsetze vum Wahlalter op 16 Joer fir sämtlech Wahlen ausgeschwat. Et ass kloer, dass an enger neier Verfassung de Wahlalter wäert bei 18 Joer stoe bleiwen, wat déi eenzel Wahlen ueget. An et bleift also deen Text, wéi en haut an der bestehender Verfassung ass, dee wäert och an déi nei Verfassung erakommen.

De Wieler huet sech géint dat aktivt Awunnerwahlrecht ënner gewësse Konditiounen ausgeschwat bei den Nationalwahlen. Et ass also selbstverständlech, dass d'Konditioun vum aktive Wahlrecht bei Chamberwahle wäert gebonne bleiwen un d'Nationalitéit, wéi d'Leit et gären hätten. Och do bleift et beim aktuelle Verfassungstext an där neier Verfassung.

De Wieler huet Nee gesot zu enger zäitlicher Begrenzung vun de Ministeschmandater. De Wieler wëllt dat doten net. Also wäerte mer et net als Regel feststellen. Och d'Parteien hu sécherlech deen dote Message mat op de Wee kritt, wat de Wieler wëllt an där doter Fro. Si mussen also och hir Positiounen kritesch hannerfroen.

Ech perséinlech géif menger Partei de Rot ginn, an hirem nächste Wahlprogramm déi dote Punkten net méi virzegesinn. Déi sinn net majoritéitsfäeg hei zu Lëtzebuerg! Et sollt een och do Respekt weise virun där klorer Ausso, déi de Wieler an deenen dote Punkte gemaach huet. Et geet hei ëm de Respekt och vun der Demokratie an de Respekt och vun eiser eegener Initiative, déi mer geholl hunn, fir zu deenen dote Froen d'Meenung vun de Lëtzebuurger anzehuelen. Do ass also keen Interpretatiounsspillraum dran, wat d'Ausso vun der grousser Majoritéit vun de Leit ass.

Wat stécht hannert deem Neen? Ech deelen do éischer d'Usiicht vun Claude Wiseler, dass dat müsseg ass nozesichen. Dat kéint ee jo nëmmen opgrond vu Sondagë maachen. Där leien der jo och vir, wat alles hannert deem Nee stécht. Mä den Nee wéi de Jo ass wahrscheinlech eng Additioun vu verschiddenen Iwwerleeungen, déi zu deem doten Ausdrock gefouert hunn.

Ech bleiwen awer der Meenung, dass alles, wat ee kann erandeiten, net dovunner soll ofleken, dass d'Leit sech effektiv zu dräi Froen ausgeschwat hunn an hirer grousser Majoritéit. An et ass och dat, wat een haut muss da respektéieren an ëmsetzen.

(**Interruption**)

Pardon? Wëllt een eng Tëschefro stellen?

(**Interruption**)

Wann Der awer wollt eng Iwwerleeung hei erabréngen, da kënnt Der dat maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Bodry, loosst lech net ofleken! Den Här Bodry huet d'Wuert a soss keen. Fuert weider, wann ech gelift, Här Bodry!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech soen och ganz kloer, dass deen dräifachen Neen, och an där Däitlechkeet, fir eis Partei enttäuschend ass a sécherlech och e Réckschlag ass. Eng politesch Nidderlag, dat soll ee ganz kloer soen. Mir waren - ech och perséinlech - um Ursprung vun där Iddi, déi dote Froe per Referendum eigentlech de Leit virzeleien. Dat hu mer net gemaach, wéi ech nach eng Kéier soen, fir d'CSV widdert d'Wand ze drécken. Ech weess, dass d'CSV net midd gëtt, an esou enger Afferroll sech hei weider ze bewegen,...

(**Exclamations**)

...zënter dass se net méi an der Regierung sinn. Mä dat hu mer gemaach, an och den Här Spautz...

(**Protestations**)

Dat hu mer gemaach, an och den Här Spautz huet dat an enger Emissioun gesot, dat waren dräi Froen, op deene mer eis net eens waren! Dat waren dräi Froen, op deene mer eis net eens waren.

► **Une voix.** - ..., da lauschtert no, wann ech gelift!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech wëll net hei an den Detail goen, mä mir haten eng Kéier eng Eenegung. Mir haten eng Eenegung! An déi stoung nach bis Juni 2013, ier d'Chamber, jo, eigentlech opgeléist ginn ass, awer net opgrond vun der Demission vun deemolege Premier.



A wann den Här Wiseler hei gesot huet, hie wär direkt do, an den Här Spautz huet an der Pressekonzferenz gesot, engem CSV-Mann bräicht een dat net ze soen, si wéissten, dass se direkt géifen demissionéieren... En huet den Här Bech beméit, 1937, allerdéngs net ervirgehuewen, dass gläichzäiteg '37 Wahlen waren an zwee Bezirker, an doduerjer, dass d'Aarbechterpartei deemools grouse Vainqueur vun deene Wahlen war, och do eng nei Konstellatioun sech an der Regierung sollt maachen. Et hat also net nëmmen eppes mam Referendum ze di sengerzäit.

Mä mir haten 2013 och d'Situatioun, wou hei eng kloer Situatioun war am Parlament a wou awer u sech den deemolege Premier net dohinergaangen ass an en huet demissionéiert. En huet zwar derfir gesuergt, dass Neiwahlen organiséiert gi sinn. Mä d'Demission ass net den éischte Schratt, deen och en CSV-Premier onbedéngt mécht, wann e virun enger Situatioun steet, dass en net méi d'Vetrauen, genügend Vertrauen hei am Parlament huet. Dat wëll ech einfach nëmme soe fir all déi Duerstellungen, mir hätten dat eent, an déi aner, déi hu jo kee Courage.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- 80%, Här Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et soll een ëmmer probéieren, objektiv ze bleiwen, wann een esou Duerstellung mécht.

(Interruption)

De Referendum, dat wëll ech allerdéngs soen, an ech hoffen, dass dat och esou gesi gëtt vun all Mënsch... Ech weess, ëmmer wann e Referendum mat Neen ausgeet, dat heescht also, dass d'Auteurs vum Referendum am Fong net recht kritt hunn - well déi maache jo meeschtens net e Referendum, fir herno Nee gesot ze kréien -, dass dat riskéiert, de Referendum selwer a Fro ze stellen. Wéi 1937 eng Regierung vun enger Majoritéit deemools mat der Iddi vum Referendum schlussendlech Nee gesot kritt huet vun de Leit, huet et immens laang gedauert, bis 2005, bis erëm eng Kéier e Referendum hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. An ech hoffen, well ech awer un dat Instrument, net nom Schwäizer Modell, mä awer un e Lëtzebuerg Instrument an eng Lëtzebuerg Rhythmik vu Referende gleewen, dass duerch déi Erfahrung hei net d'Konklusioun gezu gëtt, de Referendum wär eppes, wat mer net méi sollten hei zu Lëtzebuerg duerchféieren.

Mir hu jo ee selwer virgesinn iwwer en neie Verfassungstext, ech kommen herno nach eng Kéier kuerz dorobber ze schwätzen. Mä et ass awer fir mech wichteg, dass och an enger repräsentativer Demokratie, e System, wou mer selbstverständlech wëllen drableiwen, dass och dat kann ugeräichert gi vun Zäit zu Zäit duerch direkt Volleksbefroungen zu eenzelne Punkten. An ech mengen, och dee relativen Échec mam Resultat soll een net dozou notzen, fir d'Instrument vum Referendum selwer a Fro ze stellen.

Ech mengen, dass dat vun de Leit akzeptéiert ass. Dat schéngt jo och d'Sondagen ze weisen, dat gesäit een och bei där Wahlbedeelegung, déi vergläichbar ass zur Wahlbedeelegung bei politesche Wahlen. Et gesäit een, dass mer souguer vill manner wäiss Stëmmezedele gehat hunn. Mir hu vill manner ongültig Stëmme gehat, wéi mer dat normalerweise bei nationale Wahlen hunn. Also insgesamt hunn eigentlech méi Leit gültig ofginn, hir Meenung geäussert, wéi dat bei Chamberwahlen an der Regel de Fall ass. Et gesäit een also, dass d'Instrument u sech akzeptéiert ass, dass d'Leit wëlle mat gehéiert ginn, dass se och wëllen hir Meenungen äusseren.

Dat sollte mer, mengen ech, och am Hannerkapp behale fir d'Zukunft. Mir sollten dat Instrument also vun der Volleksbefroung net fale loossen. A mir sollen eigentlech och, mengen ech, bei deem bleiwen, wat mer elo am Verfassungsentwurf jo och virgesinn hunn, dass de Referendum souguer soll compléiert ginn duerch e System vu Volleksinitiativ. Déi Verfassungsgrundlag wëlle mer jo gemeinsam schafen. An ech hoffen, dass déi Erfahrung hei eis och weider bestärkt, an där Iddi do vu méi direkter Bedeelegung vun de Wieler virunzegoen.

Déi dräi Verfassungsfroe si gekläert. Ech hu gesot, dass déi eent zu eent wäerten ëmgest ginn. Mir hunn dat gesot virum Referendum a mir soe genau datselwech och nom Referendum. D'Themen awer, d'Theme bleiwen. D'Thema vum Zesummeliewen zu Lëtzebuerg, vum mateneen Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg, vun der Bedeelegung vun alle Bierger um gesellschaftlechen an um politesche Liewen, dat bleift eng Erausforderung fir eis all! Net nëmme fir déi, déi momentan an der Majoritéit sinn, mä dat bleift eng Erausforderung fir eis all, well mer do eigentlech op de Kärberäich komme vun der Entwécklung vun eisem Land an och vun der Zukunft vu Lëtzebuerg.

Gradesou wéi de Schantjen, fir derfir ze suergen, dass jonk Leit sech fréi, vläicht méi fréi wéi elo, fir Politik interesséieren, fir d'öffentlech Saach interesséieren, matagebonne mussen ginn a lokal an national Matbestëmmungsmodeller, projektbezunne Matbestëmmungsmodeller, extra och op jonk Leit ausgerichtet. Well mir brauche ganz einfach fir d'Land aktiv, kritesch jonk Bierger, jonk Leit, déi bereet sinn, fréi och scho Responsabilitéit ze iwwerhuelen! An da mussen mer se och matschwätzen an och matdécidéiere loossen. Da mussen mer hinnen also och mat nolauschten, wéi mer anere Leit och nolauschten.

An duerfir soll d'Regierung dat maachen, wat an hirem Regierungsprogramm steet. Si brauch do näischt ze erfannen! Si soll déi national Zentral fir politesch Bildung an d'Liewe ruffen. Si soll - an do si mer amgang, jo och mat der Chamber selwer an der Regierung an allen Akteuren ze kucken - flott Coursé vu Bürgerkunde, vun Instruction civique an deenen eenzelne Schoultypen aféieren. Si soll also och do mathëlfen, d'Schoul erëm méi opzemaachen eigentlech fir Politik, net fir Parteipolitik, mä fir Politik am nobele Sënn vum Wuert, nieft enger Partnerschaft Gemengen a Stat a Jugendverbänn, déi mer brauchen, fir do och konkret virunzekomme. Ech mengen, dass op deem Thema kann a muss weider geschafft ginn.

Mir brauche sécherlech och en Aktionsplang, wat d'Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg ueget, d'Integratiounspolitik, déi soll weiderentwéckelt ginn, weider kritesch gekuckt ginn: Wou sinn nach Failen an deem ganze System, wat kënne mer do nach verbessern, wat den Accueil vun deenen neie Leit hei zu Lëtzebuerg ueget? Wéi kënne mer aus enger, mengen ech, friddlecher Koexistenz, déi téschent de Communautéiten hei zu Lëtzebuerg besteet, a wierklech e Matenee kommen, an e multikulturellen Austausch eigentlech, interkulturellen Austausch kréien téschent deenen eenzelne Communautéiten?

Do ginn et flott Projeten um Terrain. Zu Diddeleng hu mer während fënnf Joer e Projet fir zwee Quartieren hei entwéckelt mat engem héijen Undeel vun Netlëtzebuerg, wou dorunner konkret geschafft gëtt, wou mer och déi néideg Moyenen a Personal zur Verfügung stellen, dass deen interkulturellen Dialog an deenen dote Quartiere gräift. An dat huet zu flotten Initiative gefouert, zu engem vill bessere Versteesdemech vun deenen engen an deenen anere gefouert. An dat ass, mengen ech, e Wee, wou een och mat ville kleng Projeten um Terrain ka virukommen.

Ech gleewen do net un déi grouss Léisung, mä vill kleng Projeten um Terrain vu konkreter Zesummenaarbecht brauche mer, wou jiddweree sech muss op deen aneren zoubewegen. Ech gesinn dee Geste net eleng vun de Lëtzebuerg par rapport zu den Ausländer, dee muss natierlech och komme vun den Ausländer par rapport zu de Lëtzebuerg.

An ech mengen och, déi Offenheet, déi mer geschafen hunn, haut schonn, zu Lëtzebuerg bei de Wahlen fir d'Europaparlament matzemaachen, bei de Wahlen fir d'Gemenge matzemaachen, déi sollen nach méi Leit an Zukunft notzen! Et gëtt kee forcéiert, dat ze maachen, mä wann den Interessi do ass fir d'Land, da solle méi Leit déi dote Méiglechkeet fir d'Ausländer notzen, fir konkret och kënne matzemaachen. Also do ass vill Bewegung nach méiglech!

D'Lëtzebuerg Sprooch ass fir eis d'Kommunikatiounssprooch par excellence an deem Land. Doru wëlle mer näischt änneren. Mir wëlle se an der neier Verfassung méi staark verankere wéi dat haut de Fall ass, wou an der bestehender Verfassung d'Lëtzebuerg Sprooch emol guer net erwähnt gëtt. Dat wëlle mer änneren. Wéi mer och mussen un eiser Méisproochegkeet festhalen. Dat ass en Atout vun deem Land, deen et a kengem anere Land gëtt! Mir brauchen dat eent a mir brauchen dat anert.

A wa mer d'Lëtzebuergesch wëlle méi fërderen, wa mer där Meenung sinn - an et ass jo ganz kloer zum Ausdrock komm, mengen ech, bei deem dote Referendum -, da mussen mer och den Ausländer méi Méiglechkeete bidden, fir dat Lëtzebuergesch hei ze léieren, also méi Coursen ubidden, och ugepasst un d'Situatioun vun deenen Eenzelnen, an derfir suergen, dass och déi néideg Mëttele zur Verfügung gestallt ginn, fir do och konkret virunzekomme, fir dass méi Leit Lëtzebuergesch verstinn a méi Leit Lëtzebuergesch schwätzen.

Ech kommen dann och op deen anere Volet, dat ass dee vun der Reform vun eisem Nationalitéitgesetz vun 2008. Do brauche mer d'Rad net nei ze erfannen, et ass eng Grundlag do nach vun der viregter Regierung. Opgrond vu Verhandlungen, déi téschent der CSV an der LSAP gefouert gi sinn, huet den Här Biltgen an eiser aller Numm e Projet de loi deponéiert, deen, opgrond vun deem éischte Bilan, dee

gezu ginn ass vun der Applikatioun vum Gesetz vun 2008, eng Rei vun Erliichterungen vun de Prozedure virgesäit, och eng Rei vun Erliichterungen vu Konditiounen virgesäit, fir Lëtzebuerg ze ginn.

An eisem Wahlprogramm referéiere mer eis op deen doten Text. Mir mengen, dass deen Text gutt ass. An d'CSV mécht näischt anescht, well wann ech déi Proposition de loi vum Här Wiseler kucken, déi e viru Kuerzem hei deponéiert huet, dat ass zu 85%, wann net zu 90% sinn dat d'Iddien, déi schonn an eisem gemeinsamen Text Biltgen vu virun dräi Joer festgehale gi sinn. Si ass just ugeräichert ginn op dräi Punkte vun zousätzlechen Erliichterungen eigentlech, wat d'Konditiounen ueget, iwwert déi da muss diskutéiert ginn.

An eisem Wahlprogramm steet, dass mer zu deem Text stinn. Mir hätte gären op zwee Punkten eng Verbesserung gehat. Den Niveau vun de Sproochentester, wou mir der Meenung waren, dass een den Niveau vun de Sproochentester soll méi upassen un de Bildungsniveau, deen den Antragsteller mat erabrëngt, fir eng sozial Ongläichheet eigentlech do ze verhéieren, wéi sech e bëssen elo gewisen huet. A mir sinn der Meenung, dass mer Elementer vum Buedemrecht sollen an eist Gesetz eranhuelen, dass also déi Leit, déi hei gebuer sinn an eng Rei vu Joren hei zu Lëtzebuerg gelief hunn, automatesch Lëtzebuerg ginn.

Näischt anescht gesäit eigentlech och elo d'CSV vir. Et war just net méiglech virun dräi Joer, dat dote scho virzugesinn. Ech si frou, dass mer eis elo begéien op deenen dote Punkten an ech waarden op de Projet de loi vum der Regierung, dee jo nach soll virun der Summerpaus virgestallt ginn. An dann, mengen ech, da maache mer dat, wéi dat ëmmer üblich war: Da setze mer eis zesammen, mir kucken d'Gemeinsamkeiten erauszuschelen a mir kucken do en Text ze maachen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- „Mir setzen eis zesammen“, dat ass awer elo ganz schéin an deem Kontext, „wéi et ëmmer war“.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- „Wéi et ëmmer war“, dat war déi Zäit virun deser Regierung.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mir hätten eis vläicht solle virun zesammesetzen.

(Brouhaha)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dat mengen ech net. Ech soen lech ganz éierlech, dee leschten Text, de Projet de loi vum Här Biltgen, deen ech elo grad erwähnt hunn, deen ass téschent der LSAP an der CSV ausgehandelt ginn. Deen ass deemools net mat de Liberalen a mat deene Gréngen ausgehandelt ginn, also...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dir hutt e puermol gesot, virum Referendum sollte mer eis zesammesetzen. Mir hunn et e puermol gefrot!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dat war deeselwechte Sujet. Do war d'Praxis och virun, dass een dat an der Koalition geregelt huet, an herno selbstverständlech an der Diskussioun am Parlament. Do gi jo déi sämtlech Projete gekuckt. Da gëtt de Projet vun der Regierung gekuckt, gëtt d'Proposition de loi vun der CSV gekuckt.

A wat ech elo awer feststelle vun Iddien, déi bis elo um Dësch leien, zweifelen ech awer kee Moment drun, dass mer hei eng breet Majoritéit wäerten am Parlament kréien, wat déi Reform vun dem Nationalitéitgesetz vun 2008 ueget. An dorëms geet et eis jo eigentlech.

Et geet jo hei net ëm Autorenrechter, mä et geet hei drëm, dass mer eis an der Saach virubewegen, dass mer e breeden Accord hei an deser Chamber kréien. An dat ass, mengen ech, ganz gutt ze maachen. Ech si sécher, dass mer also och déi Prozedur am Laf vum nächste Joer kënnen ofschléissen. Dann hu mer déi Reform gemaach, déi mer brauchen, ouni un d'Eckwäerter vun eisem Gesetz vun 2008 rüttelen ze goen. Dat soen ech och ganz kloer!

Mir sinn als LSAP nohalteg der Meenung, dass een net soll d'Schleisen elo opmaachen, dass ee soll punktuell Erliichterungen maachen an de Prozeduren, punktuell eenzel Konditiounen anescht definéieren, mä dass awer grosso modo déi Aart a Weis, wéi d'Virschreife sinn, fir Lëtzebuerg ze ginn, dass déi soll bleiwen, dat heescht, weider och als e vun den Haaptkritären d'Lëtzebuerg Sprooch behalen. An och do mengen ech, dass sech keng gréisser Divergenzen hei an deem Haus wäerten zu där doter Fro maachen. Ech sinn also ganz optimistes, dass mer do wäerte virukommen an deem Sënn, dee mer, mengen ech, alleguerte wënschen.

E Wuert zur Verfassungsreform wëll ech nach soen. Fir eis war et kloer, dass déi heite Froen eng Etapp waren an där Verfassungs...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Bodry, ech wëll lech drop opmierksam maachen, dass Der...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, da kommen ech zum Schluss. Ech wëll just soen, do

schwätze mer e Mëttwoch an der Kommissioun driwwer, dass mer als LSAP derfir plädéieren, fir eng méi oppe Prozedur, och wat d'Verfassungsreform ueget, duerchezéien. Dass mer also do net elo eis ausschlieslech bewegen an de Sitzunge vun der zoustänneger Kommissioun, mä dass mer eis do och opmaachen an öffentleche Sitzungen, fir déi wesentlech Kärpunkten ze diskutéieren, fir och vu baussen déi eng oder aner Suggestioun a Kritik ze verschaffen an eisen Aarbechten, wéi mer dat och mat aneren offiziellen Aweise maachen.

Da mussen mer eis eens ginn iwwert den Timing. Ech hu gelies, gëschter ass vun der CSV erstmaleg Kritik geäussert ginn u mengem indikativen Timing, deen ech opgestallt hunn, fir u sech am Fréijoer 2017 e Vote an der Chamber ze hunn iwwert déi nei Verfassung. A wa se déi zwee Drëtter da kritt, effektiv dann am Hierscht, am Oktober 2017 dann de Referendum, den décisionnelle Referendum ze maachen. Mir kënnen dat e Mëttwoch diskutéieren.

Ech freeë mech op all Propositionen fir e konkreten Zäitplang, wéi aner Parteien sech dat virstellen. An da sinn ech sécher, dass mer an deem consensuelle Geescht, wéi mer an där Kommissioun schaffen, eis och do eens ginn.

Wann dann nach jiddwereen déi Verfassungsreform wëllt bis Enn 2018: Dat ass déi eenzeg Fro, déi ech awer och da wäert nach e Mëttwoch stellen.

Dat gesot, mengen ech, meng Zäit ass ofgelaf an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Bodry. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger vun der DP.

► **Une voix.**- Deem seng Zäit ass och ofgelaf.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, ech brauch keen Echo zu menger rietser Säit.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, als guden Demokrat,...

(Interruption par M. Michel Wolter)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Et huet keen aneren d'Wuert, Här Wolter.

► **M. Eugène Berger (DP).**- ...Verrieder vun der demokratescher Fraktioun wëll ech nom Referendum fir d'Éischt dräi Constate maachen.

Éischtens, mir si frou, dass Lëtzebuerg e Sonndeg iwwerhaupt d'Méiglechkeet hat, seng Meenung zu dräi eminent wichtige Froen am Kader vun der Verfassungsreform ze soen. Et ass eigentlech déi éischte Kéier, dass mer op de Wee vun esou enger Form vun direkter Participatioun ginn. Dat hate mer hei zu Lëtzebuerg nach net.

Zweetens, mir huelen zur Kenntnis, dass eng grouss Majoritéit vun de Leit eis Propositionen an deenen dräi Froen net deelt.

An drëtzens, mir respektéieren zu 100% dem Wieler säi Vote a mir wäerten och deementsprechend d'Verfassung schreiwen. Am Kloertext heescht dat, dass mer net déi dräi Propositionen an d'Verfassung wäerten aschreiwen.

Et huet een an deene leschte Woche vun den Oppositionsparteien, mä och vun aneren héieren, dass se vläicht de Referendum iwwerhaupt net wollten. Et sinn der och, déi gesot hunn, dass e vläicht net legal wier. Ech muss lech soen, och nom Resultat bedauere mir net, dass mer de Referendum organiséiert hunn.

Jo, mir haten de Courage, d'Vollek ëm seng Meenung ze froen. An et konnt ee feststellen, dass vill, ganz vill Leit awer frou waren, sech endlech kënnen och mat an d'Politik anzubannen, dass och wichteg Froen net nëmmen hantert zouenen Dieren diskutéiert ginn, wéi dat oft an der Vergaangenheet de Fall war, mä dass och déi eenzel Bierger konnten dozou hir Meenung soen.

An et muss een awer feststellen - an dat kënnen och alleguerten déi, déi op den Tables rondes waren, oder einfach kucken, analyséieren, wéi dat déi leschte Woche war -, dass nach ni hei zu Lëtzebuerg esou intensiv, jo heiansdo och kontrovers iwwer wichteg politesch Sujeten diskutéiert ginn ass. An ech mengen, dass ass dat, wat een awer soll begrëissen, wann endlech hei zu Lëtzebuerg méi partizipativ Demokratie gewot gëtt.

Här President, d'Resultat ass net dat, wat mir eis als Majoritéit erhofft haten. Dat kann an dat wëll ech och net verstopp. Et kann een awer

och op där anerer Säit net nëmmen e Referendum organiséieren, wann ee vu virera sécher ass, datt e mat Jo ausgeet. Et ass hei drëms gaang, Kloeerheet ze kréien, wéi mer eist Grondgesetz sollen eben an deene spezifeschen dräi Punkte verfaassen.

An all d'Parteien - ech betounen: all d'Parteien! - hunn hir Positionen am Virfeld vum Referendum oppen duergeluecht an och verteidegt. An dat ass jo awer och dat Normalst vun der Welt. An enger Demokratie ass dat och néideg. An och bei engem Referendum ass dat dat normalst Spill, datt deen een an deen anere seng Meenung dozou huet. Dat ass net nëmmen an der Politik esou bei de politesche Parteien, och d'Akteuren aus der Zivillgesellschaft, de Kierchen, de Gewerkschaften, Journalisten hunn dat alleguerter gemaach. Déi eng hu sech fir de Jo ausgeschwätzt, déi aner fir den Neen.

Mir waren eis och alleguerter bewosst, ier mer dee Referendum ugaang sinn, datt en Neen zu deenen dräi Froe kéint erauskommen. Mä dat soll awer net verhéieren, datt een e Referendum duerfir mat Courage ugeet. Jo, datt den Neen esou dättelech ausgefall ass, hu wuel déi mannst vun eis erwaart. All déi, déi fir de Jo agetruede sinn, mussen agestoen, datt mer et net fäerdegruecht hunn, méi Bierger vun eisen Argumenter zu deenen dräi Froen ze iwwerzeegen.

Virum Referendum an och duerno gëtt elo nach gekuckt oder gëtt opgeworf, ob d'Campagne en général, ob dat déi richteg war, ob se appropriéiert war, ob se richteg organiséiert war. Och dat solle mer a Rou analyséieren, bilanzéieren.

Do sinn eng Rei Froen, déi sech stellen. Hu mer eis Zäit genuch geholl fir den Débat? Hätte mer net eigentlech - an dat ass eng interessant Bemierkung, déi ech e Méindeng an enger Ronn héieren hu vum Jean-Lou Siweck vum „Lëtzeburger Wort“ -, hätte mer eis net misse fir d'Éischt genuch Zäit ginn, fir eigentlech d'Problematik de Leit ze erklären, ier mer déi eng oder aner Proposition oder Solutiounen ervirbruecht hunn? Och dat soll ee méi genau studéieren, datt et eigentlech de Leit vläicht och ze schnell gaang ass, datt een also hätte misse méi e laangen, méi e breeden Débat organiséieren. Op all déi Froe mussen mer kucken, elo och Äntwerten ze fannen, virum allem och, wa mer bei engem Referendum 2017 dat da wëlle besser maachen.

Här President, ech hunn et scho gesot, mir hunn elo Kloeerheet a wëssen, wat mir ze maachen hunn. An ech betounen dat hei wierklech nach eng Kéier an aller Dättelechkeit, wat mer och virum Referendum scho gesot hunn: Mir respektéieren de Vote vum Wieler a riichten eis parlamentaresch Aarbecht duerno! Nach eng Kéier: Mir wäerten also d'Vefassungsreform, wat déi dräi Punkten ubelaangt, esou schreiwen, wéi de Wieler dat och wëllt.

Mir ware virum Referendum ganz kloer a mir sinn also och nom Referendum ganz kloer a mir stinn zu eisen Aussoen. Fir eis ass de Wielerwëllen net ze interpretéieren, a wat virum Referendum richteg war, ass och nom Referendum vir eis richteg. Dat war net ëmmer esou fir all Partei, déi dat esou kloer gesot huet, a wou déi eng oder aner Kéier rieds war vun: de Wielerwëllen interpretéieren.

Et ass och gesot ginn, datt dee Referendum hei d'Land géif splécken duerch déi Froen, déi gestallt gi sinn. Mä ech froe mech, wéi kann een e Land splécken, wann et einfach drëm geet, fir d'Meenung ze wësse vun de Leit. Ech mengen, et ass jo eigentlech dodrëms gaang. Et ass net de Referendum, dee gespléckt huet, mä de Referendum huet einfach opgewisen, datt am Land an dese Froen d'Leit gespléckt oder verschidder Meenung sinn.

Mä op wat fir enger Fro ass eigentlech och e Land zu 100% enger Meenung? Ech mengen, souguer bei engem Referendum, wann ee géif froe fir Fräibeier fir jiddwereen, wiere mer emol net zu 100% derfir!

(Brouhaha)

Här President, fir ze soen, datt, wann een e Referendum mécht, wann ee verschidde Méiglechkeeten huet, datt et kloer ass, datt do ëmmer verschidde Meenunge sinn, datt een doduerjer net d'Land spléckt, mä datt een doduerjer weist, datt ebe verschidde Meenungen am Land bestinn.

Jo, et sinn och dann, op de sozialen Netzwierker virum allem, vun deenen zwou Säiten, muss ee soen, déi eng oder aner Entgleisunge komm. Déi extremistesche Ausserunge sinn awer net weinst dem Referendum komm. Et

muss een och do wëssen, datt déi wahrscheinlech latent och hei zu Lëtzebuerg präsent sinn. Do solle mer och net d'Aen do virdrun zoumaachen! De Referendum huet déi einfach da méi kloer zugad bruecht.

Mä ech wëll awer nach eng Kéier betounen, Här President, ervirhiewen: Wierklech eng ganz grouss Majoritéit vun de Leit, déi hunn am géigesäitege Respekt mateneen diskutéiert a waren och wierklech frou iwwert déi Geleeënheet. Alleguerter déi, déi mat op den Tables rondes waren, an et sinn der jo eng Rei heibanen, hunn dat gemierkt, datt déi Tables rondes, déi d'Chamber organiséiert huet, ganz anstänneg iwwert d'Bühn gaang sinn. Wa Parteien dat organiséiert hunn, war datselwecht de Fall.

Ech hunn och net héieren, datt d'Leit sech op den Aarbechtsplazen zerklappt hunn, well se ënnerschiddlecher Meenung waren, oder an de Familjen. Au contraire! Och nom Referendum ass net de Krich ausgebrach hei zu Lëtzebuerg, mä och nom Referendum gëtt natierlech nach driwwer diskutéiert. Mä an der ganz grousser Majoritéit geet dat awer ganz uerdentlech iwwert d'Bühn.

An och Sondagë weisen dat jo, datt de Referendum eigentlech do eppes Positives war, datt en d'Diskussioun lancéiert huet. Wann een dee Referendum kuckt, da gëtt do gesot, datt eigentlech 61% vun de Leit - vill méi wéi op den Tables rondes ënner anere - an hirer Famill, oder ënner Frënn... 58% soen do, datt se also mat de Frënn intensiv doriwwer diskutéiert hunn.

Wéini hate mer dat eigentlech schonn hei am Land, datt mer iwwert dat geschwat huet? A forcément ass do net jiddwereen darselwechter Meenung. An dat heescht awer net, datt doduerjer d'Land gespléckt ginn ass.

An ech mengen, ass dat eigentlech jo awer net dat, wat ee sech fir en demokratesch Lëtzebuerg virstellt, datt mer déi wichteg Froen net nëmmen hannert zouenen Dieren diskutéieren, mä datt mer se dobausse mat de Leit diskutéieren? Ech fanne wierklech, datt dat awer e Plus ass fir eis Demokratie!

Här President, ech war erstaunt, wéi ech déi Suggestioun fir e Récktrëtt vun der Regierung oder vu Regierungsmembere vusäite vun der CSV an och vun der ADR héieren hunn, well all d'Parteien - all d'Parteien! - ware sech am Virfeld eens, datt de Referendum kee Vote iwwert d'Zukunft vun der Regierung wier. Et kéint een do... et brauch een net wäit zrëckzibliederen, nach de leschte Freideg an engem Interview am „Wort“ huet den Här Wiseler dat kloer gesot. Dat kann ee schwaarz op wäiss noliesen.

An ech ka mech weinstens un zwou Tables rondes erënneren, mä ech mengen och den „Kloertext“ op RTL, wou den Här Gibéryen ganz kloer a bedächtg gesot huet: Hei geet et net ëm iergendeng Popularitéit vun enger Regierung...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Datt d'Campagne eng kloer Sprooch schwätzt.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Voilà!

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- An ech hunn lech zitt gesot, wat ech géif maachen, Här Gibéryen.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jiddweree kann datselwecht nolauschteren...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Net Här Gibéryen, mä Här Berger!

(Brouhaha)

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, jiddweree kann dat also och nolauschteren. Och den Här Gibéryen huet op den Tables rondes an och am „Kloertext“ gesot: Hei geet et wierklech ëm dräi wichteg Froen an ëm soss weider näischt!

A firwat soll et och e Vote iwwert d'Regierung sinn? De Sënn an Zweck vun engem Referendum ass jo awer ganz kloer: Mir schaffen enger Verfassungsreform, dat hu mer och am Virfeld gesot, an op e puer Punkten hu mer kee Konsens an duerfir wëlle mer per Referendum do wëssen, wéi de Gros vun de Wieler hei zu Lëtzebuerg dozou steet. A mir hu kloer Froe gestallt a mir kruten och kloer Äntwerten. Well des Änwerten...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dir maacht lech d'Liewen awer heiansdo e wéineg einfach!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Wat gëtt elo nämlech gemaach? Mir hu kloer gesot virum dem Referendum, datt mer dat respektéieren an net interpretéieren. Elo gëtt och vun deene Leit, déi virum dem Referendum gesot hunn, et ass kee Vote iwwer eng Regierung, déi fänken awer elo no dem Referendum och un ze interpretéieren. An ech fannen, dat ass awer wierklech engem Referendum net wierdeg, datt ee virum Referendum et esou interpretéiert an nom Referendum et anescht interpretéiert, grad wéi et engem an de Krom passt!

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Här Berger, et dierf ee jo awer nach selwer soen, wat ee géif maachen.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, den Här Wiseler hat virdrun d'Wuert. Mä e kann awer duerno och nach eng Kéier froen, wann en dat wëllt.

Iwwregens aus engem Sondage - ech mengen, Dir hutt deen och jo alleguerter wahrscheinlech analyséiert - geet och ganz kloer ervir, datt d'Leit, déi gefrot gi sinn, soen, ganz kloer soen, datt se net Neen zu enger Regierung gesot hunn. Dach, 6% bis 8%, jee no Fro, hu gesot, datt se och Neen oder kloer Nee wëilten zur Regierung soen. Mä de Gros vun de Leit huet eigentlech dat net zum Ausdrock bruecht. Da sollt een also dat och net duerno dran interpretéieren.

An ech kann och feststellen, datt eigentlech jo dee Vote komplett, et kann ee wierklech soe komplett parteionofhängeg war. D'Majoritéitspartei hunn hir Wieler genausou wéineg zu 100% iwwerzeegt fir hir Position. Och an eise Partei vun der Majoritéit sinn der eng ganz Rei, déi mat Nee bei där enger oder anerer Fro gestëmmt hunn. An och ëmgedréit: Bei den Oppositionsparteien hunn net all hir Wieler an all hir Membere fir den Nee gestëmmt. Ech mengen, och do si Sondagen...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Vlächicht awer liicht méi wéi bei lech!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Just den Här Berger huet am Moment d'Wuert. Här Berger, loosst lech net beiren!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, och do si jo Sondagë gemaach ginn, wou dat och kloer dorauer ervirgeet. Et ass keng Partei, déi hir Membere oder hir Wieler 100% hanner hir Position kritt huet!

(Brouhaha)

Et kann een einfach, Här President...

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelif!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, et kann een einfach landeswäit feststellen, den Neen huet dominéiert, egal wat fir eng Partei faarf de jeeweilege Wieler hat. Dat ass hei de Fait a wierklech, nach eng Kéier, dat ënnersträicht jo, datt et hei de Leit ëm d'Saach gaang ass an net ëm Persounen.

Ech muss och soen, ech hunn och Leit a menger Partei begéint, déi gesot hunn: Jo, ech hu bei där enger oder anerer Fro Nee gewielt. Mä se hunn awer gläichzäitg gesot: Et ass mir guer net drëms gaang, eisem Parteipresident...

(Interruption)

Si hunn awer wierklech gesot: Et ass net drëms gaang, dem Parteipresident oder dem Premier eng auszewëschten. Si hunn einfach gesot: Et ass eis ëm d'Thema gaang.

Här President, et ass och virgeworf ginn am Virfeld vun der Campagne, och duerno nach, datt d'Regierung sech mat hirem Engagement fir de Jo responsabel gemaach huet. Et ass jo och elo nach gesot ginn.

Ech wëll just drun erënneren, datt net nëmmen d'Regierung, mä datt vill Leit hiert Engagement geholl hunn. Dat ass jo de Sënn vun engem Referendum, fir zu där enger oder anerer Säit ze stoen, sech ze positionéieren. Dat huet d'Regierung gemaach, dat hunn d'Partei gemaach, dat hunn d'Gewerkschaft gemaach, d'Kierch huet dat gemaach, d'„Lëtzeburger Wort“ oder d'Zeitungen, Redakteuren hunn dat gemaach an esou virum an esou fort. Et ass jo einfach dat.

Bei engem Referendum geet et drëms, dat ass am Sënn vum Referendum, datt een natierlech virdrun de Leit seet, zu wat een d'Tendenz huet, wéi ee selwer géif dat maachen. Dat heescht awer net, datt een de Leit dat ootroyéiert. An dat ass jo ebe grad de Plus, datt d'Leit awer herno selwer, en connaissance de cause, kënnen dann ofstëmmen. An et geet net drëms, fir datt een herno soll personell Konsequenzen zéien. Well, wann dat de Fall wier, da bräichte mer ni méi e Referendum zu Lëtzebuerg ze organiséieren!

A just fir de Verfassungsexpert Luc Heuschling ze zitieren, deen huet och gesot: „Éischters, d'Leit ware frou, datt se emol eng Kéier konnte matschwätzen.“ An en hält och näischt vu Formulatiounen oder vun Demanden, fir datt eng Regierung soll zrëcktrieden. An e verweist och ënner anere op d'Schwäiz, wou och net all Kéiers bei all Referendum eng Regierung oder Partei Konsequenzen huelen, déi vlächicht fir déi eng oder aner Position astoungen.

Ech weess just, Här President, 2005 hate mer e lëtzebuergesche Statsminister, jo, dee säi Récktrëtt bei engem Neen am Kader vum Referendum zur Europäescher Verfassung ugekënegt hat. An d'Leit hunn dat deemools eigentlech och zu Recht gesot an net apprécieiert, datt een d'Leit doduerjer eigentlech ënner Drock wollt setze fir déi eng oder aner Option.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat ass eng Interpretatioun, déi Dir ginn hutt!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Dat ass dat, wat deemools 2005 e lëtzebuergesche Statsminister gemaach huet. 2015 huet en anere lëtzebuergesche Statsminister am Virfeld ganz kloer dat net gemaach.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- E wousst vlächicht genau, firwat!

► **M. Eugène Berger (DP).**- En huet ëmmer erëm betount, en huet ëmmer erëm betount am Virfeld, am Géigesaz zu 2005 huet en ëmmer erëm betount, datt e keen ënner Drock setzt, datt et wierklech nëmmen drëms geet, fir d'Meenung vun de Leit zu deenen dräi verschidder Froen ze kennen!

Wann ee muss Konsequenzen aus dem Referendum zéien, da geet et ëm Inhalter, da geet et drëms, wéi eng Politik dann elo muss an deenen dote Froe gemaach ginn. Dat sinn déi Konsequenzen, déi ee muss zéien! A wat fir eng sinn dat dann?

D'Vefassungsreform gëtt elo geschriwwen, ouni déi dräi Proposen aus dem Referendum ze berücksichtegen. Mir respektéieren dat, hunn ech scho gesot, zu honnert Prozent. An da mussen mer och kucken awer op där anerer Säit, a mäi Virriedner huet dat och scho gesot an dat schéngt mer och ganz wichteg, mir müssen awer kucken, déi d'Erausforderungen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, déi iwwerhaupt eigentlech och zu där Froestellung gefouert hunn, mir müssen da kucken zesummen, och weiderhin zesumme mat de Bierger am Land eis Gedanken maachen, wéi mer se wëlle léisen. Well dat ass jo awer och hei eppes, dat ass: D'Politik huet an deene leschten 20 Joer eigentlech verpasst, sech eng Rei Froen ze stellen.

Mir hu vill iwwer Landesplanung an deene leschten 20 Joer geschwat. Mir hunn iwwert d'Erausforderunge geschwat, ob ee méi Stroosse misst bauen. Mir hunn iwwert d'Plansectorielle geschwat. Mir hunn driwwer geschwat, wat fir eng Infrastrukture ee brauch. Mir hunn driwwer geschwat, wou Zone-d'activité kommen. Mä an där ganzer Fro, an där ganzer Diskussioun iwwert de 500.000-Awunner-Stat, deen natierlech och domat ze dinn huet, datt méi Leit hei op Lëtzebuerg kommen, datt mer eng Migratioun hunn, hu mer eigentlech vill iwwer materiell oder landesplaneresch Froe geschwat. Mir hunn awer déi Fro vun der demokratescher Participatioun an deem Débat an deene leschten 20 Joer ganz oft, wann net ze soe bal ëmmer, ausgeklamert.

An duerfir brauche mer dann elo deen Débat, deen dat mat sech zitt, wa mer eben als Stat wuessen, wéi mer awer Demokratiedefiziter, déi entstane sinn, wéi mer déi da kënnen zoumaachen, wéi mer do kënnen dat Ganz ugoen. An ech mengen, de Referendum huet den Débat ugestouss. An dat ass awer eng guut Saach. A mir müssen eis also an den nächste Méint a Joren zesumme mat de Bierger weider Gedanken maachen, wéi een eben dat Zesummeliewen, déi Participatioun ka besser gestalten.

D'Opposition huet eng Propos mat dem Nationalitéitgesetz avancéiert. Et ass net eppes ganz Neies. Et war schonn zum Deel, 80%, eng Kopie vun enger Propos Biltgen. Och aner Parteien hunn esou Propose presentéiert. Mä och do ass et awer elo wichteg, och Léieren ze zéien aus dem Referendum: datt mer elo net déi dote Froen, dat dote Gesetz hanner zouenen Dieren erëm diskutéieren! Och déi Propos mussen mer genau analyséieren an och déi Propos solle mer da wierklech grouss a flächendeckend mat de Leit dobaussen diskutéieren, am Dialog, fir datt dann och vlächicht nei Iddien dobäi erauskommen an datt mer da wierklech och an där ganzer Diskussioun méi Participatioun fir all Awunner, och fir déi Jonk, kréien.

Ech mengen, dat ass eng vun de Lektiounen, déi mer hei sollen zéien, datt d'Leit wëllen, datt se mat an esou wichtege Froen implizéiert ginn. An dat solle mer also dann net verpasse bei där nächster Diskussioun, déi dann usteet.

Här President, de Sonndeg war also net de Schluss vun dem Débat, et war eng Aart Ufank. De Referendum huet e wichtegen Débat ugestouss, a mir sollen also dat weiderféieren, zesummen an der Chamber natierlech, mä awer och zesumme mat de Bierger dobausse muss dat gefouert ginn.

Merci.



► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Berger. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Claude Adam fir déi gréng.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen emol fir d'Éischt därefer festzustellen, datt d'Campagne fir de Referendum eriwuer ass, an ech schlësse mech eigentlech och deem un, wat och de Claude Wiseler gesot huet, datt déi éffentlech Campagne eigentlech propper, uerdentlech an argumentativ war.

Ech hat d'Chance, den Optrag vu menger Fraktioun a menger Partei, fir déi gréng op ganz villen Table-ronden ze verrieden, fénnef vu sechs vun der Chamber an och eng hallef Dosen, déi vu Gemengen organiséiert waren. Ech war och, ech hat d'Chance, fir an de Medie präsent ze sinn, fir op ville Plazen ze sinn, an ech hu vill kënnen mat Leit diskutéieren. Ech hu vill Froe matkritt an et war fir mech eng interessant Erfahrung, wou ech dann elo nach wëll e bëssen drop zrëckkommen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Déi éischt Fro, déi ech mer stellen a wou ech mer e bëssen dann eng aner Äntwert ginn, wéi den Här Wiseler se elo ginn huet oder wéi ech hie verstanen hunn, datt ass déi éischt Fro: Ass e Referendum eng Méiglechkeet, fir politesch Décisiounen ze huelen? Solle mer iwwer eist Zesummeliewe schwätzen oder net? Kiere mer léiwer eppes ënnert den Teppesch oder solle mer iwwer eppes, wou mer mengen, mir hätten en Defizit oder mir hätten eng Problematik, solle mer driwwer diskutéieren?

Ech sinn der Meenung, datt mer zu Lëtzebuerg net op enger Insel liewen. Vlächht hu mer ze vill oft d'Gefill gehat oder gemaach, wéi wa mer géifen op enger Insel liewen. Ech si schonn der Meenung, datt, wa mer Problemer oder wa mer Diskussionsstoff hunn, da solle mer et och diskutéieren.

Den Här Wiseler huet och gesot: „Eist Land brauch Reformen an den nächste Méint.“ Och dat ass schonn eng Ausso, déi ech kann deelen.

Op d'Fro, ob de Referendum eis am Ausland geschuet huet, behaupten ech emol einfach a soen: Ech ka mer et net virstellen. Ech sinn houfreg drop, datt mir zu Lëtzebuerg an engem uerdentleche Kader konnten déi Fro hei débattéieren. An ech genéiere mech och net, fir ze soen, datt dat a ganz ville Länner net méiglech wier, fir esou eng oppen Diskussioun an deem dote Rahmen ze féieren! Ech sinn houfreg dorobber an ech mengen, mer sollen dat alleguete mat Zefriddenheet enregistriieren.

Ech kommen dann och eng Kéier op déi dräi Froen, déi mer gestallt haten. A mir haten esou flott d'Formulatioun gewielt: „Sidd Dir mat der Iddi averstanen...?“. Déi éischt Fro: „Sidd Dir mat der Iddi averstanen, datt d'Lëtzebuurger tëschent 16 an 18 Joer kënnen wéi goen, wa se dat wëllen?“ Bon, 80,87% hunn dozou Nee gesot! Nodeems mer zweemol de Versuch hei an der Chamber haten, fir de Wahlalter erofzesetzen - do ware mer an der Chamber dermat gescheitert -, dunn hu mer dann och nach d'Décisioun vun de Lëtzebuurger Wielerinnen a Wieler gefrot. A si hunn eis déi Décisioun och an aller Däitlechkeet matgedeelet: neen! An et war emol keen „Nee merci“, mä et war wierklech éischter en „Neen, basta!“.

An ech mengen, dat musse mer ganz einfach als Politiker zur Kenntnis huelen. Déi Fro ass gestallt an déi ass beäntwert fir eng länger Zäit!

(Interruption)

Ma déi Fro ass gestallt a beäntwert.

Mir hunn awer och, an dat war awer dat Flott och un deem ganzen Débat, mir hunn awer op eisen Table-ronden alleguete festgestallt, datt et e gewëssene Participatiounsdefizit vu Jugendlechen u gesellschaftleche Verhältnissen gëtt. Mir hunn och Iddie lancéiert. Mir hunn d'Schoul ëmmer erëm erugezunn, woubäi ech awer och e bësselche warnen, fir aus all gesellschaftlechem Problem ee schouleschen ze maachen. Mir kënnen net permanent nei Schoulfächer aféieren.

Ech sinn awer selbstverständlech domat averstanen, datt mer musse méi iwwer politesch Bildung diskutéieren. Politesch Bildung an de Schoule geet a mengen Aen net doduerch, datt d'politisch Partei méiglech vill dohinerginn, mä datt an de Schoule geléiert gëtt, kontrovers ze diskutéieren, débattéieren. Ech denke vlächht éischter u Rhetorikcoursé vun den ale Griichen an de Réimer, ouni déi wëllen op Algriicheschen oder Latäin ze féieren, wéi datt ech mengen, d'politisch Partei missten de Schoulen d'Dier arennen.

Ech menge schonn, datt dat eng wichteg Aufgabe ass, fir ze kucken: Wéi kënnen mer déi Jonk u gesellschaftlechen, u politesche Prozesser bedeelegen, interesséieren? Ech soen awer

och, datt mer net sollen op de Wee goen, fir ze mengen, et wiere grouss Ennerscheeder bei deem, wat bei deene Jonken ass, a bei deem, wat bei deenen anere Leit an der Gesellschaft ass. Mir stellen iwwerall e bësselchen en Defizit fest um Interessi un der Politik, eng gewësse Politikverdrossenheet. Duerfir mengen ech net, datt mer sollen ze vill soen, datt et bei deenen tëschent 16 a 17 an 18 Joer anescht wier wéi bei aneren Deeler vun eiser Gesellschaft.

Dann hu mer d'Fro gestallt: „Sidd Dir mat der Iddi averstanen, datt Auslänner, déi mindestens zéng Joer am Land wunnen a scho bei enger Wahl matgemaach hunn, och kënnen bei Chamberwahl matmaachen, wa si dat wëllen?“ Hei waren et och erëm eng Kéier 78,02%, déi Nee gesot hunn.

An der Referendums campagne op den Table-ronden hunn ech gesot, datt d'Lëtzebuurger an d'Netlëtzebuurger bei eis am Land gutt zesummeliewen. An ech sinn och houfreg dorop. An ech hunn et och grad a mengem Ufank gesot, datt mer hei konnten eng Diskussioun féieren, déi a ville Länner net méiglech gewiescht wier, gefouert ze ginn.

Mir sinn also net dervun ausgaangen, datt mer sollen eng Fro vu méi Participatioun, vu politescher Participatioun vun Netlëtzebuurger féieren, well mer alles am Misär stoen hätten, absolutt net! Well mer gesot hunn: „Mir komme gutt zesammen aus“, a well mer gesot hunn: „Wa mer eis an eise Land esou weiderentwéckelen, da gesi mer awer, datt et wichteg wier, wa mer géifen aner Weeër goen.“

Gutt, mir hunn déi Fro gestallt. Ech hunn och zwee Méint Campagne gemaach fir déi Fro. An ech sinn natierlech iwwert den héijen Taux vun den Nee-Stëmmen och liicht erstaunt. Ech muss soen „liicht erstaunt“, well am Laf vun der Campagne huet een awer op eemol gemierkt, datt eng Kéier d'Stëmmung gekippt ass.

Interessant, mir sollen eis alleguer - an net nëmmen déi, déi fir de Jo sinn, oder net nëmmen déi, déi fir den Nee sinn -, mir sollen eis och dermat ausneetzen, wat eigentlech d'Ursach ass souwuel vum Jo wéi och vum Neen. Ech mengen, dat sinn déi Froen, déi eis elo trotzdem missten interesséieren, ouni wëllen eng Interpretatioun ze maachen. D'Interpretatioun ass gemaach! Den Neen ass esou däitlech, do brauche mer net dru réieren ze goen. Mä wat huet d'Leit beweegt, fir sech an déi eng oder an déi aner Richtung ze decidéieren?

(Interruptions diverses)

► **Une voix**.- Loosst emol den Här Adam schwätzen!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Mir sollen eis Zäit huelen, fir Zukunftsstrategien ze entwéckelen. De Wee, fir iwwer d'Wahlrecht méi politesch Participatioun vun eisen auslännesche Matbierger ze kréien, deen ass elo zou!

Et ass awer och oft gesot ginn, datt mer alleguerten datselwecht Zil hunn, an zwar d'Participatioun vu méiglechste ville Bierger a méiglechste ville Beräicher ze realiséieren. Et huet een och an den Diskussiounen gesinn, datt d'politisch Parteien hei aus der Chamber och hir Meenung weiderentwéckelt hunn an och net stoe bliwwen sinn. Zum Beispill par rapport zum Gesetz vun 2008: Ech war op Table-ronden derbäi, wou d'ADR eng Öffnung gemaach huet, wat d'duebel Nationalitéit betrëfft. 2008 ware se nach do dergéint.

D'CSV huet och den Zougang zur Lëtzebuurger Nationalitéit wëllen ze vereinfachen. Dat war och 2008 net. Also och mir hei an der Chamber entwéckelen eis weider. An ech mengen, mir sinn eis scho bewosst, datt mer zesumme musse kucken, wéi mer dat Beschit fir eis Land, dat Beschit fir eis Populatioun kënnen maachen.

Mir wëssen, wéi eise Sproocherächtum hei am Land ass. A mir wëssen och, datt mat deem Rächtum och Suergen a Problemer verbonne sinn. Dat ass eis duerch d'Schouldiskussioun bekannt, mä dat geet natierlech wäit iwwer eng Diskussioun vun de Schoulen eraus.

Mir wëssen, datt mer en héije wirtschaftleche Wuesstum hunn. A mir wëssen, datt och zu Lëtzebuerg net jiddwereen an och net am selwechten Ausmooss vun deem Wuesstum profitéiert. Eis Erausforderungen nom 7. Juni sinn eigentlech déiselwecht wéi déi virum 7. Juni. Eng méiglech Pist huet elo d'Roud Kaart kritt vum Wieler. Méiglechste all Partei solle sech elo zesummesetzen a méiglechste gemeinsam iwwer eng zukünfteg Entwécklung débattéieren.

An da gouf et jo och nach eng drëtt Fro. Déi war virun allem interessant an der Diskussioun, well se eise Wahlsystem beréiert huet. Do sinn och an deene Gesprécher Punkten opgeworf gi wéi Duebelmandater, wou ech och interessant Ausserunge vun anere politesche Parteien héieren hunn. Ganz kuerz hate mer den

D'Hondt-System ugeschwat. Mir hunn och iwwer ee grouse Wahlbezirk fir d'ganz Land geschwat. Ech mengen net, datt mer schnell vun der Plaz kommen doranner, mä ech mengen awer, datt et politesch interessant wier, dat dote weiderzediskutéieren. Op alle Fall stoung dat...

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- ...Referendum doriwwer elo gemaach hut!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Här Wiseler?

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Wëllt Der en neie Referendum maachen? Well dat dote muss an d'Constitioun kommen.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Här Wiseler, dat do stoung effektiv net bei der Referendumsfro zur Debatt. Ech hu just gesot: Et ass an der Diskussioun awer thematiséiert ginn an ech hunn dat interessant fonnt.

(Interruptions diverses)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Sou, loosst den Här Adam elo emol schwätzen! Net all mateneen, wann ech gelift! Den Här Adam huet eleng d'Wuert!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Mä am Referendum hate mer gefrot: Begrenzung vun de Regierungsmandater op zéng Joer? An do ass, wéi gesot, d'Äntwert kloer: 70% vun de Leit soen Neen! Also ass déi Diskussioun och fir déi nächst, fir länger Zäit, vum Dësch.

(Interruptions)

Wéi geet et elo weider?

Majo, d'Chambersaarbecht éischstens: Bon, ech ginn emol dervun aus, datt et an der Institutionskommissioun, wat déi dräi Froen hei ugeet, méi einfach wäert si virunzeschaffe wéi mat engem knappe Jo. Do kréiche mer warscheinlech vill aner Diskussiounen. Eis Aarbecht un der Fro vum Wahlrecht ënner 16 Joer a vun den Netlëtzebuurger, dat misst relativ schnell an der Institutionskommissioun ofgeschloss sinn.

Da bleift allerdéngs nach d'Fro, wéi mer mat der ganzer Verfassung ëmginn. Et gëtt zum Beispill och nach en Internetsite vun der Chamber. Do gëtt et d'Méiglechkeet, do froe mer d'Leit: Ennerbreet eis Är Virschléi! An et gëtt jo och schonn eng relativ laang Lëscht vu Virschléi, déi d'Leit gemaach hunn. An deene musse mer eis jo och unhuelen, déi musse mer alleguerten analyséieren, soudatt déi endgültig nei Versioun vlächht awer net esou schnell op den Instanzewee ka goen, wéi mer eis dat virgestallt hunn.

Onofhängeg vun den Aarbechten un der Verfassung, musse mer eis awer och zesummefannen, fir iwwer e puer wichteg Aspekter, déi eis all hei am Land betreffen, iwwer Froen, déi mer eis alleguer stellen, zesummen eng Äntwert ze fannen.

D'Äntwert op d'Fro vum Referendum kenne mer. De massiven Neen ass och net mësszeverstoen.

Interessant a wichteg sinn awer d'Ursaachen, firwat besonnesch bei der zweeter Fro vill Leit Nee gesot hunn, awer och d'Ursaachen, firwat datt 20% vun de Leit Jo gesot hunn! Mir musse eng Analys maachen, firwat datt dat ass.

Mir kënnen, an duerfir war och d'Debatt... Här Wiseler, Dir hat gesot am Ufank: „Mir haten am Raum, fir déi Debatt hei eréischt d'nächst Woch ze féieren.“ Dir hat proposéiert, fir se haut ze féieren. Et sinn Argumenter derfir ginn, fir se haut ze féieren, dat ass ganz kloer: d'Aktualitéit. Et wieren och Argumenter ginn, fir fir d'Éischt nach eng Kéier an d'Institutionskommissioun ze goen an e bësselche mat enger gewëssener Distanz dorun ze goen.

Mir hu probéiert..., oder d'Conférence des Présidents ass der Propos vum Här Wiseler entgéintkomm. Ech war am Ufank net frou doriwwer; ech hat d'Éier, déi zweete Kéier a mengem Liewen an der Conférence des Présidents derbäi ze sinn. Ech hat d'Éier, bei där Décisioun derbäi ze sinn, an ech hat och am Ufank gesot, et wier keng gutt Iddi, wann déi zwou Debatten op engem Dag wieren.

Ech muss awer soen, Här Wiseler, bis elo, wéi déi Diskussioun gelaf ass, mengen ech, datt mer eise Haus hei awer all Eier maachen. Déi Diskussioun iwwer de Rapport Artuso war, a mengen Aen, absolutt korrekt. A bis elo hunn ech wierklech d'Gefill, wéi wa mer et och géife fäerdegbréngen, an deemselwechte positivé Geescht déi hei Diskussioun ze féieren.

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Jo, meng wichtegst Fro war jo emol haaptsächlech, déi Debatt vun elo op den Ordre du jour iwwerhaapt ze kréien.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Et ginn och Argumenter, fir...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Wiseler, Dir hut eng Fro gestallt un den Här Adam, oder?

► **Plusieurs voix**.- Neen!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Okay.

(Brouhaha)

► **Une voix**.- Fuert einfach weider!

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Jo, wat hunn ech elo nach gemaach, Madame Presidentin?

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Ech mengen, den Här Adam fiert elo emol virun a sengem Discours. Här Adam!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci. Merci villmoos.

(Brouhaha)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Also, den Här Adam huet eleng d'Wuert. Wann ech gelift, e bësselche Rou am Sall!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci! Also, eng Rei Froen, déi mer eis stellen, wou mer, mengen ech, net derlaanscht kommen, fir déi méi genee ze analyséieren. Mir mengen, et ass jo elo eben, well et esou fréi ass, kann ee jo just Pisten undeiten. Et ass jo keen..., also, ech mudde mir wéinstens net zou, fir elo kënnen e Feintuning ze maache vun de Motivatiounen, firwat datt d'Leit an déi eng oder déi aner Richtung gewielt hunn.

Ech kann awer, well ech esou oft bei Diskussiounen derbäi war an esou vill kritesch Leit héieren hunn hir Meenung soen, einfach feststellen, datt et awer e gewëssent Onwuelsinn gëtt an der Gesellschaft, eng gewëssent negativ Astellung, déi ech dann - an da schwätzen ech a mengem Numm - e bësselche mat Globaliséierung an Aklang bréngen, wou Leit veronséichert si vun enger Welt, déi ëmmer méi schnell dréit, wou d'Globaliséierung ëmmer méi Grenze verwëschen deet, eng gewësse Skepsis vis-à-vis vun der Europäescher Union, déi och bei eis net Halt mécht, eng Skepsis vis-à-vis vun der Muecht vun de Banken a vun de grouse Konzernen.

D'Wunne gëtt ëmmer méi deier, de Stau gëtt ëmmer méi laang. Dat sinn Themen, deene mer eis mussen unhuelen.

En anere Sujet, deen ëmmer erëm opgetaucht ass: d'Lëtzebuurger Sprooch. Mir haten hei am November d'lescht Joer en Débat, wou mer gesot hunn: Der Lëtzebuurger Sprooch geet et esou gutt wéi nach ni. Ech stinn och haut dozou. An ech sinn awer der Meenung, datt et wichteg ass, datt mer eben nach méi maache fir d'Lëtzebuurger Sprooch. Mir hate festgestallt hei, datt esou vill Leit Lëtzebuergesch léiere wéi nach ni. Abee, et gëtt nach ëmmer Waardeschlaangen, wann ee wëllt Lëtzebuergesch léieren. An ech mengen, dann ass dat ganz kloer eng weider Erausforderung, déi mer mussen unhuelen an där mer mussen entgéintgoen.

Mir haten och vill iwwer déi Begrëffer Souveränitéit, Nationalitéit diskutéiert. Déi sinn och am 21. Jorhonnert wichteg. Wat verstet mer dorënner? Wéi kënnen mer en Identitéitsverloscht oder d'Gefill vun engem Identitéitsverloscht verhënnern? Dat si Froen, déi net enger Partei gehéieren, mä dat si Froen, mat deene mer eis alleguete mussen ausneetzen, well dat sinn och Froen, déi d'Leit bei eis am Land beréieren.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Zwee kuerz Punkten an da sinn ech um Schluss. D'Prognose, et ass och erëm haut de Mëtteg vu Prognose geschwat ginn. A fir mech ass dat awer eng wichteg Erkenntnis: Déi Prognosen, déi louche relativ wäit um Schoss. Souguer de Charles Margue ass haut am „Wort“ zitéiert: „Da fängt man schon an, an sich selbst zu zweifeln.“ Duerfir géif ech och...

(Interruptions)

...fir mech selwer soen: Kommt, mir loosse eis net ze vill...

(Brouhaha)

Kommt, mir loosse eis net ze vill vu Politbarometere a vu Sondagen dreiwien! Kommt, mir brauchen déi néideg Rou fir eis selwer, fir an der Diskussioun mat de Leit ze enger Meenung ze kommen!

An da perséinlech, ech hunn et virun opgezielt, ech hat d'Chance, fir fir déi gréng déi ganz Campagne ze maachen. Ech si selbstver-

ständig net zefridde mat menger Aarbecht, well ech moossen déi net u menger Präsenz dobaussen um Terrain, mä ech moosse se um Resultat. An d'Resultat ass nun eemol einfach, dat kann een net beschöngelen, et ass net esou - a wäit dervun -, wéi mer eis et gewünscht hatten! Mä gutt, mir hu gesot: Mir stellen d'Fro, mir akzeptéieren all Resultat, wéi et kënn.

An eng lescht Bemierkung: Wann eng Regierung muss demissionéieren, well e Referendum net esou ausgegangen ass, wéi se wollt, da géif dat ganz kloer a mengen Aen heeschen: Dann därefer mer keng Referendume méi organiséieren!

(Interruption)

Well da maache mer eng Serie vun: Referendum ass gläich Vertrauensvotum an d'Regierung. An ech mengen, wa mer wëllen eng Kultur vu Referendumsdebate kréien, dann därefer mer deen do Lien net maachen. Mir hunn e virum Referendum net gemaach, keng Partei huet e virum Referendum gemaach. Ech fannen, mir sollen en och elo net maachen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Adam. Ech hunn lech e bëssen Zäit bäginn, vu dass Der e puermol ënnerbrach gi sidd. Nächst Riedner ass den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Lëtzebuurger hunn de Sonnden decidéiert: fir Lëtzebuerg, fir eis Souveränitéit, fir eis Nationalitéit, fir eis Sprooch an eis Identitéit! De Referendum vum 7. Juni dëst Joer ass duerfir e ganz wichtegen Dag a wäert och sécherlech an d'Geschicht vun eisem Land agoen.

An deene leschten honnert Joer hunn dräi Referendumen hei am Land stattfonnt, déi mat der Identitéit an der Souveränitéit vun eisem Land ze dinn haten. Den 28. September 1919 hunn d'Lëtzebuurger mat 77,8% fir d'Monarchie gestëmmt, bal deeselwechte Prozentsaz, wéi mer en de Sonnden haten. Den 10. Oktober 1941 hunn d'Nazien hei am Land, dat war zwar keng direkte Referendum, mä eng „Personenstandsaufnahme“ gemaach, haut géife mer soen eng Vollekszielung, wou se dräi Froe gestallt hunn: iwwert d'„Staatsangehörigkeit“, d'„Muttersprache“ an d'„Volksangehörigkeit“.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

A si hätte gär gehat, d'Lëtzebuurger sollten dräimol mat „Däitsch“ äntwerten. D'Lëtzebuurger hunn awer zu 95%, trotz dem Drock an der Gefor vun den Nazien, dräimol mat „Lëtzebuerg“ geäntwert, an dunn hunn d'Nazien déi Prozedur gestoppt.

An elo de 7. Juni hunn d'Lëtzebuurger mat bal 80% erëm Nee gesot zu enger Rei vun Décisionen, déi eiser Souveränitéit, eiser Identitéit, eiser Nationalitéit geschuet hätten.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Haut op den Dag virum 200 Joer, Här President, den 9. Juni 1850 (veuillez lire: 1815), ass um Wiener Kongress am Fong de Lëtzebuurger Stat gegrënnt ginn. Dat wier eng Geleehheit gewiescht, well dat just haut 200 Deeg (veuillez lire: 200 Joer) sinn, datt an dësen Deeg eis Regierung dat offiziell geëiert hätt. D'Regierung huet dat net gemaach. Ech géif soen, datt d'Lëtzebuurger mat hirem Vote vum leschte Sonnden déi 200 Joer geëiert hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - De Referendum war kee Vote géint d'Ausländer, mä et war e Vote fir Lëtzebuerg, e Vote fir d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger iwwert d'Nationalitéit. Mir wëllen integréieren a mat deene Leit zesummeliewen.

A wa gesot gëtt, datt d'Lëtzebuurger mat Sécherheet an de leschte Jorzéngte gutt mat eisen auslännesche Matbierger zesummegeliéift hunn, da stëmmt dat. Well et gëtt sécherlech kee Land op der Welt, wou esou vill Nationalitéiten esou am Friden zesummeliewen, wéi dat hei de Fall ass. An dat muss, muss a kann nëmme fonctionnéieren, wann et vun deenen zwou Säiten esou gesi gëtt.

A wann et op der Lëtzebuurger Säit och an de leschte Wochen op de sozialen Netzwierker emol déi eng oder déi aner Ausrutscher gi sinn, esou hat ee gemengt, datt mam Sonnden dat Ganzt eriwuer wier. An ech war duerfir gëscht iwwerrascht, am „Quotidien“ kënnen ze liesen, datt de Sekretär vum Departement

vun den Immigrés beim OGB-L an engem Interview gesot huet, datt: «de dénoncer les mensonges énormes du CSV et de l'ADR. Cela fait 25 ans que je paie mes impôts au Luxembourg pour ces incompetents et menteurs de Claude Wiseler et Gast Gibéryen qui n'ont jamais travaillé.»

► **Une voix.** - Uih!

(Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat ass net iergendwéi ee gewiescht, dat war e Responsable vum Departement vum OGB-L vun den Immigrés, also e Mann, deen Afloss bei sengen auslännesche Kolleegen huet. A wann dat een Dag nom Referendum säi Respekt ass virum Choix, deen d'Lëtzebuurger e Sonnde geholl hunn, da muss verschidde Leit sech selwer an de Spiegel kucken!

Här President, wa mer soen „an d'Integratioun investéieren“, dann ass dat virum allem och fir eis, an d'Sprooch investéieren. Mir mussen flächendeckend hei am Land d'Lëtzebuurger Sprooch a Coursen ubidden, gratis. Mir mussen genuch Leit hunn, déi déi Sprooch kënnen forméieren, an eise Frënd Fayot Ben, dee laang bei eis hei an der Chamber wor, huet eis haut nach e Mail geschéckt, wou en drop higewisen huet, datt zum Beispill an Däitschland Leit, déi an d'Land erakommen an d'Sprooch net kennen, datt déi 600 Stonnen do kréien, fir déi däitsch Sprooch ze léieren, bis 900 Stonnen. Däitschland huet sécherlech net deen Immigrationproblem, wéi mir en hei zu Lëtzebuerg hunn, an duerfir, mengen ech, géife mer gutt drun doen, wierklech massiv, massiv doranner ze investéieren hei zu Lëtzebuerg.

Wann een d'Resultat kuckt, Här President, da muss ee feststellen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, ech sinn do.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...datt dat Resultat méi kloer ass, wéi jiddweree vun eis et heibannen erwaart huet. Et ass e ganz kloer Resultat. Et ass eng kloer Sprooch, déi d'Lëtzebuurger de Sonnde geschwat hunn, ouni vill ze schwätzen. Mir sinn erausgaangen, mir hu vill geschwat. Mä d'Lëtzebuurger hunn, wéi se am Wahlbüro waren, eng kloer an onmëssverständlech Décisioun geholl.

Déi Themaen, déi dräi, déi e Sonnden zur Diskussion stoungen an zur Wiel stoungen, déi mussen elo definitiv aus eiser politescher Diskussion verschwonnen sinn. Si kënnen keen Afloss an eis Verfassung kréien. An ech sinn och frou, datt dat vun deenen anere Parteien esou gesi ginn ass.

Dat Resultat ass ëmsou méi iwwerraschend, wann ee kuckt, wie sech alles fir de Jo agesat huet. Wann ee weess, datt vun néng Parteien, déi mer hei am Land hunn, siwe Parteien fir de Jo waren, datt de gréissten Deel vun der geschriwwener Press fir de Jo war, datt de Bëschof mat senger Zeitung fir de Jo war, Kënschtler - eng bestëmmte Klass vu Leit huet ganzsäitig Annoncé gemaach - an d'Organisatioun MINTÉ mat alle Gewerkschaften an Organisatiounen hannendrun, da muss een haut soen, wann esou massiv Campaigne gemaach ginn ass fir de Jo, da muss vill Leit an deenen Organisatiounen, bis bei d'Kierch, de Bëschof, sech d'Fro stellen, ob an deem Numm, wou se mengen ze schwätzen, ob déi Leit an déi Scheewercher nach hannerun hinne stinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Gambia huet och Campaigne gemaach. D'Regierung huet Campaigne gemaach. Si huet d'Fro mat hirer Majoritéit decidéiert, net d'Oppositioun! De Statsminister huet bei der Lag vun der Natioun de gréissten Deel vu senger Interventioun iwwert de Referendum gemaach. En huet de Pilgerstaf an de Grapp geholl, fir doruechter ze goen. Deelweis hunn aner Ministeren..., ma et ass hiert gutt Recht, mä et ass och hiert Engagement.

An deelweis sinn d'Leit och vu Regierungsmemberen, bis hi bei de Statsminister, beleidigt ginn an där Campaigne! Ech denken dorun, datt d'Wuert gefall ass vun „Frechheit“, vun „domm“. Lëtzebuerg ass mat Dubai verglach ginn, engem Land, wou d'Ausländer iwwerhaupt keng Rechter hunn a wou d'Fraen iwwerhaupt keng Rechter hunn. Wann e Statsminister eist Land mat esou engem Land vergläicht, da muss ee sech vill Froe stellen.

A wann den Här Bodry haut hei gesot huet, datt de Jo an den Nee kenger Élite géif gehéieren, da muss een awer soen, Här Bodry, datt dat, wat Der an engem Interview gëscht geschriwwen hutt, awer ganz anescht geklongen huet. Dir hutt deemools geäntwert: „Interessant war aber schon, dass eher jene mit Ja gestimmt haben, die eine höhere Schulbildung und ein höheres Einkommensniveau aufweisen.“

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Géift Der wann ech gelift och..., Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat do ass e bësse symptomatesch fir awer klenger Ausrutscher, déi bei der Wahlcampagne waren, all déi Insinuationen. Wann een Zitat mécht, da muss een se ganz maachen! Éischtens hunn ech den Interview net geschriwwen, et war en Telefonsinterview! A si hunn och net meng ganz Äntwert publizéiert.

Ech hunn - an der éischer Fro war et nämlech: Sidd Der der Meinung, dass de Jo e Jo vun der Élite war? -, do hunn ech Nee geäntwert! Genau dat, wat ech haut gesot hunn! An dunn hunn ech gesot, dass...

(Interruption)

Ech hu mech referéiert op - et ass dat Eenzegt, wat do ass - Ëmfroen, dass dann erauskomm wär, dass awer natierlech déi jonk Leit an dass déi Leit mat héijem Akommes a mat Uniausbildung, dass déi u sech „méi“ fir de Jo gestëmmt hunn. Mä ech hunn awer och gesot: „An alle Kategorie war den Nee majoritär.“

Also ech géif bieden, wann Der esou Saache maacht: Et ass ëmmer dat Erausrappe vun engem Zitat, dat Net-an-de-Kontext-Setzen, ech fannen et net ganz fair! Et ass natierlech, doropshin ass dat jo och vun anere Leit schon erëm lancéiert ginn an den Netzwierker. Ech muss soen, dat ass déi Form vu politescher Auseersetzung, déi mech perséinlech dégoütiert!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, dat, wat ech hei zitéiert hunn, ass dat, wat an deem Artikel stoung! Ech hunn näischt bäigesat an ech hunn näischt ewechgeholl!

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

Här Bodry,...

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech zitéiere vläicht ee vun Äre Parteikolleegen. Dat kënn Der haut um Internet noliesen, bei RTL, e gewëssenen Här Philippe Meyers.

► **Une voix.** - Oh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, et ass e President vun enger vun Äre Strukturen!

► **Une voix.** - Jo!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Deen huet geschriwwen: „Ech si schockéiert. Hei gëtt dann nom Referendum nach eemol ënnerstrach, dass 80% vun de Lëtzebuurger domm sinn a 76% vun den LSAP-Wieler net aus der sozialer Couche vun de Groussverdénger kommen.“ Dat ass d'Äntwert, Här Bodry! Da schwätzt Der mat Äre Leit intern! Ech liesen deem säin Text net virun...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech liesen deem säin Text net vir, well da Wieder kommen un Äre Adress, déi ech lech wëll haut hei erspueren.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Huet ganz Zitat, wann ech gelift!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat ass eng Äntwert vun engem President...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Huet déi ganz Fro, huet déi ganz Zitat!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President,...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat ass onseriö, dat do!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An den Här Gibéryen, dee bieden ech och elo, sech un d'Chamber ze richten an u soss keen!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Onseriö!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An den Här Gibéryen huet elo eleng d'Wuert an e kritt selbstverständlech déi Zäit ugerechent. Mä hei an der Chamber hu mer d'Traditioun, dass, wann ee sech un ee riicht, dee selbstverständlich, wann dat net deem entsprécht, wat e gesot huet, deen dat och selbstverständlich ka berichtege. An dat ass elo geschitt an den Här Gibéryen huet eleng d'Wuert!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President! Nach duerfir, fir déi zwou, dräi Minuten, déi mer bleiwen, e puer Wieder iwwert d'Konsequenzen. D'Regierung mécht hei, wéi wa se géif einfach zum Ordre du jour iwwergoen, obschonn dëser Regierung, nodeem se

18 Méint am Amt ass, nach 30% vun de Bierger hir d'Vetraue schenken, obschonn 80% vun de Leit gëscht géint déi Iddien, déi si hei am Land wollt duerchsetzen, gestëmmt hunn! Esou séier ass nach ni eng Regierung vun uewen no ënne gefall.

Gambia ass ugetrueden, fir d'Land ze moderniséieren a méi fortschrëttlech ze maachen, e lénsideologesche Stat aus Lëtzebuerg ze maachen. Si hunn an 18 Méint, Här President, méi futtigemaach, wéi d'Generatiounen viru gutt gemaach hunn!

(Protestations)

An och de Sonnden am Vote ass dat kloer zum Ausdruck komm. Et ass gesot ginn, d'Leit kriter Angscht gemaach an d'Leit hätten Angscht. Neen, d'Leit hate Courage de Sonnden! Si hate keng Angscht, si hate Courage de Sonnden. A wann een Angscht huet hei am Land, dann ass et dës Regierung vis-à-vis vun de Wieler!

Mir hu kee Récktrëtt verlaangt. Mä mir hu gesot: „Wa mir an där Situatioun wieren a mir hätten esou eng Offuer vun de Wieler kritt, wéi dës Regierung se kritt huet, dann hätte mir gewosst, wat mer gemaach hätten. Da wiere mer bei de Grand-Duc gaangen a mir hätten eis Demissioun agereecht!“

(Brouhaha)

Mä muechtbesiessen, wéi dës Regierung ass, bleift se op hire Still pechen! D'Vetraue vun de Bierger huet se verspillt! Vum 7. Juni un ass et net méi d'Regierung fir d'Vollek, mä d'Regierung géint d'Vollek!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nächste Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech mengen, eng Saach ass kloer: D'Land wäert net ënnergoen. Et ass och richtig ze soen, an dat gouf gesot, datt d'Zesummeliewen tëschent de Lëtzebuurger an den Netlëtzebuurger hei am Land relativ gutt geklappt huet, weiderhi relativ gutt klappt, zemoos wann een dat och nach mam Ausland vergläicht.

Et muss ee sech awer och heiansdo d'Fro stellen, ob et och ëmmer en Zesummeliewen ass oder net éischer en Niewenteneeliewen. Dat ass eng Fro, déi ee sech muss stellen. An et muss ee sech och d'Fro stellen: Fir wéi laang nach? Well wann een dat an de Kontext setzt vun der Ëmverdeelung vum Räichtum mat den Ongläichheeten, déi ëmmer méi wuessen, da riskéieren natierlech och d'Spannung méi grouss ze ginn.

Et huet een heiansdo héieren, et si Leit, déi referéiere sech u Frankräich a soen: „Jo, a Frankräich ginn et Schwieeregkeete weinst dem Droit du sol oder weinst der Laizitéit.“ Dat ass Brach. Dat ass absolutte Brach! Et huet näischt domat ze dinn. A Frankräich ginn et Schwieeregkeete weinst de grouse soziale Spannungen an Ongläichheeten! Ech mengen, et däreft een déi Saachen och net matenee vermëschchen.

Ech weess net, wéi all einzelnen Ausländer elo hei zu Lëtzebuerg den Neen interpretéiert huet. Ech ka mer scho virstellen - an ech weess dat och positiv vun eenzelne Fäll, mä dat sinn ëmmer eenzel Fäll -, datt gewëssenen Ausländer eng kleng Bull am Bauch hunn. Net onbedéngt, well se d'Wahlrecht wollten, mä well se awer scho massiv gesot kritt hunn, datt se keng weider Rechter solle kréien.

D'CSV huet viru gesot, d'Regierung wier onverantwortlech gewiescht, fir dee Referendum esou ofzehalen. Et kann een driwwer diskutéieren, wéi de Referendum ofgehal gouf. Mir hunn dat och kritiséiert. Ech mengen awer och, datt et vun der CSV net ganz verantwortlech war, déi Aart a Weis, wéi si d'Campagne menéiert huet. Wann een „Opgepasst!“ opriff, da kann een dat erklären a versichen ze erklären, wéi dat ze interpretéieren ass... Souwisou, e gudde Slogan, dee brauch een net ze interpretéieren, dee liicht jiddwerengem an! Da musst Der vläicht Äre Agence wiesselen oder eng professionell...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wann een eppes wëllt maachen, kann een alles maachen, Här Wagner!

(Brouhaha)

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Da kënn Der dat vläicht versichen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir wëllt dat do jo maachen.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Et si vill Leit...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir wëllt dat do jo maachen!

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Neen! Ech wëll dat net maachen, well Dir hutt och eng Responsabilitéit! Dir sidd jo eng grouss Vollekspartei an Dir...

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg, Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir hu se awer och geholl, Här Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Dir hutt...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Neen, mir hu se awer och geholl, Här Wagner.

(Coup de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Et si vill Leit, déi hunn dat esou interpretéiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Loosst lech net beiren, Här Wagner!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Ma guer net, ech schwätze weider!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- A riicht lech erëm un d'Chamber!

(Hilarité)

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President.

Dat ass esou interpretéiert ginn. Ech weess, datt Dir vläicht Schwierigkeiten hutt domadder, Här Wiseler, well dat gläicht lech net. Mä dat ass awer vu ville Leit esou interpretéiert ginn, wéi wann ee misst op d'Ausländer oppassen. An ech mengen, dat huet wéigedo.

Ech mengen souwisou, jo, während dëser Campagne si vill Leit blesséiert ginn. An et gouf vill Leit blesséiert op den zwou Säiten. Natierlech, wann een d'Nee-Wieler als Rassisten oder als Xenophoben duerstellt, oder ennerstellt, si wieren domm - an ech wëll net domadder soen, datt de Premierminister dat gesot hätt, well dat huet en net esou gesot, dat wëll ech kloerstellen, mä et ass heiansdo op anere Plazen esou gesot ginn -, dann ass dat falsch an dann ass et blessant. An dat dierf een net soen.

Wann een awer och ennerstellt, datt d'Ausländer géifen hiert Wahlrecht ausnotzen, fir d'Souveränitéit vum Land a Fro ze stellen, oder si géifen net zur nationaler Solidargemeinschaft gehéieren, wéi d'ADR dat gemaach huet, da blesséiert dat och, an dat deet dem ganze Land wéi!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- D'Fro vun der Demission vun der Regierung gouf net gestallt. Parteipolitesch Spillercher wëlle mir op jidde Fall als déi Lénk, als Oppositionspartei, net matmaachen! Ech mengen, et soll een och net alles méssinterpretéieren.

A wann 2005 den Här Juncker seng Demission op d'Wo bruecht huet, da war dat Chantage. Dat hat näischt mat Demokratie ze dinn!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat war Courage, Här Wagner!

(Exclamations)

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Et ass awer net ze verkennen,...

(Brouhaha général)

...datt d'Leit en allgemengt Mësstrauen an de politesche System hunn, an net just an dës Regierung. Dat huet Grënn, dat muss een awer och wëssen. Eng Spuerpolitik, déi bedriwwen gëtt vun dëser Regierung, awer och an der Kontinuitéit vun der vieregter Regierung.

(Brouhaha)

Eng Ëmverdeelung vun ënnen no uewen. Eng Politik, déi vun alle sozialen a gewerkschaftlechen Akteuren zudéifst veruerteelt gouf! Trotzdeem bleift eng Regierung stur a léisst sech eréischt op Gespréicher mat de Gewerkschaften an, wa bis massiven Drock ausgeübt gouf. Duerch esou Methoden am Inhalt an an der Form gëtt een net den Androck, et géif een d'Vollek eescht huelen. Andeems een och de Lobbyiste vun enger klenger Interessengrupp, déi vun der Finanzoligarchie, en disproportionale politesche Poids gëtt, dann ass dat och net gesond.

Wann ech haut de Moien och erëm eng Kéier an der Zeitung liesen, d'Regierung wëllt onbedéngt den TTIP während der Présidence weiderbréngen, wou jiddweree weess, an do goufen och Sondagë gemaach, datt d'Majoritéit vun der Bevëlkerung dergéint ass, datt d'Zivillgesellschaft dergéint ass, dann ass dat och net ganz gesond fir d'Demokratie!

Mä wat mécht d'Regierung? Si ignoréiert dat! Net just d'Regierung, et gëtt och hei Parteien, déi den TTIP ennerstëtzen. Mir sinn u sech déi Eenzeg hei... Allez, ech huelen déi gréng mat...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Dat ass léif.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- An och Parteien, déi dee ganzen Dag vun nationaler Souveränitéit schwätzen, an déi awer guer kee Problem hunn, fir d'national Souveränitéit ze monayéieren iwwer esou en Handelsvertrag wéi den TTIP, well do ass se wierklech a Fro gestallt an net duerch d'Ausländerwahlrecht. Dat wollt ech lech och nach eng Kéier soen.

(Interruption)

Majo, dann hu mer e reelle Problem!

Wat d'Konsequenze wäerte si fir jiddweree vun eis, ech mengen, datt mer net Schlussfolgerunge sollen zéien, déi net ze zéie sinn a keng Politik politicienne bedriewen. De politesche System muss een awer a Fro stellen an erneieren. Eis Verfassung muss esou geännert ginn, datt mer de Bierger weider Méiglechkeeten ubidden, fir matzedécidéieren a matzentscheeden. Dat geet wäit iwwert d'Fro vum Referendum eraus an och wäit iwwert d'Informatiounsowender, wou een de Leit erkläert, wat ee wëlles huet.

Et soll een och oppassen, net ze vill arrogant ze sinn. Ech mengen, d'Fro vun der politescher Bildung ass schonn hei opgetaucht. Et ass keng Fro vu politescher Bildung. Ech ka mech och erëm eng Kéier enneren, 2005, wou awer och den Neen ëmmer méi staark ginn ass, gouf gesot, dat hätt domadder ze dinn, datt d'Leit keng politesch Bildung hätten. Ech mengen, dat soll ee si loosse.

Politesch Bildung, jo, an de Schoulen, op verschidden Aart a Weisen, kann ee maachen, mä dat soll een net an den Zesammenhang bréngen mat enger Aart a Weis, wéi d'Leit vläicht ofstëmme. A wann ee mengt, datt d'Leit vläicht net esou richtig ofstëmme wéi ee selwer gären hätt, dat huet net mat engem Manktum u politescher Bildung ze dinn.

► **Une voix**.- Ech mengen, dee Lien huet kee gemaach.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Dee Lien hutt Dir och net gemaach, wollt ech och soen. Dat ass kloer.

Wann een awer dovunner ausgeet, datt d'Leit vläicht aus anere Motiver Neen oder Jo gestëmmt hunn, wat duerchaus bei enger Partie de Fall war, da soll ee versichen, ze verstoen, wouhier déi Onzefriddenheet kënnt. A mir mussen eis elo iwwerleeën, wat fir eng konkret Piste mer ennerhuelen, well et gëtt weiderhin

en demokratesche Problem hei am Land, dee fënnt op zwee Niveaue statt: Déi eng Halschent huet d'Wahlrecht, déi aner net. Dat wäert sech deemnächst eben net änneren. An eisen Ae bleift de Problem trotzdeem weider bestoen.

A vun der Nationalitéit ofgesinn, eis Demokratie ass defizitär souwuel um politesche Plang wéi och um wirtschaftleche Plang, zum Beispill wat d'Matbestëmmung an de Betriber ubelaangt. Dat betrëfft jiddweree, ob Lëtzebuenger oder Netlëtzebuenger.

An zur Verfassung, do ass och e Problem. Déi dräi Froen, déi gestallt goufen, si jo am Kontext vun der Verfassungsrevisioun gestallt ginn. Lëtzebuerg soll eng nei Verfassung kréien. Wéi gi mer do virun? Et ass schonn ugeklongen, den Här Bodry ass e bëssen drop agaangen, datt an der Institutiounskommissioun wäert nach weiderdiskutéiert ginn, wéi mer dat weider upaken.

Mir si weiderhin der Meenung, datt mer net kënnen esou eppes Wichtiges wéi d'Verfassung einfach esou, enner Ausschloss vun der Bevëlkerung, décidéieren, an duerno vläicht mat engem uschléissende Referendum, dee vläicht och erëm eng Kéier an d'Box geet, deemno wéi. Mir mengen, datt et wierklech un der Zäit ass, zemoos bei esou wichtige Froen wéi eng Fro vun der Verfassung, datt do d'Bevëlkerung konkret a massiv an intensiv muss mat agebonne ginn.

Et kann net sinn, datt eng Regierung untrëtt a seet, mir maachen d'Fensteren op, mir wëlle méi Demokratie, an duerno selwer entscheet, wat fir eng Fro gestallt ginn, sech dräi Themen auswielt, net op aner Virschléi ageet, an herno emol net capabel ass, eng uerdentlech Campagne ze organiséieren. Dat géllt fir eis all, well d'Chamber war och dofir verantwortlech, muss een och soen, och wa Kritik koumen. Mä ech mengen, dat hu mer wierklech net richtig u sech gemeeschtert.

Zum Beispill d'Spillregele muss ee festleeën, ier een e Referendum mécht. Et geet net duer ze soen, mir hätte keng Referendumskultur. Mir wëssen dat. Mä da solle mer eis eng ginn! An da muss ee sech vläicht e bësse méi Zäit ginn, fir déi Spillregele festzeleeën, am plaz herno mussen driwwer ze diskutéieren, awéieren de Camp vum Jo a vum Neen iwwerhaapt gläichberechtigt kënnen zu Wuert kommen. Déi Diskussioun huet jo déi eigentlech Diskussioun polluéiert während e puer Deeg an e puer Wochen. An dat war net gutt.

Ech mengen, d'Lëtzebuenger Natioun ass eng jonk Natioun, déi sech definitiv nom Zweete Weltkrich affirméiert huet. Mir sinn e klengt Land, mir hunn eng speziell Sproochesituatioun, déi een néierens erëmfént. Mir sinn en Immigrationsland ginn, nodeems mir laang en Emigrationsland waren, wat e positivt Zeechen ass, well et ass en Zeechen, datt et eis gutt geet. Mir sinn e Land, wat staark wiisst, wat immens dynamesch ass, wat jonk ass, och wéinst der Immigratioun. Mir sinn e Land, wou eng Sprooch geschwat gëtt, déi soss a kengem anere Land geschwat gëtt an déi ëmmer méi geschwat gëtt, an esouguer ëmmer besser geschriwwen gëtt. Ech mengen, dat ass net oft gesot ginn, mä dat ass awer eng Realitéit.

Ech mengen, et ginn och heiansdo Saachen, wéi fir eng Vendeuse zum Beispill, déi Bréidercher verkeeft, déi minimum aacht Stonne muss schaffen am Buttek a bestëmmt zwou Stonnen Transport erdroe muss, fir an der Moselle zum Beispill erëm hin- an zréckzefueren. An déi vläicht och nach no hire Kanner an nom Stot muss kucken, wann de Mann vläicht och net onbedéngt mathëlléft. Dann ass d'Leiere vun der Lëtzebuenger Sprooch net esou selbstverständlech!

Fir eng Sprooch ze léieren, brauch ee vill Energie, zemoos wann een net méi dee Jéngsten ass. Dofir och wierklech, d'Moyene sech ginn - d'Sprooch war jo och e Sujet -, d'Moyene sech ginn, net ze zwéngen, mä wierklech massiv de Leit d'Méiglechkeet ginn, dës Sprooch ze léieren, well dat ass gutt fir jiddweree, ouni datt dat eng onméiglech Laascht gëtt. Well eng Sprooch ze léieren ass och net evident fir jiddweree. Déi eng hunn éischer Schwierigkeiten, anerer net.

An ech wollt och nach eng Kéier eppes soen: D'ASTI, op déi gëtt ëmmer gäre geklappt...

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Op d'ASTI gëtt gäre geklappt, jo, Här Kartheiser, Dir wësst et. Virun 30 Joer, iwwer 30 Joer gouf et eng Organisatioun, déi hei am Land den Immigrantekanner Lëtzebuergeschoursen ugebueden huet, dat war d'ASTI. Et war net de Stat. Dat waren och net selbst ernannte Patrioten.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Dat waren déi, déi net zéngmol den Dag „Ons Heemecht“ mengen mussen ze sängen, mä dat

ware Leit, déi einfach gehandelt hunn, fir d'Land a fir d'Immigratioun. Dat dierf een och net vergiessen.

Ech mengen trotzdeem, mir mussen herno gewësse Froen méi entkrampft ugoen, zemoos zesumme mat der Zivillgesellschaft, mat de Bierger, mat oder ouni Lëtzebuenger Pass. Ech mengen, all Sait ass dozou bereet.

Ech schléissen of. Déi ganz grous Majoritéit vun de Lëtzebuenger hunn näischt géint d'Ausländer. An ech kenne keen Ausländer, dee Lëtzebuerg net gären hätt, am Géigendeel, heiansdo souguer méi wéi d'Lëtzebuenger selwer.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Wagner. An Dir wäert mer erlaben, vläicht just ze preziséieren, dass an der Chamber hei keng Parteien sech fir den TTIP ausgedréckt hunn, mä dass mer hei als Chamber ëmmer intervenéiert hunn, fir déi Accorden hei virun d'Chamber ze kréien an dass mer da kënnen doriwwer diskutéieren. Just, mengen ech, fir d'Diskussioun erëm ze ramenéieren op dee Punkt a vläicht och fir d'Eier vun der Chamber an deem doten Dossier ze verteidegen. Mir wëllen hei matentscheeden an op Basis vun de Resultater jugéieren. Villmools Merci. An d'Wuert huet direkt den...

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Ech hoffen awer, datt Der déi Remarque wäert all Kéiers maachen, wann iwwerhaapt iwwer eng Partei diskutéiert gëtt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, ech wëll just soen, dass hei d'Chamber a Fro gestallt ginn ass. An ech hunn d'Intérète vun der Chamber ze verrieden. An hei sinn e ganze Koup Zeien derbäi, déi an deenen Diskussiounen mat de Kommissären derbäi waren, déi an den Diskussiounen mam Här Schulz derbäi waren a wou d'Chamber hir Roll komplett gespilt huet a sämtlech Kollegen aus sämtleche Fraktiounen hir Roll gespilt hunn. Ech wollt dat just preziséieren. Dat ass d'Mission vum Chamberspräsident, fir, wann eppes iwwert d'Chamber gesot gëtt, wat der Realitéit net entsprécht, dat awer ze preziséieren. Merci fir d'Versteesdemech.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- De Réckzuch vun den...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift, ech hunn dat...

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- De Réckzuch... d'Verhandlungen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Äre Kolleg huet geschwat. Ech hu just eng Präzisioun dozou ginn. An den Här Spautz huet d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- An deem Kontext, Här President, wou elo just de Sujet abordéiert gouf, huet d'Regierung, well den TTIP hei wierklech ernimmt gëtt, gefrot, fir dass während eiser Présidence - fir déi, déi et nach net matkritt hunn - d'Sozialpartner aus den 28 EU-Länner zesummen zu Bréssel mat der Kommissioun en Échange kréien, fir dass dee Reproche, dass do an der Dunkelkammer jergendepes ausgehandelt gëtt, soll vum Dësch verschwannen. Ech wollt lech dat just matdeelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci fir d'Präzisiounen. An den Här Spautz huet d'Wuert elo.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, „e Rass ass duerch d'Gesellschaft gaangen“. Dat hunn net ech gesot, mä dat stoung gëschter an enger Dageszeitung, wou et heescht, et wier hei zu Lëtzebuerg elo e Rass entstanen. Mir hätten Netlëtzebuenger a Lëtzebuenger, mir hätten där Jo an där Neen, mir hätten 20% fir dat eent a mir hätten 80% fir dat anert.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Wou ass de Rass?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo, da musst Der de Journalist froen, Madame Loschetter. Mä Dir kënnt jo nach eng Kéier hei no mir schwätzen.

Ech kann op alle Fall soen,...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Mä Dir widderhuelt et.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Spautz huet d'Wuert a soss keen!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...mat all deenen Aussoen, déi gemaach gi sinn, a wann een awer mat den auslännesche Matbierger schwätzt, stellt een och fest, dass och si sech



net wueffille mat all deem, wat leschte Sonndeg hei geschitt ass, an dass dee Message, dee mer vermëttelen, souwuel hei zu Lëtzebuerg wéi och iwwert d'Grenzen eraus, net grad iwwerall als positiv ukomm ass.

Den Här Bodry huet geschwat vu perséinlechen Umpelungen. De Statsminister huet dat an der Campagne erlieft. Et sinn och aner Leit, déi dat an der Campagne erlieft hunn, net grad esou krass wéi dat beim Statsminister de Fall war, mä déi hu virgeworf kritt, si wiere brong respektiv si hätten eppes géint d'Jugend.

A wann den Här Bodry seet, et soll een d'Leit net perséinlech umpelen, dann huet Ärer Jugend dat mat, well och...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - ...Är Jugend huet et fäerdegbruecht, mat Autocollante mech perséinlech unzempelen. Ech kann domat liewen. Mä ech wëll lech awer just soen, et dierf een net deenen anere Leit virwerfen (veuillez lire: virschreiwene), keng perséinlech Umpelungen ze maachen, an a sengem eegene Stall, fir et dann esou auszedrücken, bréngt een et net fäerdeg, fir dat an d'Rei ze bréngen. Ech wëll dat awer och gesot hunn, well och dat ass net grad déi schéin an déi propper Aart a Weis.

D'Vollek huet leschte Sonndeg geschwat. An d'Vollek huet eng ganz kloer Sprooch geschwat. An all Resultater, déi am Virfeld vun den Demoskope virausgesot gi waren, goufen iwwertraff. 211.013 Leit hu leschte Sonndeg mat un deene Wahlen deelgeholl. Dat sinn der ganz vill. A wann een déi 211.013 Leit kuckt an dovun 80%, dat sinn der 170.616, déi bei där enger respektiv där anerer Fro Jo gesot hunn, an et sinn der 40.500, déi bei där Fro Nee gesot hunn. Ech wëll nach eng Kéier widerhuelen...

Ëmgedrëit, pardon, et si selbstverständlech 170.616 Leit, déi Nee gesot hunn, a 40.500,...

(**Interruptions diverses**)

...déi Jo gesot hunn.

(**Brouhaha**)

Well, wann déi Debatt haut ausgaange wier, et wier 170.000-mol Jo a 40.000-mol Neen, da wier de Langage an de Sproochgebrauch vun dem Här Bodry, dem Här Berger an dem Här Adam e bëssen en anere gewiescht vis-à-vis vun der CSV. An dann hätt et geheescht: „Dir hutt näischt verstanen an Dir sidd nach ëmmer déi ewig Gestrigen.“ Dofir wëll ech soen, dass et awer kloer ass. An dee Message, deen eriwierkomm ass vun de Lëtzebuerginnen an de Lëtzebuerg, ass kloer.

Wann och am Virfeld probéiert ginn ass, an et ass schonn hei gesot gi vu verschiddene vun de Virriedner, Clanen hei zu Lëtzebuerg ze bilden, da wëll ech drun erënneren, dass net méi spët wéi leschte Freideg déi heite Publikatioun an der Lëtzebuerg Press war.

(**M. Marc Spautz montre une documentation à la Chambre des Députés.**)

An do gesäit een der e puer op där enger Säit stoen a ganz vill op där anerer, mä d'Wahlresultat seet genau de Contraire! Well d'Wahlresultat seet, 80% vun de Lëtzebuerg sinnen net mat där Propos vun der Regierung averstanen an 80% vun de Lëtzebuerg wëllen dat net.

Ech hunn elo bewosst gesot, vun der Regierung. Am Ufank huet et geheescht, dat hei ass kee Referendum, dee vun der Regierung organiséiert gëtt, mä dat hei ass Referendum vun der Chamber. An et ass d'Institutionskommissioun, déi, zesumme mam Chambersbureau a mat der Conférence des Présidents, déi Campagne géif maachen. Esou ass et och ugaangen.

An deenen éischte Sondag war et ganz kloer, zweemol Neen an eemol Jo... zweemol Jo an eemol Nee géifen d'Lëtzebuerg soen. An déi Ennerscheeder sinn ëmmer méi grouss ginn. An duerno huet de Statsminister deklaréiert an engem Briefing vun der Press, hie misst sech elo amëschen, fir kënne mam Pilgerstab ronderëm ze goen, fir alles dat an d'Rei ze bréngen.

Ech weess elo net, ob en domadder wëllt an d'Rei bréngen, dass een de Führerschäin ka mat 17 oder mat 16 Joer maachen, ob et dat ass, wat e wëllt an d'Rei bréngen. Mä op alle Fall, ab deem Moment huet d'Regierung sech an dee Wahlkampf massiv agemëscht.

An dofir ass och d'Fro, déi ee sech muss stellen: Wann d'Regierung sech esou abruecht huet wéi déi dräi führend Ministeren, de Vizepremier, de Premier an de Justizminister, an et gëtt

een deementspreechend vun de Lëtzebuerg ofgestrooft, ob een dann net sech muss awer och aner Froe stellen, wéi einfach elo d'Blat ëmzedréien an nom Ordre du jour virunzefueren.

(**Brouhaha**)

Well eppes, wat ganz kloer ass, well an där ganzer Ëmfro...

Här Braz, wëllt Dir eppes soen? Hei, den Här Braz wëllt eng Fro stellen.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Den Här Spautz, wéi och den Här Wiseler virdrun, seet ëmmer, et misst ee sech Froe stellen, oder den Här Wiseler, hie wësst, wat e géif maachen. Dir hutt dat elo x-mol gesot an deene leschten Deeg. Dir hutt nach ni gesot, wat dat ass. Da sot, wat dat ass, sot et riicht eraus! Sot, wat Der mengt! Da weess och jiddwereen, wat Der mengt. Well Dir schwätzt an Ausdréck, déi net verständlech sinn, Här Spautz. Sot, wat Der mengt!

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wëll lech soen, datt ech et e Sonndeg op der Télee ganz kloer gesot hunn...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Wiseler oder den Här Spautz.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...wann ech eppes ze decidéiere gehat hatt...

(**Brouhaha**)

Den Här Spautz, mengen ech, erlaabt mer, ee Wuert ze soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Okay. Den Här Wiseler.

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Fir kloer an daitlech op Är Fro ze äntwerten, ech hunn et schonn e Sonndeg op der Télee gesot: „Wann ech an der Plaz vum Här Bettel wär, da wär ech e Méindeg de Moien um aacht Auer bei de Grand-Duc gaangen, fir meng Demission ze ginn, well ech net wëilt Premier sinn, wann d'Land mech mat 80% ofgefouert hatt.“

War déi Ausso kloer? Hutt Der se verstanen?

► **M. Marc Spautz (CSV).** - An ech hu gesot, Här Braz, an dat konnt Der och an der Press liese respektiv nolauschteren: „Wann ech am Fall wier vun deenen anere Parteien, géif ech mengem Nationalcomité proposéieren, dass mer géife bei de Grand-Duc goen an eis aus der Regierung zrëckzéien.“ Dat konnt Der um Radio nolauschteren an dat konnt Der och an der Zeitung liesen. Ech wosst net, dass Der d'Geleeënheet net hat déi lescht Deeg, lech mat der politescher Aktualitéit ze beschäftegen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Här Braz war ze vill depriméiert.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll soen, an dat beweist och elo, wéi d'Diskussioun heibanne geet: Wann et déi eng Säit ass, dann ass ëmmer alles richtig, wann et déi aner Säit ass, ass alles falsch. Dir hutt eis Saachen ënnerstallt während där ganzer Campagne an Dir sidd net mat proppere Saachen op eis zougangenen. Dir hutt eis ënnerstallt, de Wielerwëllen...

► **Plusieurs voix.** - Ooh! Aah!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - ...net ze respektéieren. Den Här Berger huet et nach virdrun heibanne gesot. Den Här Berger huet nach hei op dësem Pult gesot, dass hei de Wielerwëlle vu verschiddene Leit am Virfeld net hätt wëlle respektéiert ginn. An en huet geschwat hei vu Fräibéier fir jiddwereen.

Ech muss lech soen, d'Verfassung, an déi Froen, déi an der Verfassung gestallt ginn, dat ass net, fir dat mat Fräibéier ze vergläichen, mä do geet et ëm d'Grundgesetz vum Lëtzebuerg Land, an dat ass eppes Wichtige! An do kann een net vu Fräibéier schwätzen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Da wëll ech an engem zweete Fall soen...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Spautz, erlaabt Der, dass den Här Berger...

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Wann ech déi Minutt erëmkreien, jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Selbstverständlech!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, den Här Spautz zitëiert mech och elo falsch. Wann e virdrun nogelauschert huet, ech hu gesot: „Et gëtt keng Fro an engem Referendum oder kaum eng Fro, scho guer net esou eng, déi géif 100% fir e Jo oder en Neen ausgoen.“ Dat war eigentlech déi eenzeg Saach, un engem Beispill illustréiert. Méi war et net! Do-

madder hunn ech net iergendeppes vun der Seriositéit vun der Verfassung a Fro gestallt.

An déi zweet Saach ass déi, datt virun de Wahlen, virun dem Referendum, effektiv, ënner anerem, dem Här Spautz seng Partei gesot huet, datt si géifen nom Referendum kucken, dat ze interpretéieren. Mir hunn dat net gemaach. Mir hu virun dem Referendum kloer gesot, datt mer dat géife respektéieren.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et ass och net vill ze interpretéieren do.

(**Brouhaha et hilarité**)

► **M. Eugène Berger (DP).** - Wat mer virum Referendum gesot hunn, hu mer och nom Referendum gemaach. Voilà!

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, an elo huet den Här Spautz d'Wuert. A just den Här Spautz!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Ech hu just d'Fro net verstanen, déi den Här Berger gestallt huet. Dat war eng Erklärung, dat do war keng Fro.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dat war eng Erklärung.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Just fir dat awer ze preziséieren.

Da wëll ech och soen, den Här Bodry an den Här Berger sinn och nach op verschidden aner Remarquen agaange vis-à-vis vun der CSV, wou ech awer wëll soen, déi net esou sinn, an déi wëll ech och net hei esou stoe loossen, wéi déi Hären dat gesot hunn.

Den Här Bodry huet gesot, 2013 wier en Accord gewiescht mat der CSV iwwert d'Ausländerwahlrecht an der Verfassung. Dat ass net richtig! Et louch eng Propos um Dësch iwwer en Artikel, wou dragestanen huet, dass d'Ausländerwahlrecht kéint iwwer e Spezialgesetz geregelt ginn - net nëmme d'Ausländerwahlrecht, mä d'Wahlrecht allgemeng -, mä dass dofir déi verfassungsméisseg Majoritéit misst an der Chamber gëllen, an dat si 40 vu 60 Sätz. Dat stoung an deem Text dran.

An duerno, no de Wahlen, huet d'Regierung guer net méi dovu geschwat, mä d'Regierung huet festgehalten an engem Regierungsprogramm, dee vun dräi Parteien ënnerschriwwen ginn ass, deen heibanne vum Här Bettel virgestallt ginn ass, dass si dat net méi géife maachen, mä dass si gären e Referendum géife maachen op deenen dräi Froen.

Ech wëll soen, wann een e Referendum mécht, da kann ee sech och e Beispill huele bei de Schwäizer oder bei den Iren, déi e Referendum gemaach hunn, wou d'Froer prezis gestallt waren a wou net herno 150 Interpretatiounen méiglech sinn: Wat ass bei där enger oder bei där anerer Fro gemengt? Mä do ass et ganz kloer an daitlech. An do hunn d'Iren respektiv d'Schwäizer en Text doleien a si wëssen, en connaissance de cause, wat den Text ass, dee se ofstëmme, an dass och deen Text esou genau an dat Gesetz erakënt an net einfach mat enger Interpretatioun.

Dann ass heibannen nach geschwat gi vun 2005, do hätt den Här Juncker d'Leit, heibannen hunn der gesot, den Här Juncker hätt d'Leit erpresst, wéi e gesot hätt bei deem Referendum, wa mer keng Majoritéit géife kréien hei am Lëtzebuerg Land, da géif hien zrëcktrieden. Ech kann lech awer och soen, et war een Deputéierten heibannen oder e Parteipresident, deen huet 2005 gesot: „Wann dee Referendum schifgeet, geet et net duer, dass de Premierminister zrëcktrëtt, mä da mussen et Neiwahle ginn.“

A fir déi Leit, déi net wëssen, wien dat war, dat war den Här Alex Bodry, deen déi Zäit Parteipresident vun der Lëtzebuerg Sozialistescher Aarbechterpartei war, deen, nodeem den Här Juncker dat gesot hat, dass hien da géif zrëcktrieden, gesot huet, et géif net duergoen, dass hie géif zrëcktrieden, mä et missten Neiwahlen hei am Lëtzebuerg Land ginn. Dat ass geschitt 2005. An dat ass och ni dementéiert ginn, weder vum Här Bodry nach vu soss engem!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Den Här Bodry ass konsequent.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - An da sinn ech och iwwerrascht, wa mer heibanne schwätze vum Zukunftspak. Heibannen ass elo just gesot ginn, et misst een d'Sprooch féerden.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Spautz, den Här Angel weist de Fanger.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Den Här Angel? Jo.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här Spautz, kënt Der lech drun erënneren, dass déi Situatioun 2005 awer licht aneschters war, dass de Referendum den zweete Vote vun der Chamber ersat huet, dass mer als Chamber hei schonn e

Vote geholl haten, deen unanime war. An dat war e bëssen eng aner Situatioun.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Neen.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Ech wëll...

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Neen.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Ech wëll lech dorun erënneren.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dach!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Neen. Mir haten heibanne schonn eng Kéier doriwuer geschwat. Neen!

(**Brouhaha**)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Also, firwat hunn ech déi Deklaratioun gemaach? Ech sot, ech war séngerzäit net mam Virpresche vum Premier d'accord, well ech derfir sinn, dass een net soll säi perséinlech Schicksal verbanne mat enger Referendumsfro, well dat den Drock ausmécht (veuillez lire: erhéicht) op d'Leit, an et soll een eigentlech net aus engem Referendum ee Plebiszit maachen. Dat wësst Der, vun Ufank u war dat meng Positioun hei zu dësem Referendum, et sollt een déi doten zwee trennen.

Mä ech sot, wann de Premier schwätzt vun d'Demission ginn, sot ech, misst eigentlech d'Chamber opgeléist ginn. Well, wat war 2005 gemaach ginn? Eppes ganz Spezielles, wat och vill Leit net verstanen hunn oder wat vläicht och zum Resultat vun 2005 bäigedroen huet.

Et ass deemools decidéiert ginn, dass d'Chamber en éischte Vote géif maachen iwwert den Traité. D'Chamber huet - ech wosst et och net méi, ech hunn et misst nokucken -, d'Chamber huet en éischte Vote gemaach iwwert den Traité an der Iddi, datt jiddweree misst Faarf bekennen an der Chamber virun dem Referendum. An d'Chamber huet keng Dispens gefrot vum zweete Vote.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Voilà!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Sou war et deemools. Keng Dispens vum zweete Vote. Dat war zwou Woche virum Referendum, do huet d'Chamber e Vote gemaach. Si huet keng Dispens gefrot vum zweete Vote. An do ass déi berühmt-berüchtigt Resolutioun gestëmmt ginn, wou 60 Deputéierte vu 60 hei gesot hunn: Egal wat erauskënt, mir respektéieren eent zu eent deen dote Vote.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Voilà!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - A wann Nee gesot gëtt, da fënnst ebe keen zweete Vote statt.

Also an deem Kontext hunn ech déi Ausso deemools gemaach, well d'Chamber sech vill méi staark implizéiert hat doduerjer, dass se e kloer Vote gemaach huet derfir.

An dann, wann ee scho vun Demission schwätzt, ass et eigentlech och logesch, ass dat net nëmme en Désaveu da fir de Premierminister, deen da mengt ze demissionéieren, dann ass et eigentlech en Désaveu fir déi ganz Chamber, déi virdrun e Vote geholl huet. Fir just ze soen, dat war de Kontext vu menger Deklaratioun vun deemools.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mä et war awer och e konsultative Referendum, a kee Referendum nom Artikel 114.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Et war e konsultative Referendum.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Dass mer eis just eens sinn iwwert déi Tatsaach.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech hunn awer elo d'Fakten hei erëmginn, mengen ech.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Mä, Här Bodry, et war awer sécher, dass net iwwert dee Referendum mir d'europäesch Verfassung ugeholl hätten. Mir hu just d'Lëtzebuerg Bevelkerung mat deem Referendum gefrot, ob se domat averstane wier oder net, op konsultativer Basis. An et huet keen zweete Vote ersat, esou wéi den Artikel vun der Constitutioun dat virgesäit. Da si mer eis eens.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat geet jo net.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Jo. Da si mer eis an deem Punkt eens.

An dann eng lescht Remarque, déi ech awer och net verstanen hunn. Dat ass déi, dass den Här Bodry hei gesot huet bei der Sprooch, et misst een alles maachen, fir de Leit ze hëllefen, finanziell ze hëllefen, an et misst een all d'Méiglechkeeten op den Dësch leeën, fir dass d'Leit d'Méiglechkeet hätten, Lëtzebuergesch ze léieren.

Am Zukunftspak, am Punkt 193 steet dran, dass eng Reduktioun vum Remboursement géif gemaach gi fir alleguerten déi Aarbechter, déi Arbeitnehmer, déi wëilten an engem Lëtzebuerg Cours deelhuele. Da muss ech soen, dass ech awer dann iwwerrascht sinn, wann et am Dezember geheescht huet, mir missten op



deem Punkt spueren, an elo gëtt hei gesot, et wier näischt ze schued, fir dat do ze fërderen.

Ech muss soen, ech begrëssen dat, wann elo op eemol d'Regierung agesäit, dass een alles dat muss maachen, fir déi Leit ze fërderen an déi Leit ze ennerstëtzen. Ech verstinn awer net, firwat da viru sechs Méint dat ee vun de Punkte war, deen am Spuerpak deklaréiert ginn ass, fir drop ze spueren. Dass dat awer da komesch ass an net logesch ass, fir an där Kontinuitéit ze fueren.

Et ass och wichteg, dass mer elo kucken an där Verfassungsgeschicht, wou muer de Moien d'Verfassungskommissioun zesummekënn, fir dann och doriwwer kloer an däitlech faarf ze bekennen, wéi et dann elo ass mat där Proposition de loi, déi vun der CSV um Dësch läit. Ech sinn e bëssen iwwerrascht, elo ze héieren, dass d'Regierung géif mat engem Projet kommen. Ma et läit eng Proposition de loi vir. Et brauch ee jo just déi an der Kommissioun ze behandelen. Mir brauchen awer elo net driwwer ze diskutéieren, ob en neien Text muss kommen oder net.

(Interruption)

Mä et läit eng Proposition de loi vir. Déi kann ee jo awer dann akzeptéieren an dann driwwer diskutéieren. Oder geet et hei just drëm, fir da kënnen ze soen: „Et war net der CSV hir Propos, déi ugeholl ginn ass, mä d'Regierung huet een anere Projet gemaach.“? Da wier ech éischer der Meinung, dass et dee Wee ass, deen d'Regierung wëllt goen.

An da sinn ech och gespaant, am September, wann d'Schoul ugeet - mir sinn eis jo allegueren eens, an dat war eppes, wou och d'Kolleege vun der ADR derbäi waren, dass mer misste méi politesch Bildung an der Schoul maachen -, dass awer dann och net nëmmen iwwert den Institut geschwat gëtt, mä dass dann och dat muss an de Schoulprogrammer opgeholl ginn. An dass iwwert déi Programmer muss kloer an däitlech diskutéiert ginn an dass dat kloer muss op den Dësch kommen, wat dann do elo enseignéiert gëtt, fir eis Jugendléich mat anzubannen an d'politescht Geschäft, fir dass se och déi Erfahrung kréien, déi se brauchen, fir am politesche Geschäft kënnen matzemaachen.

An do war och belächelt ginn am Débat iwwert den État de la nation hei vum Statsminister, wéi mer gesot hunn, da misst een och iwwert d'Fërderung vun de Kanner- an de Jugendgemengeréit schwätzen. Do huet e gesot, dat war eng Spillsaach. Also ech gesinn et net als Spillsaach un! Mä dass déi Kannergemengeréit an déi Jugendgemengeréit, déi et schon a jett Gemenge ginn, dass dat och muss gefërder ginn an dass do och Initiative muss geholl gi vum Innenminister, fir ze soen, dass an deene Gemengen, wou nach näischt ass, dass och do eppes muss geschéien.

An dann e leschte Saz, Dir Dammen an Dir Hären. Ech sinn der Meinung, dass ee sech de Referendum hei hätt kënnen op déi doten Aart a Weis spueren. Et kann een d'Vollek froen ëm seng Meinung, et soll een dat och maachen a regelméisseg Ofstänn. Mä wann ee Fro stellt, déi net kloer definéiert sinn, déi net ausgedäitscht sinn, wéi herno genau den Text op den Dësch kënn, dann ass dat de falsche Wee! Da mécht een Onmutt an der Gesellschaft.

An et ass elo wichteg, dass mer zesammen op d'Gesellschaft duerginn, dass mer mat deene Leit diskutéieren. Well hei hunn d'Lëtzebuurger net zu 80% gesot, mir si géint eis auslännesch Matbierger, mä d'Lëtzebuurger hunn zu 80% gesot, mir sinn net averstane mat deem Wee, deen dës Regierung an deem dote Punkt amgang ass ze goen.

An déi Aussoen, déi vun de Meinungsfuerschungsinstituter gemaach gi sinn, déi selwer soen, si sinn iwwerrascht vun deene risegen Ofschwankungen (veuillez lire: Ofweichungen), déi si festgestallt hunn tëschent deem, wat si an Ëmfroen nach d'lescht Woch gemaach (veuillez lire: erausfonnt) hunn, a wat herno leschte Sonndeg erauskomm ass, da muss ech lech soen, Dir Hären an Damme vun der Regierung, Här President, da muss ech hinne soen, dass et awer och ganz komesch ass, well si sinn net nëmmen eleng ofgestrooft ginn - esou nennen ech dat - op deenen dräi Froen, mä d'Lëtzebuurger sinn net méi averstane mat deem Wee, deen d'Regierung amgang ass ze goen.

D'Lëtzebuurger sinn net méi averstane mat deem Modell, wou si haut wëlle vun haut op muer alles dat an den Eck geheien, wat Jorzéngten hei vu Generationen opgebaut ginn ass. An dat ass mat d'Resultat vun deem Referendum vum leschte Sonndeg. An hei géllt et elo Neel mat Käpp ze maachen am Intérêt vum Land.

(Brouhaha)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Spautz. Ech mengen, ech hunn d'Ennerbriechunge korrekt berechent gehat. Mir sinn domat um Enn vun der allgemenger Diskussioun an d'Wuert huet elo direkt de Premier- a Statsminister, den Här Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Merci, Här President. Dass mer eis allegueren eens sinn: De Wieler huet sech e Sonndeg kloer ausgeschwat. Et war e kloer Vote iwwert dräi Froen an et waren der just dräi an et hätten der kënn méi sinn. Déi Lénk hu Propositionen gemaach. Ech muss awer just drun erënneren, Här President, dass vun deenen aneren Oppositionsparteie keng Propositionen gemaach gi sinn!

Mir hunn d'Meenunge vun de Wielerinnen a vun de Wieler gefrot an de Vote ass eendäiteg. A mir huelen dat zur Kenntnis a selbstverständlech respektéiere mir dat och. Mir hunn de Message verstan. Et war en däitleche Message. Et war en Zeeche vun de Wieler zu wichtige Froen vun eisem Zesummeliewen.

Mir hunn eis Proposen zum Vote gestallt an déi Propose sinn net ugeholl ginn. Dat akzeptéiere mer ouni iergendeppes wëllen hei schéinzerieden. Den Detail an déi genee Hantergrënn vun deem Vote sinn ze analyséieren, och wann hei verschidde Leit hir Interpretatioun vun der Analys scho maachen.

Eppes ass awer ganz kloer, Här President: Et gouf hei e kloer Message, mä et ass kee Message, deen dem Land schuet, esou wéi verschidde Leit hei probéieren, dat duerzestellen,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ...oder deen eis an e schlecht Liicht stellt.

An ech wëll do just e Beispill ginn, well ech Notte jo kréien. Et si jo verschidde Leit, déi schon an der Regierung waren an der CSV, an do kritt een Notte vun den Ambassaden, an ech erlabe mer, just eng vun haut ze zitieren: «La votation sur les trois questions au référendum du 7 juin est largement passée inaperçue dans les médias et donc par l'opinion publique, même intéressée.»

► **Une voix.** - Gott sei Dank!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - «Ainsi le Ministre des Affaires étrangères que j'ai rencontré hier l'après-midi n'en était visiblement pas au courant.»

(Brouhaha)

Dir gesitt, Här President, wann een dann Argumenter huet, da kritt een direkt gesot, dass se net stëmmen. Hei gëtt behaupt, duerch d'ganz Welt wier Lëtzebuerg duerch de Kaka gezu ginn.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech liesen hei just eng Note vir an ech wëll virun allem op all déi Artikelen opmierksam maachen, an der ganzer Welt an a ganz Europa, déi gesot hunn, dass dës Regierung de Courage hat, Froen ze stellen, déi a ganz ville Länner Tabuthemae sinn. Dat ass dat, wat an de meeschten Zeitunge kënn. Et steet néierens, d'Land wier zerspléckt. Et steet néierens, d'Demokratie wier um Buedem. Et steet néierens, mir wiere virun engem Zivillkrich. Et steet iwwerall: Si haten de Courage, d'Land wëllen ze moderniséieren. Si hate probéiert, verschidde Reformen duerchzekeréien, mä déi net duerchkomm sinn.

Dat ass de Message, deen duerchkomm ass, an néierens, dass hei e Land zerspléckt wier.

Ech sinn...

(Brouhaha général)

Wësst Der, Här President, mir sinn eng Demokratie, an dës Majoritéit hëllt dat och eescht. A wann ech dann héieren, mir hätten hei jo riets-extrem Parteien, déi elo géife kommen. Ech wëll just soen, dass a Frankräich ni e Referendum gefrot ginn ass iwwer eng Participatioun vun iergendengem Bierger, an de Front National bei de leschten Europawahle 25,4% vun de Wahle gemaach huet. An Eisträich ass ni e Referendum gemaach ginn, ob d'Leit sollte matwilen, déi net den eisträichesche Pass hunn: D'FP huet 27,1% gemaach.

Ech sinn houfreg - ech sinn houfreg! -, dass mer hei eng Chamber hunn, an där keng Vertrieeder vun extremriete Parteien sinn, well mer et fäerdgebréngen, iwwer verschidde Sujeten ze schwätzen. A wann ee mengt, dass en Dckel iwwer verschidde Sujeten et géif erlaben, dass dann néierens e Problem kéint

entstoen, gesitt Der d'Resultater elo mat de Resultater vun extremriete Parteien an aneren europäesche Länner.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Jo, Här President, et war - an ech muss och soen, dass ech hei net bereien, dass mer e Referendum organiséiert hunn - richtig a wichteg, e Referendum ze maachen. Mir stinn zu der Iddi vun enger participativer Demokratie, an de Vote vun de Sonndeg ass en Optrag, deen d'Chamber eis ginn huet. Et ass den Optrag elo vum Wieler, fir d'Verfassungsreform ze maachen an déi Elementer, déi am Referendum zum Vote stoungen, dobäi op der Säit ze loossen.

Hei gëtt elo gesot, dat wier en Désaveu vun enger Regierung. Ech muss lech soen, dass déi 80% vu Wieler oder déi 20% vun deenen anere Wieler et net akzeptéieren, wann heibannen eng Partei sech dee Vote wëllt accaparéieren. Déi 80% sinn net 80% CSV an ADR an déi 20% sinn net d'Wieler...

(Brouhaha général et exclamations)

...vun der LSAP, vun deene Gréngen a vun der DP, Här President.

Déi Leit, déi Leit, déi Leit...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also, dat huet och kee gesot, Här Bettel!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Déi Leit hunn en âme et conscience...

(Brouhaha général et exclamations)

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Lamentabel, dat do!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Déi Nervositéit, Här President, beweist...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir sinn net nervös, Här Bettel! Mir sinn net nervös!

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Neen, et ass eng Roserei iwwert dat, wat Dir hei sot!

(Brouhaha général)

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech wëll just soen...

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Et ass ganz schlemm, dat do! Fir e Statsminister! E soll sech schummen!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Hei gëtt gesot, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, bis elo sinn déi Diskussiounen...

(Brouhaha général)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat ass absolut richtigeg.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech wëll just soen, Här President, hei no deem Demokratieexercice, dee mer dese Sonndeg haten, kréie mer gesot, dass d'Land a Schierbele wier. Dat ass gesot gi vum Fraktiounscheef vun der CSV. Fir mech ass d'Demokratie net a Schierbelen...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech hunn net gesot, datt d'Land a Schierbele wier. Ech hat gesot, Dir hätt e Koup Schierbele provoziert.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ma dann, Demokratie ass fir mech och kee Koup Schierbelen, Här President. Ech soen et nach eng Kéier: Dat heiten ass e wichtige Exercice...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Gitt emol eng Kéier bei d'Leit eraus, dann héiert Der, wat do geschitt!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - An ech wier frou, Här President, wann den Här Wiseler oder den Här Spautz an den Här Wolter, deen elo gläich e Schlag heibanne wäert maachen,...

(Exclamations)

...awer eis kéinte soen...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, et ass indigne, wéi den Här Wolter sech behëlt!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, wann den Här Spautz oder den Här Wiseler wëssen, well den Här Spautz selwer jo Irland zitiiert huet, Här President... Den 22. Mee wor jo e Referendum an Irland, Här President. Ech weess net, ob den Här Spautz oder den Här Wiseler dat wëssen. Wësst Der, dass e Referendum an Irland war?

(Brouhaha général)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här Bettel, ech weess, dass e Referendum an Irland war. Ech weess dat! Wat ass dat do fir eng Fro!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Firwat déi Fro kënn, Här President: Well jiddweree schwätzt jo vun där enger Fro...

(Brouhaha général)

Här President, jiddweree schwätzt vun enger Fro. Ech wëll lech just soen, dass an Irland den 22. Mee och eng zweet Verfassungsfro war. Déi meescht heibanne wëssen et net.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et war vu 35 Joer op 21 Joer vum President erof, just fir lech ze weisen, datt mer d'Saachen och wëssen.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - De Vote vu 35 op 21...

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, Kolleeginnen a Kolleegen,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - An ech soen lech, datt och nach eng drétt an der Diskussioun war an Irland, déi net gestallt ginn ass, an dat wor déi vun 18 op 16 erof. Déi war och nach bei hinne um Ordre du jour.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Wiseler, mir hunn eis bis elo dru gehalen! Mir hunn eis bis elo dru gehalen.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Dat ass awer net eis Schold, dat do. Dat ass awer provoziert vum Statsminister.

(Interruption par M. Claude Wiseler)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift! Wann ech gelift! Mir hunn eis bis elo dru gehalen, wann eng Reaktioun fälleg war zu engem Riedner, dass mer eis zu Wuert gemellt hunn. A bis elo an deem ganzen Débat huet jiddwereen, dee wollt intervenéieren oder dertëscht eng Präzisioun ginn, deen huet dat Wuert kritt.

Ech bieden lech just drëm, dass mer dobäi bleiwen. Dat géllt selbstverständlech och fir d'Ried vum Statsminister. Wa vum Statsminister eppes gesot gëtt, wat deem engen oder aneren heibannen net gefält, ginn ech dovun aus, dass de Statsminister och domat d'accord ass, wann eng Zwëschefro oder eng Zwëschebemierkung gemaach gëtt.

Bis elo ass déi Diskussioun hei offensiv, mä fair gefouert ginn. An ech wënsche mer, dass mer dobäi bleiwen. A wann ech gelift, jiddwereen, deen d'Wuert gär hätt, kritt et, mä weist wann ech gelift de Fanger oder mell sech a steet dann, esou wéi dat hei am Haus übblech ass, op!

Villmools Merci.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Voilà! Merci, Här President.

Just zu Irland, well ech Irland zitiiert hunn. An Irland wor den 22. Mee e Referendum, Här President, wou gefrot ginn ass, ob de Wahlalter, fir President kënnen ze ginn, vu 35 kéint op 21 Joer erofgesat ginn. Et sinn 73,06% vun den Iränner, déi Nee gesot hunn.

Ech hunn net matkritt, dass iergendeen an Irland dem Enda Kenny, dee Member ass vun der Europäescher Vollekspartei, seng Demisioun gefrot huet. Hunn ech net matkritt! Dat heescht, dass an deene Länner, wou awer e Referendum organiséiert gëtt, wou bal dräi Véierel vun de Leit Nee soen, doduerjer net gesot gëtt, dass Konsequenze muss gezu ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Spautz respektiv den Här Wiseler. Wie soll ech virhuelen?

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Ech wollt den Här Premierminister froen, en huet elo Irland zitiiert. Ech wëll lech just soen, a Schottland, ech huele jo un, dass Der dat wësst, oder stellen ech lech léiwer d'Fro: Wësst Der, dass a Schottland, wéi e Referendum schifgaangen ass, dass de Premierminister vu Schottland zréckgetrueden ass? En hat dat och net ugekënneg am Virfeld. Mä en hat de Courage, herno ze soen: Wann ech falschleien an de Leit eng falsch Propos maachen, da ginn ech och duerno menger Wee. An dat ass de Verglach. Wësst Der dat?

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här Spautz, ech soen lech, en hat virum Referendum och esou Saachen ugekënneg. Ech hunn dës le départ gesot, dass dese Referendum... Ech fannen, elo hei déi Diskussioun iwwert de Referendum ze hunn, Här President, mir sinn op enger Schinn, wa mer elo amgang sinn ze diskutéieren, ob e Referendum eng Responsabilitéit vun enger Regierung mat sech bréngt oder net: Ech muss lech soen,



dass de Wieler de leschte Sonndeg net fir oder géint ee war. An d'Sonndagë soen, dass jo e ganz gerénge Prozentsaz wierklech wëllt d'Regierung sanktionéieren. Dat gesäit ee jo och an den Zuelen. Ech mengen, et si 6, 7 oder 8% vun deenen 80%, déi och Nee gestëmmt hunn, déi soen, just well se dës Regierung wollten eng Rout Kaart weisen.

Duerfir, ech froe wierklech, wa mer wëllen e Referendum...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech loosse e säi Raisonement fäerdeg maachen.

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- ...als Demokratiespropos hei hunn, dass d'Leit och matschwätzen.

